



Chambre des Députés

L U X E M B O U R G

COMPTÉ RENDU DES SÉANCES PUBLIQUES N°12
SESSION ORDINAIRE 2008-2009

37^e séance, mardi 24 mars 2009
38^e séance, mercredi 25 mars 2009

► „Mir hunn nom beschte Wëssen a Gewësse gehandelt“

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn haut fir d'Lescht an dësem Sall an an dëser Kompositioun zesummen. Déi nächst Chamber, déi no de Wahle vum 7. Juni zesummekënnt, wäert, egal wéi de Verdikt vum Wieler ass, en anert Gesiicht, wéinstens zum Deel, hunn.

Enger Rei vu Kolleegen, deene soe mer haut awuer hei, net well mer wéissten oder géifen denken, dass se net géifen erëmgewielt ginn, mä well se selwer decidéiert hunn, net méi mat an d'Wahlen ze goen. Ech ka mer virstellen, dass dëst fir si e ganz bewegende Moment ass, déi lescht Minutten, wou se hei an der Lëtzebuurger Chamber siégieren.

Mir soe fir d'éischt emol provisoiresch zwee Kolleegen äddi, déi scho laang hei sinn, déi d'nationalpolitesch Bühn verloossen, well et se op Stroosbuerg zitt.

Et ass dat fir d'éischt de Jos Scheuer. Ee Mann, deen elo bal 25 Joer an dëser Chamber ass, dee mech méi wéi eng Kéier heiuewe vertrauden huet an net nëmmen heiuewen oder och huet misse verrieden. Hien huet dat ëmmer zu eiser vollster Zefriddenheet gemaach.

Mä de fréiere Buergermeeschter vun Iechternach a Professer huet während engem Véirelsjorhonnert an dësem Parlament a ville Beräicher seng Kompetenz ënner Bewäis gestallt. An dat virun allem natierlech an deene Beräicher, déi him nolouchen. Dat war d'Schoul- an d'Beruffsausbildung. D'Reform vum Schoulschulgesetz war ee vun de leschte groussen Dossieren, déi de Jos Scheuer hei an der Chamber gemaach huet. En Dossier, deen e mat Kompetenz, Engagement, mä virun allem mat vill Begeescherung zu engem gudden Enn gefouert huet. Ech ka mer seng Satisfaktioun virstellen, dass dat esou gegléckt ass.

Mir wäerten de Vizepresident Jos Scheuer heibanne vermessen a mir wënschen him vill Succès bei sengen europäeschen Ambitiounen.

Déiselwecht europäesch Ambitiounen, déi huet de Charles Goerens a wäert dofir der nächster Chamber net méi ugehieren. Aussepolitik, an dobäi virun allem Europa- a Kooperatiounspolitik stounge bei him während deenen 20 Joer, wou en hei am Haus war, op der éischer Agenda, gradesou wéi d'Uleisse vum der Landwirtschaft, vun der Ëmwelt. Alles Beräicher, an deenen hie seng Kompetenz ënner Bewäis gestallt huet.

De Charles Goerens - mir wëssen - ass e leidenschaftlechen Europäer. An dofir wäert hie seng Saach an Europa gutt maachen. Well ech hu kee Grond drun ze zweifelen, dass de Wieler hien an Europa schéckt. Fënnf aner Kolleegen zéien haut



Ried vum President zum Ofschloss vun der Legislatur

e Schlusstréch ënner eng Etapp vun hirem Liewen, eng méi oder manner laang Aktivitéit an dësem Haus.

Fir d'éischt de Jean-Pierre Koepf, den Doyen hei aus dem Parlament. E ganz léiwe Mënsch, deen an dësem Joer, an dësem Abrëll seng 75 Joer gefeiert huet. Hie war 20 Joer hei an der Chamber. Hien ass e ganz diskrete Mënsch. Hien huet heibannen ni déi grouss Téin ugeschloen, mä en huet sech ëmmer zu Wuert gemellt, wann et drëm gaang ass, fir d'Uleissen an d'Suerge vun de Mënschen dobaussen am Land, well e war ganz no. Säin Ouer war bei de Mënschen a bei de Suerge vum Alldag vun hinnen. Hien huet sech zu Wuert gemellt, wann en dat fir noutwendeg emfonnt huet. Hien huet eng gutt Roll fir d'Leit an dësem Parlament gespillt. Dofir wënsche mer him eng schéi Pensioun a vill Spaass bei sengen Hobbyen.

Een aneren, deen eis no 20 Joer verléisst, ass de Marcel Glesener. Jo, de Marcel Glesener huet zwee Häerzer: eent, wat fir d'Gewerkschaftswelt schléit a geschloen huet, an eent fir d'Politik. Als Politiker wollt de Gewerkschaftler Glesener d'Fuerderungen a gesellschaftspolitesch Virstellungen vun de Gewerkschaften an der Politik ëmsetzen; wat net ëmmer ouni Kompromësser ze realiséiere war. Mä ech muss soen, hien hat gewéinlech eng gutt Hand bei

dem Organiséiere vu Kompromësser.

De Mindestloun, d'Renten an d'Pensiounen, d'PAN-Gesetz, d'Fleegeversécherung, d'Reform vum Kollektivvertragsgesetz, Eenheitsstatut: Dat sinn nëmmen e puer vun den Etappen op dem politesche Wee vum Marcel Glesener, e Gewerkschaftler a Politiker, dee sech ëm d'Mënsche verdéngt gemaach huet. Dofir: Merci, Här Glesener, an all Guddes!

Een anere Kolleeg, deen d'Chamber verléisst, den Noper vum Marcel Glesener hei an der Chamber, de Fred Sunnen, de fréiere Buergermeeschter vu Suessem, huet sech virop fir modern Südgemengen agesat. Virun allem d'Industriebröche louchen him um Häerz a waren eng richteg Erausforderung fir hien. Als Éierendirekter vum Lycée technique vu Bouneweg war en u Bildung an un Erzéiung interesséiert; wichteg Piliere, wou e sech ëmmer zu Wuert gemellt huet, grad wéi wat och d'ganz Problematik Uni Lëtzebuerg ubelaangt.

Dofir, Merci fir deen Asaz an all deene Beräicher, wou Der aktiv waart, Här Sunnen, an all Guddes fir d'Pensioun!

De Marcel Sauber verléisst d'Chamber och. Vum Fëschmaart iwuer Walfer op de Krautmaart, esou kënnt ee sech seng Carrière

résuméieren. 18 Joer laang war e Member vum Statsrot, dovunner zwee Joer President. An dat huet seng Spuren hannerlooss. Och seng Erfahrungen als Buergermeeschter vu Walfer, als Direkter vun der Fédération des Artisans a säi Mandat am Conseil économique et social hu seng Aarbecht hei an der Chamber geprägt. Eis beschte Wënsch begleeden de Marcel Sauber a senger Pensioun.

An da schlussendlech dee Fënnfeten am Bond: de John Castegnaro. Hie war nëmmen eng Legislatur hei an der Chamber, mä hien huet während deene fënnf Joer seng Aarbecht als Parlamentarier mat darselwechter Energie, mat darselwechter Iwwerzeugung a mat darselwechter Kompetenz gemaach, wéi e virdru während Jorzéngte sech als Gewerkschaftspräsident engagéiert huet.

Wie seng engagéiert Ried virdrun nogelauschert huet, deen huet e bësse gespuert, dass... Ech hat d'Impressioun, wéi wann et e bëssen e politescht Testament wär, wat en hei hannerluecht huet. Neen, et ass eng Ried, an déi mer nach heiansdo kënne puiséiere goen an deene kritischesen Zäiten, déi op eis duerkommen.

De John Castegnaro, dat war e Liewen am Asaz fir déi aner, an der Responsabilitéit fir d'Cause publique am Allgemengen. Ech wëll him mäi Respekt a mäi Merci ausdrécken an him soen: Hien huet sech grad wéi déi aner verdéngt gemaach ëm eist Land.

Eis beschte Wënsch, léif Frënn, begleeden alleguerten déi siwe Kolleegen, déi an der nächster Chamber net méi derbäi sinn.

Mir hunn am Laf vun dëser Legislatur scho sechs Kolleegen awuer gesot. Ech wëll se just kuerz op dëser Plaz ernimmen. Et war de Niki Bettendorf, ganz laang an der Chamber, de François Maroldt, den Emile Calmes, den Henri Grethen, d'Marie-Thérèse Gantenbein an de Patrick Santer. Si alleguerten hunn, deen een op déi eng, deen aneren op déi aner Manéier, hir Spuren hei hannerlooss. Och hinne wënsche mer op hirem weidere Liewensparcours all Guddes.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Legislaturperiod 2004-2009 geet op en Enn. Mir hunn eis Aarbecht gemaach, oder wéinstens versicht se no beschem Wëssen a Gewëssen ze maachen: am Ufank vun der Legislaturperiod an der Lëtzebuurger Présidence vun der Europäescher Unioun, bis elo zum Schluss duerch eist Beméies, souwuel eisen eegene Bäitrag a puncto Wirtschafts- a Finanzkris ze leeschte wéi duerch déi parlamentaresch Begleedung vun den Initiative vun der Regierung.

Zwëschenuewerch iwwert déi fënnf Joer résuméiert sech eis

DANS CE NUMÉRO

Future stratégie de la compagnie aérienne nationale p. 426

Création du Centre Hospitalier du Nord p. 435

Politique de coopération et d'action humanitaire

• Déclaration p. 439

• Débat p. 441

Sommaire des séances publiques N°s 37 et 38 p. 464

Sommaire des questions parlementaires p. Q146

Aarbecht - wann Der mer dat erlaabt - an dräi oder véier Zuelen:

2.577-mol sinn d'Deputéierten a Kommissiounssitzungen zesummekomm, wou déi eigentlech parlamentaresch Aarbecht sech jo ofspillt. Mir hunn 260 öffentlech Sitzunge gehat. Et si 496 Projets de loi gestëmmt ginn, 38 Propositions de loi déposiert, 16 Propositions de révision vun der Verfassung déposiert ginn; dovunner goufen der zéng gestëmmt. Mir hu 77 Debatte gefouert, a 56 Heures d'actualité, während deene mer iwwert d'Problemer an d'Défien, déi sech dem Land stellen, geschwat hunn.

D'Schoulreform, de Statut unique, de Pacte Logement, d'Euthanasiegesetz, d'duebel Nationalitéit, dat neit Immigratiounsgesetz, d'Ännerunge vun der Verfassung: Et sinn dat nëmmen e puer vun de Schwéierpunkter vun där Legislaturperiod, déi elo op en Enn geet.

D'Chamber ass och hirer Kontrollfunktions vis-à-vis vun der Regierung gerecht ginn. Dat an deenen zoustännige Chamberskommissiounen, mä awer och duerch net manner wéi 3.335 parlamentaresch Ufroen.

Erlaabt mer awer och nach, op e puer spezifesche Momenter vun dëser Period anzegoen.

Ech wëll erënneren un dee feierleche Moment wéi de Grand-Duc no de leschte Wahlen an enger ganz wüerdiger Zeremonie hei d'Chamber opgemaach huet.

Et goufen duerno manner schéi Momenter, wéi mer un déi Leit geduecht hunn, déi dësem Haus nostoungen, déi an dësem Haus waren, mä déi eis verlooss hunn. Dat war d'Nelly Stein an dat war de Marc Zanussi. Ech erënneren un d'Trauerfeierlechkeeten, wéi d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte gestuerwen ass, an och un déi fir den Éierstatsminister Gaston Thorn.

(Fortsetzung op Sait 2)

(Fortsetzung vu Sait 1)

Mir haten historesch Momenter mat dem Referendum iwwert déi Europäesch Verfassung a mat dem Engagement, deem aussergewéinlechen Engagement vun der Chamber am Kader vun dësem Referendum. En Engagement, an deem d'Chamber ganz nei Weeër gaangen ass.

D'Parlament huet seng international Verflechtung wouergeholl während dës fënnf Joer. Mir hate Besuch vun allen héijen europäesche Politiker, vum Kommissionspräsident iwwer eng ganz Rei vu Kommissären. Mir hu Besuch gehat vu Parlamentspräsidenten, Premierministere, Ministere, Ausseministere aus der ganzen Welt, déi mer hei an der Chamber empfaangen hunn.

Mir hunn och eis Aufgabe gemaach. Mir waren a China. Mir waren an der Mongolei, a Bulgarien, a Malta, an Däitschland an op villen anere Plazen. Ech mengen, mir hätten eis Aarbecht och op deem Niveau op eng korrekt Aart a Weis gemaach.

Erlaabt mer zum Schluss e puer Wuert vu Merci ze adresséieren, fir d'éischt un d'Personal hei vun der Chamber mat un der Spëtzt dem Generalsekretär Claude Frieseisen, mat den Adjoints, der Madame Barra an dem Benoît Reiter.

Ech wëll am Numm vun Iech alleguerten hinnen a fir si stellvertriedend dem ganze Personal vun der Chamber e wierklech häerzlechen a waarme Merci soe fir vill a gutt Aarbecht während dës Joren. En onermiddlechen Asaz, deen eis alleguerten et vill méi einfach gemaach huet, eis Aarbecht ze maachen.

Merci un d'Mataarbechter vun de Fraktiounen, déi et net ëmmer einfach mat eis alleguerten hunn; un déi parlamentaresch Press, déi ons hëlleft, d'Aktivitéite vun der Chamber no baussen ze bréngen; d'Sécherheetspersonal, an net zulescht, Här Minister, un d'Regierung fir hir Zesummenaarbecht, fir d'Disponibilitéit.

Mir hunn heiansdo matene gestriden, awer ëmmer gestriden am gudde Sënn. An ech mengen, wa mer ënnert dem Stréch de Bilan maachen: D'Zesummenaarbecht an d'Zesummespill téschent Parlament a Regierung, dat huet gutt geklappt an deene fënnf Joer. Och dofir der Regierung de Merci!

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn den nächste 7. Juni Rendez-vous mam Wieler. Et ass dee grouse Rendez-vous an där klenger Lëtzebuurger Demokratie vum Land a senger Leit mat de Politiker. An et ass ee Rendez-vous, dee stattfënt an engem Moment, an deem eist Land, an doriwwer eraus Europa an d'ganz Welt, an enger Situatioun ass, wéi se bis elo

kee vun eis alleguerten heibanne kann huet, materliert huet, an déi meeschte Wieler, déi de 7. Juni wile ginn, och net.

D'Mënschen dobausse sinn zum Deel veronsécher. A si erwaarde vun der Politik weder Sträit nach Polemik an och keng Scholdzouweisung. Mä si erwaarden, an dat zu Recht, dass mer déi Weeër a Pisten opzezeichnen, vun deene mer kënnen unhuelen, dass se d'Land a seng Mënschen ouni ze vill Schrëpsen an ouni ze vill Blessuren aus der Kris erausféieren.

D'Chamber an iwwer si eraus d'Politik am Allgemengen hunn - an ech wëll dat ënnersträichen; esou emfannen ech dat wéinstens - an deene leschte Méint a Wochen, zënter dem Ausbau vun der Kris eng aussergewéinlech responsabel Haltung un den Dag geluecht. Net de Sträit, net déi zougespëtzen Auseinandersetzungen téschent de Parteie stoungen op der Agenda, mä et war op alle politesche Borden, bei aller natierlecher Differenz, déi et gëtt, a speziell an engem Wahlkampf, d'Suerg ëm d'Wuel vum Land a senger Mënschen, déi am Vierdergrond stoung a steet.

Dat war gutt esou; dat ass richtig esou; dat spieren d'Mënschen dobaussen och esou, an dat huet der Kredibilitéit vun der Politik an deene leschte Wochen a Méint richtig gutt gedoen. Dofir ass mäin Appel un eis alleguerten, an deene

leschten dräi Woche virun de Wahlen, bei allen natierlechen Divergenzen a bei den Noutwendegkeete vun engem Wahlkampf, déi Serenitéit bäizebehalen, déi mer an deene leschte Méint ënner Bewäis gestallt hunn an déi den Eescht vun der Situatioun verlaangt.

Ofschléissend wënschen ech jiddwerengem vun Iech alleguerten an doriwwer eraus Äre Kolleegen op de Lëscht vill Asaz, vill Ausdauer a vill Iwwerzeugungskraaft an deene leschte 25 Deeg, déi bleiwe bis zu de Wahlen, an doriwwer eraus all deenen, déi bei dës Wahle wäerte gewielt ginn, elo am Virauer schonn eng glécklech Hand an dësem Haus.

Ech soen Iech Merci, an ech schléissen domadder déi lescht Sitzung vun dëser Legislaturperiod 2004-2009.

» M. François Biltgen, *Ministre du Travail et de l'Emploi*. - Merci, Här President. Am Numm vun der Regierung wëll ech Iech, Här President, an de 60 Kolleeginnen a Kolleeg Merci soe fir déi Aarbecht, déi an deene fënnf Joer geleescht gouf. Jiddwereen huet hei versicht, säi Bescht ze ginn, ob Majoritéit oder Opposition.

Vill vun deenen Diskussiounen, déi hei waren, hunn zu gudde Resultater gefouert. A grad wéi Dir wëll ech dorop hiweisen, wéi mer et an deene leschte Woche fäerdeg bruecht hunn, op alle Bänken ze kucke séier a gutt ze schaffen. Jidd-

were wär vläicht elo léiwer nach am Wahlkampf, mä jiddweree war hei bereet, nach eng Woch drunzehänken, fir gutt Gesetze ze maache fir Land a Leit. Ech mengen, dat soll woen. Jiddwereen heibannen huet dee Mérite.

An Iech, Här President, och Merci fir déi Aart a Weis, wéi Der dës Chamber gefouert hutt. Dir waart den Här vun der Zäit, de Meeschter vun der Auer. Wéi mer op Lëtzebuergesch soen: Dir waart streng, mä gerecht. Ech hunn Iech oft als streng emfonnt.

Elo mat engem gewëssene Recul soen ech: Hie war awer gerecht. An ech mengen, och Iech ass ze verdanken, dass mer an dëser Chamber heiansdo emol méi hëtzege waren, mä meeschtens gutt a fruchtbar Diskussiounen haten. Dofir och Iech an all Äre Mataarbechter villmools Merci fir Äre Aarbecht. Dir hutt och e grouse Mérite, fir dass mer gutt zesumme-geschafft hunn.

An all deene Kolleegen, déi op-halen: bonne Chance! An deene Kolleegen, déi, wei ech, nach eng Kéier probéieren erëm derbäi ze sinn: och bonne Chance! Ech wäert jiddweree vermessen, deen net méi wäert derbäi sinn.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Bonne Chance Iech alleguerten!

➤ Visite officielle de Mme Gerdi A. Verbeet



La Présidente de la Chambre des Représentants des Pays-Bas, Mme Gerdi A. Verbeet, reçue par le Président de la Chambre des Députés, M. Lucien Weiler.

«L'Union européenne est et restera la meilleure enceinte pour sauvegarder les intérêts des petits pays.»

Face aux crises économique et financière et à une économie mondialisée, la coopération et la solidarité de tous au sein d'une Union européenne restent la meilleure réponse au risque qu'encourent les petits pays. Voilà en résumé la conclusion que le Président de la Chambre des Députés, M. Lucien Weiler, et la Présidente de la Chambre des Représentants des Pays-Bas, Mme Gerdi A. Verbeet, ont tirée de leur entretien bilatéral le 28 mai 2009.

Les discussions des deux présidents étaient centrées sur la crise économique et financière et le rôle que peuvent jouer les parlements nationaux dans des crises

d'envergure. À l'approche des élections européennes du 7 juin prochain, les présidents ont également abordé l'enjeu des élections européennes et la nécessité pour l'Union européenne de sauvegarder la cohésion par le biais de la méthode communautaire.

Les deux présidents ont par ailleurs critiqué fermement toute tendance protectionniste au sein de l'Union.

Les Pays-Bas et le Luxembourg entretiennent depuis des siècles des relations exceptionnelles documentées par ailleurs par des liens historiques et monarchiques que les visites réciproques ont contribué à approfondir. Cette confiance mutuelle se matérialise notamment dans des échanges économiques et culturels soutenus. Les Pays-Bas assurent également la re-

présentation diplomatique du Luxembourg dans beaucoup de pays.

La première journée de la visite de travail de Mme Verbeet était très chargée. En effet, mis à part l'accueil et l'entretien avec M. Lucien Weiler, la Présidente de la Deuxième Chambre des Pays-Bas a eu une entrevue avec le Bureau et la Commission des Affaires étrangères et européennes de la Chambre des Députés. Mme Verbeet a encore été reçue par le Grand-Duc, le Premier Ministre et le Ministre des Affaires étrangères.

Le programme du vendredi 29 mai 2009 comprenait entre autres une rencontre avec des jeunes représentant les différentes organisations politiques membres de la Conférence Générale de la Jeunesse Luxembourgeoise (CGJL).

➤ D'Chambre des Métiers net onzefriden

Nodeem d'Parlament e Mëttwoch, den 13. Mee, den Antikrisepak gestëmmt huet, wou eng ganz Rei Mesurë virgesi sinn, fir d'Wirtschaft ze relancéieren, waren déi Responsabel vun der Chambre des Métiers deen Dag drop beim Chamberspräsident Lucien Weiler. De President Roland Kuhn an den Direkter Paul Ensch hunn hir Zefriddenheet ausgedréckt fir dat séiert an züeggt Handele vu Regierung a Parlament.

„Mir sinn net onzefridde mat deem, wat d'Regierung a Saachen Antikris mécht, mä mir brauche weider strukturell Reformen!“, sot de President vun der Chambre des Métiers, Roland Kuhn. D'Handwierk zielt ëm déi 5.000 Entrepreneuren hei am Land, et ass ee vun

de Piliere vun der Lëtzebuurger Ekonomie. Fir sech kënnen weiderzeentwéckelen, muss d'Émfeld op allen Niveaue stëmmen.

Déi öffentlech Investissementer weiderféieren an d'Verwaltungsprozedure vereinfachen, dat sinn dem Direkter Paul Ensch no déi zwee Piliere, op déi déi nächst Regierung muss bauen. Dorop waart d'Handwierk, an do virun allem de Secteur vum Bau, sou nach de Paul Ensch. Et ass wichteg, datt d'Vertrauen erëm hiergestallt gëtt an d'Consummation relancéiert gëtt, fir d'Aarbechtsplazen ze erhalen a fir no der Kris prett ze sinn, fir ze redémarréieren.

De Budget gesäit héich öffentlech Investissementer duerch grouss Chantiere vir. „Dat ass fir de

Secteur vum Bau liewenswichtig“, sou de Roland Kuhn.

De Chamberspräsident Lucien Weiler huet deene Verantwortleche vun der Chambre des Métiers seng Ënnerstützung zougesot. An dës Krisenzäiten, mä och soss géif d'Parlament säi Bescht maachen, fir d'Betriber ze ënnerstëtzen. De Pak vu Mesuren, deen um leschte Sëtzungsdag an der Chamber gestëmmt gouf, soll d'Wirtschaft relancéieren an Aarbechtsplazen erhalen respektiv neier schafen.

De Lucien Weiler huet um Enn zougesécher, datt och no de Wahlen, wann d'Situatioun et géif verlaangen, d'Parlament sech dréngend mat Mesurë kéint befaassen, déi sech géifen imposéieren.



De Chamberspräsident Lucien Weiler huet de President vun der Chambre des Métiers Roland Kuhn an den Direkter Paul Ensch empfang.

➤ Abschluss der luxemburgischen Präsidentschaft des Interregionalen Parlamentarier-Rates

Aus Mangel an Ingenieuren kann der geplante Ausbau der Schleusenkammern auf der Mosel und der Bau weiterer Schleusen lediglich in Abständen von zwei bis zweieinhalb Jahren vorgenommen werden, sodass sich die Arbeiten bis 2030 hinziehen werden. Mit dieser Situation kann sich der Interregionale Parlamentarier-Rat nicht zufrieden geben.

Während der 42. Plenarsitzung am 15. Mai unter dem Vorsitz des luxemburgischen Parlamentspräsidenten Lucien Weiler nahmen die Parlamentarier aus Rheinland-Pfalz, dem Saarland, Luxemburgs, Lothringens, der Region Wallonien, der französischen Gemeinschaft Belgiens und der deutschsprachigen Gemeinschaft Belgiens eine Empfehlung an, die sich für einen zügigeren Ausbau der Mosel als moderner Wasserstraße für den Schiffsverkehr der Zukunft ausspricht. Der IPR wertet den weiteren Ausbau der Mosel als Großschiffahrtsstraße im Herzen Europas insbesondere auch als Beitrag zum nachhaltigen, ökologischen Wirtschaften und zum Klimaschutz.

Erneuerbare Energien

Zum Klimaschutz beitragen sollen auch Maßnahmen, die in einer weiteren Empfehlung des IPR bezüglich der Nutzung erneuerbarer Energien in der Großregion gefordert werden. Diese Empfehlung bildet den Abschluss von zweijährigen Beratungen, die von dem luxemburgischen Abgeordneten Marcel Oberweis geleitet wurden. Die Nutzung qualitativ minderwertigen Holzes für Holzhackschnitzelanlagen, die Verwendung von Biomasse, die Nutzung von Agrokraftstoffen nach den Grundsätzen der Nachhaltigkeit, der Austausch von Erfahrungen über die Anwendungen von Sonnenenergie und Energieeffizienz im Gebäudebereich und gemeinsame Projekte in den Bereichen Windkraft, Fotovoltaik, Geothermik und Biomasse werden von den Parlamentariern der Großregion ebenso angeregt wie die Gründung eines Großregion-Clusters „Universitäten-Forschungszentren-kleinere und mittlere Unternehmen“ im Bereich der Ökotechnologien.

In der Berufsausbildung spricht sich der IPR für eine Harmonisierung der Lehrlingsausbildung zwischen Belgien und Luxemburg und der gemeinsamen Anerkennung von Abschlüssen der schulischen Ausbildung einerseits und der praktischen Ausbildung im Betrieb über die Grenzen hinweg aus. In einer weiteren Empfehlung zur grenzüberschreitenden Zusammenarbeit in der beruflichen Bildung in der Großregion empfiehlt der IPR, eine „Struktur der Mobilität in der Großregion“ zu entwickeln, die es unter anderem erlaubt, die handwerkliche oder berufliche Ausbildung in einer Nachbarregion zu ergänzen, um entweder ein Zusatzzertifikat oder einen gemeinsamen Berufsabschluss zu erlangen.

Zwei weitere Empfehlungen des IPR dienen zur Unterstützung bereits angelaufener Projekte. Die im Namen der luxemburgischen Delegation von Romain Schneider eingebrachte Empfehlung zur Einführung eines Interreg-Projektes im Bereich des Verkehrswesens fordert die Exekutiven der

Großregion auf, die notwendigen Mittel für dieses Projekt des Wirtschafts- und Sozialausschusses der Großregion zur Verfügung zu stellen. Unterstützt wird von den Parlamentariern ebenfalls das Projekt der Regionalkommission Saarlorlux-Rheinland-Pfalz-Wallonien zur internationalen Vernetzung des polizeilichen Opferschutzes.

In den Ausschuss für Umwelt und Landwirtschaft zurückverwiesen wurden zwei Empfehlungsanträge zur Nutzung genveränderter Organismen.

Abschlussbericht des WSAGR

Der Präsident des Wirtschafts- und Sozialausschusses der Großregion, Norbert Geisen, stellte den Abschlussbericht seiner Präsidentschaft vor, der dem 11. Gipfel der Großregion vorgelegt werden wird und durch einen „Bericht zur wirtschaftlichen und sozialen Lage der Großregion“ des Netzwerks der Fachinstitute der Interregionalen Arbeitsmarktbeobachtungsstelle ergänzt wird.

Der IPR ernannte abschließend den Präsidenten des Landtags des Saarlandes Hans Ley zum neuen Präsidenten des IPR mit Wirkung zum 1. Juli 2009.

In seiner Abschlussrede ging der amtierende Präsident Lucien Weiler rückblickend auf die luxemburgische Präsidentschaft ein. Vorrangig wurden Themen behandelt, die die Bürger der Großregion direkt betreffen. Öffentlicher Transport, Schulwesen, Ausbildung, Hochschulbildung und kulturelle Zusammenarbeit in der Großregion berühren den Alltag der Menschen und müssen daher gemeinsam erörtert werden. Lucien Weiler richtete einen Appell an die Partner der Großregion, gerade in Zeiten der wirtschaftlichen Krise an einer gemeinsamen Problemlösung zu arbeiten und sich nicht in einen regionalen Protektionismus zurückzuziehen. An die künftige saarländische Präsidentschaft richtete sich der Wunsch, die Arbeiten des IPR mit dem Dynamismus auszufüllen, der auch bisher schon die saarländische Delegation auszeichnete.

➤ Die luxemburgische Präsidentschaft des IPR im Rückblick

Zu Beginn ihrer 18-monatigen Präsidentschaft des Interregionalen Parlamentarier-Rates, die am 1. Juli 2009 an das Saarland übergehen wird, hatte sich die luxemburgische Delegation fünf Schwerpunkte gesetzt:

1. Landesplanung und Transportinfrastrukturen
2. Zusammenarbeit im Bereich der Kultur und des Sports
3. Bildung und Forschung
4. Umweltschutz und Energiepolitik
5. Gesundheit und Mobilität im Dritten Alter

Jeder dieser Schwerpunkte betrifft den Alltag der Bürger in der Großregion im Allgemeinen und insbesondere der 190.000 Berufsgrenzgänger in der Großregion, von denen rund 144.000 täglich nach Luxemburg einpendeln (laut Bericht zur wirtschaftlichen und sozialen Lage der Großregion 2008/2009 des Netzwerks der Fachinstitute der Interregionalen Arbeitsmarktbeobachtungsstelle). Nicht nur sie, sondern auch Touristen, Studenten und Benutzer der kulturellen Einrichtungen sollen unter bestmöglichen Bedingungen in der Großregion von den jeweiligen Angeboten Gebrauch machen können.

Förderung der Zweisprachigkeit

Der IPR setzt sich seit jeher für die Förderung der Zweisprachigkeit in der Großregion ein und hat dies noch einmal mit einer Empfehlung bekräftigt, die von der 40. Plenarsitzung am 6. Juni 2008 angenommen wurde.

Schwerpunkte dieser Sitzung waren weiterhin die kulturelle Zusammenarbeit über das gemeinsame „Kulturjahr“ 2007 hinaus, die Unterstützung des Pilotprojektes „Deutsch-luxemburgischen Schengen-Lyzeum“ als Modell für weitere grenzüberschreitende Zusammenarbeit im Schulwesen und die Unterstützung der Bemühungen des Wirtschafts- und Sozialrates der Großregion, ein gemeinsames Informations- und Tarifsystem für den öffentlichen Transport aufzubauen.



Die gemeinsame, auch schmerzvolle Vergangenheit und die gemeinsame Sorge um die Zukunft spiegeln sich in der 41. Plenarsitzung am 5. Dezember 2008 in der Annahme zweier Empfehlungen wider.

Die Empfehlung zu einer gemeinsamen Gedenkstättenarbeit wurde auf rheinland-pfälzische Initiative von einer Kommissionssitzung in Hinzert vorbereitet.

Einstimmig sprach sich der IPR gegen ein weiteres Endlager für radioaktive Stoffe in der Großregion aus.

Der Ausbau der Hochgeschwindigkeitslinie „TGV Est“ zwischen Mannheim und Straßburg war ein

weiteres Thema der 41. Plenarsitzung.

Betreuungsstrukturen

Neben der Annahme von Empfehlungen befasste sich das Plenum mit den Berichten der Familienministerin Marie-Josée Jacobs zu den Betreuungsstrukturen für Menschen im Dritten Alter, des Vertreters im Gesundheitsministerium Frank Gansen zu den medizinischen Strukturen in der Großregion und der Vizepräsidentin des Conseil Régional de Lorraine und Präsidentin des Ausschusses für soziale Fragen des IPR, Laurence Demonet, über die Entwicklung der Interregionalen Arbeitsmarktbeobachtungsstelle.

Die äußerst umfangreichen Arbeiten der 42. Plenarsitzung am 15. Mai 2009 waren durch die Themen des Ausbaus der Moselschleusen, der Berufsausbildung und des Opferschutzes geprägt.

Der luxemburgische Abgeordnete Marcel Oberweis, Präsident der Kommission „Umwelt und Landwirtschaft“ des IPR, legte seinen Bericht zur Nutzung der erneuerbaren Energien vor, und eine entsprechende Empfehlung zur Unterstützung gemeinsamer Projekte in den Bereichen Windkraft, Fotovoltaik, Geothermik und Biomasse nach nachhaltigen Kriterien wurde einstimmig angenommen.

Stellungnahmen erwünscht

In seinem Schlusswort dieser letzten Plenarsitzung des IPR unter luxemburgischem Vorsitz erwähnte Kammerpräsident Lucien Weiler auch die Notwendigkeit, von den jeweiligen Regierungen der Großregion eine Rückmeldung darüber zu erhalten, inwieweit die Empfehlungen des IPR umgesetzt wurden. Regelmäßige Stellungnahmen erhält der IPR von den Landesregierungen Rheinland-Pfalz und Saarland sowie von der Regierung der deutschsprachigen Gemeinschaft Belgiens.

Die Empfehlungen des IPR seit dem Jahr 2000 und die Stellungnahmen sind im Internet unter www.cpi-ipr.com einsehbar.

➤ 60. Anniversaire vum Conseil de l'Europe:

„Esou laang wéi e Mënscheliwwen, mä just eng kuerz Episod an der Geschicht“



(vu lénks no riets) Jean Huss, Marcel Glesener, Anne Brasseur, Charles Goerens, Norbert Hauptert. D'Lydie Err feelt op der Foto, well si dee Moment verhënnert war.

De Conseil de l'Europe feiert 60 Joer. „Dat ass just e kuerze Passage an der Geschicht“, sot de President vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarat Lluís María de Puig bei Geleeënheet vun deem Anniversaire. Hien huet awer ze bedenke ginn, dass 60 Joer „bal esou laang si wéi e ganzt Mënscheliwwen“. D'Valeur vum Conseil de l'Europe wär awer nach eemol esou grouss wéi d'anert. „D'Demokratie, d'Mënscherechter an de Rechtsstat si staark, awer fragile Wäerter. Si verlaangen, dass ee sech ëm se këmmert a se schützt.“ Déi Missioun

wär och an Zukunft déi gréisst Erausforderung vum Europarat.

De 60. Gebuertsdag war ee Punkt um Ordre du jour vum zweeten Deel vun der Sessioun 2009 vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarat, déi vum 27. bis den 30. Abrëll zu Stroossbuerg zesumme war. D'Chamber war vertrueden duerch d'Deputéiert Lydie Err, Presidentin, Marcel Glesener, Vizepresident, Charles Goerens, Membre effectif, an Anne Brasseur, Norbert Hauptert a Jean Huss, Membres suppléants vun der Lëtzebuurger Delegation.

Am Laf vun hirer Sëtzungswoch huet d'Assemblée ënner anerem e Rapport iwwer Serbien presentéiert kritt, an deem ënnersicht ginn ass, awéiwäit d'Serben hiren Engagementer an Obligatiounen nokomm sinn. „Et si grouss Fortschreitter gemaach ginn, dat sollt een net verleggen. Et bleift awer och nach villen ze dinn“, sot de Charles Goerens, dee Corapporteur vun der Commission de suivi war, déi sech dem Dossier ugeholl hat.

Déi nächst Plénière vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarat ass vum 22. bis den 26. Juni, nees zu Stroossbuerg.

➤ D'Éducatiounskommissioun besicht d'Primärschoul vu Buerglënster



D'Membere vun der Éducatiounskommissioun hunn d'Buerglënster Primärschoul besicht.

Schoul(en) a Bewegung

D'Primärschoul vu Buerglënster ass eng vun deene fënnf Schoulen aus dem Land, déi zënter dem Schouljoer 2008-2009 um Projet „Écoles en mouvement“ deelhuele. Bei deem Projet geet et dorëm, schonns gewëssen Elementer vun der Reform vum „enseignement fondamental“ an d'Praxis ëmzesetzen. Vum nächste Schouljoer u ginn dann dës Approchen am Kader vun deenen neie Schoulgesetz vum 6. Februar 2009 verallgemengert.

Esou gëtt an der Schoul vu Buerglënster op Basis vun de Kompetenzsockele geschafft, déi fir déi véier Zyklen vum „enseignement fondamental“ opgestallt gi sinn. D'Schüler léieren, hir Kompetenzen ze entwëckelen an esou selbststänneg Problemer unzepaken an ze léisen. Während

deenen zwee Joer, déi all Zyklus dauert, gi si vun enger fester Équipe vun Enseignantë begleet a suivéiert. Hir perséinlech Aarbechte ginn an engem Portfolio gesammelt, deen esou hir Fortschreitter dokumentéiert an zesumme mat der „grille de compétences“ eng nuancéiert Evaluatioun erlaabt.

Fir déi nei Approchen effikass ëmzesetzen, schaffen d'Enseignantë enk an der Équipe zesummen a sinn och a regelméissegem Kontakt mat den Elteren.

Op der Plaz konnten d'Membere vun der „Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle“ sech viru kuerzem heivunner e Bild maachen a sech mat de Responsablen iwwer hir konkret Erfarunge mat deenen neie Methoden ënnerhalen.

➤ Le Parlement Benelux en visite au SIDOR

C'est sous la présidence de M. Xavier Bettel que les membres belges, néerlandais et luxembourgeois de deux commissions du Conseil Interparlementaire Consultatif de Benelux ont effectué une visite d'étude de l'usine d'incinération des déchets du SIDOR sise à Leudelange.

Avec ses 125.000 tonnes de déchets ménagers traités annuellement en provenance des 36 communes des cantons de Luxembourg, Esch-sur-Alzette et Capellen, l'usine accueille les déchets de deux tiers de la population du pays.

Les personnes présentes ont également pu apprécier l'avancement des travaux de la nouvelle installation dont la capacité sera de 150.000 tonnes/an. M. Roger Nigri et M. Marcel Oberweis complétaient la délégation luxembourgeoise.



Chambre
des Députés
LUXEMBOURG

d'Chamber online op
www.chd.lu

Aide aux victimes de traite des êtres humains

5874 - Projet de loi sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile

Le présent projet de loi a pour objet de traiter les volets de la prévention de la traite des êtres humains et de la protection et de l'assistance aux victimes couverts par:

- le Protocole additionnel à la Convention des Nations Unies contre la criminalité transfrontalière organisée visant à prévenir, réprimer et punir la traite des personnes, en particulier des femmes et des enfants, ouvert à signature du 12 au 15 décembre 2000 à Palerme;

- la directive 2004/81/CE du Conseil du 29 avril 2004 relative au titre de séjour délivré aux ressortissants de pays tiers qui sont victimes de la traite des êtres humains ou ont fait l'objet d'une aide à l'immigration clandestine et qui coopèrent avec les autorités compétentes;

- la Convention du Conseil de l'Europe sur la lutte contre la traite des êtres humains, signée à Varsovie le 16 mai 2005.

C'est principalement la Convention du Conseil de l'Europe, centrée sur les droits de la personne humaine et la protection des victimes, qui sert de cadre et de fondement au présent projet de loi. Afin de mettre en œuvre cette convention, qui met l'accent sur l'adoption d'une approche multidisciplinaire et coordonnée alliant prévention, protection des droits humains de la victime et poursuite des trafiquants, la future loi propose essentiellement les éléments-clés suivants:

- l'intervention de services d'assistance aux victimes de la traite des êtres humains dès les premiers contacts de la victime avec la Police;

- des missions et devoirs spécifiques à charge de la Police;

- l'assistance aux victimes qui, selon le besoin et la volonté des victimes, peut être de nature linguistique, sociale, éducative, médicale, thérapeutique, financière ou encore une assistance judiciaire;

- la protection des victimes;

- la collecte de statistiques;

- la coordination des activités menées dans le domaine de la lutte et de la prévention de la traite, l'évaluation de la mise en œuvre de la législation pertinente et le suivi de l'évolution du phénomène de la traite par un comité de suivi.

Dépôt par Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de l'Égalité des Chances, le 22.04.2008

Rapporteuse: Mme Sylvie Andrich-Duval

Travaux de la Commission de la Famille, de l'Égalité des Chances et de la Jeunesse (Présidente: Mme Marie-Josée Frank):

22.09.2008 Désignation d'un rapporteur

Présentation du projet de loi

18.02.2009 Examen de l'avis du Conseil d'État

10.03.2009 Présentation d'adaptations techniques

Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 24.03.2009

Création du CTIE

5912 - Projet de loi portant création du Centre des Technologies de l'Information de l'État

Le projet de loi a pour objet la création du Centre des technologies de l'information de l'État. Ce texte remplace la loi du 29 mars 1974 créant un Centre informatique de l'État.

Les auteurs du projet de loi estiment qu'une révision en profondeur s'impose «non seulement pour des raisons de terminologie, mais plus fondamentalement parce que bon nombre des dispositions législatives existantes ne sont plus d'actualité. En effet, le Centre informatique de l'État tel qu'il fonctionne aujourd'hui repose sur une loi écrite à une époque où l'informatique se limitait à une gestion centralisée de données structurées et l'automatisation de traitements complexes et répétitifs. L'évolution des réseaux de télécommunication, en particulier l'arrivée de l'Internet, a complètement bouleversé le paysage des systèmes d'informations et donc les exigences en matière de métiers et

de services informatiques».

Aux termes de l'exposé des motifs, qui développe de façon exhaustive le rôle prépondérant de l'informatique dans le fonctionnement de l'État, il existe plusieurs raisons primordiales pour légiférer dans le domaine de l'organisation des technologies de l'information de l'État, dans l'intérêt des administrations étatiques, parmi lesquelles il faut citer:

- la redéfinition des attributions du CTIE et des missions à exercer par le Service eLuxembourg;

- la création de structures décisionnelles et organisationnelles capables de remplir les missions et attributions légales;

- la mise en place d'une procédure de coopération entre le CTIE et les administrations publiques.

Enfin, il faut souligner que le CTIE mettra un fort accent sur la sécurité informatique, comprenant explicitement la protection de la vie privée à l'égard du traitement de données à caractère personnel.

Dépôt par M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative, le 05.09.2008

Rapporteur: M. Paul-Henri Meyers

Travaux de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative, des Media et des Communications

(Président: M. Lucien Thiel):

02.03.2009 Désignation d'un rapporteur

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

16.03.2009 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 24.03.2009

Loi du 20 avril 2009.

Mémorial A 2009, N°81, page 962

Centre Hospitalier du Nord

5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»

Le projet de loi opère la fusion des hospices civils Clinique St Louis d'Ettelbruck et Clinique St Joseph de Wiltz au sein d'un nouvel établissement public dénommé «Centre Hospitalier du Nord». Cette fusion s'inscrit dans la stratégie visant à adapter le paysage hospitalier aux besoins de la population en permettant d'optimiser la prestation des soins de santé.

Le projet de loi crée l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord», qui aura son siège à Ettelbruck et comprend au moment de l'entrée en vigueur de la loi les deux sites d'exploitation de Wiltz et d'Ettelbruck repris des hospices civils actuels. L'indication dans le projet de loi des sites d'exploitation actuels vise à souligner l'importance de ces

sites historiques impliqués dans la fusion.

En tant qu'établissement public, le futur Centre Hospitalier du Nord disposera de l'autonomie financière et administrative à l'égard de l'État, mais aussi à l'égard des communes d'Ettelbruck et de Wiltz. L'établissement dépendra ainsi de ses propres ressources, disposera de son propre patrimoine et de ses propres organes de décision.

Le texte attribue au Ministre de la Santé un pouvoir de tutelle et de surveillance, sans cependant intervenir dans la gestion courante de l'établissement.

L'établissement est administré par un conseil d'administration, qui assume les fonctions d'organisme gestionnaire au sens de la loi hospitalière.

Le conseil d'administration définit la politique générale de l'établissement dans le respect des lois, règlements et conventions applicables.

Dépôt par M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé, le 06.10.2008

Rapporteur: M. Romain Schneider

Travaux de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

(Présidente: Mme Lydia Mutsch):

09.10.2008 Désignation d'un rapporteur

19.02.2009 Présentation et examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

19.03.2009 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 24.03.2009

Loi du 20 avril 2009.

Mémorial A 2009, N°84, page 1000

Rémunération des militaires de carrière

5938 - Projet de loi portant réglementation des compensations et récupérations en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements et instructions militaires ainsi qu'au service de garde

Le projet de loi fixe le cadre légal des indemnités et des récupérations en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements, aux instructions militaires et au service de garde et est à lire à la lumière de la loi du 21 décembre 2007 relative à la réforme de l'armée, qui porte

création des unités de disponibilité opérationnelle.

Le projet de loi a pour objet de rémunérer de façon adéquate les efforts consentis par les militaires de carrière dans les missions et les entraînements en préparation de celles-ci. Les compensations prennent la forme d'une indemnité spéciale. L'indemnité n'est due que pour les entraînements et les instructions militaires dont la durée est supérieure ou égale à 24 heures et est non pensionnable, non cotisable et non imposable. Il n'est pas alloué d'indemnité pour les entraînements et les instructions militaires dont la durée est inférieure à 24 heures et il n'est pas davantage alloué d'indemnité pour les services de garde.

Dépôt par M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 16.10.2008

Rapporteur: M. Marcel Glesener

Travaux de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

(Président: M. Ben Fayot):

01.12.2008 Désignation d'un rapporteur

02.02.2009 Présentation

Examen du projet de loi et de l'avis du Conseil d'État

16.03.2009 Présentation et adoption d'un projet de rapport

Vote en séance publique: 25.03.2009

Loi du 22 avril 2009.

Mémorial A 2009, N°95, page 1104

Le nouveau site
www.chd.lu
 online
 à partir du 5 juin 2009

Présidence: **M. Lucien Weiler, Président**
Mme Colette Flesch, Vice-Président • **Mme Lydie Err, Doyenne**

Sommaire

- 1. Communications**
- *M. le Président*
- 2. Octroi du titre honorifique de sa fonction à un ancien député**
- *M. le Président*
- 3. 6016 - Proposition de loi visant - à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés - à promouvoir la modernisation de la gestion publique et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une Inspection générale des Finances c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)**
- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*
- 4. Ordre du jour**
- *M. le Président*
- 5. Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens**
- *M. Charles Goerens*
- 6. Question avec débat N°43 de M. Marco Schank au sujet des problèmes de la circulation lors de la période hivernale**
- *M. Marco Schank - M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics*
- 7. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de la future stratégie de la compagnie aérienne nationale ainsi que le dépistage d'un partenaire stratégique pour ladite compagnie**
- *Exposé: M. Claude Meisch*
- *Débat: M. Marc Spautz, M. Roland Schreiner, M. Félix Braz, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Lucien Lux, Ministre des Transports*
- 8. Question urgente N°3242 de M. Xavier Bettel relative aux chèques-services - demandeurs d'asile**
- *M. Xavier Bettel - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration*
- 9. 5874 - Projet de loi sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile**
- *Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse: Mme Sylvie Andrich-Duval*
- *Discussion générale: M. Xavier Bettel, Mme Viviane Loschetter, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration, Mme Colette Flesch*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- 10. 5912 - Projet de loi portant création du Centre des Technologies de l'Information de l'État**
- *Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Paul-Henri Meyers*
- *Discussion générale: M. Fernand Etgen, M. Roland Schreiner, M. Gast Gibéryen, M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*
- 11. 5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»**
- *Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale: M. Romain Schneider*
- *Discussion générale: M. Jean-Paul Schaaf, M. Fernand Etgen, M. Jean Huss, M. Gast Gibéryen, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux et Claude Wiseler, Ministres.

(Début de la séance publique à 15.00 heures)

» **M. le Président.** - D'Sitzung ass op.

Ech géif den Här Minister Lux froen, ob en am Numm vun der Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen huet.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Ech kann lech am Numm vun der Regierung soen, dass dat net de Fall ass, Här President.

» **M. le Président.** - Dann huele mer Akt dovunner.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Gär geschitt.

1. Communications

» **M. le Président.** - Ech hunn eng Rei Matdeelungen un d'Chamber ze maachen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et proposition de loi suivants ont été déposés au Greffe:

6015 - Projet de loi relative aux services de paiement, à l'activité d'établissement de monnaie électronique et au caractère définitif du règlement dans les systèmes de paiement et les systèmes de règlement des opérations sur titres et - portant transposition de la directive 2007/64/CE du Parlement européen et du Conseil du 13 novembre 2007 concernant les services de paiement dans le marché intérieur, modifiant les directives 97/7/CE, 2002/65/CE, 2005/60/CE ainsi que 2006/48/CE et abrogeant la directive 97/5/CE - portant modification de: - la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier - la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme - la loi du 18 décembre 2006 sur les services à distance - la loi modifiée du 15 décembre 2000 sur les services postaux et les services financiers postaux - la loi du 13 juillet 2007 relative aux marchés d'instruments financiers - la loi modifiée du 20 décembre 2002 concernant les organismes de placement collectif - la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier - la loi modifiée du 23 décembre 1998 relative au statut monétaire et à la Banque centrale du Luxembourg - la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances - portant abrogation du titre VII de la loi modifiée du 14 août 2000 relative au commerce électronique

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget, le 18.03.2009

6016 - Proposition de loi visant - à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés - à promouvoir la modernisation de la gestion publique et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une Inspection générale des Finances c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)

Dépôt: M. Roger Negri, le 18.03.2009

6017 - Projet de loi portant 1. approbation de la Convention du 29 mai 2000 relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne 2. approbation du Protocole du 16 octobre 2001 à la Convention relative à l'entraide judiciaire en matière pénale entre les États membres de l'Union européenne 3. modification de certaines dispositions du Code d'instruction criminelle et de la loi du 8 août 2000 sur l'entraide judiciaire en matière pénale

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 20.03.2009

6018 - Projet de loi portant changement de limites entre les communes de Bettembourg et de Roeser

Dépôt: M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 20.03.2009

3) La 5^e Session plénière de l'Assemblée parlementaire euro-méditerranéenne (APEM) s'est tenue à Bruxelles du 15 au 17 mars 2009.

La Chambre des Députés y était représentée par Mme Lydie Err, Présidente de la délégation luxembourgeoise, Mme Martine Stein-Mergen, Vice-Présidente, et M. Xavier Bettel, Membre.

L'Assemblée a adopté des recommandations sur «la situation au Proche-Orient», «la réponse méditerranéenne à la crise financière globale», «l'impact économique et social de la micro-finance dans la région méditerranéenne», «le développement, paix et sécurité en Méditerranée», le Plan solaire méditerranéen et sur le lien «Femmes, développement, paix et sécurité en Méditerranée».

Mme Stein-Mergen a également participé à une réunion extraordinaire de la commission

Politique, de Sécurité et des Droits de l'Homme.

2. Octroi du titre honorifique de sa fonction à un ancien député

A senger Réunioun vum 18. Mäerz huet de Büro opgrond vun den Artikelen 198 an 200 vum Chamberreglement virgeschloen, dem Här Patrick Santer den Eierentitel vu senger Fonctioun zouzëerkennen.

Ass d'Chamber mat dësem Virschlag averstanen?

(Assentiment)

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dann ass et esou décidéiert.

3. 6016 - Proposition de loi visant - à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés - à promouvoir la modernisation de la gestion publique et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une Inspection générale des Finances c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 19. Mäerz huet d'Presidentekonferenz sech och mat der Recevabilitéit vun der Proposition de loi vum honorabelen Här Negri ausgeschwat iwwert d'Procédure budgétaire. Mir sinn der Meinung, dass déi Proposition recevabel ass.

Schleisst d'Chamber sech de Konklusiounen vun der Presidentekonferenz un?

(Assentiment)

Ech héieren net vill Iwwerzeegung. Ass dat esou?

(Assentiment)

Dann ass dat och esou décidéiert.

4. Ordre du jour

An d'ärselwechter Réunioun huet d'Presidentekonferenz fir dës Woch en Ordre du jour arrêtéiert:

Haut de Mëtteg hu mer fir d'éischt eng Question avec débat vum honorabelen Här Schank iwwert d'Verkéiersproblemer an der Wanterzäit. Duerno hu mer eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Strategie vun der Lëtzebuerger Fluggesellschaft, de Projet de loi iwwert d'Traite des êtres humains, de Projet de loi iwwert d'Schafe vun engem Centre des Technologies de l'Information de l'État an de Projet de loi iwwert d'Schafe vum Centre Hospitalier du Nord.

Muer de Mëtteg hu mer fir d'éischt d'Deklaration vum Här Kooperatiounsminister iwwert d'Entwécklungshëllef mat der Debatt, déi mer direkt do hannendrop féieren. Dann e Projet de loi iwwert d'Kompensatiounen fir Berufszaldoten a schlussendlech d'Interpellatioun vum honorabelen Här Berger iwwert d'Performances énergétiques des bâtiments d'habitation.

En Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi beschäftege mer eis mat der Orientierungsdebatt iwwert d'Wirtschafts- a Fi-

nanzkris, wou den honorabelen Här Thiel eis de Rapport mécht, an duerno diskutéiere mer. An dann hu mer nach de Projet de loi 5848, eng Ofännerung vum Beruff vun den Affekoten.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou eestëmmeg decidéiert.

Den honorabelen Här Goerens huet d'Wuert gefrot, fir den Dépôt vun enger Resolutioun.

5. Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens

» M. Charles Goerens (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der wësst ass gëschter d'Kommissioun iwwert d'Krisebekämpfung zesummekomm a si huet och e Rapport adoptéiert, deen de Mëtteg an der Kommissioun definitiv adoptéiert ginn ass, no e puer Amendementer. An domat misst normalerweis d'Aarbecht vun där Kommissioun eriwuer sinn, a moins datt d'Chamber anescht decidéiert.

Ech erënneren drun, datt mer den 18. November hei an der Chamber decidéiert hunn, fir déi Spezialkommissioun anzusetzen, datt d'Kris du scho ganz schlëmm war, datt se mëttlerweil nach méi schlëmm ginn ass, an esou wéi et elo ausgesäit si mer nach net dans le creux de la vague. Ech géif mengen, et wier e schlecht Signal, wa mer elo mat eisen Aarbechte géifen ophalen, an ech géif proposéieren - dat ass den Dispositif vun dëser Resolutioun -, datt mer d'Missioun vun darselwechter géife prolongéiere bis zum Enn vun dëser Legislaturperiode.

Résolution 1

La Chambre des Députés,

- *considérant la résolution adoptée le 18 novembre 2008 concernant l'instauration d'une commission spéciale pour le suivi de tous les aspects liés à la crise financière et au ralentissement économique;*

- *rappelant sa décision de confier à une commission spéciale l'examen et le suivi de tous les aspects relatifs à la crise financière et au ralentissement économique de façon globale;*

- *considérant par ailleurs l'utilité des travaux menés dans la commission jusqu'à maintenant d'une part et la nécessité d'assurer le suivi parlementaire systématique en la matière dès lors que la situation économique ne cesse de se détériorer d'autre part;*

- *considérant l'article 18 de notre Règlement qui stipule que, «sauf décision contraire de la Chambre, la mission des commissions spéciales prend fin par le dépôt de leur rapport sur les projets de loi ou propositions dont elles ont été saisies»;*

décide

- *de prolonger la mission de la Commission spéciale «Crise économique et financière» jusqu'au terme de la présente législature.*

(s.) Charles Goerens, François Bausch, Gast Gibéryen, Aly Jaerling, Claude Meisch.

» Mme Colette Flesch (DP). - Très bien!

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Goerens. Déi Resolutioun hei, déi gëtt ausgedeeilt, an da géif ech d'Fraktiounscheffe bidden, mer matzedeelen, wéini dass se gedanken, dass mer déi Resolutioun hei sollten diskutéieren. Ech ka mer virstellen, dass mer dat en Donneschdeg géife maachen, am Kader vun der Debatt vun eben darselwechter Kris, dass mer do heiriwwer befanden.

Aus organisatoresche Grënn géif ech d'Fraktiounen bidden, dem Greffe matzedeelen, esou prezis wéi dat méiglech ass, wéivill Riedezäit déi eenzel Fraktiounen en Donneschdeg bei der Debatt iwwert d'Wirtschaftskris - de Rapport, deen den honorabelen Här Thiel mécht -, wëllen an Usproch huelen a wéi laang hir verschidden Orateure wëlle schwätzen. Ech géif wierklech drëm bidden, dat esou wäit wéi et méiglech ass an esou prezis wéi méiglech ze maachen.

Da komme mer zum éischte Punkt vun eiselem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Dat ass d'Question avec débat iwwert d'Verkéisersproblemer an der Wanterzäit. Den honorabelen Här Schank huet d'Wuert

6. Question avec débat N°43 de M. Marco Schank au sujet des problèmes de la circulation lors de la période hivernale

» M. Marco Schank (CSV). - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, pünktlech fir meng Question avec débat war et de Moie wäiss.

(Interruptions)

A mir hunn an deene vergaangene Méint ganz dacks gemierkt, datt d'Stroossekontitiounen alles aneschters wéi gutt waren. Ganz dacks moies war de Chaos perfekt, wann een am Auto ënnerwee war, an haut de Moien, wéi gesot, waren och erëm eng ganz Partie Accidenter, déi sécher net alle guerten op falsch Pneuen op den Autoen zrëckzeféiere waren. An awer huet een d'Gefill, datt ganz vill Leit relativ onresponsabel ënnerwee sinn.

Ponts et Chaussées, d'Gemenge maachen hiert Besch, fir d'Stroosse fräi vu Glatäis an och vu Schnéi ze kréien, sinn och doranner ganz effikass. Näischtdestotz erliewe mer ëmmer erëm am Wanter wéi gesot, datt Leit mat net adequate Pneuen ënnerwee sinn, wat evidenterweis eng grouss Gefor fir all déi aner Usagere vun de Stroossen duerstell.

Och hei am Haus ass an deene vergaangene Joren déi eng oder déi aner Kéier op déi Problematik higeweise ginn. Ech erënneren drun, datt de Kollege Carlo Wagner och virun zwee Joer eng Proposition de loi gemaach huet, fir eng Léisung erbäizeféieren, datt d'Wen op der Voie publique misste mat Pneuen équipéiert sinn, déi zu all Moment de klimatesche Konditiounen ugepasst wieren. Dat ass déi Législatioun, wéi se an Däitschland de Moment en vigueur ass, deemno datt d'Pneuen de Wanterstandard erfëllen, wann d'Wieder dat erfuerdert. Ëm wat geet et?

Éischters geet et drëm, dat d'Chaufferen op der Strooss am selwechte Rhythmus virukommen ee wéi deen aneren. Dat wier jo de Prinzip. An och muss den öffentlechen Transport d'Méiglechkeet hunn, net blockéiert ze si vun deem engen oder aneren, dee mat Summerpneuen ënnerwee ass. Respektiv, an dat mengen ech ass méi ee gravé Problem, datt deen, dee mat Summerpneuen ënnerwee ass, all déi aner a Gefor, ënner Ëmstänn a Liewensgefor bréngt mat méi laange Bremsweeër oder och mat manner Stroossenhaftung an de Kéieren.

De Moment gëtt et just déi Obligatioun, dat wësst Der, fir déiselwecht Pneuen op deene véier Rieder ze hunn, egal ob dat Summer- oder Wanterpneue sinn.

Da wollt ech soen, et gouf ee Groupe de travail vun der Commission nationale, vun der Commission de circulation de l'État, an déi ass och zur Konkusioun komm, datt eng Obligatioun fir Wanterpneuen ze hunn eng Mesure disproportionnée wier. Op där anerer Säit huet se awer gemengt, datt et sennvoll wier eng Léisung erbäizeféieren, ähnelch wéi dat am Moment an Däitschland de Fall ass. Dat heescht, datt d'Pneuen de Meteorokonditiounen missten entsprechen.

Dës Proposition also vum Transportminister ass den 2. Juli 2007 approvéiert ginn. An duerno, mengen ech, hu mer näischt méi dovun héieren, ausser datt en Avis och vum Statsrot komm ass. Dat heescht, vun dohier ass eigentlech an där Problematik näischt passéiert.

Ech wollt deemno froen: Wat ass d'Meenung vum Transportminister an deem Kontext? Gëtt et senger Meenung no Handlungsbedarf? Wa jo, wéi eng Léisung kann dat sinn? Kann dat zum Beispill sinn, datt ee léigiféiert, beispillsweis eng Léisung sicht wéi se an Däitschland de Moment praktizéiert gëtt, oder och an aneren EU-Länner?

Respektiv dat Allermannst, wat engem afält, ass, datt een eng Campagne géif maachen. Dat ass a mengen Aen, oder souwäit ech informéiert sinn, bis elo net passéiert. Dir kënnst lech jo virstellen, datt während der Pneuen- a Luuchtekontroll am Oktober genau géif eng Sensibilisierung vun de Leit dobausse geschéien, wou op d'Virdeeler vun de Wanterpneue respektiv vu Pneue mat FMS-Standard géif opmierksam gemaach ginn.

An et däreer een och net vergiessen, dat wollt ech awer och nach soen, datt an eiselem Droit civil d'Responsabilitéit vun deem Eenzelnen engagéiert ass an deene Eenzelne sech eigentlech op eng responsabel Manéier misst am Stroosseverkéier verhalen, andeem en och haftbar ka sinn, wa säi Ge-

fier net adequat équipéiert ass. An ech mengen, e Summerpneu am Wanter, ganz dacks ouni optimale Profil, ass sécher net adequat.

Et geet deemno och, dat wollt ech zum Schluss soen, ëm eng Prise de conscience vu jiddwerengem vun eis, dee sech op der Strooss beweegt. D'Experte si sech och eens, datt d'Sécherheet am Stroosseverkéier net onwesentlech vun engem uerdentleche Pneuenéquipement ofhänkt. Iwwerengs recommandéiert den ACL och senger Memberen op senger Internetsäit fir Wanterpneuen opzeleeën, well schonns vun enger Temperatur ëm +7 Grad un d'Haftung méi schlecht gëtt.

Duerfir, wéi gesot, Här Minister, wollt ech héieren, wat Är Positioun zu där Problematik ass.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Schank. Den Här Minister Lucien Lux huet d'Wuert elo. Bonjour, Här Minister Lux.

» M. Lucien Lux, Ministre des Transports. - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, déi Fro, déi den honorabele Kollege Marco Schank opwerft, gëtt geregelt an den Artikelen 20 bis 24 vum Code de la Route. An hien huet Recht ze bemierken, dass et en Thema ass, wat all Joer, all Wanter erëmkënn a wat schwierig ass,...

(Interruption)

...och enger definitiver, virun allem enger perfekter Léisung zouzeféieren. Och déi Léisungen, déi et am Ausland gëtt, sinn do ëmmer erëm Zil vun Diskussiounen a Streidereien, och Schwierigkeeten um Niveau vun de Gerichter.

Recht huet hien ouni Zweifel, dass gutt Pneuen e wichteg Element si fir Sécherheet am Verkéier, och fir d'Fluiditéit am Verkéier ze garantéieren.

Déi aktuell Dispositiounen, déi mer hunn, dat sinn u sech der nëmmen zwou. Dat eent sinn déi 1,6 Millimeter minimum Profil, deen ee muss opweisen zu egal wat fir enger Joeresperiode, an dat anert ass déi Dispositioun, déi hie scho genannt huet, säit dem 1. Abrëll vum leschte Joer, dass de Mixage net méi erlaabt ass, mä dass ee véier darselwechter Pneuen - et ass net d'Marque, déi entscheedend ass - wat de Profil ubelaangt muss op sengem Auto hunn.

D'Fro no engem Obligatorium stellt sech ëmmer erëm, an ech mengen och do stellt sech dann d'Fro, ob ee wierklech alles muss reglementéieren - déi Diskussioun hate mer och virun zwee Joer - oder ob een et net der Responsabilitéit vun deem Eenzelne kann iwwerloossen, opgrond vu senger Verantwortunglechkeet ze decidéieren, dass en appropriéiert Pneuen och zu där appropriéierter Zäit op sengem Auto huet.

Ech wëll e puer Fakte vläicht nach soen, ier ech zu menger Meenung an deem Sujet kommen. Dat eent ass vläicht awer drun ze erënneren, déi puer Zuelen hu mer emol nogekuckt, dass um 1. Januar 2007 bis den 28. Februar 2009, also bis viru kuerzem, dat ware 26 Méint, insgesamt 630 Avertissements taxés, also Protokoller ausgestallt gi si wéinst Insuffisancen um Niveau vun de Pneuen. Dat mécht bal ganz genau 1% aus vun alle Protokollen. Ech loossen elo op, ob dat der vill oder ob dat der wéineg sinn, mä ech mengen, dat ass emol eng éischt Donnée.

Den Här Schank huet zu Recht gesot, d'Pneue kënnen natierlech och d'Ursach si vun Accidenter. Ech hu mer alleréngs vu Spezialisten an deem Beräich an deene leschten Deeg och soe gelooss, dass et net ëmmer sécher ass, dass déi, déi schlecht Pneuen hunn, déi sinn, déi d'Accidenter maachen. Oft ass d'Tatsaach, dass ee Wanterpneuen huet, de Grond, dass ee sech och méi zougëtt a méi Risiko hält an dat oft och kann d'Ursach si vun Accidenter. Dat ass also net ëmmer ganz evident, dass dat muss esou sinn.

Am Ausland, mengen ech, eng Kéier schnell gekuckt, ass et esou: E Wanterpneuen-Obligatorium gëtt et am Prinzip just a Länner, déi wierklech och an enger Wanterperiode leien, déi vill méi speziell ass wéi bei eis. Wann ech déi Länner nennen: Norwegen, Finnland oder Eisträich si mat engem Obligatorium.

Mir hunn déi Situatioun wéi bei eis, also praktesch wéineg Dispositiounen, an eisen Nopeschlänner Frankräich, an der Belsch, och an Holland, déi u sech keng Dispositiounen extra fir Wanterpneuen hunn. An da gëtt et dat Zwëschendéng wéi an Däitschland - ech kommen herno nach eng Kéier dorop zrëck -, déi, mengen ech, eng e bësse méi spezifesch Situatioun hunn.

Et muss een och soen, dass et am Prinzip nëmmen zwou Zorte vu Pneue gëtt. Et ginn zwar nach kommerziell aner Saachen ugebueden, mä et gëtt entweder e Summerpneu oder e Wanterpneu, dee Mud + Snow, dee mat der Schnéiflack duergestallt gëtt. Et sief och nach eng Kéier drop higewisen, an den Här Schank huet dat scho gemaach, dass bei de Kontrolle vun der Police, an ech mengen och zu Sandweiler, wou d'Pneue jo forcément an evidenterweis zu de Kontrollobjekten zielen, d'Pneuen och gekuckt ginn.

Mir hunn am Prinzip dräi Alternativen: Déi éischt Alternativ ass, mir bleibe bei der bestehender Situatioun, dat heescht déi Léisung wéi a Frankräich, an der Belsch an an Holland. Et gëtt keng extra Dispositiounen, déi op Wanterpneuen hiweisen. Dat hätt natierlech de Virdeel, dass een an engem Transitland wéi Lëtzebuerg net onbedéngt eng Situatioun huet, wou ënnerschiddlech Pneuen och an der Wanterperiode da genotzt ginn, sief et, dass et Ausländer oder Residenté sinn.

Mir hunn den Obligatorium. Ech géif dovunner ofroden, an esou eng Richtung ze goen. Wann ee gesäit, dass dat a Finnland, an Norwegen an an Eisträich gebraucht gëtt, mengen ech ass dat net zu Lëtzebuerg néideg.

An et gëtt dann dee Virschlag, deen ech Ufank 2007 deponéiert hat beim Conseil d'État, deen u sech och un dat erënnert, wat de Kollege Carlo Wagner proposéiert hat, dee sech orientéiert hat un der däitscher Léisung. Ech géif vläicht déi däitsch Situatioun eng Kéier virlesen aus der Straßenverkehrsordnung. De Paragraph 2, de Punkt 3A seet: „Bei Kraftfahrzeugen ist die Ausrüstung an die Wetterverhältnisse anzupassen. Hierzu gehören insbesondere eine geeignete Bereifung und Frostschutzmittel in der Scheibenwaschanlage.“ Dat ass also dat, wat an Däitschland existéiert.

Doropshin hat ech proposéiert, am Code de la Route, am Projet de règlement grand-ducal, dass mer géife soen, et misst ee Pneuen hunn, déi «adaptés aux conditions météorologiques et à l'état de la chaussée» sinn. Ech mengen, dat war e bëssen identesch dat, wat och de Kollege Carlo Wagner proposéiert huet.

Doropshin hu mer awer vum Conseil d'État den 23. Oktober 2007 e ganz mitigéierten Avis krit. Här Schank, ech wëll lech just virlesen, dass de Conseil d'État sech folgend Froe gestallt huet: «Faut-il un risque généralisé de verglas sur les routes? Les routes doivent-elles être recouvertes de neige? Combien de temps faudra-t-il attendre une fois les routes déblayées ou après épandage de sel avant de pouvoir circuler à nouveau avec un véhicule non équipé de pneus MS ou de pneus à crampons? Qu'en est-il en cas de changement brusque des conditions climatiques?» Dat heescht, de Conseil d'État huet eis eng ganz Rei Froen an de Bau eragestallt an zum Schluss gemengt: «La nouvelle disposition mériterait d'être précisée.»

An do si mer stoe bliwwen, well d'Diskussioun innerhalb och vun der staatlecher Verkéiserskommissioun net eriwuer war, dass am Prinzip gesot ginn ass, mat där Formule do kënnst een iergendwéi awer op en Obligatorium iwwert d'Hannerdier eraus.

Ech géif elo mengen, dass een op der Basis vun där do Proposition, déi eng Kéier deponéiert war, mat deene Froen, déi de Conseil d'État gestallt huet, wann de President Roland Schreiner mat d'accord wär, vu dass mer do nach gëschter och iwwert d'Verkéisersuednung, iwwer Drogendépis-tage an aner Saache geschwat hunn, da géif ech proposéieren, dass mer déi Froe vum Conseil d'État eng Kéier an der Transportkommissioun duerchhuelen a mat eise Spezialiste kucken, ob een déi Proposition vun 2007 kéint upassen un déi Froen, fir op eng Proposition erauszekommen, déi där géif ähnele wéi an Däitschland, keen Obligatorium wär, mä déi awer d'Responsabilitéit ganz kloer géif maachen, dass, wa mer dobausse Glatäis hunn, wa mer Schnéi hunn, een dann appropriéiert Pneue muss hunn.

Wann Der d'accord wäert, Här Schank, géife mer esou procedéieren, dass mer dat schnell kéinte maachen an dann zu enger definitiver Léisung géife kommen.

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eiseim Ordre du jour. Dat ass d'Debatt iwwer d'Strategie vun der Lëtzebuurger Fluggesellschaft. D'Wuert huet de Vertrieber vun der DP-Fraktioun, den honorabelen Här Claude Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

7. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de la future stratégie de la compagnie aérienne nationale ainsi que le dépistage d'un partenaire stratégique pour ladite compagnie

►►► **M. Claude Meisch (DP).** - Villmoos Merci, Här President. Wann et ëm déi national Fluggesellschaft geet, dann denkt een u villes a virun allem och un d'Suerge vun deene Leit, déi do schaffen, déi hir Aarbecht do hunn, an un dat, wat am Laf vun de leschten Deeg an der Press diskutéiert ginn ass, ëm d'Auslaaschtung vun de Fliegere, ëm d'Auswierkung vun der Finanz- a vun der Wirtschaftskris och op eng Gesellschaft wéi d'Luxair, déi jo net spurlos un der Luxair laanschtgaangen ass.

Et war net primär an deem dote Souci, wou ech déi Heure d'actualité hei ugefont hat, mä virun allem, fir emol zréckzekommen op dat, wat mer am Laf vun leschte Joer e puer Mol heibannen diskutéiert hunn an eigentlech zënter dem Juni 2008 an der Luucht hung: Wéi geet et weider mat där Participatioun, déi de Lëtzebuurger Stat vun der Fortis-Bank dee Moment iwwerholl hat am Laf vun leschte Joer un der Luxair an domadder seng eege Participatioun direkt respektiv indirekt iwwer de Wee vun der Spuerkeess un der Fluggesellschaft Luxair S.A. daitlech eropgesat hat, no u 50% eropgesat hat respektiv, wann ee souguer weider kuckt, datt d'Luxair jo och en Deel vun den eegenen Aktien hält, eng Participatioun vun iwwer 50% do gehale gouf?

Mir wëssen och, datt zënter där Transaktioun am Zesummenhang mat der Dexia och do nach e weideren Aktiëpak vun engem privaten Aktionär eriwuer bei de lëtzebuergesche Stat soll goen, esou datt d'Participatioun daitlech iwwer 50% sollt schéissen.

Wéi den Zoufall et wëllt, an eigentlech gleeven ech net esou richteg un den Zoufall, ass elo e puer Stonne virun där Heure d'actualité hei eng Nouvelle bekannt ginn iwwer RTL, datt de Stat anscheinend plangt - mä de Minister kann dat sécherlech gläich confirméieren a méi prezis ausformuléieren -, datt de Stat plangt, fir seng Participatioun, déi e vun der Fortis iwwerholl huet, da weider un e strategesche Partner ze iwwerginn, wéi en dat och d'lescht Joer wëlles hat, nämlech an deem Fall un d'Lufthansa.

Elo stelle sech do eng ganz Rei vu Froen do ronderëm. Firwat deen dote Partner? Firwat net en anere Partner?

Den Transportminister selwer huet hei op déser Plaz an och an de Medie méi wéi eng Kéier betount, datt en eigentlechen en Ofschloss vun deene Verhandlungen do bis Enn 2008 wëllt hunn.

Firwat huet et awer méi laang gedauert? Wéi sinn déi Ofmaachungen, déi tëschent der lëtzebuergescher Regierung, Luxair an der Lufthansa geholl goufen? Wéi sinn déi konkret zustane komm? Wéi si se ausformuléiert? Wat fir eng budgetär Répercussiounen huet dat?

Mir wëssen, datt deen Aktiëpak, deen de Lëtzebuurger Stat vun der Fortis-Bank iwwerholl huet, eng Valeur hat vun 20 Milliounen Euro. Ass et déi Valeur, mat där déi Participatioun elo weidergeet un dann den neien Aktionär, dee jo net nei ass an deem Sënn, mä dee jo och schonn eng Participatioun un der Luxair bis ewell gehalen huet vun 13%?

De Minister selwer hat gesot, datt d'Regierung op der Sich wär no engem strategesche Partner, deen an dat industriell Konzept vun der Luxair géif passen.

Nu stellt sech natierlech elo d'Fro: A wat fir engem Sënn passt d'Lufthansa an dat dote strategesch Konzept eran? Firwat also d'Lufthansa, firwat net aner Investisseuren?

Mir wëssen, datt och Mëtt lescht Joer aner Investisseuren interesséiert waren, notament d'Banque d'investissement privé, déi net ofgeneigt gewiescht wär, deen Aktiëpak vun der Fortis ze iwwerhuelen. De Stat wollt dat awer par force évitéieren an huet säi Virkafrecht, den Droit de préemption, geltend gemaach. Esou datt unzehuelen ass, datt et an den Ae vun der Regierung, an den Ae vun dem Transportminister kloer Avantagé gëtt vun deeser Solutioun, déi dann eng Solutioun Lufthansa ass, par rapport zu där Solutioun vun der Banque d'investissement privé. Falls deem esou sollt sinn, wär et interessant, dann och aus dem Mond vun dem Transportminister déi Avantagen hei eng Kéier opgeléicht ze kréien.

D'Fro, déi sech awer och nach stellt an deem dote Zesummenhang: Wann d'Lufthansa elo méi staark an d'Kapital vun der Luxair eraklëmmt, a wa mer wëssen, datt d'Luxair jo och ronn en Drëttel vum Kapital hält vun der Cargolux, a wa mer da wëssen, datt d'Lufthansa an d'Cargolux alles anescht si wéi a gudden Termë mateneen, mä datt d'Cargolux an d'Lufthansa eigentlech als Haaptkonkurrenten ze bezeichnen sinn, dann ass et schonn interessant ze wëssen, ob d'Regierung net do gesäit, datt awer elo en Haaptkonkurrent vun der Gesellschaft Cargolux iwwer de Wee vun där gréisserer Participatioun an der Luxair S.A. an Afloss op d'Geschäfte vun der Cargolux ka kréien.

Déi Differenzen tëscht Cargolux a Lufthansa, dat wësse mer, hunn ënner anerem derzou gefouert, datt d'Cargolux och risquéiert veruerteelt ze ginn an den USA weinst angebleche Präisofproochen, déi zesumme mat enger Rei vu Sociéitéiten do gemaach gi wäeren, Lufthansa allerdéngs dat dénoncéiert huet an duerfir wahrscheinlech ongeschuer dervu wäert kommen.

Interessant wär et also och, fir ze kucken, ob an deem Deal, deen elo ofgemaach ass tëschent der lëtzebuergescher Regierung an der Lufthansa, eng Rei vu Garde-fouen agebaut sinn, datt Informatiounen, déi d'Cargolux betreffen, iwwer deen dote Wee net kennen un d'Lufthansa weidergoen.

Wann et gutt Argumenter gëtt, fir aus enger Transportsicht, aus enger Flugtransportsicht déi dote Kollaboratioun unzestriewen, muss et awer nach net onbedéngt esou sinn, datt et och gutt Argumenter, fir déi dote Transaktioun ze maachen, aus enger nationalekonomescher Sicht gëtt, well awer Répercussiounen op aner lëtzebuergesch Sociéitéite kënnen kommen.

Dann, mengen ech, wär et awer interessant, dann och ronderëm all déi dote Froen nach eng Kéier de Point ze maachen iwwer d'Auswierkung vun der Finanzkris vun der Wirtschaftskris op déi dote zwoe Gesellschaften, Luxair a Cargolux. Et ass kloer, datt, wa manner ekonomesch Aktivitéit stattfënnt, an dat ass jo onbestreitbar momentan, datt, wa manner weltwäit gehandelt gëtt, datt och manner gereest gëtt a manner transportéiert gëtt. An dat huet natierlech och Répercussiounen op den Transport aérien, an interessant wär et, aus dem Mond vun dem Transportminister ze héieren, wéi e gedenkt do ze reagéieren, wat d'Perspektive sinn, vu wat d'Regierung ausgeet, wat d'Perspektive fir de Lofttransport sinn, souwuel fir de Personeverkéier wéi och fir de Fret a wéi laang datt déi Duschstreck do kéint unhalen, an op dann déi Gesellschaften se och duerchhalen.

E Spriecher vun der Luxair huet selwer d'lescht Woch um Radio gesot, datt et nach kee Sozialplang bei der Luxair géif ginn. Do sinn zwoe Informatiounen dran. Et gëtt elo kee Sozialplang. Et ass awer net auszuschléissen, datt et ee fir d'Zukunft géif ginn. Dat hunn ech op jidde Fall do eraushéieren.

Wat kann de Minister eis dozou soen?

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Meisch. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz fir d'CSV-Fraktioun.

Débat

►►► **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, e bësse speziell ass et schonn, datt mir am Parlament iwwer d'Strategie vun engem kommerzielle Betrib schwätzen. Och wann de Stat mat deem enk verbonnen ass: Et bleift e Betrib, deem seng Strategie sech prinzipiell net derzou eegent, op der parlamentarescher Tribün öffentlech debattéiert ze ginn. No deenen neie Momenter awer vu gëschter koume jo haut viru Mëtteg nach en neie Moment derbäi.

Et geet also elo an deem Kader och a virun allem ëm d'Bedeutung vum Flughafen an domat vun eiser Loffahrtgesellschaft fir d'Lëtzebuurger Economie a fir d'Land iwwerhaapt.

De Flughafen ass fir eist Land kruzial. Net well vun do aus et flott ass mat der Luxair an d'Veerung ze fueren, och wann dat e wesentlechen Deel vun de Recettë vun der Gesellschaft ausmécht, mä de Flughafen ass kruzial, well mir fir déi Zort vu Wirtschaft, déi mir hunn an déi mir wëllen, Uschloss un déi global Flugbewegung brauchen. An zwar méi wéi bis elo.

Fir d'Zougängelechkeet vum Land, fir seng Zentralitéit an Europa ass de Findel liewenswichtig. Net hie selwer, mä déi Gesellschaften, déi do operéieren. A bei deene steet d'Luxair am Beräich vun Passagéiertransport natierlech ganz vir. Lëtzebuerg bräicht eigentlech direkt Ubannungen un all europäesch Haaptstied. Déi hu mir allerdéngs net.

Ech wëllt déi ganz Saach emol konzeptuell beschreiwen: Amplaz elo ze soen, mir missten eng Verbindung mat där Stad oder deem Land kréien, an déi dote Gesellschaft Luxair oder déi, déi hei de strategesche Partner genannt gëtt - zënter de Mëtteg jo anscheinend d'Lufthansa -, misste vu Lëtzebuerg aus fléien. Et geet dorëm, datt et problematesch ass, wann ee quasi néierens an Europa direkt vum Findel hikënt. Et geet dorëm, datt et onbequem ass, wann ee bal, wann een net grad mat der Luxair an d'Veerung flitt, muss op Frankfurt oder Paräis respektiv op Amsterdam oder Zürich gondelen, ier een duerno de Fliger kann huele fir an déi europäesch Haaptstad, wou ee wëllt.

Mir sinn net déi eenzeg kleng Stad, wou esou eng Situatioun ass. Wann een elo kuckt Salzburg, Nantes oder Bozen, déi sinn an darselwechter Situatioun. Eppes ass awer anescht: Eis Haaptstad ass am Fong och d'Haaptstad vun der Groussregioun. Hiert Anzuchsgebitt an domadder dat vum Flughafen zielt Milliounen vu Leit.

De Findel ass an där ganzer Regioun deen eenzege klassischen internationale Flughafen. Kllassesch an deem Sënn, dass en net ausschliesslech Bëlleglich ubitt. Esou ee Flughafé misst eigentlech d'Ambitioun hunn, fir e bësse besser mat der Welt, mat Europa verbonnen ze sinn, wéi en elo ass. An do läit och eng strategesch Erausforderung vun der nationaler Fluggesellschaft. Mir müssen definéieren, wat fir eng europäesch Finanz- a Wirtschaftsstanduerter respektiv Haaptstied direkt mat Lëtzebuerg musse verbonne ginn.

De Flughafé Lëtzebuerg spillt och am Cargo eng ganz grouss Roll. D'Cargolux an de Luxair Cargo Center zielen am Fret-Beräich zu deene groussen. A wa weltwäit amgang ass de Cargo anzubriechen, muss ee sech d'Fro stellen: Gëtt et och en Broch hei zu Lëtzebuerg oder geet dee weltwäiten Broch am Cargo-Beräich bis zu 35% u Lëtzebuerg laanscht?

Luxair ass e Betrib, deen zu engem Deel dem Stat gehéiert respektiv aner staatlech Bedeelegungen iwwer aner Weeër, wou de Stat Participatiounen huet. An där Kris wär d'Loft fir all Fluggesellschaft méi dënn ginn. Och d'Luxair an d'Cargolux wäerten net ouni Schwiergekeeten duerch déi nächst Jore kommen, op jiddfer Fall, wat d'Geschäftsflich fir d'Luxair an de Cargo am Allgemengen ugeet. Et ass deemno vläicht just dee richteg Moment, fir der Luxair an hiren Operatiounen en aneren erweiderte Kader ze ginn. A mir si gespaant, wat de Minister eis do vum Konzept elo wäert virstellen.

Ech soen lech Merci.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **M. le Président.** - Merci, Här Spautz. Den honorabelen Här Schreiner. An dann den Här Braz an den Här Henckes.

►►► **M. Roland Schreiner (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Demokratesch Partei huet gefrot, fir am Kader vun deeser Aktualitéitsstonn Informatiounen iwwer déi zukünfteg Strategie vun eiser nationaler Fluggesellschaft ze kréien. Dat ass natierlech e Sujet, deen ee ganz wäit kéint ausféieren. E géif och sécher de Kader vun deeser fënnf Minutte sprengen, déi mer hei zur Verfügung hunn. Wann et sech natierlech awer op d'Fro vun engem neie strategesche Partner beschränkt, dann ass dat awer scho méi konkret.

Et ass schonn hei ugeklongen, dass mer haut de Mueren héieren hunn, dass deen neien oder deen neien ale strategesche Partner d'Lufthansa soll sinn. Dat ass eigentlech e Schratt, dee logesch an - men-

gen ech - och kompatibel ass mat den Interesse vun der Luxair. D'Lufthansa ass schonn am Aktionariat vun der Luxair vertruete mat 13%. Dat ass scho gesot ginn. Hei géif elo dann d'Participatioun nach e bësse verstärkt ginn, mä doduerch, dass keen zousätzlechen neie Partner erakënt, mä een, dee bekannt ass, mécht dat dote Sënn.

De Claude Meisch huet awer eng Rei vu Froen opgeworf an deem Zesummenhang, déi och pertinent sinn a wou mer all op d'Äntwerte vum Minister jo och gespaant sinn.

Doriwwer eraus mengen ech awer, muss et eist Uleies si bei alle strategeschen Iwwerleeungen iwwer de Choix vun strategesche Partner, dass Lëtzebuerg och an Zukunft eng eegestänneg Fluggesellschaft behält, fir ze garantéieren, dass eist Land gutt un déi aner europäesch Wirtschaftszentren, Haaptstied an och Dréischeiwe vum Flugverkéier ugebonden ass.

De Moment hu mer um Findel 14 verschidde Fluggesellschaften operéieren; eng Zuel, déi an deene leschte Joren an d'Luucht gaangen ass. A wann een den Terrain elo ganz géif den auslännesche Gesellschaften iwwerloossen, da fléien déi just e puer fir si rentabel Strecken zu hiren „Hub“ en un. A fir de Rescht géif et einfach keng Offer vu Lëtzebuerg aus méi ginn, déi fir eis Leit vun hei an aus der Regioun interessant wier, an dat soll et natierlech net sinn.

Et ass scho gesot ginn, d'Luxair ass e ganz wichtige Partner a Pillier vun eiser Economie a muss dat och an Zukunft bleiwen. Et ass gesot ginn, d'Lufthansa ass scho mat 13% am Kapital dran. Elo hätt ee sech kënnen als Alternativ virstellen, dass en anere strategesche Partner jo hätt kënnen eng grouss aner europäesch Fluggesellschaft sinn, déi och da mat 12, 15 oder 20% an d'Aktionariat vun der Luxair ageklomme wier, an da mam Haaptkonkurrent Lufthansa dann och op engem Dësch gesiess hätt, fir iwwer d'Interesse vun der Luxair hei um Findel an an der Aviatioun ze schwätzen. Dat wier sécher problematesch ginn. An dat wier eng ganz delikat Geschicht ginn.

Duerfir, mengen ech, ass de Choix vun der Lufthansa e richtegen, well doduerch a ganz grouss a vill Konfliktpotenzial wäert eliminéiert ginn. Alles anescht hätt et net méi einfach gemaach. Ech weess och net, ob et iwwerhaapt méiglech gewiescht wier fir, mä de Minister seet eis dat.

De Claude Meisch huet d'Fro opgeworf vun anere Privatinvestisseuren, déi eventuell hätt kënnen aklammen. Ech weess net, wann een elo de Moment géif vun enger Investmentbank de Wäert vun der Luxair géif schätze loossen, ob dee ganz héich wär, opgrond vun der allgemenger Kris, déi et ronderëm d'Aviatioun gëtt. Duerfir kéint ech mer virstellen, dass Privatinvestisseuren net onbedéngt esou interesséiert dodru sinn. Mä de Minister kann eis doriwwer vläicht awer Oplklärung ginn.

Trotz oder grad weinst den Hiobsbotschaften, déi de Moment vun der Luxair am Zesummenhang mat der Wirtschaftskris kommen, ass et wichteg, dass d'Luxair sech awer weider positionéiert. De Konkurrenzkampf an der Aviatioun gëtt net nëmme tëschent de groussen Fluggallianzen ausgedroen, mä och an deenen einzelnen anere Kategorie wäerten nëmme déi bestoe kënnen, déi Erfolleg hunn. An et wäert och do zu weidere Fusiounen kommen.

Mir hu festgestallt, dass duerch d'Wirtschaftskris vill Fluggesellschaft besonnesch ënnert dem Réckgang vun de Geschäftsflich leiden. Och d'Luxair gehéiert derzou. Vun der Situatioun profitéieren natierlech d'Bëllegfluggesellschaften, déi op hire Strecken, déi staark vu Geschäftsreisende fréquentéiert ginn, en daitlechen Trend no uewe feststellen. An der Groussregioun sinn et just déiselwecht Gesellschaften, déi et der Luxair net einfach maachen an duerch eng aggressiv Verkaufspolitik an duerch eng onduerchsichteg Präispolitik versichen, mat alle Mëttelen d'Clientë vum Findel ewechzelackelen.

Ech sinn der Meenung, dass d'Luxair sech op déi richteg Aart a Weis zu Wier setzt. Si setzt konsequent op Qualitéit, op clientfrëndlech Ugebueter, en exzellente Service an eng transparent Präispolitik. Dat ass fir mech dee richteg Wee, och wann dann eben emol de Präis vun Flugticket heiansdo méi héich ass wéi dee vun Parking fir den Auto.

A leschter Zäit si jo eng Rei vu Bëllegfluggesellschaften duerch hir onduerchsichteg Präispolitik an d'Kritik geroden. D'Luxair brauch dat net. Hir Clientë schätzen den héichwäertege Service an identifizéiere sech mat hirer Airline. Ech mengen, dat ass

mëttelfristeg a laangfristeg och de Schlëssel zum Erfolleg, deen och fir d'Zukunft muss gesat ginn. Natierlech mat engem staarke Partner wéi dann eben der Lufthansa mat am Boot.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Schreiner. Den honorabelen Här Braz.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Et ass kloer, dass duerch déi Informatioun, déi de Moie scho publik ginn ass, d'Debatt haut de Mëtteg e bëssen eng aner Nues kritt. An ech wëll soen, dass fir déi gréng Fraktioun contrairement zu deem, wat de Kolleeg Marc Spautz virdu gesot huet, mir dat net anormal fannen, dass d'Parlament sech mat der Luxair beschäftegt. Well net nëmmen huet de Stat do ganz héich Participatiounen, direkt Participatiounen, déi en nach ëmmer hat vun 23%, déi 12 vun der Fortis, déi mer am Summer d'lescht Joer kaaft hunn an och déi iwwer 13% bei der Spuerkeess. Et ass also normal, dass mer do wëllen eis Kontrollmissiounen exercéieren. Mä et ass och normal, well d'Luxair kee Betrieb ass wéi all déi aner, well ze vill Betriber vun der Lëtzebuerger Ekonomie en direkten Intérêt dorunner hunn, dass d'Luxair se versteet an an hirem Sënn flitt a schafft.

Wichtig ass fir déi gréng Fraktioun, dass dee Choix, dee getraff ginn ass, an deem Accord, dee fonnt ginn ass, mat engem industrielle Partner fonnt ginn ass. Et hätt ee jo och kënne sech als Stat d'Fro stellen, ob een net seng Participatiounen vun der Fortis un en neie finanzielle Partner hätt wëllen ofrieden. Dat wär eiser Meenung no dee falsche Wee gewiescht.

Duerfir begrësse mer ausdrécklech, dass hei de Wee gesicht ginn ass vun engem weideren industrielle Partner an net wéi gesot nach eng Kéier e finanziellen.

Dat gesot sinn awer eng ganz Rei Erausforderungen, där d'Luxair sech gestallt huet virun net allze laanger Zäit. „Building a New Airline“ war jo de Motto. Dee war domadder begrënt, dass d'Luxair Schwierigkeiten hat. Mir wëssen, dass d'Luxair haaptsächlech Sue verdéngt huet bei Luxair-Tours am Beräich vum Handling. Och am Beräich vum Flughafen, wat awer elo duerch lux-Airport jo net méi an deem Mooss méiglech ass. An d'Luxair muss probéieren, un hir Käschten anescht eruzekomme wéi virun. Wat jo och erëm eng Kéier mat sech bruecht huet, dass mer d'Propellerfliegen nees entdeckt hunn a vum Alles-op-der-Düs erfokomm sinn, wat industriell sécher e richtege Choix war vun der Luxair.

Gläichzäiteg huet d'Luxair awer och regional Konkurrenz kritt. Bëlleg-Airlines, déi och hei am Land emol schonn deen een oder anere Supporter haten, Bëlleg-Airlines, déi op regionale Flughäfen eisem Flughafen hei an der Gesellschaft Konkurrenz maachen, an duerfir menge mer och, dass et och aus deenen dote Grënn richtege war, dass d'Luxair probéiert huet sech ze restrukturieren.

Elo hu mer mat der Lufthansa e Partner, dee seng Participatioun wëllt eropschrauwen. Mä mir hätten awer do gare vum Minister Opklärungen, well mir hunn awer e bëssen d'Suerg, dass dee Partner, mat deem mer elo en Accord fonnt hunn, net onbedingt déiselwecht strategesch Vuen huet op d'Luxair an op de Flughafen, wéi déi Vuen, an där d'Luxair selwer sech befonnt huet an de leschten zwee Joer, och mam Flughafen. Dat war eng regional Perspektiv mat Flugmaterial, wat och an deem Kontext do sollt agesat ginn: Och déi Linne fléien, déi d'Lëtzebuerger Ekonomie brauch.

Mir hunn e bëssen d'Suerg, dass doduerch, dass mer en Accord mat der Lufthansa fonnt hunn, elo vläicht erëm verstärkt déi Logik vum Frankfurter „Hub“ an d'Spill kënn. A mir mengen och, dass de Minister eis soll erklären, firwat dass mer net probéiert hunn, mat engem aneren industrielle Partner, deen net alles op Frankfurt gesinn hätt, mä dee vläicht Richtung Frankräich oder vläicht Richtung England oder en anere groussen „Hub“ der Luxair méi Villfalt gelooss hätt.

Vläicht gëtt et dofir gutt Grënn, mä strategesch därff ee sech d'Fro awer stellen, ob dat doten net risquéiert, déi Strategie, an där d'Luxair sech befonnt huet, op d'Kopp ze geheien, well mer elo eis erëm géifen ze vill reorientéieren an eng Strategie ausgerichtet op de Frankfurter „Hub“.

Zweet vun dräi Froen, déi ech un de Minister hunn, déi betrëfft den Zäitpunkt vum Accord. Mir hu wuel de Moie verlauschtert, dass en Accord fonnt ginn ass. Wéini gëtt

deem Accord awer konkret an operationell? Et ass och fir d'Lufthansa wéi fir all déi aner europäesch Fluggesellschaften am Moment eng méi schwéier Zäit, wéi nach viru Méint a viru Joren.

Wéi steet et ëm d'Liquiditéiten? D'Lufthansa huet jo nach eng Partie aner Pläng an Europa, nottamment an Eisträich mat der Austrian Airlines. Ass et esou, dass deen Accord, deen elo op de Prinzipië fonnt ginn ass, och relativ rapid wäert kënne realiséiert ginn, oder ass do eng Latenzzeit, op déi mer eis mussen astellen?

Déi drëtt a lescht Fro, déi betrëfft de Volet vun der Cargolux. Och do hätte mer gären Opklärung vum Minister iwwert déi méiglech Lienen, déi bestinn. Do héiert ee jo och vill Saachen, nottamment d'Gefor, dass ee sech hei géif praktesch de Fuuss an den Héngerstell eraruffen iwwert den Ëmwee vun der Luxair. Déi Fro ass zumindest berechtigt a legitim.

Besteet déi Gefor? Wa jo, wéi gedenkt d'Regierung virzegoen, fir dass déi Gefor do maistriséiert bleift a fir sécherzestellen, dass deen Accord vun der Luxair mat der Lufthansa net eng nei Schwierigkeit fir d'Cargolux schafft respektiv net e strategesch Wiessel vun der Luxair ofverlaangt, deen och net kann all zwee Joer nees stattfannen? Well „Building a New Airline“, dat kann een net all zwee Joer widerhuelen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Braz. Elo huet den Här Henckes d'Wuert, duerno den Här Jaerling.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jiddweree weess, dass de Findel an d'Luxair fir Lëtzebuerg absolut wichteg sinn, wa mer wëllen eng Bankeplaz bleiwen, wa mer wëllen international wirtschaftlech aktiv sinn. Et gesäit een, dass Schwierigkeiten sinn duerch d'Baisse vun der Fréquentatioun, haaptsächlech bei de Businessfligh. D'Luxair ass, wat d'Präisser ugeet, ganz oft net méi kompetitiv. Si huet Heathrow opginn, wat menger Meenung no e Feeler war. Bref, et ass noutwendeg ginn, dass gekuckt ginn ass, fir déi ganz Situatioun ze redresséieren.

An dofir e puer Froen un d'Regierung, wann elo e Partner ausgesicht ginn ass. Meng Fro wär ze wëssen: Ass nure mat engem Partner négociéiert ginn, oder mat e puer? Wat waren, wa mat e puer négociéiert ginn ass, déi Elementer, déi fir d'Regierung den Ënnerscheid gemaach hunn, d'Décisioun erbaibruucht hunn, fir ee Partner - am Prinzip sollt et jo Lufthansa sinn - erauszewielen? Wat waren do déi Argumenter?

Leschte Punkt, deen ech wollt froen, dat ass: Wéi héich soll elo déi Participatioun vun deem strategesch Partner am Kapital vun der Gesellschaft sinn? Well jiddweree weess dem Albert Frère säin Zitat: «Petit actionnaire minoritaire, petit couillon; grand actionnaire minoritaire, grand couillon». Dofir misst een also wëssen, wéi déi Situatioun do geregelt ass, ob en Accord d'actionnaires soll fonnt ginn oder négociéiert ginn.

Bref, dat waren déi puer Froen, déi sech an deem Kontext stellen a wou ech frou wier, wann d'Regierung ons kéint hir Reflexiounen an hir Moyenen, wéi se dat décidéiert huet, erklären.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Dann d'Reflexiounen vum honorabelen Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Bon, ech mengen, déi Fro, déi ech mer gestallt hunn, dat ass wéi Luxair d'Landerechter op Heathrow verloungt huet. Dat heescht, si hu se net opginn, si hu se verloungt un eng arabesch Firma. Mä do hunn ech mer awer effektiv d'Fro gestallt, wéi sou dass mer déi Landerechter net un eng Firma verloungt hunn, déi am Fong vun hei aus, dann eng aner Firma, eng aner Gesellschaft, déi da vun hei aus op Heathrow flitt, fir awer trotzdem et de Clienté vun hei méiglech ze maachen, fir dohinne ze fléien. Well et si jo awer och eng Rei Leit, déi iwwer Heathrow weltwäit geflu sinn an déi dann elo net méi déi Méiglechkeet hunn.

D'Fro ass einfach déi: Gëtt et eng Méiglechkeet, fir déi Landerechter esou séier wéi méiglech ermécklechen? Well et jo awer elo strategesch wichteg wär, dass een am Fong all Linnen, déi ee kéint ufléien, misst behalen, wann d'Situatioun esou ass, wéi se eben elo ass. An et war einfach onverständlech, dass am Fong déi Linnen do, wou dat Landerecht do verloungt ginn ass, wou mir am Fong praktesch absolut näischt dervun hunn, ausser déi Suen, déi dann erakommen, fir déi Landerechter do opzekafen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den zoustännege Minister, den Här Lucien Lux, huet d'Wuert elo.

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll versichen an deene puer Minuten e Maximum vun deene Froen ze beäntweren, déi hei gestallt gi sinn, well ech mengen, den Débat war elo een, deen horizontal sech mat alle Froe beschäftegt huet, déi d'Luxair a souguer och d'Cargolux am Moment betreffen. Ech mengen, et ass eng gutt Opportunitéit trotzdem, deen Débat, deen den Här Meisch gefrot huet, fir e puer Saachen ze soen, och par rapport zu deenen, déi an deene leschte Stonnen iwwert d'Press publik gemaach gi sinn.

Déi éischt zwou kloer Aussoe sinn déi, dass d'Tatsaach, dass de Lëtzebuerger Stat an deenen Zäiten, turbulenten Zäiten, wirtschaftlech ganz schwierigen Zäiten, no der Iwwernahm vum Fortis déi 12,15% an Dexia 13,14%, zesumme mat der Spuerkeess eng däitlech öffentlech Majoritéit am Aktionariat vun der Luxair duerstellt, sécherlech eng ganz stabiliséierend Wirkung huet, déi generell an der Luxair bannen an no baussen als positiv bewäert gëtt.

Dat ass jo och net ëmmer esou. Heiansdo ass de Stat an deene Gesellschaften éischer als e Klompfouss ugesi ginn. Am Ament gëtt et souwuel bei deenen aneren Aktionäre wéi virun allem an der Gesellschaft selwer, ob ee vun der Direktioun oder vun der Belegschaft schwätzt, éischer als e Moment vu Stabilitéit ugesinn, an ech mengen, dass dat schonn e positive Punkt ass. Dat ass am Moment den Intérêt vun der Gesellschaft a sécherlech och vum Stat.

Mir hunn haut e stabil a strategesch ausgerichtet Aktionariat, wat sech net - an ech mengen, dat ass wichteg, wat ech soen - ausricht no kuerzfristige Gewënner an och no héijen Dividenden. Dat ass och an anere Fluggesellschaften am Ament op der Welt a virun allem an Europa anescht, an dofir sinn d'Reaktiounen och am Ament als Äntwert op déi Kris an deene Gesellschaften oft aner wéi déi, déi bei eis mat dach enger méi roueger Hand kënne preparéiert ginn.

Dofir hu mer, Här Meisch, am Juni 2008 och par rapport zu deem privaten Investitiounsfong, deen Der genannt hutt, nee gesot, well dat ebe just net e strategesch industrielle Partner war, mä well mer der Meenung waren - an ech mengen, haut hunn eis déi lescht Méint an allen Hisichte Recht ginn -, dass dat eng richtig Décisioun war, dass mer éischer Ausschau gehal hunn, wie kann eis strategesch industriell hëllefen, an net onbedéngt, wie kann en Apport, deen éischer e finanziellen ass, éischer en Apport ass vu Leit - an dat ass legitim, dat kritiséieren ech net -, déi éischer drop aus sinn, Geld ze verdéngen, wéi onbedéngt Zäit ze hunn, och mëttel- a laangfristige Strategien ze goen, déi vläicht net direkt déi héchsten Dividende mat sech bréngen, mä déi awer der Gesellschaft am court a moyen Terme och kënnen hëllefen.

Bemierkung: Eist Virkafrecht deemools am Juni 2008 notzen, hat also zum Zil, dem Luxair-Aktionariat esou e strategesch industrielle Partner zouzeféieren, an et louch e bëssen op der Hand, ech mengen, dass dat elo awer net vill Erfindungsgeescht gebraucht huet, fir esou e Partner am Beräich vun der Aviatioun sichen ze goen, e Partner also, mat deem ee kooperéiere kann a mat deem een e Mehrwärt ka schafen.

Ech mengen, dass och déi Zilsetzung strategesch war - fir déi, déi do Froe gestallt hunn, besonnesch och den Här Braz. D'Zil war also, e Partner ze sichen, dee Stabilitéit géif bedeiiden, deen en Know-how géif matbréngen, e groussen Know-how géif matbréngen a strategesch an industrielle Froen an der Aviatioun, dee Synergie géif méiglech maachen, dee Kooperatioun géif méiglech maachen, deen och d'Stärkung vum operativen Dagesgeschäft géif méiglech maachen, deen d'Wettbewerbsfähigkeit vun eiser nationaler Fluggesellschaft an engem Maart, deen amgaangen ass ze bougéieren, extrem ze bougéieren, sech ze konsolidéieren géif méiglech maachen, an dat net op Käsche vun negativen Décisiounen. Wa gesot gëtt, den „Hub“ vu Frankfurt, dat ass en extrem komfortabele fir déi Meesch, mä dat heescht awer net, dass muer d'Luxair London oder dass et Paräis oder esou muss opginn. Ech mengen, dat eent huet direkt mat deem aneren och näischt ze dinn.

Wann ee sech ëmkuckt, da gesäit een, dass et där Playeren, där strategesch-industriell Partneren do am Moment dräi Stéck gëtt: British Airways, Air France zesumme mat KLM an d'Lufthansa. Dat sinn déi dräi grouss Playeren, a jiddereen ass sech dorüwer eens, dass et sech an deenen nächste Méint a Jore ronderëm déi dräi do

wäert dréien. An ech kann also der Chamber matdeelen - dat ass awer eng Nuance, déi ech wëll maachen -, dass de Lëtzebuerger Stat mat der Lufthansa hirer grondsätzlecher Bereitschaft sech gëeent huet, fir d'Aktionariat vun der Lufthansa an der Gesellschaft vun der Luxair an d'Luucht ze hiewen, vun deenen 13%, déi si haut huet, op mindestens 20%, dass dat bis an den Oktober eran déi grouss Prinzipien, déi grouss Zilsetzung eis eens waren, dass mer bis Mëtt November 2008 eis och op e Pacte d'actionnaires verstännegt hunn, dass bis Enn 2008 souwuel eis Regierung wéi de Verwaltungsrot vun der Spuerkeess an awer och deen aneren Aktionär, deen nach bleift, och Panalpina domadder d'accord ware mat där Ausrichtung, déi am Aktionariat soll virgeholl ginn, an och wéi gesot d'Lufthansa dat prinzipiell Zil do ënnerstëtzt, fir dat dote virzuehelen.

Ech mengen, dass mer och an deene Froen, déi den Här Meisch gestallt huet, firwat d'Luxair: Natierlech wéinst deem Partner, deen et strategesch duerstellt, natierlech well mer d'Lufthansa haut schonn am Aktionariat vun der Luxair hunn. Dat ass also keen neien, dat ass also kee friemen, dat ass also keen, un dee mer eis nei gewinne mussen, an déi Suerg, déi Der gesot hutt, déi eng berechtigt Suerg ass - Wéi ass et zum Beispill an der Konkurrenz tëschent der Cargolux an der Lufthansa Cargo? -, ass dat, mengen ech, eng Situatioun, déi mer haut schonn hunn. Dat ass näischt Neies. Och haut scho geet de Vertrieber vun der Lufthansa am Verwaltungsrot vun der Luxair, wa Froe vun der Cargolux behandelt ginn, aus der Sitzung eraus. Ech mengen, déi Léisung hu mer haut schonn, an ech mengen, dass et also vun deem Aspekt hier do näischt Neies ass par rapport zu deem, wann d'Lufthansa muer säin Undeel un der Luxair ëm déi 13% hieft, fir méi staark an der Luxair vertrauen ze sinn.

Dat, mengen ech - déi grondsätzlech Bereitschaft do -, ass an deenen turbulenten Zäiten eng gutt Noriicht fir d'national Fluggesellschaft, well se dach awer weist - an ech mengen, dat war an deenen Zäiten och wichteg, dobausse kloerzemaachen -, dass d'Lufthansa Vertrauen huet an d'Zukunft an an d'Potenzialer vun eiser nationaler Fluggesellschaft, a virun allem och, dass se eng Aschtzung mécht vun enger gesonder Gesellschaft, enger gesonder Situatioun innerhalb vun der Gesellschaft Luxair.

Leider, an ech mengen, dat ass dat, wat ech gesot hunn, am Géigesaz zu deem, wat gemellt gëtt, dass dat alles fäerdeg ass, leider ass déi praktesch Ëmsetzung vun dieser Bereitschaft, dieser grondsätzlecher Zilsetzung, op déi mer eis gëeent hunn, duerch déi dramatesch verschlechtert Situatioun, an eng Situatioun komm, wou mer respektéieren, dass d'Lufthansa sech am Moment konzentriert - an den Här Braz huet eng Rei vun deene Froen genannt - op eng Rei vu strategesch Entwälzungen, déi am Moment an hirer Gesellschaft stattfannen, niewent der dramatescher wirtschaftlecher Situatioun an och nach de soziale Konflikter, déi an der Lufthansa am Moment an deene leschte Woche relativ staark waren.

Duerfir respektéiere mer de Wunsch vun der Lufthansa, bei der grondsätzlecher Bereitschaft an der Zilsetzung kloer ze sinn, mä fir d'Ëmsetzung, déi praktesch Ëmsetzung, respektéiere mer, dass se sech déi Zäit hëlt.

Mir hunn iwwerens - Däerf ech dat soen, Här Meisch? - och als Luxair en Intérêt do am Moment nom Prinzip ze fieren: «Il est urgent d'attendre.», well, wa mer elo géifen diskutierten iwwert de Präis vun deem Paquet, deen d'Lufthansa géif iwwerhuelen, a mir géifen extern Experté chargéieren, fir eng Evaluatioun ze maache vum Wäert vun dem Aktiopaquet, dee sécherlech an dieser aktueller Zäit eng schwierig Operatioun wär, déi vläicht zuongonschte vun der Luxair géif ausgoen, wéi iwwerens par rapport zu villen aneren Gesellschaften och, déi am Moment an engem staarken Drock, an enger staarker Situatioun duerch déi Turbulenzen, déi mer kennen, sinn. Dat huet also, mengen ech, keng negativ Effeten am Moment op d'Gesellschaft.

Kloer ass, dass mer - ech mengen, dat berouegt lech e bëssen an där Fro - natierlech

net wëllen ënnert deem Wäert verhandelen, fir dee mer den Aktiëpaquet och erworben hunn. Ech mengen, dat schéngt mer evident ze sinn. Mä ech mengen, duerfir huet ee vläicht besser, e puer Wochen oder Méint an d'Land goen ze loosse, fir do eng méi stabil a roueg Phas dobause kennen ze léieren, fir déi Ëmsetzung dann do ze maachen.

Ech géif also als Konkusioun soen, dass de Lëtzebuurger Stat mat deenen anere Partnern - Spuerkeess an och Panalpina - sech mat der Lufthansa iwwert déi grondsätzlech Zilsetzung a Bereitschaft, fir de Paquet ze hiewe vun 13% op mindestens 20%, eens ass, dat och textuell zréckbehalen huet an engem Pacte d'actionnaires, mä fir déi praktesch Ëmsetzung mer dann e bëssen den Otem unhalen, fir, wa méi roueg Zäite kommen, déi dann och iwwert d'Bühn ze bréngen.

Ech hunn dat, fir e leschten Délai, ech weess net, ob - wéi Dir gesot hutt - parfois le hasard fait bien les choses, dass dat just haut de Fall ass. Ech wëll lech just soen, dass dee leschten Termin, wou mer déi dote Bereitschaft an déi do Zilsetzunge festgemaach hunn, de 4. März war, wou ech an engem Gespréich mam Lufhansa-Chef, dem Här Wolfgang Meyerhuber, déi do Linn an déi do Prinzipien nach eng kéier arrétiert a bekräftegt hunn, fir dann ze kucken, wéi mer weiderkommen.

A Konkusioun also - well ech mengen, domadder ass et net gedoen - ass, dass an der éischter Phas de Paquet Fortis sech wäert opdeelen an deen Deel vun dem Droit de préemption, deen de Stat iwwerholl huet - mir hu jo eisen Deel un dem Paquet, eis 23% vun deenen 13% gezunn, d'Spuerkeess d'selwecht -, an ech mengen, dass dann dee Rescht-Paquet, dee bleift, dann dee Paquet ass, wou mer d'Bereitschaft an d'Zilsetzung mat der Lufthansa zréckbehalen hunn.

An dann ass eis jo bal iwwer Nuecht och nach de Paquet vun der Dexia an den Aktionariatspaquet vum Stat gefall fir de symboleschen Euro. Och do sinn d'Diskussiounen iwwert déi Transaktioun amgang, déi e bësse méi schwierig ass, well natierlech och do en Droit de préemption herrscht fir déi aner Aktionären am Rahme vum Paquet vun der Luxair, en Droit de préemption awer erausgi fir e Paquet, dee fir de symboleschen Euro, ass vläicht eng schwierig Situation, esou dass mir amgang sinn do ze kucken, wéi mer dat kënnen ëmwälzen.

An da stellt sech natierlech déi nächst Fro hannendrun: Wat maache mer da mat deem do Paquet?

Och do hu mer eis an der Regierung verstännegt, dass mir net wëllen iwwer Weideres Propriétaire bleiwe vun deem Paquet do, mä och do interesséiert sinn, fir mat anere Partnern, deemselwechte Partner wéi elo oder mat aneren, ze diskutieren. Eenzel Gespréicher doriwwer hu mer och gefouert, fir ze kucken, wéi dann deen zweeten Deel do ka sinn.

Mir sinn am Prinzip grondsätzlech der Meinung gewiescht, dass den Undeel vum Stat, also dat wat de Stat selwer huet als Aktien, an dat, wat d'Spuerkeess huet, dass dat ënner 50% soll leien. Dat ass déi Zilsetzung, déi mer eis ginn hunn, an ech mengen, dat ass also eng, déi mer dann an enger nächster Phas och mussen diskutieren.

An der strategescher Ausrichtung wëll ech awer soen, an ech géif vläicht mengen, wéi bei deem Punkt virdu vun der Dagesuerdung, och wa se an der Bedeitung ganz ënnerschiddlech ze bemiesse sinn, dass et natierlech eng gutt Geleeënheet wär, och dat an der Transportkommissioun, vläicht och mat anere Kommissiounen dozou eng kéier ze maachen, mat deene Responsablen och vu lux-Airport an och vläicht vun der Luxair, fir déi strategesch Diskussiounen, well Dir erlaabt, dass een och net alles op der Place publique ka soen, wat den Intérêt vun der Gesellschaft kéint betreffen.

Ech mengen awer, dass déi strategesch Ausrichtung ganz kloer ass, souwuel bei der nationaler Fluggesellschaft, déi grad wéi de Flughafen selwer sech als eng Referenzgesellschaft an der Groussregioun gesäit, an och dee Rôle mat deem neie Flughafen, a sech mat där Strategie „Building a New Airline“ an deene leschte Joren

och d'Moyenë ginn huet, an der Tarifpolitik virun allem méi aggressiv virgeet wéi jee virun, mat och engem gewëssenen, fir net ze soen engem ganz bestëmmten Succès. Ech mengen, et bleift, dass mer op eng gewësse Qualitéit setze par rapport zu anere Gesellschaften, déi en anere Wee ginn.

Doriwwer, mengen ech, brauch een elo net ze diskutieren. Dat ass den Intérêt vun der Luxair, an déi Richtung ze goen an och do eng vernünfteg Politik ze maachen, eng vernünfteg Dividendepolitik ze maachen, eng Politik vu Récklagen ze maachen. D'Luxair ass finanziell eng extrem gesond Gesellschaft, ech géif bal soen, déi eng ganz breet Kriegskasse huet, fir och déi puer Méint, déi mer am Ament amgang sinn ze erliden, kënnen weiderzegoen.

Ech wëll vläicht, Här President, awer soen zum Schluss, dass, wann ech kucken, wéi sech d'Saachen entwéckelt hunn an deene leschte puer Joer, da muss een awer soen, dass net nëmme d'Ziel vun de Passagéier an d'Luucht gaangen ass, vun 1,5 op 1,7 Milliounen, mä dass och d'Flugziler, fir och dem Här Spautz ze äntwerten, dass d'Flugziler, déi vu Lëtzebuerg ugeflu ginn, vun 2005 bis haut vun 62 Ziler op 70 an d'Luucht gaange sinn.

An och, fir och kloerzemaachen, dass de Flughafen Lëtzebuerg net eng Propriétéit ass vun der Luxair, mä dass d'Strategie gemaach gëtt vu lux-Airport, net vun der Luxair. Ech mengen, dat ass e groussen, wesentlechen Ënnerschied an der Tëschenzäit, dass d'Fluggesellschaften, déi um Flughafen douwen operieren, vun zéng op 14 an d'Luucht gaange sinn. De Flughafen Lëtzebuerg ass net nëmme d'Luxair, dat sinn 13 aner Gesellschaften, déi um Flughafen och amgaange sinn ze operieren.

E lescht Wuert...

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Jo, Här Minister, Dir musst wierklech zum Schluss kommen!

» **M. Lucien Lux, Ministre des Transports.** - Pardon! Ech wollt e Wuert zu der wirtschaftlecher Situatioun soen, mä vläicht kënnen mer dat dann och enger Réunion à part an deenen nächsten Deeg eng kéier diskutieren.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat, Dir Dammen an Dir Hären, ass dese Punkt vum Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen elo zu enger Question urgente vum honorabelen Här Bettel un d'Madame Familljeministesche iwwert den Zougank vun de Chèques-services fir d'Demandeurs d'asile.

8. Question urgente N°3242 de M. Xavier Bettel relative aux chèques-services - demandeurs d'asile

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Merci och, dass d'Urgence unerkannt ginn ass vun deser Fro, well et nämlech bei verschidde Gemengen eng Interpretatiounsfro ass, wéi et elo mat de Chèques-services geet bei Sans-papiers oder bei de Réfugiéen.

An der Gemeng Lëtzebuerg, wou mer och mam Problem konfrontéiert sinn, hu mer d'Décisioun geholl, mir géife se dann huelen, well am Ministère gesot ginn ass, si wéissten net ganz genau, wéi se dat sollten handhaben. Do huet een awer Leit vis-à-vis vu sech sätzen, an do hu mer decidéiert, an déi Richtung ze goen. Et wier awer ganz interessant, ech mengen och fir déi aner Gemengen, ze wëssen, wat se solle maachen, wa se e Réfugié oder e Sans-papiers hunn, dee fret, fir de Benefiss vum Chèque-service kënnen ze kréien.

Ech mengen, et ass gerecht, déi Décisioun, déi mir geholl hunn, an ech wier och frou, wann dat och d'Regierung géif deelen.

Déi aner Fro stellt sech och bei Kanner, déi an der Édifff sinn an déi iwwer zwielef Joer al sinn. D'Gesetz gesäit jo vir, dass ee bis ënner 13 Joer kann de Benefiss vun de Chèques-services kréien. Do wollte mer och kucken, wéi d'Léisung wier. Et sinn Interpretatiounsfroen, déi net gutt sinn, wann en Text do ass. Virun allem Ënn dës Mounts kommen déi éischt Rechnungen eraus, an dofir wier et gutt, wa mer géife wëssen, ob dat déi richteg Décisioun sinn, déi geholl gi sinn, oder net.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - D'Madame Familljeministe Marie-Josée Jacobs huet d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President. Ech wollt dem Här Bettel äntwerten, dass d'Stad Lëtzebuerg, wéi sou dacks an deenen dote Froen, déi zesummenhänke mat de Kanner vu Réfugiéen an ähnleche Kanner, ëmmer beispillhaft war an an deene leschten zéng Joer, wou mer ganz vill Kanner haten, déi vun iwwerall op der Welt kommen sinn, net eng kéier eis Problemer gemaach huet fir ze soen, mir hunn ze vill där doter Kanner an eise Klassen oder hei oder do.

Och dës kéier hutt Der selbstverständlech erëm déi richteg Décisioun geholl, déi och all déi aner Gemenge sollen huelen, well wa Kanner an eng Schoul ginn, da si se jo do an der Gemeng, an dann ass et fir mech evident, dass se dann och den Zougank hunn zu deenen doten Infrastrukturen. Dofir ass et gutt, dass mer och all deenen anere Gemengen, déi da vläicht Zweifel doriwwer haten, op deem heite Wee kënnen déi Informatioun ginn.

Déi zweet Fro, déi den Här Bettel gestallt huet, ass eng, déi ee muss, denken ech, am cas par cas kucken: Kanner, déi an der Édifff sinn an déi iwwert de Schoulalter eraus sinn. Mir hunn am Reglement drastoen, dass ee kann iwwert de Schoulalter eraus awer, wann ee seng Primärschoul net fäerdeg huet, an d'Maisons-relais kommen - jo, déi komme jo sécher net méi an d'Crèche, mä an d'Maisons-relais.

Et muss een awer gesinn, dass déi Kanner, déi ewell dräi Nomëtter an der Woch ganz an der Édifff bleiwen, ganz dacks och Kanner sinn, dat weess ech aus den Erfahrungen, déi ee mat den Elteren huet, wou dann nach aner Therapië gemaach ginn, sou dass ganz dacks iwwerhaupt net méi vill Zäit iwwreg bleift, wou een iwwerhaupt kéint an eng Maison-relais goen.

Et ass och kloer, dass ee muss kucken, wann dat wierklech awer Jugendlecher sinn - ech kann dann och net méi vu Kanner schwätzen -, déi awer 18 Joer al sinn, dass een och muss kucken, ob dat awer nach fir déi eppes bréngt, wa se géifen an eng Maison-relais kommen, wou dann awer déi aner Kanner zwielef Joer al sinn. Dofir géif ech proposieren, dass een och do soll am cas par cas kucken, ob dat sech iwwerhaupt maache léisst an ob et sennvoll ass an och wierklech am Interessi vun deene behënnerter Kanner.

Mä et ass richtig, dass déi Kanner och audelä vum Âge scolaire, sou wéi et am Reglement drasteet, kéinten do ënnerkommen. Datt se och déi aner Zäit, wéi gesot, wëllkomm sinn, do ass iwwerhaupt keen Zweifel drun. Mä wéi gesot, an deene spezielle Situatiounen, géif ech mengen, soll ee wierklech kucken, wat am Interessi och vun deenen dote Kanner ass.

Merci, Här President.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Familljeministesche, fir déi kloer a prezis Ausféierungen. Da komme mer zu dem nächste Projet vun eisem Ordre du jour. Dat ass deen iwwert d'Traite vun den tres humains. Den Här Bettel, den Här Angel, d'Madame Loschetter an den Här Henckes si bis elo ageschriwwen. D'Wuert huet elo d'Rapportrice, d'Madame Sylvie Andrich-Duval.

9. 5874 - Projet de loi sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile

Rapport de la Commission de la Famille, de l'Égalité des chances et de la Jeunesse

» **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim virleiende Gesetzesprojet geet et ëm d'Afféierung vun Hëllef- a Schutzmoosname fir déi Persounen, déi Affer si vum Menschenhandel, eent vun de rücksichtslosen a brutaalste Verbrüchen, déi et gëtt, dat kaum Halt mécht viru Grenzen. All Joer sinn dausende vu Mënschen, an der Majoritéit Fraen a Kanner, Affer vu Menschenhandel, an dat an hirem eegene Land gradesou wéi am Ausland. An d'Tendenzen ass steigend. Et geet drëms, d'Sécherheet vun deene Persounen ze garantieren an och preventiv an deem Beräich virzegoen.

All dës Volete sinn ofgedeckt duerch dräi international juristesche Instrumenter. Dat sinn éischtens, d'Konventioun vum Europarat iwwert de Kampf géint de Mënschenhandel vun 2005; zweetens, den Zousazprotokoll zu der UNO-Konventioun géint déi organisiert grenziwwergräifend Kriminalitéit aus dem Joer 2000, och nach Palermo-Protokoll genannt; an drëtts, d'Direktiv 2004/81/CE, wou et ëm den Openthalt vu Persounen aus Drëttlänner geet, déi Affer vu Mënschenhandel sinn oder déi gehollef kruten, illegal an d'Land ze kommen, an déi mat deene jeeweiligen Autoritéiten zesummeschaffen.

Déi zwou éischt international Konventiounen sinn ënner anerem viru kuerzem an engem separate Gesetzesprojet iwwert de Mënschenhandel, den N°5860, dee vun der honorabeler Madame Doerner presentéiert gouf, hei an der Chamber approuvéiert ginn.

An deem Kontext sinn dann och nei strafrechtlech Moosname virgesi ginn, an de Mënschenhandel gëtt als eng Infraktioun fir sech am Code pénal virgesinn.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Aus deem Gesetz gouf iwwregens déi erweidert Beschriewung vum Mënschenhandel iwwerholl. Iwwert déi sexuell Ausbeutung an Zwangsprostitutioun eraus, déi nach ëmmer dee gréissten Deel vum Mënschenhandel ausmaachen, sinn och de Kannerhandel zu Adoptiouns- a kriminellen Zwecker, den Organhandel an d'Versklavung mat ageschloss.

Wat deen drëtten Text ubelaangt, déi europäesch Direktiv, esou gouf déi deels ëmgesat am Gesetz vum 29. August 2008 iwwert d'fräi Zirkulatioun vun de Persounen an der Immigratioun an deels an deem virleiende Gesetzesprojet.

Et ass awer haaptsächlech op d'Konventioun vum Europarat, déi sech op d'Mënscherechter an den Afferschutz zentriert, wou de virleiende Gesetzesprojet N°5874 sech baséiert.

Dann ass dese Gesetzestext och nach am Zesammenhang mam Gesetzesprojet N°5156 ze gesinn. Do solle jo d'Rechter vun den Affer vun den Infraktiounen gestärkt an den Zeieschutz verbessert ginn. Fir den Zeien ass et zum Beispill wichteg, fir anonym kënnen auszesoen.

DHaaptelementer vum Gesetzesprojet si folgend:

Vum éischte Kontakt u vum Affer mat der Police sollen agréiert a konventionéiert Hëllefsservicer intervenieren, esou ähnlech wéi mer dat beim Gesetz géint déi häuslech Gewalt hunn. Hir Interventioun gëtt hei awer méi detailléiert beschriwwen, soll méi laang daueren a kann ambulanter oder stationärer Natur sinn.

D'Police kritt nei Aufgaben: de Kontakt zum Beispill mam Hëllefsservice hierstellen, d'Affer ze informieren iwwert déi gesetzlech Méiglechkeeten, déi et huet, an och iwwert déi penal Prozedur. Et ass zum Beispill en Délai virgesinn am Immigratiounsgesetz, deen de Persounen aus den Drëttlänner, déi présuméiert Affer sinn, et erméigleche soll, sech nees opzebauen a sech de Mënschenhändler hirem Afloss ze entziehen. Si kënnen sech dann och während deem Délai iwwerleeën, fir mat de jeeweiligen Autoritéiten zesummeschaffen. Fir all dës Missiounen soll d'Police speziell geschoult ginn, besonnesch fir en Affer opgrond vun Indizien ze identifizieren.

D'Affer kréien dann op ganz villfälteg Aart a Weis gehollef, um Niveau vun der Sprooch zum Beispill. Si kréien awer och sozial, éducativ, medezinesch, therapeutesch, finanziell oder juristesche Hëllef. Am Fall vu manerjähregen Affer, déi eleng sinn, gëtt eng Virmundschaft an d'Wee geleet.

De Schutz vun den Affer muss duerch d'Police an d'Hëllefsservicer garantéiert ginn, déi ganz enk mussen zesummeschaffen duerch den Austausch vun Informatiounen. Den Affer muss kënnen en Ënnerdaach ugebuede ginn. Si kënnen duerch speziell Référésmoosname geschützt ginn, an dat géigeniwwer vun deene Persounen, déi probéiere se anzuschlechteren, och ähnlech wéi beim Gesetz géint déi häuslech Gewalt.

Et soll dann och méiglech sinn, Statistiken iwwert de Mënschenhandel ze erstellen, wat ganz wichteg ass, fir dese Phenomeen effikass ze bekämpfen.

Schlussendlech gëtt e Comité agesat, deen d'Aktiounen am Beräich vum Mënschenhandel soll koordinieren, déi virleiend Gesetzgebung soll evaluieren an de Suivi vum Phenomeen vun der Traite soll iwwerhuelen. Dese Comité ass de nationale Pendant zu engem ähnleche Comité op europäeschem Niveau.

Dann zu den Aarbechte vun der parlamentarescher Kommissioun. De Projet de loi N°5874 ass vun der Ministesch vun der Chancëgläichheet, der Madame Marie-Josée Jacobs, den 22. Abrëll 2008 hei an der Chamber déposéiert ginn. Et louch en Exposé des motifs, e Kommentar vun de jee-weilegen Artikelen gradesou wéi eng Fiche iwwert de finanziellen Impakt bái. An der Réunion vun der Chancëgläichheetskommissioun vum 22. September 2008 huet d'Madame Minister de Membere vun der Kommissioun de Projet virgestallt. Bei dārselwechter Geleeënheet gouf ech als Rapporteuse bestëmmt.

Et koumen Avisen era vum interministerielle Comité vun der Gläichheet tëschent Fraen a Männer, vun der Privatbeamtekummer, der Kummer vun de Statsbeamten, der Handelskummer, dem Comité du Travail féminin, e gemeinsamen Avis vun der Fondation Caritas, der A.s.b.l. Femmes en détresse an der Fondation Maison de la Porte ouverte gradesou wéi vun der Handwerkerkummer, dem Nationale Fraerot an der Aarbechterkummer.

Da koom och nach en Avis vun der Mënscherechtskommissioun eran, mä leider waren d'Aarbechte vun der parlamentarescher Kommissioun zu deem Zäitpunkt schonn ofgeschloss.

Dem Statsrot säin Avis vum 3. Februar 2009 gouf an der Familljen-, Chancëgläichheits- a Jugendkommissioun vum 18. Februar analyséiert. Den 10. Mäerz hunn d'Membere vun der Kommissioun decidéiert, fir eng Rei technesch Upassungen am Gesetzestext virzehuelen, haaptsächlech wéinst Gesetzesreferenzen op Gesetzer, déi entretemps gestëmmt goufe respektiv nach um Instanzeweie sinn. Dëst gouf dem Statsrot zur Informatioun an engem Bréif matgedeeit.

An dārselwechter Sitzung gouf dann och de Rapport majoritär ugeholl. Et ass also probéiert ginn, d'Aarbechten esou zügeg wéi méiglech ofzeschleissen, vu de grouse Volume vu legislativer Aarbecht, deen nach an dēser Legislaturperiod an d'Haus steet.

Erlaabt mer elo e bēsse méi am Detail op dem Statsrot säin Avis anzegoen. D'Membere vun der parlamentarescher Kommissioun hunn dem Statsrot sengen Awānn grēsstendeels Rechnung gedroen, mā verschidde Propose vum Statsrot goufen net suivéiert. Generell begrēsst de Statsrot all nētzlech Moosnamen, déi dem Phänomēen vum Mēnschenhandel e Rigel virschieben, an e weist drop hin, dass d'Wirkksamkeet vu senger Bekāmpfung haaptsächlech vun enger konsequenter a resoluter Uwendung vun de bestehenden Texter an deenen, déi nach um Instanzeweie sinn, ofhāngt.

Da kommentéiert déi héich Kierperschaft, dass déi Moosnamen, déi an den Artikelen 3, 5 a 7 bis 11 opgefouert ginn, ēischer an e Regierungsprogramm géife passen. Mā d'Membere vun der Kommissioun hunn d'Madame Minister suivéiert am Rāsonnement, dass eng Konventioun vum Europarat ēischer misst duerch e Gesetz ēmgesat ginn, wéi duerch e Regierungsprogramm. Dofir sinn déi Artikelen och bāibehale ginn, bis op den initialen Artikel 10.

An dēsem Artikel sollen nāmlech éducativ Programmer agefouert ginn an de Schoulen, fir haaptsächlech dee preventive Volet ofzedecken. De Statsrot huet awer drop higewisen, dass dēst an der Kompetenz vun der Unterrechtsministère lāit an och soll do bleiwen.

Well de Statsrot sech ganz detailléiert mat de verschidde Artikelen ofginn huet, wēll ech hei just op déi wichtegst Remarquen agoen.

Ugefaang beim Titel vum Gesetzesprojet, wou proposéiert gouf, den Term „sécurité“ dran ze integréieren, fir an der logescher Suite vum Artikel 94 vum Immigrationsgesetz vum 29. August 2008 ze bleiwen. Dann huet de Statsrot nach proposéiert, fir d'Wuert „et“ virun „modifiant le Nouveau Code de procédure civile“ bāizesetzen, am Fall wou d'Kommissioun den initialen Artikel 15 géif bāibehalen.

Deen initialen Artikel 15 gouf effektiv bāibehalen, mā entgéint dem Statsrot senger Propos. Hie mengt, dass Aschüchterungsversucher géigeniwwer den Affer vun Mēnschenhandel respektiv géigeniwwer deenen hire Familljemembere oder géigeniwwer den Hēllefsservicer ēischer ēnnert d'Kompetenz vun penale Riichter géife falen, wéi vun Riichter vum Zivilgeriicht. Mā vu d'Erfarunge mat der Uwendung vun deene vergläichbare Moosnamen am Gesetz vum 8. September 2003 géint déi häuslech Gewalt, konnt d'Kommissioun dēs Meinung net deelen. Et gētt zum Beispill ēmmer méi heefeg d'Verbuet ausgesprach, dem Affer

op enger gewēsser geographescher Distanz ze no ze kommen, fir et esou besser ze schützen.

De Statsrot huet dann och am neien Artikel 1 eng nei Definitioun vum Affer proposéiert, fir dass eng Persoun och schonn opgrond vun Indizien, an net erēischt nodeems et erweisen ass, als Affer kann ugesi ginn, wēinst der Gewalttātegkeet an der Brutalitēit vun deenen oft international organisēierte Kriminellen. Sou kann dēs Persoun scho ganz fréizāteig vun deenen nei agefouerte Schutzmoosname profitéieren. No enger lāngerer Diskussioun iwwert d'Identifikatioun vun engem Affer huet d'Kommissioun dēs Propos vum Statsrot ugeholl.

Beim initialen Artikel 3 huet de Statsrot nieft anere Remarquen och drop higewisen, dass, wann Hēllefsmoosname sech gläichermoossen uwenden op europāesch Statsbiurger a Bierger aus Drēttlāner, da wār ze bedenken, dass dat net esou wār, wann déi europāesch Bierger net iwwert déi néideg finanziell a materiell Ressourcē géife verféigen.

An der parlamentarescher Kommissioun gouf dunn ēnnerstrach, dass d'Gesetz ausdrēcklech spēcifiēiert, dass déi Bierger automatesch d'Konditioun vum Artikel 6, Paragraph 2 vum Immigrationsgesetz géifen erfēllen, also keng Charge fir de Sozialhēllefssystem duerstellen, well se duerch dee virleiende Gesetzesprojet scho materiell a finanziell Hēllef zegutt hätten an esou mat deenen anere glāichgestallt wāren an ēnert de Prinzip vun der Libre circulation falen. Fir méi kloer ze sinn, gouf dann nach an deem Kontext op Nofro vum Statsrot den Ausdrock „personne citoyenne de l'Union europēenne“ duerch „victime citoyenne de l'Union europēenne“ ersat.

Beim initialen Artikel 5, wou et drēms geet, d'Ausübung vun enger beruflecher Tātegkeet an den Accès zur Formatioun op d'EU-Bierger ze limitéieren, huet de Statsrot eng Opposition formelle ausgesprach, am Fall wou den zweete Paragraph vun deem Artikel esou restriktiv fir EU-Bierger géif bleiwen. Dat géif de Bestēmmunge vum frāien Zougank zum Enseignement widersprechen a soumat dem Prinzip vun der Libre circulation. D'Kommissioun huet doropshin dēse Paragraph gestrach.

Den initialen Artikel 7 gesāit vir, dass d'Police, soubal wéi se Indizien derfir huet, dass eng Persoun Affer vu Mēnschenhandel wār, déi virgesinnen Hēllefsservicer muss benoerriichtegen an déi betraffe Persoun iwwert déi geriichtlechen a administrativ Prozedure muss oplklāren. Hei war initial virgesinn, dass d'Police misst d'Autorisatioun vum Procureur anhuelen, ier se d'Hēllefsservicer kontaktéiert. Dat fēinnt de Statsrot iwwerflēsseg, well de Procureur jo net bei der Identifikatioun vun deem Affer intervenéiert. Dat gouf also och ewechgelooss op Décisioun vun der Kommissioun.

Zuglāich huet d'Kommissioun déi wichteg Roll vun der Police bei der Informatioun vum prēsümüierten Affer bāibehalen, entgéint dem Avis vum Statsrot, well d'Police soll jo, wéi all déi aner Acteuren, eng speziell Formatioun an deem Berāich matmaachen. Wat dēs Formatioun ubelaangt, déi am initialen Artikel 11 geregelt gētt, huet de Statsrot gemengt, et wār net néideg, dat extra ze regelen, well de Stat souwisou d'Verpflichtung huet, op all Niveau qualifizéiert Personal anzesetzen.

Déi parlamentaresch Kommissioun huet awer fonnt, dass et sech hei ēm eng spēcialiséiert Formatioun handelt, déi all déi Leit, déi am Berāich vun der Bekāmpfung vum Mēnschenhandel op de Plang geruff sinn, misste matmaachen. Dēs Formatioun geet also méi wāit wéi just e generellen Afēierungscours.

Dann huet déi héich Kierperschaft am initialen Artikel 12 dorop higewisen, dass, fir dass d'Membere vum Comité de suivi vun dem Phänomēen vum Mēnschenhandel, deen nei agesat gētt, vu Jetons de présence kéinte profitéieren, dēst ausdrēcklech am Gesetz muss virgesi sinn an net nēmmen an engem groussherzogleche Reglement, an dat laut Artikel 32(2) vun der Constitutioun. Dēs Upassung gouf och du vun der Kommissioun iwwerholl.

Schlussendlech kommen ech nach op eng weider Opposition formelle vum Statsrot ze sprächen, an zwar zum initialen Artikel 14. Do war virgesinn, en neien Delikt anzefēieren, deen dora besteet, dass am Fall vun Zwangsprostitutioun dee Client, dee wēs-sentlech op dēs Servicer zrēckgrāift, kéint als Kompliz bestrooft ginn. Or, de Statsrot mécht d'Remarque, dēsen Artikel hātt dann am Gesetzesprojet N°5860 iwwert de Mēnschenhandel missen als eng eegen Infractioun integréiert ginn. An dat Gesetz ass jo awer entre-temps gestēmmt ginn. Déi héich Kierperschaft gesāit net, dass hei eng Kom-

plizitēit festgestallt gētt beim Client, well e sech net direkt oder indirekt un der Infractioun vum Mēnschenhandel bedeelegt huet, an d'Vefaasser vum Gesetzestext sech also zu Onrecht op den Artikel 67 vum Code pénal beruff hunn.

Bis elo huet nom Wēsse vum Statsrot nach keen anert Land esou eng eege Gesetzgebung agefouert. Och besteet déi zousätzlech Schwierēgkeet, fir deen Delikt ze identiféieren, well eng Beweisführung, ob e Client am Virfeld wusst, dass en op d'Servicer vun engem Affer vum Mēnschenhandel zrēckgegrāift huet oder net, dierft schwierēg ginn.

Ech wēll an dēsem Kontext och op de mēndleche Rapport vun der honorabeler Madame Christine Doerner opmierksam maache beim Vote vum Gesetzesprojet 5860 iwwert de Mēnschenhandel, wou dēse Punkt och vun hir kommentéiert gouf.

Doriwwer eraus sinn dann nach redaktionellen a verschidde anere Remarquē vum Statsrot Rechnung gedroe gi respektiv och net suivéiert ginn. Fir all dēs Detailer verweisen ech awer op māi schrēftleche Rapport.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach zum Schluss e puer Mercien auszedeelen, un ēischer Stell un d'Mataarbechter vum Greffe an aus der Fraktioun, mā och un d'Madame Minister vun der Chancëgläichheet an hir Beamten, gradesou wéi un d'Membere vun der Kommissioun fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht.

An heimat ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun zum virleiende Projet an lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **Mme le Président.** - Merci, Madame Rapporteuse, fir Äre Rapport a fir d'Zousou vun der CSV-Fraktioun. Deen nächste Riedner ass den Här Bettel.

Discussion générale

►►► **M. Xavier Bettel (DP).** - Madame Presidentin, ech soen lech Merci. Fir d'ēischt wēll ech der Rapporteuse och Merci soe fir hire Rapport.

Ech muss lech soen, den Text, dee mer am Ufank haten, an den Text, deen elo kēnt, sinn och net dēiselwecht. Wa mer den Text behalen hätten, deen am Ufank vun der Regierung déposéiert ginn ass, kann ech mer kaum virstellen, dass mer deen hätte kēnnen mat zwee Hānn ēnnerschrēiwen.

Firwat? Erlaabt mer, dass ech op drāi Punkten aginn, wou deen ee méi kritesch ass wéi deen aneren. Fir d'ēischt en général kann ee soen, dass een e bēsse bereit, dass dēsen Text elo kēnt, wou een elo en aneren Text scho virun e puer Wochen hat. Et wier vlāicht gutt gewiescht, et hātt een en eenzegegen Text gehat fir dat Ganzt, mā den Découpage an der Regierung huet gewollt, dass ee mat zwee verschidde Texter konfrontéiert war.

Fir d'ēischt eng kleng Bemierkung zum Artikel 10. Ech mengen, de Statsrot huet et scho gesot: Wann een den Text vun Ufank liest, dat wor: «Afin de décourager la demande qui favorise toutes les formes d'exploitation des personnes aboutissant à la traite, il sera veillé à ce que les programmes éducatifs à destination des filles et des garçons au cours de leur scolarité soulignent la dignité et l'intégrité de chaque être humain, y compris en rapport avec la sexualité, l'importance de l'égalité entre les femmes et les hommes, le caractère inacceptable de la discrimination fondée sur le sexe et toutes autres discriminations ainsi que leurs conséquences néfastes.»

Wéi gesot, Madame Presidentin, dat ass schēin, et liest een et gutt, mir sinn allegueren averstanen, mā esou een Text huet nāischt an engem Gesetz ze dinn. D'Regierung huet gesot, et soll an e Programme gouvernemental stoe kommen. Mir sinn eis do eens, an engem Reglement ze schreiwen, dass ee misst e Programme éducatif maachen, virun allem hei gētt elo invoquéiert, dass et, well d'Madame Delvaux d'Kompetenzen huet fir d'Schoulen, duerfir net dra kēnt. Ech mengen, esou eppes huet nāischt an deem heiten Text op jidde Fall ze dinn.

Wa mer weiderfuere, Madame Presidentin, iwwert d'Formatioun, ech muss lech just soen, hei steet dran, dass de Personnel des services de police muss eng Formatioun maachen: «...sont tenus de suivre des cours de formation dispensés à leur attention et axés sur l'identification des victimes, les droits de la personne humaine et la protection des victimes contre les trafiquants.»

Ech wier ganz frou, wann eis Kommissioun kéint informéiert ginn eng Kēier, wat déi verschidde Formatiounsméiglecheete sinn,

déi een do kann hunn. Et steet „sont tenus“. Wat geschitt, wa se dee Cours net matmaachen? Do steet och keng Sanktioun dran.

Ech stelle just eng oppe Fro: Wéi geet dat do weider op jidde Fall mat deem Punkt? Ech hat et och schonn an der Kommissioun gesot, duerfir erlaben ech mer, dat och hei ze soen.

Madame Presidentin, dee Punkt awer, dee mech am Text vun der Regierung awer dēs le départ wierklech ganz iwwerrascht hat, dat wor den Artikel 14. Den Artikel 14, dat wor, an ech zitieren den Dépôt vum Gesetz vun der Regierung, dat wor deen, wou d'Complicité de traite des êtres humains fir eng Persoun, am Fong de Client ass bestrooft ginn, wann e bei eng Prostituéiert gaang ass an e gewosst hātt, dass déi Persoun Victime wier vun der Traite des êtres humains.

Hei muss ee mer et awer erklāren. Dat heescht, meeschtens gētt jo gesot, et ass ēmmer Traite des êtres humains. Dat heescht, wa mer deen doten Text gestēmmt hätten, da géif dat soen, dass awer verschidde Leit - mer géifen awer dann unerkennen - net Victime vun der Traite des êtres humains an e Choix personnel doraus gemaach hätten, fir sech ze prostituieren. Dat ass déi ēischt Saach.

Déi zweet Saach ass, dann ass jo en Element hei dran, dat ass jo deen, dass ee muss wēssen, dass déi Persoun Victime ass vun der Traite des êtres humains. Wéi weess een dat? Wéi kann een esou eppes roden? Dat heescht, d'Gericht an de Parquet hätte sech do awer wierklech ferm amüséiert, fir esou eppes kēnnen erauszkrēien.

An dann nach, erlaabt mer, Madame Presidentin, dass ech den Text vun der Regierung zitieren, dee se eis déposéiert huet: «Même si la Convention du Conseil de l'Europe n'oblige pas à punir le client de la victime de la traite, mais uniquement à envisager de le faire et même si, en pratique, il sera difficile de prouver l'élément moral, le Gouvernement est d'avis que le client se rend coupable de complicité en favorisant la traite au lieu d'apporter secours à la victime.»

Dat heescht, mir gesinn awer ganz eenditeg, Madame Presidentin, hei d'Positioun vun der Regierung, déi wēllt an de schwedesche Modell goen, dat heescht, dass de Client bestrooft gētt. Dat kann een hei schwaarz op wāiss liesen.

Ech muss lech soen, déi Hypokrisie, déi mer hei an deem Land hunn,...

(Interruptions)

...ech hunn et schonn hei zitēiert, erēnnert lech, wou den Här Frieden selwer sot, e géif „Luxbazar“ net kennen. Erēnnert lech, mir hate virun e puer Joer hei, ech hunn nach esou dār Annoncen hei virgelies un „Berta a vun Ingrid reçoit“. Ech hat se hei virgelies. Hei si vill Leit ēnnergaang, wéi ech dat zitēiert hunn, iwwer all Fantasmes sexuels, déi an deene verschidde Annoncen dra waren.

Dem Här Frieden seng Äntwert war: „Dir dierft net vergiessen, toute incitation à la prostitution par voie écrite - steet am Code pénal - gētt strafbar gemaach.“ Den Här Frieden ass deen, dee kann dem Parquet eng Injonctioun ginn, fir eng Affär ze poursuiwieren. „Luxbazar“ huet bis haut keng Injonctioun kritt. An d'Zeitong ass nach ēmmer voller - wat een esou nennt - Speckannoncen. Eng no dār anerer hutt Der sāiteweis Annoncen, wou verschidde Prostituéiert Appel maachen.

Bon, d'Police ass och frou, well dat hēlleft hinne ganz vill, fir duerno Kontakt kēnnen ze krēien a verschidde Réseauen ze kontrollieren. Mā dat heescht, mir soen, Prostitutioun hei zu Lëtzebuerg ass erlaabt, et ass jo nach ēmmer net verbueden, mā et dierft ee keng Annonce maachen. Et ginn Annoncē gemaach, mā den Här Frieden léisst d'Affär net poursuiwieren. E kennt d'Zeitong jo net, ech misst ēm da vlāicht och eng schēcken.

Den Hotelier, deen enger Prostituéiert Zēmmer zur Verfügung stellt, fir de Match ze maachen, also fir...

(Brouhaha général)

...deen ass Proxénète; e Propriétaire, deen enger Prostituéiert en Appartement zur Verfügung stellt, ass Proxénète. Dat heescht am Fong, dass d'Prostituéiert selwer muss bei de Client heem goen, fir am Fong den Acte sexuel ze maachen, oder et am Auto da maachen, esou wéi et haut meeschtens de Fall ass. Dat heescht, dass do op der Gare anzwousch Stroosse sinn an dass se do duerno hiren Acte sexuel op der Strooss maache ginn. A mat deem heiten Text wollt am Fong d'Regierung erabrénge, dass am Fong de Client - dat kéint dann och hei aus dem Text eraus -, déi Persoun misst sinn, déi bestrooft gëtt. Mä da soll een dat soen. Et soll ee soen; et soll een net e bèsse probéieren, op déi eng an op déi aner Sait ze goen.

Wat wëlle mer? D'Prostitutioun ass erlaabt zu Lëtzebuerg. Da soll een och deene Leit, déi déi Aarbecht maachen, de Cadre légal schafen, fir kënnen anstänneg ze schaffen. Déi Leit solle kënnen ganz assuréiert sinn. Ech si wierklech derfir, dass een deene Leit eng Carte médicale gëtt, wou se dann eben och bei den Dokter ginn, an dass et eng Carte professionnelle gëtt an dass déi Leit oder an engem Eroscenter oder an engem Stonnenhotel kënnen hir Aarbecht ausféieren.

Firwat si mir hei zu Lëtzebuerg nees hypokritesch, andeem mer soen, d'Prostitutioun ass erlaabt, mä et kann een am Fong néierens de Beruff ausféieren?

Hei wéi gesot, Madame Presidentin, e waarmen Appel. Ech si frou, dass deen doten Text, op jidde Fall mam Artikel 14, esou wéi e virgesi war, net duerch d'Chamber haut geet. Ech hunn déi Hypokrisie net gär.

A Schweden gesäit een net, dass d'Zuel vun der Prostitutioun erofgaangen ass, au contraire, d'Meedercher beschwéiere sech, dass dat Ganzt nach méi an d'schwarz Zeen gelaf ass an dass dat Ganzt méi diskret geschitt an dass net manner Prostituéiert do sinn, a wann ech da gesot kréien: „Jo, mä da maache mer et hei zu Lëtzebuerg.“, wann een e klengt Land ass, wou awer d'Grenzen esou no sinn, dann ass dat just, fir hei awer dann en Hellegeschäin ze hunn, fir ze soen: „Zu Lëtzebuerg hu mir awer keng Prostitutioun méi.“ An dat Ganzt leeft dann op der Grenz.

Mir sollen net hypokritesch sinn, Madame Presidentin, a mir sollen, wéi gesot, dofir plädéiere mir, d'Fraktioun vun der Demokratescher Partei, fir d'Ouverture vun Eroscenteren oder Stonnenhotelen, et muss ee mat de concernéierte Leit kucken.

Wéi gesot, Madame Presidentin, ouni den Text, deen elo erausgeholl ginn ass vun der Kommissioun a mat deenen zwou Bemierkungen, déi do komm sinn, ass et awer wichteg, dass, wann een „d'Traîtres des êtres humains“, d'Traite des êtres humains,...

(Interruption)

...wann een déi kann nobeweisen, dass do sanktionéiert gëtt, a virun allem, dass déi Victimen, well do gëtt et, et ass net jidder-een, muss ee mengen, deen dat fräiwëlleg mécht, ech mengen, dat wësse mir grad esou gutt wéi déi aner Parteien heibannen. Et si verschidde Victimen a jonk Meedercher, déi aus verschiddene Länner tributär si vu Maquereauen a vu Leit, déi vun hirer fragiler Situatioun profitéieren. Dat muss ee bekämpfen an do muss een och deene Leit hëllef, wa si hei sinn, a si sollen och d'Recht kréien, well et ass jo näischt méi Schlëmme, dass ee Victime ass an dann och gesot kritt: „Du dierfs net schaffen an du muss zrëck an däi Land goen.“ Duerfir ass deen heiten Text och scho wichteg.

Mä wéi gesot, mir wäerten deenen Text stëmme mat deene verschiddene Bemierkungen, déi ech gemaach hunn.

Ech soen Iech Merci.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **Mme le Président** - Merci villmools, Här Bettel. D'Wuert huet elo den Här Angel.

» **M. Marc Angel (LSAP)** - Madame Presidentin, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert meng Interventioun baséieren op den Text, iwwert dee mer haut schwätzen, obschonn dat vläicht net esou

sexy ass wéi iwwer Speckannoncen a Prostitutioun ze schwätzen, wéi den Här Bettel et elo gemaach huet. Ech wollt awer elo emol ufänken an der Rapportrice, der Madame Sylvie Andrich-Duval, Merci soe fir hire gudde an ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Mir wëssen all, dass honnerttausende Mënschen all Joer Opfer si vum Mënschenhandel, a si liewen doduerjer Bedéngungen, déi dem Sklaventum gläichkommen. An deenen Opfer musse mir hëllef a Schutz bidden, an dorëms geet et jo genau bei dësem Projet.

Eng genau Zuel vu Victimen ass schwéier ze nennen, well de Mënschenhandel vill Formen unhëlt a sech deelweis an där sougenannter Ënnerwelt ofspilt. D'OIT, d'Organisation internationale du travail, schwätzt vu mindestens 2,4 Milliounen Mënschen all Joer.

Wann och d'Zuelen net ëmmer kloer sinn, sinn awer zwou Tatsaache ganz sécher: Déi éischt ass, dass d'Haaptvictimé vum Mënschenhandel Fraen a Kanner sinn, an déi zweet ass, dass den Handel mat Mënsche konstant augmentéiert.

De Mënschenhandel ass haut e weltwäit Geschäft an eng enorm Geldquell fir d'Trafikanten a kriminell Organisationsen. Niewent Waffen- an Drogenhandel soll de Mënschenhandel op drëtter Plaz stoen, wat déi grouss kriminell Aktivitéiten uginn.

De Mënschenhandel ass esou lukrativ, well mat iwwer enger Milliard Mënschen, déi op dëser Welt an extremer Aarmut liewen, ass d'Matière première - wann ech dat a Gänseféischercher däerf setzen -, also de Mënsch, a meeschtens d'Fraen an d'Kanner, déi bëllegst, déi et gëtt.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Mënschenhandel ass en Affront un d'Mënschewürd, deen ëmmer Psychoterror an och physesch Gewalt fir d'Victimé bedeit.

Et ass duerfir wichteg, dass d'UNO de Palermo-Protokoll ausgeschafft huet an de Conseil de l'Europe eng Konventioun géint de Mënschenhandel propagéiert. Déi zwee international Instrumenter hu mer hei den 11. Februar ratifizéiert an an eis Gesetzgebung integréiert. Mir hu virun allem déi penal Dispositiounen aus dem Palermo-Protokoll an aus där Konventioun ëmgësat.

D'Incrimination vun der Traite des êtres humains ass doduerch méi visibel ginn, well am Code pénal nach niewent dem Kapitel iwwert déi sexuell Exploitatioun an de Proxénétisme wéi gesot nach den Organhandel an den Travail forcé derbäikomm sinn.

Bei dësem Projet de loi vun haut geet et also haaptsächlech ëm de Volet Protection a Sécuritéit vun de Victimen. A wie Protection a Sécuritéit vu Victimé seet, dee muss och kënnen d'Victimen identifizéieren. An et ass duerfir wichteg ze erwähnen, dass mer an der Familljekommissioun d'Definitioum vum Term Victime op Recommendation vum Statsrot verbessert hunn.

Am ursprüngelechen Text stoung - ech zitéieren: «Victime est toute personne physique qui est soumise à la traite des êtres humains.» An déi nei Definitioum, déi net esou restriktiv ass wéi déi aner, déi heescht elo: «...toute personne physique qui peut être considérée sur base d'indices comme une victime présumée de la traite des êtres humains.» Ech mengen, et ass e wichtegen Detail, wann et och ëm d'Identifikatioun vun de Victimé geet.

Wann ech elo grad schonn de Statsrot ernimmt hunn, wëll ech awer och nach seng Recommendation begréissen, fir d'Durée maximale vun der Aide financière ze suppriméieren. Och heimadder war d'Kommissioun ouni Problem d'accord.

Beim Schutz an der Protection fir d'Victimé vum Mënschenhandel ass de Rôle an d'Zesummenaarbecht vun der Police an de Services d'assistance wichteg. Déi Partner - d'Organisationsen déi hëllef an d'Police - hunn natierlech net missen op dëst Gesetz waarden, fir zesummeschaffen.

Organisationsen wéi d'Rout Kräiz, d'Femmes en détresse, d'Fondation Maison de la porte ouverte, d'Caritas si prett, fir dass dëst Gesetz, wat mer haut stëmme, esou gutt wéi méiglech exekutéiert gëtt. De Mënschenhandel ass jo fir si och keen neie Phänomeen. En ass bis elo awer meeschtens am Bléckwinkel vun der sexueller Exploitatioun gesi ginn. Elo mussen d'Services d'assistance niewent deem Aspekt natierlech och en A op den Organhandel an den Travail forcé halen. Dëst géllt selbstverständlech och fir d'Police.

Erlaabt mer, op en Artikel iwwert de Mënschenhandel mat Titel „Not for sale“ aus dem Lëtzebuerg Land vum 27. Februar

2009 zrëckzekommen. Do war den Ënnerartikel: «Les organisations de soutien sont prêtes. Du côté de la police, c'est le silence radio.» Aus deem Artikel geet ervir, dass bis viru kuerzem d'Hëlleforganisatiounen an d'Police ganz gutt kooperéiert hunn. Dëst hätt sech awer an der leschter Zäit geännert. Sait Méint wär kee Fall méi vun Traite vun der Police gemellt ginn, an eng Responsabel vun enger Organisation, déi um Terrain schafft, seet, dass d'Organisationsen kee Kontakt méi an deem dote Gebitt mat der Police hunn. D'Police wär kierzlech och op Formatiounen an op aner Événementer zum Thema Mënschenhandel invitéiert ginn, a keen Agent vun der Police hätt dorun deelgeholl. Déi offiziell Positioun vun der Police wär, laut dësem Artikel, déi, dass se de Vote vun deem neie Gesetz iwwert d'Traite, dat vum Februar an och de Projet vun haut, gréifen ofwaarden. Dat ass also elo de 17. Februar geschitt. Haut wäerte mer déi lescht Etapp maachen. Duerfir hoffen ech, dass déi Kooperatioun erëm esou gutt gëtt, wéi se war.

Ech wëll och nach dorun erënneren, dass mer am neien Immigrationgesetz vum Juli 2008 de Problem vum Séjour geregelt hunn, an d'Madame Andrich huet dat jo am Detail erkläert. An ech wëll och dorun erënneren, dass d'Commission juridique jo och nach un engem Projet schafft iwwert d'Protection des témoins. Dës Aarbechte stinn, sou vill ech weess, och kuerz virum Ofschluss.

Och dat Gesetz kann een am Kontext vum Mënschenhandel gesinn an am Kontext vum Schutz vun Opfer vun dësem schrecklechen a condemnabelen Handel.

Wéi schonns gesot, geet et elo dorëm, all déi Gesetzer a besonnesch dat vun haut konkret ze exekutéieren. D'Législatioun ass elo do, d'Kooperatioun um Terrain muss elo erëm Realitéit ginn. An ech wëll dorun erënneren, dass dës Kooperatioun zwësche Police an de sougenanntene Services d'assistance zum Beispill exzellent fonctionnéiert, wat d'Exekutioun vum Gesetz iwwert déi häuslech Gewalt ugeet. Do sinn d'Formatiounen gutt gelaf an ech mengen, duerfir deelen ech och net déi Angscht vum Här Bettel, dass elo, wou d'Gesetzer gestëmmt sinn, do d'Police net géif un deene Formatiounen deelhuele. Ech sinn iwwerzeegt, dass si dat wäerte maachen, well si jo och wëllen hir Aarbecht gutt maachen.

Ganz wichteg ass vläicht nach an dem Kontext den Artikel 6, deen heescht: «Avertissement d'un service d'assistance et informations données par la Police». Soubal d'Police also elo en Indice huet, dass eng Person Opfer ass vum Mënschenhandel, muss si direkt dës Services d'assistance prévenéieren an dem Opfer d'Méiglechkeet ginn, mat esou engem Service a Kontakt ze kommen. D'Police muss d'Opfer och vu senger Rechter informéieren, zum Beispill wéi ee sech ka Partie civile konstituéieren, an och Informatiounen iwwert d'Ofrafe vun enger Procédure pénale.

Och den Artikel 9 iwwert d'Formatioun ass wéi gesot wichteg. Déi Formatioun, steet am Gesetz, soll sech richten un d'Personal vun der Police, un d'Leit vun de Services d'immigration an och un d'Personal vun de Services d'assistance.

Ech fannen awer, et kann een och nach aner Leit mat an d'Boot huelen, dat ass jo net verbueden, an ech sinn der Meenung, dass, wéi an deene villen Avisé steet, och d'Personal vun der ITM, der Douane, verschidde Professioneller aus der Justiz oder dem Gesondheitswesen vun dëse Formatiounen iwwer Mënschenhandel solle profitéieren kënnen.

Ech ka mer awer och virstellen, dass nach aner Berufsgruppe forméiert solle ginn. De Syvicol huet zum Beispill an enger Brochure d'accompagnement zur Charte européenne pour l'égalité entre hommes et femmes dans la vie locale sech ausgeschwat, dass zum Beispill déi Gemengebeamtinnen an de Populationsbüroen an am État civil och zum Thema Traite des êtres humains sollen informéiert a forméiert ginn.

E wichtegen Artikel ass, wéi gesot, den Artikel 8, d'Kollaboratioun zwësche Police a Services d'assistance, wou den Informatiounsaustausch am Vierdergrond steet, an deen Informatiounsaustausch muss zu 100% klappen. Eng Ursach fir déi Problemer vum Kontakt zur Police an de Services d'assistance, deen ech virdrun ugeschwat hunn, kann eventuell dee sinn, dass et bei der Police judiciaire zu engem Remaniement kum. Déi Cellule, déi en charge war vun der Traite des êtres humains, gouf integréiert an de Groupe Crimes organisés vun der PJ, vun der Police judiciaire. Dëse Remaniement ass menger Meenung no eng logesch Saach, well Mënschenhändler a kriminelle Réseaux weltwäit operéieren.

Dës kriminell Réseaux sinn och esou opgebaut, dass se net nëmme Mënschenhandel fir sexuell Exploitatioun organiséieren, mä och den Travail forcé an den Organhandel. Et ass also wéi gesot nach eng Kéier ze hoffen, dass elo no där interner Reorganisatioun bei der Police judiciaire an nom Vote vun dësem Gesetzer déi Kooperatioun klappert.

Den Artikel 10 handelt iwwert de Comité de suivi de la lutte contre la traite des êtres humains. Et ass, mengen ech, mam Artikel 1 iwwert d'Statistiken e ganz wichtegen Artikel, well en erlaabt herno och eng Evaluatioun ze maachen, an Evaluatioun ass wichteg hei bei eis zu Lëtzebuerg, mä awer och beim Conseil de l'Europe sengem Groupe d'évaluation, dee GRETA heescht. Et wär nämlech do schwéier ze justifiéieren, dass et hei zu Lëtzebuerg keng Fäll vun Traite géife ginn, a besonnesch, nodeems elo déi noutwendeg Instrumenter do sinn, wär dat wierklech schwéier do ze justifiéieren.

Ech si frou, dass mer mat dësem Gesetz all Opfer vum Mënschenhandel psychologesch, medezinesch Hëllef, och en uerdentleche Logement ginn, eng materiell Assistance an eng finanziell zur Verfügung stellen. Et ass och wichteg, dass während enger Période de réflexion vun dräi Méint dës Victimen net kënnen expulséiert ginn. Ech mengen, déi Période de réflexion ass och wichteg, an déi erlaabt et de Services d'assistance, e Vertrauensverhältnis opzebauen a vläicht d'Opfer ze motivéieren, seng Bourreaux ze dénoncéieren.

Ech wëll awer hei ervirsträchen, dass d'Haaptursach a mengem Ae fir Schutz an Hëllef fir d'Opfer net eleng de Fait ass, dass si eiser Justiz hëllef, mä einfach, well si virun allem Victime si vun engem dreckege Crime.

Zum Ofschluss wëll ech awer all deenen Instanzen och nach Merci soen, déi Avisen zu dësem Projet gemaach hunn. Et waren der - mengen ech - iwwer siwen. Hinnen e grouse Merci fir hir Méi an Aarbecht an hiren Input. Ech wëll och dem Conseil de l'Europe an deene Kolleegen, déi eis do vertrieben, Merci soen. De Conseil de l'Europe huet eng immens interessant Broschür erausginn, e Manuel à l'usage des parlementaires wat d'Thema Traite des êtres humains ugeet. Et ass e wäertvoll Dokument, huet mir och vill geholfen bei menger Preparatioun haut. Also och e Merci un déi.

An da wëll ech Iech alleguer Merci soe fir d'Nolauschteren an ech gi selbstverständlech den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet. Merci.

(Interruptions)

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **Mme le Président** - Merci, Här Angel. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Loschetter.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG)** - Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mir hei just e puer Remarquen ze maachen a vläicht och e puer Zuelen nach eng Kéier hei ze ginn, déi - ech fannen - net oft genuch an der Öffentlechkeet hei ernimmt ginn. Virdrun awer der Madame Andrich-Duval en décke Merci fir hire schrëftlechen an och ausféierleche mëndleche Rapport. Si huet ëmmer déi bèsse méi kniweeleg Dossier, dofir Merci.

Effektiv, an et ass scho gesot ginn, d'Organisation internationale du travail huet gesot, dass et 2,4 Milliounen Victimen all Joer gëtt vun der Traite, an dat sinn zu 80% Fraen a Meedercher. An de Bureau international du travail définéiert vun deene Victimé vun der Traite, dat der eng ronn 69% Victimé si vu Sexualverbrechen. Och dat léisst déif blécken.

An dann natierlech: Firwat? Well et eng Affär ass, déi sech immens rentéiert. 32 Milliarden Euro Profit all Joer ginn doduerch gemaach.

Mir bedauern et, an et ass schonn eng Kéier hei gesot ginn, mir bedauern et eigentlech, dass dës Projet de loi net zesumme mat deenen anere Gesetzer hei konnt bruecht ginn. Dat hätt viles matenee vernetzt an et hätt och där Wichtigkeet vun deem Ganzen nëmme kënnen bäidroen. An dat wär u sech och en immens gutt Beispill gewiescht vun engem iwwerministerielle Mainstreaming a Saache Fraerichter.

Mir bedauern och e bësselchen - an dat ass och eng Kritik, déi een a verschiddenen Avisen ermëfent -, dass trotz där Wichtigkeet, déi awer an där Konventioun ënnerstrach gëtt, dass et sech haaptsächlech ëm Fraen an ëm jonk Meedercher handelt, dass een déi do Connotatioun vun där Wichtigkeet net esou ardu ermëfent an dësem Projet de loi. Dat ass schued. Et hätt een dat kënnen e bèsse méi ervirhiewen, an dann

nativerlech domadder oder besser rechtfertigen, datt deen hei Projet de loi an en anere Ministère komm ass, an deem Ganzen awer e bësse méi eng Connotatioun gi vu Fraen a Meedercherrechter verteidegen.

Mir begrëssen och dat aus dem initiale Projet de loi elo... Här Angel, Dir hutt gesot, et ass net esou restriktiv. Mir fannen et eigentlech gutt, datt vill méi kloer definéiert ass, wat dann elo eng Victime vun der Traite ass, an datt déi dräi Aspekter - sexuell Aspekter, datt wat een nennt Esclavage, oder Travail-Aspekter, a virun allem och deen Organtrafic - och ganz kloer preziséiert sinn. Ech denken, datt dat och richtig esou ass an datt och herno an der Aarbecht vun der Identifikatioun a vun der Hëllefstellung mer och e Schratt do virukommen.

Da fannen ech et och gutt, ech perséinlech an och déi gréng Fraktioun, datt ënnerstrach gëtt, datt am Fall vun enger Victime vun der Traite d'Victime ni ka consentante sinn an datt och keng Rücksicht soll dorop geholl gi fir den Täter an deem senger Verantwortung. Ech denken, och dat ass e wichtege Aspekt, och wann en eventuell trivial ka schéngen, an e soll och hei positiv ënnerstrach ginn.

Mir ënnersträchen och positiv, datt dorop gehale ginn ass, datt niewent deene verschiddenen Assistanzen och eng Assistance financière, déi net restriktiv ass, dra festgehale ginn ass.

Mir encouragéieren, an ech denken, et war de Conseil national des femmes ënner anere, mä ech mengen net eleng, déi d'Regierung eigentlech encouragéiert, an dat maache mir och, fir méi Accorden a weider Accordé mat anere Länner ze féieren, fir déi Victimen och erëm zréck an hiert Land ze féieren. Et ass immens schwéier, déi Assistance vun där Protectioun an deem klengen Land hei kënnen ze garantéieren. Ausserdeem denken ech, datt eng ganz Rei vu Victimé schlussendlech nëmmen ee Wonsch hunn, dat ass zréck an hiert Land goen, an do, denken ech, misst een och virgesinn, datt och do d'Assistance während dem Retour an dat Land, wou een hierkënn, datt déi Assistance och soll garantéiert ginn. Dat ass elo an deem Gesetz net esou offensichtlech beschriwwen.

Mir bedauern, mä dat huet näischt mat deem hei Gesetz ze dinn, mä mat Gesetz, déi scho gestëmmt gi sinn, datt déi Activités salariées an d'Formatioun net onbedéngt fir jiddereen zougänglech sinn, oder fir verschidde Leit vill méi schwéier zougänglech sinn, notament déi Leit, déi aus Pays tiers kommen. Dat ass natierlech schued. Do si mer an engem Ongläichgewicht, an datt deenen den Accès dozou vill méi schwéier wann net onméiglech ass, ass natierlech bedauernswäert.

Da wollt mer nach eng Kéier ënnersträchen, datt och en Témoignage vun engem Acte vun Traite a vu Victimen och net déiselwecht Protectioun an Assistance awer ka kréien, wéi et zum Beispill och am Palermo-Protokoll virgesinn ass, an ech denken, datt dat awer wichtege wär, well och eng dréit Persoun, déi eppes dénoncéiert, déi Témoignage vun eppes ass, ass enger enormer Gefor ausgesat.

Mir wëllen och nach eng Kéier ënnersträchen, an do komme mir deenen Associatiounen entgéint, déi um Terrain schaffen, ech denken, datt et evident ass, mä et soll ënnerstrach ginn, datt d'Missioune vun engem Service d'assistance, datt déi Missioun primär déi ass, déi Persoun ze assistéieren a fir déi Persoun do ze sinn, onofhängeg vun alle juristeschen a geographeschen an anere Gegebenheeten, déi ronderëm sinn.

Déi Associatiounen, déi ONGen, déi si wierklech do fir d'Assistance primaire vun där Persoun, an ech denken, datt si domadder och genuch Aarbecht ze dinn hunn.

Mir wollten och nach mat Nodrock, an et ass scho virdu gesot ginn, ech wëll net esou wäit an den Detail goe wéi mäi Kolleg, den Här Angel, effektiv ass et immens wichtege, datt d'Police déi noutwendeg Weiterbildung an där delikater Saach do kritt. Dat gëtt ëmmer erëm widerholl. Ech denken, datt een dat net soll op déi liicht Schéller huelen; dat ass immens wichtege. Mä doruwer eraus menge mir, och aner Instanzen, wéi zum Beispill effektiv déi Leit, déi an der Juristerei schaffen, oder déi Leit, déi an de Santéberuffer schaffen, oder souguer vläicht d'Ambassaden oder d'Consulaté wäre vläicht gutt weidergeholfen, wann déi och déi Form vu Weiterbildung kéinte kréien. Iwwregens ass d'ITM och eng Institutioun, déi kéint concernéiert ginn oder concernéiert si vun esou Weiterbildung.

Dëst gesot, wollt ech ofschléissen, andeem ech natierlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Madame Loschetter. D'Wuert huet elo den Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Madame Presidentin, léif Kolleginnen a Kollegen, ech wëll fir d'éischt der Madame Rapportrice, der Madame Andrich-Duval, villmools Merci soe fir hiren exzellente mëndlechen a schrëftleche Bericht. Si huet eis hei déi ganz Problematik ganz kloer duergeleucht.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Dat gesot,...

(Interruption)

...hunn ech gesinn, datt d'Chamberskommissioun eng gutt Aarbecht geleescht huet, well se verschidde Saachen am initiale Projet de loi ewechgeholl huet. Esou den Artikel 14, wat der ADR-Fraktioun also och wäert erlaben deen Ablack de Projet ze stëmmen. Well soss hätte mer misse géint de Projet stëmmen.

Déi zweet Affär, déi ee muss ervirsträchen, dat ass, datt mer hei e Projet de loi hunn, dee ganz vill iwwert d'Victimé schwätzt, mä wou een awer och weess, datt nach parallel derzou hei an der juristescher Kommissioun en anere Projet de loi, deen och iwwert d'Protectioun vun de Victimé schwätzt, wou mer héchstwahrscheinlech nach wäerten an dëser Legislatur dat Gesetz kënnen stëmmen a wou ech heiansdo gesinn, datt et besser wär, wann déi zween Ministère vläicht kéinte besser zesammeschaffen. Do muss mer all Kéier kucken, datt mer déi Gesetzestext awer op een Nenner bréngen an allegueren déiselwecht Formatiounen a Konditiounen kënnen realiséieren, net datt et nees zweeërlee gëtt. Mä et schéngt awer elo op dee Wee ze goen.

Et gëtt bei der Traite des êtres humains, beim Mënschenhandel, dräi Formen:

Dat eent ass déi vun den Organspenden.

Déi zweet ass déi vun der illegaler Immigratioun. Do weess een, datt dat zimlech staark a verschiddene Länner gefiedert gëtt an datt ee bei deene Leit, déi zum Beispill zu Malta oder soss landen, gesäit an héiert, datt eng etlech Leit ganz vill Suen an esou Saache verdéngen.

Da gëtt et deen drëtten Deel. Dat ass deen, deen a Relatioun gesat gëtt mat der Prostitutioun vu Männer, Fraen oder Kanner.

Et ass kloer, wat dee leschte Punkt ugeet, si mir als ADR der Meenung, datt de Wee vun der Repressioun géint d'Prostitutioun op jidde Fall dee falsche Wee ass, well mir hu gesinn, datt an der Vergaangenheet mam Accord vun der Regierung an notament vum Justizministère dee ganze Réseau vun Artisten a Cabareten an esou weider reglementéiert ginn ass. Doduerjer, datt dat net méi geschitt an datt een elo seet „Was nicht sein kann, das nicht sein darf“, ass et vill méi wäit ginn, an d'Zuel vun de Leit, déi sexuell Offerté maachen, déi sech der Prostitutioun hingginn, ass spronghaft an d'Luucht gaangen. Et brauch een nure verschidden Internetsiten ze gesinn iwwer Lëtzebuerg, da gesäit een, datt dat doten op jidde Fall net vill bruecht huet, datt ee keng Reglementatioun virgesäit.

Ech mengen dofir, a mir hunn dat als ADR nach ëmmer hei op dëser Tribün gesot, datt de richtige Wee deen ass, fir d'Prostitutioun iwwer Eroscentern ze encadréieren an deen Ablack déi néideg Surveillance vun deem Ganzen ze hunn.

Mir hunn och gesinn, datt an de leschten Deeg zu Paräis eng Manifestatioun war vun de Prostituéierten ënnert dem Slogan „Fières d'être putes“ a wou honnerte vu Prostituéierte manifestéiert hunn, fir hir Rechter unerkannt ze kréien a fir eng nei Reglementatioun och a Frankräich duerchgesat ze kréien.

» **Une voix.** - De Sarkozy mécht dat.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Duerfir mengen ech, datt de Wee effektiv dee richtegen ass, well een deen Ablack och eng Protectioun, souwuel vum Client wéi vun der Sexuallariée oder Indépendante ka virgesinn; wat bis elo an den Ablack net ka gemaach ginn.

Wat de Gesetzesprojet soss ugeet, ech mengen do si ganz gutt Saache mat iwwerholl ginn. Mir kënnen domadder d'accord sinn.

Ech wollt awer just eng Fro un d'Madame Ministerin stellen. Dat betrëfft hei dee Comité de suivi de la lutte contre la traite des êtres humains. Do soll dat iwwer Règlement grand-ducal goen. Ech wollt do just nure

froe wéini dee Règlement grand-ducal soll publizéiert ginn a wien do am Prinzip der Madame Ministerin no soll Member vun deem Comité sinn.

Da gëtt och vu Statistike geschwat. Dat kléngt ëmmer gutt. Ech wollt just nure froe wéi déi Statistiken do sollen ausgeféierde ginn, vu wem dat soll gemaach ginn. Do wär et och interessant, fir ze wëssen an deenen dräi Gebitter, vun deene mer hei geschwat hunn - vun den Organspenden, der illegaler Immigratioun an dem Trafic en vue vun enger illegaler Prostitutioun a vu Proxénétisme -, ob et do scho Statistiken, wat Lëtzebuerg ugeet, gëtt. Respektiv, wann dat net de Fall ass: Wie soll déi etabléieren a wéi soll dat gemaach ginn?

Dat waren déi puer Bemierkungen, déi ech wollt zu dësem Gesetzesprojet maachen. Duerfir, nach eng Kéier, kënnen mer domadder d'accord sinn, ënnert där Form wéi déi zoustänneg Kommissioun dat ausgeschafft huet.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Henckes. Den nächste Riedner ass den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Madame Presidentin. Bei esou engem eeschten Thema ass et guer net fir ze laachen hei. Bon, ech wëll einfach emol virausschécken, dass wa mer hei vun Affer schwätzen a wa mer vun deem Réseau schwätzen, deen do besteet, da muss ee sech emol bewosst si wat dat iwwerhaupt ass.

A wann ee gären en Affer wëllt erkennen, da muss et sech jo selwer hei an dësem Fall ze erkenne ginn. Dat wäert ganz rar ginn. Wa mer wëllen higoen an eis Police ausbilden, fir dann do effikass kënnen ze schaffen, da muss ee sech awer froen: Wat fir eng Ausbildung gi mer dann eiser Police, fir do effizient ze schaffen? A wat fir eng Méiglechkeet hu mer, fir d'Affer ze erkennen?

Den Här Bettel huet seelen hei esou gutt geschwat wéi haut, well en och emol d'Hypokrisie an dëser Gesellschaft ugeprangert huet, déi effektiv hei herrscht a wou mer jo wësse wou déi ganz Hypokrisie säit 2.000 Joer ënner engem schwaarze Mantel verstoppt gëtt, an dee schwaarze Mantel bis haut nach net esou richtig gelüft ginn ass.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech weess net, ob Der de Schweden dat kënn ënnerstellen, Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Wann ech gelüft, Madame Ministesch?

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ech weess net, ob Der de Schweden dat kënn ënnerstellen.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - De Schweden?

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Jo.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ma, déi hunn eng mat der Dänn!

(Hilarité)

Dir kënn dach net einfach higoen an elo soen, dass Männer, déi e ganz normaalt Biedierfnis wëlle befriddege goen, Verbriecher sinn.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Mir geet et net ëm dat eent oder dat anert. Mä wann Der hei sot, hei wär säit 2.000 Joer e schwaarze Mantel, an da froen ech lech: „Wéi ass et mat Schweden?“, da sot Der: „Déi hunn eng mat der Dänn.“ Dir äntwert net op d'Fro!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ma neen. Wann ech...

» **Mme le Président.** - Madame Ministesch, keng Zweegesprécher. Här Jaerling, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech kucken dee schwaarze Mantel jo vun där anerer Säit; Dir sidd jo drënner.

(Hilarité)

» **Une voix.** - Oohhhh!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Ech wëll just eppes heizou bemierken. Wa mer driwwer schwätzen, dass wann esou en Affer sech ze erkenne gëtt an et kënn zu engem Prozess, dass mer da soen: Mir schützen dat Affer während dräi Méint ier mer et ausweisen. Dat huet fir mech awer e ganz battere Bäigeschmaach, well mir wësse ganz genau wat da geschitt.

Wa mer soen: Mir dierfen d'Affer dräi Méint net ausweisen. Dat heescht, no dräi Méint weise mer et aus an da schécke mer et dohinner, wou et hierkënn. An da gëtt et an en anert Land geschéckt, wou datselwecht mat em geschitt wéi elo. Dat huet fir mech e ganz battere Bäigeschmaach, wat mir hei elo maachen.

Et ass awer am Endeffekt, obwuel dass dat Affer sech ze erkenne gëtt an am Fong der Justiz an der Gesellschaft en Déngscht leescht an och aneren Afferen en Déngscht leescht, andeem dass et sech ze erkenne gëtt, andeem dass et sech enger Gefor aussetzt, wat souguer d'Liewensgefor ass, an dass dann dee Moment net méi e grouse Schutz do ass wéi ze soen: Mer dierfen et dräi Méint net ausweisen an da schécke mer et dohinner, wou et hierkënn. Da kann et an engem anere Land erëm méssbraucht ginn. Ech géif mengen, do hätt een awer aner Schutzmojené kënnen maachen.

Mä wéi gesot, Madame Minister, ech sinn nach ëmmer der Meenung, Dir hätt deemools, wéi Der de Plang do leien hat mat Ärem Eroscenter mat deene ville Meedercher dann, dee sollen duerchzéien. Dir hätt sollen en Eroscenter bauen. Dir kënn en nach ëmmer bauen. Gitt deene Meedercher e legale Statut. Gitt hinnen d'Méiglechkeet, dass se sech sozial kënnen versécheren, dass se sech kënnen erkenne goen, ouni dass se Angscht hunn. Ech géif mengen, dann hutt Der eppes geschafft.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

A wann Der elo méi iwwert dee Sujet hei wëllt wëssen, Madame Minister, ech huelen lech dann eng Kéier mat an ech weisen lech emol Luxembourg by night, wat do richtig lass ass.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. D'Madame Marie-Josée Jacobs, zoustänneg Ministesch, huet d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif och wëlle fir d'éischt der Madame Sylvie Andrich-Duval Merci soen a se félicitéiere fir hiren exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee se gemaach huet, wat mer erspuert, datt ech nach eng Kéier muss iwwert dee ganze Projet hei diskutéieren an nach eng Kéier datselwecht soe wéi dat, wat si hei virbildlech virgestallt huet.

Ech sinn och frou, datt mer haut iwwert dee Projet hei ofstëmmen. Dëse Projet ass dee leschte Volet vun enger integréierter a multidisziplinärer Approche vun der Regierung, fir d'Konventioun vum Europarot iwwert de Kampf géint de Mënschenhandel ëmzesetzen.

D'Madame Maud de Boer-Buquicchio vum Europarot hat d'Klo vum Mënschenhandel folgendermoossen definéiert: «La traite des êtres humains c'est l'esclavage qui se pratique sous nos yeux dans l'Europe du 21^e siècle.»

Wie sinn d'Affer vum Mënschenhandel? D'Zuele vun der Organisation internationale du travail - an d'Madame Loschetter hat gesot, et kéint ee se net dacks genuch soen - soen, datt all Joer 2,5 Milliounen Persounen Affer vu Mënschenhandel ginn. Dovu sinn 92% aus dem Mënschenhandel zum Zweck fir sexuell Ausbeutung. 98% vun den Affer, déi vun der Sexindustrie exploitéiert ginn, si Fraen a Kanner.

Ech weisen op déi dramatesch Zuele vun der Unicef hin. Dës Zuele soen, datt all Joer 1,2 Milliounen Kanner Affer vu Mënschenhandel ginn. Fir ze weisen, datt mer elo ewell wësse wat an deene Statistiken dran ass, hate mer am Joer 2003 bis 2008 eelef Fraen an de Fraenhaiser, déi Affer vu Mënschenhandel woren. Dovu war eng Fra Affer vun der Aarbechtswelt, an déi aner zwou Frae waren Affer vu sexueller Ausbeutung.

Ech wëll just e puer Punkten aus dem Gesetz hei ervirsträchen:

Éischstens, mat dësem Gesetz schafe mir nom Artikel 1 vun der Konventioun vum Europarot ee komplette Kader fir e bessere Schutz an eng besser Betreiung fir d'Affer aus dem Mënschenhandel. D'ONGe si wichtege Acteuren hei an dësem Gesetz. Mir hu finanziell Méttelen zur Verfügung gestallt,

fir dem Affer eng proaktiv Hëllef an Ënnerstëtzung duerch en agréierte Service zoukommen ze looschen.

Wann d'Polizei Indizien huet, dass eng Persoun Affer aus dem Mënschenhandel ass, informéiert si en agréierte Service d'assistance. An d'Affere kréien a Funktioun vun hire Bedierfnisser eng konkret Hëllef: 1. e sécheren Ënnerdaach; 2. eng sozial a sozioéducativ Ënnerstëtzung, eng finanziell a materiell Hëllef; 3. eng medezinesch Betreuung; 4. eng psychologesch an therapeutesch Hëllef; 5. eng juristesche Ënnerstëtzung; a 6. eng sproochlech Ënnerstëtzung.

D'Affer muss net nëmmen iwwer seng Rechter opgekläert ginn. D'Affer brauch ofgesi vum Versteesdemech och nach d'Ënnerstëtzung an d'Begleedung bei administrativen a juristesche Prozeduren.

Doriwwer eras begleet de Service d'assistance d'Affer op sengem Wee sech physesch, psychologesch a sozial gutt ze spieren. Dat Schwéierst bleift: D'Affer muss sech erëm kënnen sécher spieren, fir dat normaalt Liewen erëm méiglech ze maachen.

Zweetens, d'Formation continue - ech begrëssen och, dass d'Formation continue vun alle Riednerinnen a Riedner hei ervirgestrach gouf - spillt eng wichteg Roll. Den Europarat huet am Artikel 10 den Akzent op d'Formation geluecht a speziell am Beräich vun der Identifikatioun vun den Affer. Dëse Prozess vum „lifelong learning“ ass ëmmer noutwendeg, ob dat bei der Ëmsetzung vum „gender mainstreaming“ an alle Politiken ass oder ob dat bei deemem Projet ass.

Déi modern Sklaverei, de Mënschenhandel, huet vill Gesichter. Se trëfft awer ëmmer déi schwächst Leit aus eiser Gesellschaft. Professionell Mënschenhändler bilden zum Beispill Kanner aus Osteuropa als Heescherten oder Drogenhändler aus a schécke se no Westeuropa. Den Handel mat de Kanner ass ee vun deenen abscheulechste Verbrieche, déi et gëtt. Ech géif och wëllen hei drop hiweisen, dass een och an deem Kontext muss gesinn, dass et onméiglech ass an datt och op eenzelne Plazen an eenzel Kéieren op Adoptiounen higewise gëtt, déi ebenalls iwwer Handel geschéien. Dofir ass et net nëmmen eng Affär zwësche Fraen a Meedercher, mä et ass eppes, wat méi wäit geet wéi nëmmen dorobber baséierend.

Datselwecht zielt eigentlech selbstverständlech och fir alles, wat mam Organklau ze doen huet; géif ech dat emol soen. Et kann ee jo net do vun Organspende schwätzen, wann d'Leit hir Niere geholl kréie respektiv ëmbruecht ginn, fir hiert Häerz oder hir Liewer ze kréien. Dann ass dat sécher eng ganz aner Dimensioun.

Mä awer och Kanner, Fraen an handicapéiert Leit si potenziell Beute fir skrupellos Mënschenhändler, déi si mat falsche Versprieche unelakelen. D'Identifikatioun vum Mënschenhandel ass och fir déi medezinesch Beruffer eng Erausforderung. Hei muss d'Opmerksamkeit op den Handel vun den Organer verschäerft ginn.

All déi Professionell, déi riskéieren op Affer vu Mënschenhandel ze stoussen, solle besonnesch forméiert ginn. Et gëtt hei keen Ënnerscheid gemaach zwëschen deenen engen oder deenen aneren, mä déi Formation muss fir jiddwereen accessibel sinn. Déi ginn och fir jiddweree gehalen.

Si mussen kënnen eng Situatioun vu Mënschenhandel erkennen. Si mussen kënnen agéieren an déi richteg Entscheedungen treffen. Et bräicht een an deemem Domän héich spezialiséiert Leit um Terrain bei alle betroune staatléchen an net staatléchen Instanzen, fir d'Affer kënnen ze identifizéieren an och effizient ze betrieien. Et ass och wichteg, dass d'Personal aus der Aarbechtswelt, wéi zum Beispill d'Gewerbeinspektioun, eng Formation kritt, fir d'Affer justement ze identifizéieren.

Den drëtten wichtige Punkt ass d'Kollaboratioun. Dëse Projet leet e groussen Akzent op d'Kollaboratioun zwëschen deenen offiziellen Instanzen, notament der Police an der Zivilgesellschaft, an do dem Service d'assistance. Während der Reflexionszäit vun 90 Deeg an och iwwer deen Délai eras muss mer dem Affer en effektive Schutz géint all Forme vun Aschüchterung an och vu Repressalië garantéieren.

An deemem Kontext wëll ech op déi gutt Zesummenaarbecht mam Parquet, der Police an den ONGe bei der Ëmsetzung vum Gesetz iwwer déi häuslech Gewalt hiweisen. Esou eng exemplaresch Zesummenaarbecht ass och an deemem Gesetz noutwendeg, fir eist multidisziplinärt Konzept gemeinsam kënnen ëmzesetzen. Ech sinn och ganz dervun iwwerzeugt, dass all Acteuren - an Acteuren, déi implizéiert sinn - dat och wäerte maachen.

De véierte Punkt: d'Statistiken. De Projet gesäit vir, dass déi staatléche Instanzen - d'Police, de Parquet, d'Gericht an och d'ONGen - all Joer Statistiken iwwer de Mënschenhandel hei zu Lëtzebuerg erfaassen. Dat ass wichteg fir e Gesamtbild iwwer d'Situatioun ze kréien. Mir wëlle wësse vu wou d'Affer kommen, wat hir Nationalitéit ass, hiert d'Geschlecht, hiren Alter. Mä awer doriwwer eras hätte mer och gäre Statistiken iwwer d'Plainten, iwwer d'Sanktiounen an och d'Uerteeler géint d'Strofäter an d'Schutzmoosnamen, déi fir d'Affer erfaasst goufen. D'Statistike gi vum Kooperationscomité géint de Mënschenhandel analyséiert, an de Comité mécht der Regierung all Joer ee Rapport.

Een Deel vun der Aarbecht ass bis elo gelescht ginn, an dat am Beräich vun der Formation continue. Am Dezember 2006 hat de Chancéglichheitsministère zesumme mat der Fondatioun vun der Maison de la porte ouverte eng Formation zum Thema „Mënschenhandel/Zwangsprostitution in Luxemburg - Zusammenarbeit unter den Instanzen“ mat Expertein vum ONG vu SOLWODI fir d'Personal vun den implizierten Organisatiounen organiséiert.

Op dës Formatioun hin huet de Chancéglichheitsministère zesumme mat den ONGen e Kollaboratiounsnetz op d'Bee gesat, fir d'Betreiung vun den Affer hei am Land ze verbessern. An deemem Aarbechtsgrupp si Vertrieeder vum Ministère, vun der Caritas, der Croix-Rouge, vun de Femmes en détresse an der Fondation Maison de la porte ouverte. Ech géif och wëlle vun dieser Geleeënheet profitéieren, fir den ONGen e grouse Merci ze soe fir hiert Engagement.

Am September 2007 hu mer zesumme mat Femmes en détresse eng Formation mat zwee Fachleit vun der A.s.b.l. Surya aus der Belsch organiséiert. Do wor d'Thema: Betreuung vun den Affer aus dem Mënschenhandel an d'Aarbecht an de Fraenhäuser.

Am Januar 2008 war et eng Formation fir d'Personal vun den ONGe mat Expertein vum der Berodungstell fir Migrantinnen; SOLWODI huet déi organiséiert. Do gong et virun allem drëm hire Formatiounsmodul iwwer d'sozioéducativ an therapeutesch Begleedung fir Affer aus dem Mënschenhandel ze vermëttelen. Et gong virun allem drëm, fir praktesch Fäll vu Fraen a Kanner, déi Affer vu Mënschenhandel woren, ze analyséieren.

Am Dezember 2008 huet Femmes en détresse an de Ministère e Séminaire zum Thema Identifikatioun a Betreuung vun Affer aus dem Mënschenhandel organiséiert, dat zesumme mat der franséischer A.s.b.l. Accompagnement lieu d'accueil. Ech géif och nach eng Kéier wëllen hei hiweisen op d'Kartographie, déi d'Croix-Rouge 2007 zesumme mam Ministère erstallt hat iwwer d'Prostitution hei zu Lëtzebuerg a wou mer erausfonnt hunn, dass déi meeschte Fraen aus ekonomeschen Ursachen an der Prostitution tätég sinn.

D'Frae kommen dann och haaptsächlech aus Géigende vun der Welt déi ekonomesch aarm sinn, ob dat EU-State sinn, ob dat aus Afrika, aus Südamerika ass oder och aus defavoriséierte Milieuen, entweder hei zu Lëtzebuerg oder aus der Groussregioun. Et ass eis Responsabilitéit dës Fraen eng aner Perspektiv ze offréieren.

Aus dem Sondage vun der ILRES 2007 geet och ervir, dass 12% vun de Männer hei zu Lëtzebuerg soen, si hätte Sex bei enger Prostituéierte kaaft, géintwärtig vun 0% bei de Fraen. Et muss een also op d'Demande vum Client vun der Prostitution awierken. Am Artikel 6 vun der Konventioun vun Europarat steet, d'Länner solle Mesuren ergräife fir d'Demande ze discouragéieren, déi all Form vun Ausbeutung favoriséiert. Et soll een dem Mënschenhandel duerch Sensibilisierungscampagnen entgéintwierken, an op deemem Gebitt hu mir eng Rei vun Aarbechte gemaach.

Eng Moosnam vun dem nationalen Aktionsplang fir Gläichheet zwësche Fraen a Männer war, dass d'Regierung d'Campagne gemaach huet, fir de Client vun der Prostitution ze sensibiliséieren, an dës Moosnam hat zum Zil d'Affer vu Mënschenhandel ze schützen. Déi öffentlech Meinung sollt iwwer egalitär sexuell Relatiounen nodenken. D'Schäerfung vum gesellschaftleche Bewosstsinn ass eng erfollegversprechend Strategie.

Am Abrëll 2008 hate mer eng Campagne zum Thema vun der Prostitution lancéiert, an d'Zil vun der Campagne war de Projektor op de Client ze riichten, an net op d'Prostituéierte. D'Clienten an der Bevëlkerung sollen drop higewise ginn, dass de Kaf vu Sex d'Ongläichheet zwësche Fraen a Männer verstärkt, an och de Mënschenhandel zum Zweck vun der sexueller Ausbeutung doriwwer ka verstärken. D'Plakat mam Titel «Se payer une personne prostituée, c'est financer le commerce des êtres humains» houg an allen Atribusen, an d'Annonce war och an der geschriwwener Press.

Am Abrëll 2008 hate mer eng Konferenz „De Client vun der Prostitution“ organiséiert, an nom franséische Soziolog, dem Här Bouamama, gëtt et an eiser Gesellschaft e Konsens fir net iwwer de Client ze schwätzen. Et ass en Tabu, souwuel an der Politik wéi bei de Chercheuren, an de Medien an och an der öffentlecher Meinung. De Client ass awer dee wichtigste Acteur, an dësen Tabu wollt de Chancéglichheitsministère mat senger Campagne brieche. Mir sinn alleguerter verantwortlech, fir géint all Form vu Mënschenhandel virzegoen, an duerfir, dass hei am Land och keng Leit forcéiert ginn an der Sexindustrie oder a soss engem Beräich ze schaffen, dee vum Mënschenhandel ofhänkt.

D'Plakat aus der Campagne vum Europarat géint de Mënschenhandel seet: De Mënsch ass net ze verkafen, de Mënschenhandel ass eng Verletzung vun de Rechter vun der Persoun an eng Atteinte géint d'Dignitéit an d'Integritéit vum Mënsch. De Mënschenhandel ass e grenziwwerschreidende Phänomeen, a wa mer gesinn, dass et grouss Ënnerscheeder an eiser Gesellschaft ginn, a wa mer virun allem an gesinn, déi global Weltkris, déi bleift, da gesi mer och, dass d'Bekämpfung vun Mënschenhandel leider an eiser nationaler an internationaler Agenda och nach déi nächst Jore wäert op dem Ordre du jour bleiwen.

Ech wëll awer och e puer Wuert zu deem soen, wat verschidden Deputéierten hei gesot hunn. Ech war e bësselchen enttäuscht iwwer dat, wat den Här Bëtzel gesot huet, iwwer déi Aart a Weis, wéi hien hei dat, wat mir probéiert hunn an e Gesetz ze schreiwe vum Conseil de l'Europe, gesot huet. Ech hu bis haut eigentlech net héieren, dass d'Demokratesch Partei, déi jo selwer am Conseil de l'Europe vertrat ass, géint de Conseil de l'Europe Aussoe gemaach huet a gesot huet, déi géifen eigentlech do esou e Wischiwaschi, e bësselchen an där Aart a Weis, esou an dem Präis war et do...

» **M. Xavier Bettel (DP).** - De Conseil de l'Europe huet dat ni gesot, Madame Minister; Eierlechkeet muss awer och sinn.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Jo, neen, mä Dir hutt hei gesot, mir hätten eis hei beruff - wa mer dat do esou géife schreiwen - op dat, an eigentlech wier dat doten alles net normativ, wat zu engem Deel wouer ass.

Mä wann Dir gären hätt, dass mer emol eng Kéier konform zu esou Saache wieren, da muss een och de Courage hunn, fir och esou Saachen a Gesetze ze schreiwen, och wann dat reng juristesche net onbedéngt dat ass, wat jiddwerengem bis haut esou am Gedankengang do dra war, y compris och de Conseil d'Etat, deen dat net ëmmer fir néideg fënn.

Et ass d'selwecht bei UNO-Konventiounen, et ass d'selwecht beim Conseil de l'Europe, wou ganz dacks Saache stinn, wou ee ka soen, dat dote gehéiert an e Aktionsprogramm, oder dat gehéiert heihinner oder dohinner. Ech fannen, dass et heiansdo och wichteg ass, dass esou Saachen an e Gesetz dra stoe kéimen.

Elo den Artikel 14. Elo hätt ech jo guer näischt dergéint gehat, wann den Artikel 14, a wann den ADR dat Gesetz hei net gestëmmt hätt, dann hätt dat mech jo net gehéit, well dann hätt ech léiwer gehat, mer hätten den Artikel 14 behalen, wéi dass den ADR eis et elo matstëmmt. Well ech hätt léiwer gehat...

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Et ass d'ADR, mir hunn do e bëssen...

» **Une voix.** - Si si weiblech...

(Interruptions)

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Ah, Dir sidd, oh Mamm, abee jo. Ech wëll just soen, dass ech fonnt hätt, dass et gutt gewiescht wier, dass een och eng Kéier, an ech wëll elo domadder soen, et hätt vläicht gewisen, an amplatz hei ze soen, dass wier Hypokrisie, wiere mer emol eng Kéier vläicht der Zäit e bësselche viraus gewiescht.

Hei gëtt jo ëmmer vill geschwat iwwer Gesellschaftspolitik, déi mer géife maachen oder net géife maachen. Hei hätte mer emol kënnen weisen, ob et eis eescht gemengt wier, fir emol ze kucken, wat dobäi erauskënnt, wann ee seet - et ass jo net nëmmen an der Prostitution, mä et ka jo duerchaus sinn, dass een doheem Leit a sengem Stot oder ech weess net wou beschäftegt, déi aus der Sklaverei an aus dem neie Mënschenhandel kommen; heiansdo ass et méi lüch erauszefannen, wat dat eent an dat anert ass -, also fannen ech, dass et schued ass, dass mer déi heile Geleeënheet net profitéiert hunn, fir et kënnen doranner ze schreiwen.

Ech sinn domadder d'accord, dass een do muss zousätzlech kucke fir Accordé mat de Länner ze fannen, fir deene Leit ze hëllefen entweder erëm heemzuegoen respektiv och ze kucken, dass wa si heem ginn, si do esou unerkannt sinn, dass se kënnen do liewen.

Am Règlement grand-ducal ass et kloer, dass d'Magistratur muss drakommen, dass d'Police muss do dra sinn, de Ministère do dran ass, an och d'ONGen dra sinn, ähnlech wéi dat och beim Comité géint déi häuslech Gewalt ass. Iwwer d'Statistiken hunn ech geäntwert an iwwer dat, wat den Här Jaerling gesot huet, mengen ech, brauch ech net méi genau drop anzugeen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Da sinn ech jo frou, dass mer...

» **M. le Président.** - Merci, Madame Jacobs. Domat ass dës Punkt ofgeschloss. Madame Flesch.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här Président, Parole après ministre. Ech géif awer gären drop hiweisen, dass déi ganz Polemik iwwer den Artikel 14 dorauer entstanen ass, dass de Conseil d'État a sengem Avis zum Projet de loi, dee mer mat engem Rapport vun der Commission juridique viru 14 Deeg gestëmmt hunn, drop higewise huet, dass et besser gewiescht wier, dass déi Dispositioun an deem Text dra gewiescht wier.

Or, déi Kritik, déi mir als DP un d'Regierung gericht hunn, war ze soen, wann een eng Konventioun vum Conseil de l'Europe an eis Gesetzgebung ëmsetzt, da soll ee versiche gemeinsam a Projet de loi hei virun d'Chamber ze bréngen. De Problem hei war, dass de Ministère des Affaires étrangères e Projet eraginn huet, an de Ministère de la Famille en aneren.

Also den Appel un d'Regierung fir an Zukunft, wann een eng Konventioun vum Conseil de l'Europe ëmsetze muss, da wier et gutt, wann eng Hand vun der Regierung mat där anerer Hand vun der Regierung schwätzt, da géife mer déi dote Problemer net kréien.

Merci, Här President.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Gutt, dass ass dann elo kloergestallt, an d'Regierung hält sech dat ganz sécher zu Häerz. Ech weess zwar net, wéi Hänn matenee schwätzen, mä ech weess, dass een an der Regierung ka matenee schwätzen.

Mir kommen elo zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Madame Minister, Äre Projet ass eestëmme mat 60 Jo-Stëmme uegheoll.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Thiel), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Lucien Clement), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauter, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helming, Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Nächste Punkt vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi iwwert d'Création du Centre des Technologies de l'Information de l'État. Den honorabelen Här Meyers ass Rapporteur an huet duerfir elo d'Wuert.

10. 5912 - Projet de loi portant création du Centre des Technologies de l'Information de l'État

Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative

»» M. Paul-Henri Meyers (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen d'Schafung vum Centre des Technologies de l'Information de l'État virgesäit, ersetzt d'Gesetz vum 29. März 1974 iwwert de Centre informatique de l'État. Zënter 1974 ass am Beräich vun der Informatik viles geschitt. D'Gesetz vun 1974 dréit där Entwécklung net méi genügend Rechnung.

Am Regierungstext, deen de 5. September 2008 an der Chamber deponéiert gouf, ass d'Entwécklung, déi d'Informatik zënter 1974, dat heescht a méi wéi 30 Joer gemaach huet, ausféierlech beschriwwen. Och een deen näischt vun Informatik versteet muss zouginn, dass d'Informatiounssystemer an deene leschten 30 Joer sech esou geännert hunn, dass een am Joer 2009 dee Beräich mat juristeschen Normen aus dem Joer 1974 net méi regele kann.

Dat neit Gesetz, dat mer haut diskutieren a stëmme wëllen, soll deenen neien, heitegen Erausforderunge Rechnung droen. Am Verglach zum Gesetz vun 1974 kann een déi nei Akzenter am Projet 5912 eigentlech an dräi Punkten zesummefaassen.

Fir d'éischt emol ginn d'Attributiounen an d'Missioun vum Centre des Technologies de l'Information de l'État nei definéiert a prezisiéiert. De Service „eLuxembourg“, dee sech an deene leschte Joren onofhängeg entwéckelt huet, gëtt an de legale Kader vum Centre mat erageholl.

Am Verglach zum Gesetz vun 1974 ass de Centre awer net méi zoustänneg fir d'Établissements publics a fir d'Gemengen. D'Établissements publics, d'Post, d'Spuerkeess, d'Établissementer vun der Sécurité sociale, fir der e puer ze nennen, hu sech an deene leschte Joren hir eegen Informatiounssystemer ginn. Datselwecht géllt fir d'Gemengen, déi an engem Syndicat de communes, dem SIGI, iwwer en eegene performanten Zenter verfügen.

Allerdéngs erlaabt den Artikel 3 dem Centre des Technologies de l'Information de l'État mat allen öffentliche a privaten Instanzen zesammenzeschaffen, wann dat noutwendeg ass, dat heescht och mat den Établissements publics a mat de Gemengen.

An engem zweeten Deel vum Projet ginn am Intérêt vum Centre d'Décisions- an d'Organisationsstrukture geännert an nei geschaffen. Zoustänneg fir de Centre ass de Minister vun der Fonction publique oder, wéi d'Gesetz seet, dee Minister, deen am Informatikberäich zoustänneg gëtt no der Opdeelung vun de Ressourcen an der Regierung. Hie muss all Projeten autoriséieren, am Zesammenhang mat der Astellung, mat der Formation an der Promotioun vum Personal. Hie gëtt och seng Zoustëmmung fir d'Uschafung vum Equipement an deem Beräich an hie muss seng Zoustëmmung ginn zu de Kreditter, déi an deenen eenzelne Budgetssectiounen oder Kapitele virgesi ginn.

Iwwert dem Minister ass de Regierungsrat zoustänneg, fir bei Streidegkeeten, déi am Zesammenhang mat der Schafung vun eegestännegen Informatiounszentren entstinn, dat lescht Wuert ze behalen. Et ass och dee Moment de Regierungsrat, deen, wann eegen Informatiounssystemer vun eenzelne Verwaltungen ugeschafft ginn, dozou säin Accord muss ginn, op Virschlo vum dem zoustännegen Minister.

All Verwaltungen mussen mat deem neie Centre zesammeschaffen. De Centre kann

den eenzel Beamten a Verwaltungen placéieren, am Intérêt vum der Realisatioun vun den informatésche Projeten, déi déi Verwaltungen wëlle realiséieren. Et gëtt dann, fir déi Zesummenaarbecht besser ze organiséieren, ee Comité interministériel geschaf, deen ënner anerem déi allgemeng Linne festleeë soll, wéi tëschen de Verwaltungen an dem Centre geschafft gëtt, an deen d'Regierung och am Beräich vun der Informatik berode soll.

Eng lescht Neierung betrëfft d'Verwaltung vum Centre, déi ausgebaut gëtt, fir hir Missioun besser ze erfëllen. Ech ernimmen hei d'Schafung vun zwee Poste vun Directeurs adjoints, d'Schafung och vun deem administrative Kader iwwert deen de Centre bis elo net verfügt huet. Et ginn also d'Carrière vum Redakter, vum Handwerker a vum Expéditionnaire administratif och an där Verwaltung virgesinn an erméiglecht.

Ee lescht Wuert nach, fir ofzeschléissen, iwwert den Artikel 13, dee virgesäit, dass dee jëtzege Direkter, deen de Wonsch ausgedréckt huet fir kuerzfristeg a Pensioun ze goen, no dem Akraaftriede vum Gesetz als Conseiller an de Ministère ka genannt ginn. Hie behält domat all déi Avantagen, déi en elo als Direkter huet. Doduerch kann een neien Direkter genannt ginn, deen dann och am Intérêt vum Centre, an opgrond vun deem neien Text, dee mer haut wäerte stëmme, dee Centre nom Akraaftriede vum Gesetz kann opbauen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Kommissioun vun der Fonction publique huet sech ausféierlech mat den Aweise vun der Berufschamber a vum Conseil d'État auserneegesat. D'Kommissioun huet och all d'Amendementen vum Statsrot iwwerholl. Ech kann duerfir d'Chamber bidden de Projet an där Form ze stëmme, déi d'Kommissioun eestëmmeg virgeschloen huet, an ech bréngen och den Accord vum der CSV.

»» Plusieurs voix.- Très bien!

»» M. le Président.- Merci, Här Meyers. D'Wuert huet dann den honorabelen Här Etgen.

Discussion générale

»» M. Fernand Etgen (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat deem Gesetz schafe mer eng nei Struktur, an déi mer de Centre informatique de l'État an d'Cellule „eLuxembourg“, déi bis elo direkt bei der Regierung ugesiedelt war, zesumme fusionéieren. De Rapporteur Paul-Henri Meyers, deem ech ausdrécklech fir säi präzisen a kloer formuléierte schrëftleche wéi och mëndleche Rapport wëll félicitéieren, huet d'Beweggrënn vun der Regierung, fir op dee proposéierte Wee ze goen, duergeleucht.

Et geet haaptsächlech drëm dem Centre informatique de l'État déi Strukturen an déi Moyenen ze ginn, déi dat informatéscht Gehir vum Lëtzebuurger Stat 35 Joer no senger Gebuert brauch, fir den Erausforderungen, déi de rasanten technologesche Fortschritt an deene leschte Jore mat sech bruecht huet, gerecht ze ginn.

An den Ae vun der DP geet et awer prioritär drëm Lëtzebuerg a seng Administratiounen besser op d'Méiglechkeete vun de modernen Informatiouns- a Kommunikatiounstechnologien ze preparéieren. An den Ae vun der Demokratescher Partei geet et awer och drëm ee kohärente Kader ze schafen, fir den elektronischen Deel vun der staatlecher Verwaltung besser ze koordinéieren a seng Entwécklung konsequent virunzedriewen.

Bis elo hat de Centre informatique de l'État éischer eng defensiv Roll an huet probéiert op Demande deenen eenzelne Verwaltungen zur Säit ze stoen. Esou huet hien haaptsächlech eng zentral Gestiou vum hiren Donnéeën ugebuede respektiv fir si komplex a répétitiv Aarbechtssofleef automatiséiert.

Här President, wann een et eescht mengt mat enger Réforme administrative, ass et onerlässlech dem staatlechen Informatikzentrum déi Strukturen, organisatiouneller a personeller Natur ze ginn, déi et him erlaben esou eng Reform mat Inhalter ze féllen. De Wëllen, fir eng administrativ Reform an d'Weeër ze leeden, war wuel do bei dëser Koalitioun. Esou heescht et dann och an der Regierungserklärung vun 2004: «Il (le Gouvernement) hâtera les travaux mis en œuvre en ce qui concerne l'informatisation des services publics et l'administration électronique.»

Et huet awer bal fënnf Joer gedauert, bis de virleiende Projet d'Chamber ka passéieren. Iwwerhaapt ass Lëtzebuerg am europäesche Vergläich alles aneschtens wéi ee Musterschüler, wann et ëm den Asaz vu modernen Informatiounstechnologien an

der staatlecher Verwaltung geet, och wann an deene leschte Méint, mat der Aféierung vun der elektronischer Ennerschrëft, no jorelaanger Planung endlech e Fortschritt fir den Administré konnt vum zoustännegen Minister verkënnegt ginn. Fazit, wat der Regierung hir Beméiungen an deem Beräich ugeet: „Der Geist war willig, das Fleisch aber schwach.“

Här President, als een, dee vill Zäit - ronn 30 Joer - an enger staatlecher Verwaltung geschafft huet, soen ech, dass déi gréissten Erausforderung, déi un de Service public gestallt gëtt, d'Veinfachung vum dagdeegleche Liewen ass. Den öffentliche Déngscht muss, virun allen aneren Ufuerderungen, ee Partner vun de Bierger an de Betreiber sinn. Schnelligkeet, Flexibilitéit, Effizienz a Qualitéit sinn haut méi wéi jee gefrot.

Fir awer all dës Ziler kënnen ze erreechen, brauche mer eng Verwaltung mat enger staarker elektronischer Komponent. All administrativ Dokumenter mussen net nëmme kënnen erfogeluede ginn, mä si mussen och elektronesch ausgeféllt a verschéckt kënnen ginn. Mä dëst ass eiser Meenung no nëmme een éischten, onerlässleche Schrëtt.

Eleng domadder geet et awer net duer. Den Administré, egal ob Privatpersoun oder Betriber, muss kënnen zu all Moment novollzéien, wou säin Dossier drun ass an a wéi engem Deel vun der Verwaltung grad drop geschafft gëtt. Deen neie Centre des Technologies de l'Information muss deenen eenzelne Verwaltungen hëllef, de sougenannte virtuelle Büroschalter „www.guichet.lu“, esou wéi en am DP-Wahlprogramm virgesinn ass,...

(Interruption)

...anzeféieren. De Verwaltungsofstand muss reduzéiert ginn.

Et geet awer an den Ae vun der DP net méi duer, dëst Zil einfach emol ze formuléieren, et muss ee sech konkret Reduktionsziler setzen. Esou hu schon aner Länner et erfollegräich virgemaach. Verschidden administrativ Ofleef mussen duerch e bessert Zesummeschaffen an eng besser Vernetzung tëschen den eenzele Ministère vereinfacht ginn. Déi administrativ Chargen, déi eng Belaaschtung a Milliounenhéicht fir eis Betriber duerstellen, mussen ofgebaut ginn. Bürokratieoffbau geschitt an éischer Linn duerch d'Eliminatioun vun iwwerflëssegem Pabeierkrom, an zweeter Linn awer och duerch eng Vereinfachung vun der Prozedurs- a Verwaltungssprooch.

Mat deene Missiounen, déi de Centre mat deem Gesetz kritt, fällt him eng Schlësselroll zou fir dës Ziler ze erreechen. Et ass dann awer och um Centre fir ze innovéieren a fir esou zu enger besserer Qualitéit vum Service public bäizedroen.

Här President, déi fortschreitend Digitaliséierung vum Service public ass verbonne mat engem Zouhuele vun ëmmer méi Datestreim, déi zu enger Multitude vu persounbezunnenen Donnéeën féiert. Dass d'Selbstbestimmungsrecht vun deem Eenzele respektiv den Dateschutz a verschiddene Fäll dobäi a Gefor geroden, ass leider oft deene mannte Leit bewosst. De Service public muss duerfir ëmmer och e Service sécurisé fir de Bierger sinn. De Begrëff Dateschutz kennt am Prinzip jiddereen. Dass dorauer awer oft „Datenschutz“ gëtt, wësse mer leider och oft genuch.

Als eng liberal Partei leet d'DP grouse Wäert op d'informatésch Sécherheet vun dem Eenzele sengen Donnéeën, dat souwuel um organisatoreschen Niveau wéi och um Niveau, wat fir eng Administratioun zu wéi enge Konditiounen Accès op wéi eng Donnéeën huet.

Et kann net sinn, dass ënnert dem Deckmantel vun der administrativer Reform all staatlech Verwaltung op eemol op sämtlech Donnéeën kann zréckgräifen.

»» Une voix.- Très bien!

»» M. Fernand Etgen (DP).- Och de Service public ass net ëmmer géint d'Gefore vun enger steigender Cyberkriminalitéit gefeit. Duerfir ass et wichteg, dass een den appropriéierte legale Kader huet, deen et engem erméiglecht, géint dës Zort vu Kriminalitéit virzegoen.

Här President, mir brauchen e Service public, deen op d'Wënsch an d'Besoin vum Bierger a vun den Entrepreneuren ageet, en öffentliche Déngscht, deem seng Aarbechtsorganisatioun op den Administré ausgerichtet ass, dee séier a verständlech ka reagéieren an deen de Bierger an de Betriber e Maximum vu verständlechen Informatiounen op eng einfach Manéier zougängelech mécht.

Mir brauchen eng staatlech Verwaltung, déi Garant ass fir eng 100%eg informatésch Sécherheet. Duerfir brauche mir och e mo-

derne Centre des Technologies de l'Information, an duerfir wëll ech och den Accord vum der DP-Fraktioun zu deem Gesetz ginn.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

»» Une voix.- Très bien!

»» M. le Président.- Ech soen lech Merci, Här Etgen. Dann ass et um honorabelen Här Schreiner.

»» M. Roland Schreiner (LSAP).- Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréisch emol wëll ech och dem Rapporteur, dem honorabele Paul-Henri Meyers, Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport, dee selbstverständlech och d'Zoustëmmung vun der LSAP-Fraktioun wäert fannen.

De Rapporteur an och mä Virriedner hu praktesch alles zu deem Projet de loi gesot, esou dass deem eigentlech net méi vill bäizefügen ass. Ech wëll awer just ervirhiewen, dass och fir d'LSAP dat hei e ganz wichteg Gesetz ass, mat deem mer eis och beim Stat den zukünftigen Erausforderung vun der informatéscher Evolutioun upassen an deemspriechend opstellen, dat heescht, eis och d'Strukturen an d'Moyenë ginn, fir dat ze assuréieren.

Mir wëssen alleguer, dass haut den dagdeegleche Gebrauch vun informatésche Servicer an dem Internet elementar ass, fir de gréissten Deel vun eisen Aarbechte schnell an effikass ze erleedegen, woubäi ech d'Betounung op „schnell“ wëll leeën. An enger Gesellschaft, wou et ëmmer méi wichteg gëtt, grouss Quantitéite vun Informatiounen ze bearbechten, weiderzeginn an ze dokumentéieren, ass d'Fiabilitéit an eng praktesch, eng effikass Struktur vun eisen informatésche Systemer vu gréisster Bedeutung.

Et ass scho vum Rapporteur gesot ginn: Viru 35 Joer, den 29. März 1974, ass d'Gesetz gestëmmt ginn, wat deen éischte Centre informatique de l'État an d'Liewe geruff huet. Dëse gouf also an enger Zäit gegrennt, wou d'Informatik sech ausschliesselech op d'Gestioun vun Daten an d'automatesch Behandlung vu schwierigen an éischer répétitive Prozesser limitéiert huet. Haut sinn dës Tâche längst iwwerlief. Ech brauch net ze betounen, dass viséiert Beräicher vun Internet an deenen neie Kommunikatiounsmëttel sech an deem leschte Jorzéngt entwéckelt, multiplizéiert a verbreet hunn.

D'Informatik ass en net méi ewechzedende Bestanddeel vun eiser Aarbecht an och vum Fonctionnement vum Stat ginn. An dat gëtt an der Zukunft och net manner, mä eis ganz administrativ Ugeleeënheiten hänken ëmmer méi vun engem kompetenten a sécheren informatésche System of.

Duerfir begrësse mir och vollstens dëse Projet de loi, deen eng komplett Reform vum Gesetz vun 1974 virgesäit, fir sech endlech den Ufuerderunge vun engem globaliséierte Marché unzepassen an dobäi beschtméiglech de staatlechen Administratiounen ze dengen.

D'Fusioun vum heitege Centre informatique de l'État an dem Service „eLuxembourg“ ass eigentlech e logesche Schratt, deen et erméiglecht, dass an Zukunft d'Planifikatioun an d'Konzeptioun vun der Mise en place vun den Informatiounstechnologien an déi praktesch Ëmsetzung dovun innerhalb enger Struktur, dem neie Centre des Technologies de l'Information de l'État kënnen ausgefouert ginn, an dat ënnert der Autoritéit vum responsabele Minister fir d'Informatik beim Stat.

Et ass schon dorop higewise ginn, dass d'Informatik sech an der heiteger Zäit duerch eng rasant technologesch Entwécklung auszeechent. Dës Evolutioun verlaangt wichteg an héich Investissementer an och nei Aarbechtsprozesser, an de Privatsektor, fir deen Informatik och e wichteg strategesch Element ass, huet et eigentlech virgemaach, well en e Maximum vu sengen informatésche Ressourcen an héich sécuriséierten Zentren regroupéiert. A wat fir d'Privatwirtschaft richteg ass, kann an deem Fall fir de Stat net falsch sinn.

Et sinn also net nëmme technesch an technologesch Argumenter, déi à la base vun

dëser Synergie sinn, mä virun allem och d'Kritikare vun Ekonomie, vu Produktivitéit an och vum Gestion des risques.

(Mme Lydie Err prend la Présidence)

Duerch dës Reform kënn et net nëmme zu enger Neiverdeelung vun den Aufgaben vum Centre informatique de l'État a vun „eLëtzebuerg“, mä en plus sollen décisionnel an organisatiounell Strukturen geschaf ginn, déi capabel sinn dës Aufgabe méi effikass ze erfëllen.

Deen neie Centre des Technologies de l'Information de l'État soll eng ganz Rei vu vielfältege Missiounen erfëllen, déi dann och an den Artikelen 2 an 3 opgelëscht sinn. De Rapporteur ass schonn dorop agaangen, duerfir wëll ech dat elo net widerhuelen, mä ech wollt just déi a mengen Ae wichtegst awer nach emol ënnersträichen.

De CTIE garantéiert eng rationell a koordinéiert Organisatioun vun der Automatiséierung vun de staatlechen Administratiounen, an dat virun allem an de Beräicher vun der Kollekt, der Iwwerdroung an der Behandlung vun deenen Donnéeën. Dobäi ënnerstëtzt en déi staatlech Administratioun bei hirer dagdeeglecher informatischer Aarbecht, awer bitt hir och eng organisatiounesch Ënnerstëtzung fir eege Projete un.

En anere ganz wichteg Volet, an deem ass och schonn hei ernimmt ginn, ass d'Sécherheet vun den informatischen Donnéeën ze garantéieren an déi perséinlech Daten ze schützen.

Doriwwer eraus ass de CTIE och verantwortlech fir d'Produktioun an d'Personaliséierung vun administrativen Dokumenter an och fir d'Behandlung vun deenen dozou gehéierende biometreschen Donnéeën.

Dann huet deen neie Centre och d'Roll, sech ëm d'Afëierung an d'Ausschöpfung vu verschiddene Plattformen ze këmmere wéi souwuel den Austausch tëscht de Bierger an den Entrepreneure wéi d'Zesummenaarbecht vun alle Leit, déi beim Stat schaffen, ze fuerderen an ze festegen.

Ervirzehiewen ass awer och, dass deen neie Centre keng Kompetenze méi am Beräich vun der Organisatioun vun der Automatiséierung an de Gemengen oder aneren Établissements publics huet. Dat ass vum Rapporteur och ënnerstrach ginn. An dat, dat ass och gesot ginn, soll hien awer net dorun hënneren, mat hinnen zesummenzeschaffen, wann dat sech als noutwendeg a sënnvoll erausstellt.

D'Gemenge kënnen haut praktesch allequerte jo op de SIGI zréckgräife fir hir Informatik ze géréieren, mä nach net all Gemenge si Member am SIGI, esou dass do eng bestëmmten Zesummenaarbecht och mat dem neie Centre soll a ka bestoe bleiven.

Bon, wat elo d'Organisatioun vum CTIE ugeet, esou gesäit dee jo vir, dass deen dirigéiert gëtt vun engem Direkter an zwee Directeurs adjoints, an zwar - Jo! - soll et dann net, wéi de Statsrot et jo och gewünscht huet, zu engem Comité directeur kommen, dee keng effektiv Attributiounen hätt, an duerfir ass dee Paragraph jo och aus dem Projet de loi gestrach ginn. Dat mécht an där Logik dann och Sënn, an d'Kommissioun ass jo och duerfir dem Conseil d'État gefollegt.

De Centre ass dann och a verschidden Divisiounen a Servicer agedeelt, deenen hir Schafung an Aufgaben an engem Règlement grand-ducal nach festgehale ginn. Ech begrësse besonnesch d'Andeelung an zwou verschidden Zellen: déi eng, déi sech ëm d'Sécherheet an den Audit këmmert, an déi aner, déi d'Planung regelt. Dës zwee Organer schénge mer wichteg ze sinn, fir eng kompetent an effikass Aarbecht kënnen ze errechen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dat waren déi puer Wieder, déi ech zousätzlech zu deem Projet de loi wollt soen. Wéi scho gesot, gëtt d'LSAP dozou och hir Zoustëmmung.

Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» Mme la Présidente. - Merci, Här Schreiner. Den nächste Riedner ass den

Här Gibéryen. Dir hutt d'Wuert, Här Gibéryen.

» M. Gast Gibéryen (ADR). - Merci, Madame Presidentin. Ech ka mech vun eiser Säit aus kuerzfaassen, andeem ech dem Kolleeg Paul-Henri Meyers als Rapporteur Merci soen. Ech mengen, mer hunn dee Projet hei an der Kommissioun duerchdiskutiert mat den zoustännege Leit vum Ministère a mir hunn do all déi Informatiounen kritt. An ech mengen, et ass alles an der Kommissioun och eestëmmeg decidéiert ginn, souwuel d'Amendement wéi och de Rapport u sech.

Et ass dëst eiser Meenung no e wichteg Projete. Ech mengen, alleguer heibannen, wéi mer sinn, egal vu wat fir enge Säiten, hunn iwwer Joren ëmmer verlaangt, dass mer missten an dësem Domän weider am Stat investéieren, dass mer misste virukommen, dass mer de Stat missten och an dësem Domän fit maachen, fir ebe vis-à-vis vun der Gesellschaft, sief et vun de physische Persounen, sief et vis-à-vis vun den Entrepreneuren, kënnen méi effikass a méi séier opzrieden. Mat dësem Projete kréie mer elo e gesetzleche Kader, fir déi ganz Organisatioun ze maachen.

Et huet sécherlech laang gedauert. Ech wëll dorun erënneren, dass déi viereg Regierung schonn en eegene Statssekretär hat fir eng Réforme administrative ze maachen. An ech ka mech nach erënneren, dass mer zum Schluss vun der leschter Debatt virun de leschte Wahle schonn esou eng Diskussioun hei hatten, an do hat den deemolege Statssekretär eis erkläert, dass mer et awer du fäerdeg bruecht hatten, an Europa vun där leschter op déi zweetescht Plaz no vir ze réckelen,...

(Hilarité)

...wat déi Informatiounspolitik bei den eenzelne State géif bedeiten.

Et sinn an dëser Legislativperiod eng Rei vu wesentleche Schrëtt elo gemaach ginn. Mir mussen an déi Richtung weiderfueren. An ech mengen, dat heite Gesetz gëtt eis de Kader, fir ebe beim Stat déi Strukturen opzebauen, déi mer mussen hunn.

Et ass sécherlech, dass déi ganz informatesch Investitiounen, déi mer beim Stat maachen, dass déi enorm Zomme verschlängen. An ech mengen, mer hu kierzlech och iwwer d'Informatisatioun vun eiser Douane diskutiert, wat mer do vu Chiffere presentéiert kritt hunn, fir dat duerchzeziehen. A mer hunn och do gesot kritt, dass dat nach net déi lescht Etapp war, mä dass der nach hannendru kommen. Esou - mengen ech - ass et och eng vun de Missiounen vun dësem Centre des Technologies, fir eben déi Koordinatioun eranzubringen tëschent déi verschiddene Verwaltungen, fir eben och kënnen Systemer ze entwéckelen, déi eis Gelder kënnen emol spueren.

Mir wëssen alleguer, jiddereen, net nëmme beim Stat, mä och am Privatsektor, an eisen Entrepreneuren, dass, wann ee bis eng Kéier de Fous bis dragesat huet, an et kënn en haut net méi derlaanscht, fir en dranzesetzen, dass een dann och gären an eng gewëssen Ofhängegkeet kënn an da muss mat virulafen, esou wéi et ebe gewünscht gëtt, dass een eng gewisse Machtlosegkeet dann och vis-à-vis vun deem Ganzen huet, mä een awer trotzdem keen anere Choix huet.

Ech mengen, et ass alles vu menge Virriedner gesot ginn, wat zu dësem Projete ze soen ass. An ech kann duerfir vun eiser Säit aus nach just d'Zoustëmmung och bréngen.

» Mme la Présidente. - Merci, Här Gibéryen.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» Mme la Présidente. - Et ass elo um zoustännege Minister. De Minister Wiseler huet d'Wuert.

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative. - Merci, Madame Presidentin. Ech wëll ufänken, andeem ech och dem Här Paul-Henri Meyers Merci soe fir säi Rapport. Dat war wéi üblech prezis an effikass, esou wéi e geschaff huet an esou wéi en hei geschwat huet.

Den Text, dee mer haut virleien hunn, deen technesch kléngt, mä deen awer wesentlech méi ass wéi Technik; dat Gesetz, wat mer haut hei virleien hunn an zur Ofstëmmung hunn, ass u sech den Aboutissement vun enger Aarbecht vun dräi, véier Joer, wat awer net eng Aarbecht un engem Gesetzestext war, mä wat eng Aarbecht war, fir beim Stat eng Rei Saachen en place ze setzen, déi de Gesetzestext méiglech gemaach hunn. Et ass also den Aboutissement vun enger Aarbecht op där enger Säit, an et ass

och d'Basis fir déi nächst Etapp vun der Aarbecht.

Dëse Projete, an dat wëll ech kloer soen, well den Här Etgen hei gesot huet, dass et komesch wär, dass dee Projete eréischt no véier, fënnf Joer géif kommen, dëse Projete wär viru véier, fënnf Joer net méiglech gewiescht, well viru véier, fënnf Joer de Service eLëtzebuerg, deen 2004 entstanen ass an deen als Missioun huet, den eGovernment an d'Lëtzebuurger Administratioun ëmzesetzen, net déi Aarbecht geleescht hat, déi en haut geleescht huet, net déi Strukturen hat, déi en haut huet. A wa mer et sengerzäit gemaach hätten, en ze integréieren an de Centre informatique de l'État, deen als Responsabilitéit huet, d'Technik an d'Informatik vum Stat ze maachen an ze ënnerhalen, deen och eng Traditioun vu 35 Joer huet, da wär dee Service do ënnergaangen. Dann hätte mer dat net esou hikkritt, wéi mer et haut hikkreien.

Mir hunn an deene leschte fënnf Joer enorm Efforté gemaach, fir op dee Punkt ze kommen, wou mer hei sinn. An ech wëll och nach eng Kéier do kloer an daitlech soen, dass - den Här Gibéryen, deen huet viru e puer Minutte gesot, wou mer viru fënnf Joer ausgaange sinn - op wat mer viru fënnf Joer, op wat fir enger Plaz mer an der Informatisatioun vum Stat waren. An da loosse ech net gäre hei soen, dass mer an deene leschte véier, fënnf Joer kee Wee gemaach hunn, Här Etgen, esou wéi Dir et elo gesot hutt. Mir hunn an deene véier, fënnf leschte Joren immens vill geschafft. Ech wëll net nach eng Kéier erënneren, wou mer 2004 Joer do stoungen. Ech soen lech awer, wou mer haut do stinn, fir de Verglach ze maachen.

Mir sinn haut mat iwwer 90 Sitë vum Stat present mat deenen héchste Qualitätsstandarden. Mir hunn hei eng ganz Rei Portailen, déi vum Stat disponibel sinn. Mir sinn an Europa, wann ech vun de Rankinge schwätzen, op där éischer Plaz, wat d'Utilisatioun vun de Formulären op staatleche Websiten ugeet. Mir sinn op der éischer Plaz, wat d'Accessibilitéit vu Websiten ugeet, esou wéi se vum Stat uegebuede sinn. Mir si weltwäit vun 192 Staten, déi gemooss gi sinn, säit 2005, wou mer op der 28. Plaz waren, op d'Plaz 14 virgestouss. Dat heescht op der Plaz 7 an der Europäescher Unioun.

Mir hunn also enorm vill Efforté gemaach. Mir hunn eis weltwäit, europawäit an deene leschte fënnf Joer gesteigert, a mir hunn do eis Positioun, wat och eng Positioun ass, déi fir eis Kompetitivitéit immens wichteg war, wäit no vir bruecht.

Mir hu Succès mat deem, wat mer op de Maart gesat hunn: 6.000 Visiten den Dag bei grouse Site wéi legilux.lu. A wann dann och, Här Etgen... Et deet mer leed, dass ech mech elo mat lech hunn, mä ech war e weineg nervös ginn, wéi ech dat gelauschert hunn, wat Dir do gesot hutt. Dir hutt eis hei opgefuerdert, nom DP-Wahlprogramm elo schonn de guichet.lu ze maachen, esou wéi en am DP-Wahlprogramm steet.

Ech wëll lech just soen, mä deen ass säit engem Mount do!

Gitt eng Kéier kucken op guichet.lu, da gesitt Dir, dass mer do iwwer 230 Démarché vum Stat beschriwwen hunn, dass mer iwwer 120 Démarchen online hunn, dass mer iwwer 40 Démarchen transactionnel iwwer LuxTrust kënnen ofwéckelen, déi ofgeséichert mam Stat lafen. Dat existéiert momentan. Dat fonctionnéiert momentan.

(Brouhaha général et interruptions)

» M. Charles Goerens (DP). - Eise Programm war virun do, Här Minister!

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative. - Neen, mä ech wëll lech just soen,...

(Interruption)

...dass et haut nach eng Kéier gesot ginn ass, dass mer et misste maachen, esou wéi et am Programm steet. An duerfir soen ech lech, dass et do ass. An ech si frou...

(Interruptions)

» M. Fernand Etgen (DP). - ...gesinn, wou säin Dossier dru wier. An dat ass haut nach net méiglech, Här Minister...

(Interruptions diverses)

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative. - Dat ass och eng Funktionalitéit, déi virgeplangt ass an déi op verschiddene Saache wéi bei der Kannergeldkeess scho méiglech ass.

» Une voix. - Och dat misst méiglech sinn, Här Minister!

(Brouhaha général et interruptions)

» Mme la Présidente. - Den Här Minister Wiseler huet d'Wuert.

(Coups de cloche de la Présidence)

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative. - Ech wëll lech just soen, dass mer net op der zweeteschter Plaz méi sinn, mä op der siwenter an Europa, dass de guichet.lu do ass, existéiert a vun de Bierger gebraucht gëtt. An ech wëll lech just soen: Déi 2.500 Leit, déi all Dag dorobber ginn - well mer hunn 2.500 Visité par jour -, déi wëssen dat an déi mierken dat all Dag, an dat ass dat Wesentlech.

» Mir hu LuxTrust fäerdegbruecht. Mir hunn eng elektronesch Ënnerschrëft, déi all Leit kënnen zur Disponibilitéit gesat kréien, a mir hunn haut eng ganz aner Situatioun vum eGovernment wéi mer dat viru fënnf Joer hatten.

» Mme la Présidente. - Ech bieden lech dem Minister nozelauschteren. De Kaméidi ass esou, dass een e knapps héiert.

(Interruptions)

Soss hiewe mer d'Sitzung e bëssen op!

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative. - Neen, neen.

» Une voix. - Den Här Fayot provozéiert eis.

(Interruptions)

» Mme la Présidente. - Et ass nach ëmmer esou, dass een hei d'Wuert huet. An dat ass nach ëmmer de Minister de Moment.

(Interruptions)

» M. Claude Wiseler, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative. - Mir hunn also déi zwee Servicer, déi sech ëm d'Informatik beim Stat bekëmmert hunn, zesumme gesat. Mir hunn hinnen och eng Rei nei Missiounen ginn, well mer mengen, dass déi Missiounen, esou wéi d'Informatik haut beim Stat fonctionnéiert, wesentlechst ginn.

De Centre informatique de l'État mam Service eLuxembourg gëtt ëmfonctionnéiert vun engem Support technique op där enger Säit an en Instrument, wat Prestation-deservicé bitt. Et kritt d'Méiglechkeet, fir eng Structure d'échanges électroniques ze ginn zwëschent dem Bierger op där enger Säit an den Entrepreneuren op där anerer Säit.

A fir déi, déi mer da soen, dass d'Administratioun elo net däreft nëmme elektronesch gemaach ginn, wëll ech awer och soen, dass selbstverständlech und den Ausbau an d'Weiderfëiere vun deene Guichet-physiquen, déi de Stat haut an der Stad Lëtzebuerg an zu Esch en collaboration mat deenen zwou Gemengen huet, selbstverständlech wäert bäibehale ginn, selbstverständlech wäert an der Offer ausgebaut ginn.

Mir hunn och eng ganz Rei Mise-en-placé gemaach vu collaborative Prozesser zwëschent deenen eenzelnen Administratiounen, wéi zum Beispill den Archivage électronique, oder d'GED, wou mer amgaang sinn drun ze schaffen, wou schonn e grouse Wee gemaach ginn ass.

Et ass och wesentlech, dass de Centre des Technologies de l'Information de l'État nei Technologiën, wéi d'Produktioun an d'Personalisatioun vun administrativen sécurisierteren Dokumenter an haaptsächlech den Traitement vu biometreschen Donnéeën als Missioun offiziell ageschriwwen gëtt. Et ass wichteg, dass mer dofir d'Base légale hu fir Saachen, déi an Zukunft à partir vu Juni fir d'Pass och eng Noutwendegkeet ginn.

Et ass och evident, dass déi Protektioun vun den Donnéeën, esou wéi se virdu vum Här Etgen virgeschloe ginn ass, och hiren Niederschlag an d'Gesetz kritt. Ech wëll einfach dat zitieren, wat hei gefrot ginn ass, dass den Artikel 2e) dat kloer an daitlech seet: «La sécurité de l'informatique et le respect des dispositions de la loi relative à la protection des personnes à l'égard du traitement des données à caractère personnel, dans les limites de ses attributions.»

Et steet hei am Gesetz eng Demande, déi also duerch dësen Text de toute façon schonn erfëllt gëtt; an da selbstverständlech och dat, wat de Centre informatique de l'État bis haut net war. Dat heescht eng Administratioun, wou aner Administratiounen kënnen dovunner profitieren, wa se informatesch Operatiounen bei sech implantéieren, fir dann och déi Reorganisatioun virzehuelen. Et weess jiddwereen, dass d'Implantatioun vun der Informatik net alles ass, mä

datt d'Organisatioun an d'Reorganisatioun vun der Administratioun och muss kënnen geschéien, fir datt d'Informatik och effikass kann duerno benotzt ginn.

Mir kréien also heimat ganz sécher e groussen Zougewënn u Produktivitéit, sécherlech e groussen Zougewënn u Kompetitivitéit, och fir d'Entreprises, e Gain vu Performance, eng besser Konformitéit zu den Direktiven, déi iwwert de Wee vum Centre Informatique ganz oft an d'Realitéit ëmgesat ginn. Dofir ass dësen Text e wichtege Text, deen eis e gutt Stéck weiderhëlleft. Ech soen all deene Fraktiounen, déi e stëmmen - dat heescht an anere Wieder, hinnen alleguer -, villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung.

►►► **Plusieurs voix.** - Très bien!

►►► **Mme la Présidente.** - Merci, Här Minister. Domat kéime mer zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Mir hu 60 Jo-Stëmmen, also keng Nee-Stëmm a keng Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par Mme Martine Stein-Mergen), Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Raymond Weydert), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnar, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Alex Bodry), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Roland Schreiner);

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Da komme mer zum nächste Punkt, de Projet N°5927 iwwert de Centre Hospitalier du Nord. De Rapporteur, den honorabelen Här Schneider, huet d'Wuert.

11. 5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»

Rapport de la Commission de la Santé et de la Sécurité sociale

►►► **M. Romain Schneider** (LSAP), rapporteur. - Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Härren, de Projet de loi 5927 iwwert d'Kreatioun vum Centre Hospitalier du Nord ass selbsterständlech - an dat verstitt Der - e ganz Spezielle fir mech an och fir den Norden a seng Bevëlkerung am Ganzen.

De Centre Hospitalier du Nord ass d'Fusioun zwëschen der Ettelbrécker Klinik Saint-Louis an der Wolzer Klinik Saint-Joseph. Dat bedeit engersäits e wichtegt Standbeen an der Spidollandschaft, wou d'Carte hospitalière elo zougeet, an op där anerer Säit eng optimal Gesondheetsversuergung fir de Bierger am Norde vum Land.

Erlaabt mer dëse kleng Rapport an zwee Deeler ze splécken. Den éischten, de reng techneschen, den inhaltleche Rapport, deen Der och konnt liesen op 16 Säiten, an op där anerer Säit meng perséinlech Iwwerleeungen a Remarquen zu dësem Projet de loi.

Dëse Projet de loi gouf déposéiert de 6. Oktober 2008 vum eisem Gesondheetsminister, dem Mars Di Bartolomeo. Den 9. Oktober

2008 huet déi zoustänneg Chamberskommissioun mech als Rapporteur bestëmmt. Mir hunn an der Kommissioun an zwou Sitzungen de Projet de loi duerchgekuckt, déi eenzel Avice gekuckt. Mir hunn de Rapport unanime den 19. März 2009 an dëser Kommissioun gestëmmt.

Wat ass elo den Objet vum dësem Projet de loi? Et ass engersäits d'Areihung an d'Planificatioun vum Paysage hospitalier, an op där anerer Säit ass et d'Fortféierung vum der Politike vu Synergien a Fusiounen am ganze Land; dat engersäits am Zentrum, am Süden an och elo am Norde vum eisem Land.

D'Fusioun zwëschen Ettelbréck a Wolz eriwwer an de Centre Hospitalier du Nord gëtt de Bierger aus dem Norde vum Land en neie Réseau de couverture, dee méi komplett a méi performant ass, wat d'Services de soins betrëfft. Et heescht och den Ufank vun enger Adaptatioun a Modernisatioun vun den Infrastrukturen, an hei virun allem op dem Site Wolz, déi elo nach mussen a wäerte gemaach ginn.

Ech géif kuerz eng Kéier op den Historique vun deenen zwee Spideeler zréckkommen, déi haut de Mëtteg am Projet de loi wäerte fusionéieren.

Op där enger Säit d'Ettelbrécker Klinik, déi 1936 kreéiert gouf, d'Klinik Saint-Louis. An den eenzelnen Etappen: 1948 - Hospice civil, an 1963 eng nei Struktur eriwwer bis hin zu 2003. Mäi Kolleg, de Buergermeeschter vun Ettelbréck, Jean-Paul Schaaf wäert mat Sécherheet nach agoen op de Bau an d'Modernisatioun vun där neier moderner Klinik vun Ettelbréck, déi och haut als eng vun deene modernsten an enge vun deene flottsten an eiser Kliniklandschaft do steet. De Moment huet dëst Spidol 260 Better, 15 Better de Rééducation gériatrique, derniewent 754 Collaborateure mat iwwer 80 agréierteren Dokteren.

Op där anerer Säit hu mer d'Spidol vu Wolz, d'Klinik Saint-Joseph, dat 1937 inauguriert gouf, 1977 moderniséiert an ausgebaut gouf, a virun allem an den 90er Jore wirklech e flotten Ausbau kritt huet, deen och an d'Zukunft kuckt. Mir wäerten och fir eng Modernisatioun an en Ausbau fir dëse Site um bestehende Site schwätzen an en och realiséieren. Dës Klinik huet 82 Better, 220 Collaborateuren an 23 agréierteren Dokteren.

D'Iddi vum Zesummeschaffe vun dësen zwou Klinikken ass schonn an den 80er Jore gefouert ginn a gouf virun allem 1996 méi konkret duerch eng Convention de collaboration hospitalière. Ënnert dem Impuls vum Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo an deenen zwee Verwaltungsgréit, awer och op där anerer Säit de Gemengen, vertrueden duerch hir Schänneréit, gouf den 21. Mee 2007 eng Lettre d'intention en vue d'une fusion ënnerschriwwen. Dëst war d'Basis fir och wirklech a grouse Schrëtt bei dëser Fusioun virunzuekommen.

No der Fusioun besteet de Centre Hospitalier du Nord aus 342 Better a 15 Better de Rééducation gériatrique. Better, déi also och gebraucht ginn am Norde vum eisem Land, an där ganzer hospitalärer Landschaft. E besteet awer och aus iwwer 1.000 Collaborateuren an iwwer 100 agréierteren Dokteren.

De Statut vum dësem Centre Hospitalier du Nord ass e Centre hospitalier régional. E soll op där enger Säit d'Médecine de proximité garantéieren, dat virun allem am Norde wéinst de geographeschen an den topographesche Begebenheeten, an op där anerer Säit méi eng pousséiert Spezialisatioun op béide Siten assuréieren.

D'Gemengen Ettelbréck a Wolz, déi bis elo Träger ware vum Hospice civil, wäerten an Zukunft och an de Fonctionnement vum Centre Hospitalier du Nord agebonne sinn. Dat duerch eng Vertriidung - an eng relativ staark Vertriidung - an deem neie Conseil d'administration, dem neie Verwaltungsrot vum CHN.

A wa mer wëssen, datt d'Bevëlkerung vum Norde vum Land - dat heescht, vun der Région hospitalière du Nord - de Moment nach eng Steigerung vun iwwer 2% all Joer huet, an also bis d'Joer 2014 wäert 86.500 Habitanten zielen, wäert een an den Taux de couverture de Moment gerechent véier Better op 1.000 Leit hunn. Esou gesi mer, datt déi ablécklech 342 Better séier wäerte bei 346 den absolute Maximum erreicht hunn, an datt elo schonn an d'Zukunft muss geduecht ginn, fir neien Handlungsbedarf ze kreéieren.

Wat zu dësem Projet, wat mer och an der Kommissioun diskutéiert hunn, déi eenzel Avice vun deenen eenzelnen Organisme waren an derniewent och vum Conseil d'État:

- engersäits den Avis vum Collège médical, deen e favorabel gesinn huet an op e rich-

tegen a wichtege Organigramm virun allem op deenen zwee Sitë gepocht huet, wourunner och de Moment nach ganz aktiv geschafft gëtt;

- op där anerer Säit d'Commissioun permanente vum Secteur hospitalier, déi och dës Fusioun approuvéiert huet a wou just d'Bermerkung war, datt de Stat relativ schlecht vertruede war an deem neie CA. Eng Bermerkung, déi allerdéngs vum Statsrot widderleucht gouf, déi eigentlech de contraire gesot hunn an un déi sech och d'Commissioun gehalen huet;

- de Statsrot, dee virun allem op technesch Detailler agaangen ass, wat engersäits d'Siten ubetrëfft, wou en drop gehalen huet, datt keng nei Siten dierft kreéiert ginn;

- op där anerer Säit huet en zwou Opposition-formellen erabruecht a sengem Avis: deen ee war d'Exclusion supplémentaire vun de Fonctionnair vum der CNS, dat nient der Exklusioun vun deene vun der Sécurité sociale; an op där anerer Säit d'Possibilitéit vun der Révocation vum engem Member vum Verwaltungsrot.

Dës Proposition de texte, déi de Conseil d'État am Kader vum sengem Avis gemaach huet, huet d'Kommissioun och esou uegoll an doduerch also de Remarquë vum Statsrot Rechnung gedroen.

Zum Schluss vun eisen Diskussiounen hu mer nach e Bréif vun der Stad Ettelbréck zougestallt kritt, dee mer och an der Kommissioun an och zesumme mam Minister a senger Mataarbechter diskutéiert hunn, dee virun allem engersäits beim Punkt A ëm d'Kadasternummer gong, wou eng Rei Kadasternummere sollten an eng Kadasternummer regroupéiert ginn; an zweetens, d'Affektatioun vum Terrain vum alen Hôpital Saint-Louis. Hei hu mer verweisen, datt dës Problematik soll geléist ginn am Gesetz iwwer soit engersäits de Bau vum Lycée des professions de la santé, oder op där anerer Säit am Kader vun der Konventioun, déi jo och an dësem Projet de loi virgesinn ass.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech géif dann eng Kéier kuerz duerch déi Artikele goen, fir ze soe wéi dann elo am Einzelnen de Centre Hospitalier du Nord fonctionnéiert.

Fir d'éischt dann, deen éischten Artikel ass d'Forme juridique. D'Missioun si festgeluecht, awer och de Site vun deem neien CHN, an och d'Forme juridique, wéi gesot, den Établissement public, deen also hei entsteet.

An deenen nächsten Artikelen ass festgeluecht: de Conseil d'Administration, wéi seng Zuel ass, wéi en zesummegeesat ass, aus wat fir enge Verrieder. Ech hu jo scho gesot, datt d'Gemenge relativ staark vertruede sinn an dësem neien CA. Derniewent ass awer och gewise wéi d'Iwwergangsfelder, déi sougenante Phase transitoire, solle beim Verwaltungsrot fonctionnéieren. Et sinn awer och ganz kloer d'Aktiounsfelder vum CA definéiert; seng Missiounen, seng Aufgaben an Zukunft.

D'Direktioun vum dësem Établissement gëtt engem Directeur général uvertraut. Dat wäert wahrscheinlech de Professor Doktor Schubert ginn, deen also dësen neien CHN wäert leeden. Seng Assistance wäert op deenen zwee Sitë fonctionnéieren. D'Kreatioun vun engem Conseil de direction gëtt och a Form gesat. D'Wirkungsfelder dovunner ginn an dësem Projet de loi och genau definéiert, genaousou gutt wéi och d'Situation financière bestëmmt gëtt, virun allem och de Startschoss derzou, mä och duerno déi finanziell Ofsécherung vum CHN.

Wat d'Personal betrëfft, ee Punkt, dee virun allem ganz wichteg ass, op dee souwuel vum Verwaltungsrot wéi och säitens de Gemenge gepocht gouf: Ginn integral d'Recht behalen, fir vun de Klinikken an deenen neie Centre Hospitalier du Nord eranzewieselen oder eranzugeen - wann een et esou wëllt ausdrécken.

D'Hospices civils, déi de Moment bestinn, vun Ettelbréck a vu Wolz, wäerte mam Akraafttriede vum Gesetz dissous sinn, also opgeléist sinn, bis d'Clôture vum deenen eenzelnen Exercicë gemaach sinn. Wou nach eng Rei Exercicen opstinn, wäerte se viru bestoen. Duerno wäert dann och gekuckt gi wou déi eenzel Solden, déi do sinn, hi wäerte goen, engersäits an déi eng Struktur eran an anerersäits zréck an d'Gemengen, déi jo bis elo de Gérant, de Patron souzoe vun den Hospice-civile waren.

Wat d'Terrainë betrëfft, ass kloer geregelt, datt dës Terrainen all wäerten zréckgoen an de Besëtz vun de Gemengen, déi si duerno erëm iwwer ee Bail emphytéotique fir 99 Joer wäerte weiderginn un de CHN.

Dëst Gesetz wäert a Kraaft trieden den 1. Januar nom Vote vum dësem Projet de loi

respektiv no der Publikatioun am Mémorial. Wat also heescht: Den 1. Januar 2010 wäert dëse CHN dann effektiv a Kraaft trieden, wat dem Gesetz no esou virgesinn ass.

De Moment ass een och schonn amgaang déi eenzel Preparatiounen vun der Mise en œuvre ze maachen. An och d'Modalitéiten dervu si kloer festgeluecht, wéi de Budget opgestallt gëtt. De Budget vun 2010 ass och kloer. D'Instrumenter an d'Weeër si festgeluecht, wéi dëse Budget zesumme wäert opgestallt ginn, fir dann och 2010 direkt mat richtigem Élan unzufänken.

Bis dem 1. Januar 2014 ass och festgehal: Am Projet de loi wäert de Conseil d'Administration erweidert sinn duerch zwee Membere vum Conseil médical op där enger Säit, an zwee Verrieder vun de Personaldelegatiounen.

Dat zum techneschen an zum inhaltleche Volet vum dësem Projet de loi. Erlaabt mer dann nach puer perséinlech Remarquen zu dësem Projet de loi ze maachen.

Dëse Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg, wann ech de Rapport an och d'Stëmmung an der Kommissioun gesinn hunn, unanime uegoll hunn an dann och hoffentlech wäerten unanime stëmmen, ass e laange Prozess, dee gefouert gouf, wou zeg Joren an d'Land gaange sinn a wou effektiv eng ganz Rei vu Leit - an ech war selwer där och een - heiansdo verzweiwelt sinn an een heiansdo gemengt huet dëse Prozess géing net virugeen.

Et huet ee ganz dacks wierklech schwéier Bengelen am Wee fonnt. Et gouf vill Polemik op ville Säite gemaach. Dacks huet ee wierklech gemengt dëse Projet wär gestuerwe gewiescht, an effektiv, d'Kar wär am Dreck stieche bliwwen. Merci un all déi Leit a Gremien, déi all déi Joren - an et ware ganz vill Joren, déi hei hanner eis leien - Asaz gewisen hunn an déi ëmmer un dëse Projet gegleef hunn, un dës Fusioun zwëschen de Klinikken vun Ettelbréck a Wolz.

An éischter Linn sinn dat sécher d'Verwaltungsgréit vun deenen zwee, souwuel Ettelbréck a Wolz, mat der Spëtzt hire Presidenten dem Marc Mohr an dem John Shinn, déi eng formidabel Aufgab an hire Gremien zesumme mat de Membere aus de Verwaltungsgréit geleescht hunn. Derniewent sinn et awer och d'Schäffen- a Gemengeréit vun deenen zwou Gemengen. Hei géif ech virun allem hiweisen op déi exzellente Kollaboratioun mat mengem Kolleg Deputéierte Jean-Paul Schaaf a sengem Schännerot vun Ettelbréck, wou mer eng ganz konstruktiv an no vir kuckend zukunftsorientéiert Zesummenaarbecht realiséiert hunn.

Op där anerer Säit och e grouse Merci un déi konstruktiv Zesummenaarbecht vun den Dokteren, vun de Medeziner op där enger Säit, fir d'Ausschaffe vum Concept médical, awer och déi praktesch Klärung vun de Froen, de Verwaltungen an all de Membere, déi an dëse Verwaltungen schaffen, all dem Personal, déi dës Fusioun zënter Jore minutiéis plangen an och de Moment amgaang si lescht Detailler ze maachen an an der Praxis scho gréisstendeels ëmgesat hunn; dem Personal an de Personaldelegatiounen fir hir positiv Ënnerstëtzung beim Einsatz vun dësem Projet a virun allem fir hir grouss Dialogbereitschaft an dësem Projet de loi; de Ministère, an hei virun allem dem Ministère de la Santé, a speziell hei dem Fränk Gansen an dem Mike Schwebag, déi fir dëse Projet zoustänneg waren, an op där anerer Säit awer säitens de Gemengen dem Ministère de l'Intérieur, der Madame Christiane Loutsch, dem Här Marc Leonhard an dem Jean-Lou Hildgen; a virun allem awer zwee, ouni déi dës Fusioun ni hätt kënnen realiséiert ginn. Et ass op där enger Säit den Engagement, d'Konzept an d'Planung vum Professor Doktor Schubert, an op där anerer Säit de perséinlechen Engagement vun eisem Gesondheetsminister, dem Mars Di Bartolomeo.

►►► **Plusieurs voix.** - Ooohhh! Aaahhh!

►►► **M. Carlo Wagner** (DP). - Här Schneider, si Wahlen?

(Interruptions)

►►► **M. le Président.** - Här Minister, loosst Äre Kolleg Rapporteur hei seng Ausféierungen a Rou maachen.

►► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*. - Här President, Dir wësst, dass ech ëmmer dat maache wat Dir sot.

►► **M. le Président**. - Dat wier natierlech ganz schéin, wann et esou wier.

(*Hilarité*)

►► **M. Romain Schneider** (*LSAP*), *rapporteur*. - Här President, si all wäerten hiren Asaz net bereien, well d'Bevölkerung weess hinnen dës Approche héich unzerechnen, an elo schon, a wäert spéider nach méi d'Virdeeler vun dëser Fusioun, vun dësem nei geschafene CHN gesinn.

Fir Ettelbréck heescht dat nach méi eng effikass Bettebeleeung an Offer un d'Servicer, awer och nach méi eng wäit Patientenerreechbarkeet. Fir Wolz bedeit dat carrément den Erhalt vun der Wolzer Klinik, dat heescht, fir déi héich Nordregioun e Spidol an hirem Raum, fir d'Wirtschaft vu Wolz an Émgéigend keen zousätzlechen negative Schlag, mä nei Perspektiven, a speziell fir d'Beschäftigung, d'Ofsécherung vun 250 Aarbechtsplaz fir Personal an Dokter.

Zum Ofschluss geet mäi Wonsch dohinner, datt mer an dëser Chamber, wéi scho gesot, dës Projéit mat grousser Majoritéit stëmmen, fir eis Cartographie hospitalière méi komplett ze maachen, an un d'Regierung, datt de Projéit de modernisation fir dat aktuell Spidol zu Wolz - dat de Konzept mat de Kollege vun Ettelbréck ausgeschafft huet an och wierklech da soll Centre Hospitalier gerecht fonctionnéieren an esou a Stand gesat ginn - an deenen nächste Wochen am Regierungsrat och gréng Luucht kriit, datt och dës Projéit de modernisation ka gemaach gi fir dës Investor, déi dringend noutwendeg sinn, fir och wierklech e Copy/paste vun de Raimlechkeete vun Ettelbrécker Spidol ze kréien, ze realiséieren. Ech sinn iwwerzeugt, datt de Gesondheitsminister mat senger Equipe an der Regierung dës Wee, grad elo an den Zäite wou d'Regierung ugekënnegt huet Investissemter ze maachen, wäert matgoen.

Zum Schluss, Här President, géif ech dann am Numm vu menger Fraktioun, der LSAP, der Lëtzebuurger Sozialistischer Aarbechterpartei, mäin Accord zu dësem Projéit de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

►► **Plusieurs voix**. - Au vote!

►► **M. le Président**. - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Député-maire Jean-Paul Schaaf.

►► **M. Jean-Paul Schaaf** (*CSV*). - Här President, loosst mech fir d'éischt, dat passt elo gutt hannendrun, dem Rapporteur Merci soe fir säin explizite schrëftlechen a mëndleche Rapport. Grad wéi de Rapporteur sinn ech selwer och staark implizéiert an dës Projéit. Mir sinn allenzwee involvéiert, vu dass mir allenzwee un der Spëtzt si vun deenen zwou Gemengen, deenen hir Klinikinfrastrukturen haut sollen zesummegeleucht ginn. Mir gi se also e bësselchen aus der eegener Hand eraus, fir se an eng nei Hand ze ginn a fir se an eng gemeinsam Zukunft ze féieren.

Ech hu mer d'Fro gestallt, ob et gutt wier, wann een esou betraff ass, fir hei ze schwätzen. Mä ech mengen awer, et geet mir e bësselche wéi dem Romain Schneider, wann een an där Zäit virdru vill Suergen, Réuniounen, Diskussiounen, engagéiert Etappen an der politescher Viraarbecht zu dësem Projéit hat, da géif ee sech e bësse virkommen, wéi wann een am leschte Moment d'Gebuertshëllef vun dësem Kand géif verweigere. Dat soll een net maachen, dat wëll een och net maachen, duerfir mengen ech ass et awer gutt fir hei e puer Wuert ze soen. Ech wëll dat och e bësselche mam Brëll vun der Ettelbrécker Säit maachen.

Mir stëmmen haut eng Fusioun vun zwou Spideeler, a wann een am Larousse blidert, dann erkläert sech do de Virgang vun der Fusioun als eng Réunioun vun zwou oder méi onofhängege Gesellschaften, déi hir eegen Identitéit opgi fir eng nei ze schaffen, a wouranner se hire Patrimoine iwwerféieren. Dräi wichteg Donnéeën: eegen Identitéit opginn, eng nei Identitéit schafen an den eegene Patrimoine doranner iwwerféieren.

Dat gesäit sech einfach un, aus zwou Hospices civils maache mer een Établissement public. Et ass e Projéit, deen eigentlech fir de Stat ouni Käschten ass. Et ass een, deen den Accord vun deenen zwou Gemengen huet, vun den zwou Kliniken, vun der Gesondheetskeess, vum Gesondheitsminister, vum Statsrot, vum Collège médical an allen aneren involvéierte Gremien. Et kéint een also soen: „Au vote!“

Mä, léif Kollegen, well et awer d'Endresultat vun engem laange Prozess an den Ufank och erëm vun engem anere laange Prozess ass, ass et awer mengen och wichteg fir an e puer Wierder drop anzegoen. De Rapporteur huet et gesot - dat iwwersprangen ech -, virun 73 Joer ass am Landesnorden déi éischt Klinik, chirurgesch Klinik, gegrënnt gi vum Dokter Charles Marx zu Ettelbréck, dee säi Privatverméigen deemools investéiert huet, fir dass dat soll a kënne Realitéit ginn.

Déi Klinik ass 1948 vun der Gemeng Ettelbréck als Hospice civil iwwerholl ginn. Vun deem Moment an hate mer also en Hospice civil. Et huet séier missen en Neibau geplangt ginn. Deen ass 1963 gemaach ginn, a vum ursprüngelech 48 ass et op 142 Better komm, duerno 183 Better, 288 Better, an dat Gebai aus dem Joer 1963 ass am Moment amgaangen ofgerappt ze ginn. Dat ass also geschwéi Geschicht, dann ass dat fort zu Ettelbréck.

Déi nei Klinik, vun där mer zu Ettelbréck schwätzen, also den Hôpital Saint-Louis, fir se kuerz ze beschreiwen, ass am November 2003 a Betrib gaangen. An deem Haus ginn all medezinesch Fachrichtungen, ausser déi national, ugebueden. Dat huet, an de Romain Schneider huet et gesot, en héije Standard, huet eng exzellent nei Infrastruktur, motivéiert an engagéiert Matarbechter, gutt Dokter an huet sech an där kuerzer Zäit, wou et besteet, eng ganz gutt Renommée am Land gemaach.

Den Hôpital Saint-Louis, fir 647 équivalent temps-plein Posten ze besetzen, rekrutiert en haut 765 Matarbechter. Vu dass mer all déi Wiesselen do hunn, an de mi-temps an esou weider, sinn et der elo 765 Persounen, bal 100 agréiert Dokter, 260 Akut-Better ass gesot ginn, plus 15 Better Rééducation gériatrique, plus awer eigentlech och nach zwielef, déi zielen net als Better, mä zwielef Hôpital de jour. Mir kommen also insgesamt op 287 Better, wann een et esou kuckt, an d'Klinik hält de Moment an der Auslaaschung de Rekord am Land mat enger Bettenauslaaschung vun iwwer 85%. Ech soen dozou herno nach e puer Wuert.

Den Hôpital Saint-Louis ass fir Ettelbréck de gréissten Employeur, domadder e wichtige Wirtschaftsfacteur, an dréit wierklech am positivste Sënn vum Wuert zur Identifikatioun vu senger Heemechtsstad bäi. Duerch deen Hôpital Saint-Louis an och de CHNP ass Ettelbréck e Gesondheitsstanduert vu regionaler, voire nationaler Bedeitung.

Et ass och remarquabel a flott et eng Kéier kënnen ze soen: Vun de 765 Ugestellte wunnen der eleng 156 zu Ettelbréck, a souguer 45% am Kanton Dikrech. Mir hu 85% Résidenten, déi do schaffen, a just 15% Frontalieren, an déi kommen nach quasi allequerten aus dem noe belschen an däitsche Grenzgebitt a sinn domadder och e Garant duerfir, dass lëtzebuergesch iwwerall an deem Haus verstanen a geschwat gëtt.

Déi Ettelbrécker Leit, a besonnesch déi Ettelbrécker Gemeng ass houfreg op dat Haus, op seng gutt a kompetent Féierung, an och op déi gutt an exzellent Gesondheetsversuergung, déi vun den Dokter an dem Personal geleescht gëtt. A wann een dat esou kuckt, da kann ee sech froen: Wann dat alles esou gutt fonctionnéiert, firwat soll een dann elo eng Fusioun maache mat Wolz?

Den éischte Grond mengen ech ass deen, dass déi Fusioun op der Noutwendegkeet fousst, déi aktuell 342 Better am Landesnorden ze erhalen, ze stäerken an derfir ze suergen, dass méiglechst no bei de Leit eng gutt Gesondheetsversuergung geschitt. Ettelbréck kann den Norden net ouni déi 82 Better vu Wolz ofdecken, a Wolz kann net ouni e méi grouse Partner weiderbestoen; de Rapporteur huet et selwer gesot. Dorausser ergëtt sech eng gemeinsam Verantwortung fir de ganzen Norden, där déi béid Partner mat dësem Projéit nokommen.

Den zweete Grond, dee läit an der Noutwendegkeet vun engem partnerschaftleche Mateneen am Spidolsberäich. Konkurrenz ass hei falsch op der Plaz. Et läit eigentlech op der Hand, wann déi iewesch Norm d'Gesondheet an d'Sécherheet vum Patient ass, dann ass et eng moralesch Verpflichtung Synergien anzegoen, déi dësem Zil dëngen. Bei enger Medezin, déi ëmmer méi technesch, méi deier, méi spezialiséiert gëtt, an och bei Patienten, déi ëmmer méi

mobil ginn, ass et kloer, dass kee méi alles op all Plaz kann ubidden.

En drëtten Grond ass, dass déi national Gesondheetspolitik d'Kliniken derzou ugehale huet entweder ze kollaboréieren, fir Kräfte a Gelder sënnvoll anzesetzen, oder awer fir ze fusionéieren. De fréiere Minister Carlo Wagner huet dës Richtung virginn, an den aktuelle Gesondheitsminister huet déi Klack nach vill méi haart gelaut.

E leschte Grond fir dës Fusioun, an eigentlech och deen, deen et iwwerhaupt méiglech gemaach huet, dat ass deen, dass déi responsabel Leit an deenen zwou Direktiounen, an den zwou Verwaltungsreit, bei den Dokter an beim Personal, an och an de Gemengeréit sech all dës Argumenter zu eege gemaach hunn, hir Energien zesummesat hunn, Viruerteeler hanner sech gelooss hunn an dësen Défi mat ganz vill Asaz ugaange sinn.

Et ass awer net fir d'éischt, de Romain Schneider huet dat och gesot. 1996 gouf et eng Synergie, e Kooperatiounsofkomme tëscht den zwou Haiser, allerdéngs awer eng Form, déi sech net als robust an zukunftsfaeg erweisen huet. Si ass am Joer 2000 gekënnegt ginn, esou dass eigentlech déi Hypothees vum Dësch war, an da bleiwen der zwou: Entweder et bleiwen zwou onofhängeg Haiser, oder et kënn zu enger Fusioun.

Et ass d'Fusioun, déi gewielt ginn ass, an déi eben den 21. Mee mat där Lettre d'Intention ënnerschriwwen ginn ass, de Startschuss also fir an eng nei Richtung ze goen. Net déi einfachst Richtung, an duerfir och eng, déi e ganze Koup Hürden huet missen huelen. Ech wëll der e puer ernimmen, ouni awer an den Detail ze goen.

D'Fro beispillsweis vun der juristescher Struktur huet sech gestallt. Et stoung zur Debatt eng Fondatioun, e Syndikat oder en Établissement public ze schafen. Den Innenminister selwer huet sech dësem Dossier ugeholl an ass och op d'Plaz komm, fir Ried an Äntwert ze stoen.

D'Fro vun der finanzieller Responsabilitéit fir d'Gemenge war ze klären. Dës Sujet ass, besonnesch nodeems d'Klinik vun Nidderkuer déifout Zuele geschriwwen huet, ganz sensibel diskutéiert ginn. Mir hunn allerdéngs d'Chance eng vursichteg a korrekt Féierung vun der Kontabilitéit kënnen virweisen, mat positive Resultater a strengem Respekt vun de budgetäre Regeln, esou bëssen nom Motto: „Gutt Leit, gutt Resultat“.

D'Fro vun der Rechter vum Personal, vun der Sécherheet vun der Aarbechtsplaz a vun der interner Organisatioun hu sech gestallt. D'Dokteren hunn Iwwerleeunge missen ustelen, fir en Accord ze fannen iwwert déi medezinesch Servicer an iwwert déi Acten, déi an der Zukunft wou, wéini a vu wem an enner wéi enge Konditiounen kënnen gemaach ginn.

En éischt Grondraaster fir esou en Zukunftskonzept fir déi medezinesch Versuergung am Norden huet missen erstallt ginn, am Respekt vum Plan hospitalier. D'Fro vun der Zesummenaarbecht respektiv vun der Fusioun vun de Personaldelegatiounen, vun de Conseils médicaux, vun den Dokter an hire jeeweilige Fachdisziplinen huet sech gestallt. D'Fro vun der Responsabilitéit vun der Direktioun vun deenen zwou Haiser huet missen enger Léisung zougefuert ginn. Dorunner war och d'Fro vun der Besetzung vun dësen wichtegen Direktiounsposten ze klären.

D'Verwaltungsreit an déi zwou Gemengen hu sech missen eenegen iwwert déi zukünftige Zesummesetzung vun neier Verwaltungsrot. Well déi zwou Gemengenhospicen elo aus de Gemengen eraus an eng eegestänneg Institut iwwerginn, huet missen diskutéiert a gekläert ginn, wéi et mat de Verpflichtungen, de Scholden an den Avouiren ass.

Déi zwou Gemengen hu missen eng Konvention mat de Kliniken aushandelen iwwert d'Notzungsrechter vun de gemengeneegenen Terrainen. Déi zwou Kliniken hunn Informatik, finanztechnesch Organisatioun, Kontabilitätsmechanismen openeen ofzestëmme. D'Gestioun vun de Better, d'Telefonzentral an esou weider an esou fort sinn alles Chantieren, déi ugaange sinn.

An all dës Chantiere komme bei sou enger Fusioun zu den normalen Aktivitéiten vun den Haiser derbäi. Duerfir wëll ech op dës Plaz alle Bedeilegten aus deenen zwou Haiser wierklech en ausdréckleche Merci soe fir hiren Engagement, hiren Asaz, eigentlech och hir Verbassenheet, dat alles zu engem gudden Enn ze bréngen, a letztlech och e bëssen e Merci soe fir hiert Vertrauen an d'Politik.

Wa mer haut dës Projéit de loi stëmmen ass also de Grondsteen geluecht, fir dass nom 1. Januar 2010 d'Klinike vun Ettelbréck a Wolz an enger neier juristescher Struktur opginn.

En Établissement public ass déi besser Form wéi zwou Hospicen. Den Hospice civil ass eng juristesche Form, déi eigentlech ni geduecht war fir esou eng grouss Struktur ze gëieren. Et ass eng Form, déi geduecht ass fir Gemengenaufgaben ze erfëllen. Regional an national Gesondheetsversuergung ass keng reng Gemengenaufgab. Doniewent ass et och net méiglech aus zwou Hospices civils een Hospice civil op zwou Sité vun zwou Gemengen ze maachen.

Am Verwaltungsrot vum neie CHN ass eng Gewiichtung gewielt ginn, déi eigentlech der aktueller Relatioun tëscht den zwou Haiser entsprécht. Siwe Membere gi vun Ettelbréck, véier vu Wolz, ee vum Minister, ee jee weils vum Personal a vum Conseil médical genannt. Do dernieft ass de Commissaire aux hôpitaux, wéi elo och schon, ee Gaascht, dee gäre gesinn ass am Verwaltungsrot.

Ech sinn och scho gefrot ginn, op déi Opdeelung net esou wier, dass Wolz als klengt Haus géif vun Ettelbréck dominéiert ginn. Dorop kann een eigentlech just äntwerten, dass et an der Zukunft deen Ennerscheid net méi gëtt tëscht Ettelbréck a Wolz, tëscht deem engen an deem aneren Haus. Et gëtt een Haus, et gëtt eng Institut, et gëtt een Träger, et gëtt ee Patron mat enger Responsabilitéit fir déi zwou Siten. Déi eegen Identitéit opginn, eng nei Identitéit schafen. Et ass dat, wat hei geschitt a wat hei muss geschéien, a wann een d'Aarbechten am Detail kuckt, déi amgaange sinn, da mierkt een, dass dat och esou emfonnt gëtt.

Dann ass et nach vläicht wichteg ze soen, dass och all d'Rechter vum Personal erhalte bleiwen, déi ginn eent zu eent emgesat an eent zu eent och vum neie Patron iwwerholl. D'Fusioun brauch allerdéngs nach d'Bereetschaft dat Wëlzer Haus ze moderniséieren, et ass och gesot ginn, d'Plang duerfir sinn erstallt, d'Detailer bleiwen ze klären, awer et geet net ouni dësen Invest, Här Minister.

D'Fusioun brauch och nach en definitiivt medezinesch Konzept. A graffen Zich ass et kloer, dass, fir et einfach auszudrécken, déi méi schwéier medezinesch Acten, déi zum Beispill eng Réanimatioun verlaangen, zu Ettelbréck ausgefuert ginn, an de Site Wolz als Hôpital de proximité méi eng breet Palette vu liichte Servicer opféilt. D'Fusioun wäert op dësem Plang eng Zukunftsvision entwéckelen, bei där de Patient aus dem Norde ganz sécher den éischte Gewënn ass.

Eng Zukunftsvision, déi kënn awer net laanscht déi lescht Feststellung, déi ech ofschléissend hei awer nach wëll maachen. Déi zwou Kliniken, et ass gesot ginn, déi hunn zesummen 342 Akut-Better. Laut Plan hospitalier solle mer net ënner déi Grenz vu véier Promill falen - de Romain Schneider huet d'Chiffere genannt -, fir ze soen, mir sinn do haart un der Grenz.

Elo ass et awer esou, dass an der Realitéit d'Patienten sech net esou behuelen, wéi de Plan hospitalier dat virgesäit. Dee Plang huet nämlech d'Bettenzuelen esou geplangt, dass d'Anzuchsgebitt vun der Ettelbrécker Klinik zu Colmar-Bierg opféilt, an déi Leit, déi südlech vu Colmar-Bierg wunnen, eigentlech net méi gezielt gi sinn, fir d'Bettenzuel am Norden ze definéieren, mä gezielt gi sinn, fir d'Bettenzuel am Zentrum vum Land ze definéieren.

Elo ass et awer esou, dass 15% vun de Patienten, haut aus dem Hôpital Saint-Louis, aus dem Mierscher Kanton kommen, an domadder eigentlech e Patientewonsch hunn, dee seet, do ass et fir mech méi no, do ass eng Qualitétsmedezin déi ech mer siche ginn. Eigentlech eppes, wat een am Kontext vum libre choix jo net anescht ka maache wéi respektéieren. D'Auslaaschung vun der Klinik ass doduerjer esou, dass mer bei 86% Bettebeleeung leien, dass d'Patienten dacks laang Waardezäiten oder souguer an Ausnahmefäll och alt emol en Transfert an eng aner Klinik mussen op sech huelen.

Och wann also an der noer Zukunft méi Medezin zu Wolz fir méi Patientene ka gemaach ginn, an och méi ambulante wäert kënnen handelt ginn, wäert et awer mëttelfristeg net duergo mat der aktueller Zuel vun den Akut-Better am Norden. Dat ass ëmsou méi de Fall, wann deen ablécklechen a relativ staarke Bevölkerungswuesstem unhält. Duerfir wëll ech hei dem nächste Gesondheitsminister - et kéint jo sinn, dass en heibannen ass - soen, dass mer mengen, dass dee Plan hospitalier, dee fir 2014 ze erstellen ass, eigentlech eng Äntwert muss ginn op dës Problematik. An dës Äntwert muss

Mardi,
24 mars 2009

dem Usproch an de Besoiné vun de Mën-
schen am Norde gerecht ginn.

Et géif nach vill Detailler zu dësem Projet ze
soe ginn, ech wëll et awer heibäi beloossen.
Déi vill Detailler an déi vill Erausforderun-
gen, déi an dësem Projet stiechen, déi iwer-
erloossen ech mat ganz vill Vertrauen de
Verwaltungsreit, dem Generaldirekter, dem
Professer Schubert a sengen Direkteren,
dem Fleegepersonal, den Dokteren, de Per-
sonaldelegatiounen an dem gesamte Per-
sonal, den zwou Gemengen an och dem
Gesondheitsministère.

Dëse Projet ass e wichtegt Stéck Sécherung
vun der Gesondheitsversuergung am Nor-
den, a vum Norden. D'CSV-Fraktioun steet
hannert dëser Fusioun a gétt och duerfir hir
Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Schaaf.
Den honorabelen Här Etgen huet elo
d'Wuert.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Här Presi-
dent, Kolleginnen a Kolleegen, d'Fusioun
vun de Klinike Saint-Louis vun Ettelbréck a
Saint-Joseph vu Wolz ass d'Suite vun engem
Prozess, deen d'Demokratesch Partei mam
Spidolsplang, ënnert dem Impuls vun de-
molege Gesondheitsminister Carlo Wagner,
entscheidend an d'Wee geleet huet, an
duerno ëmmer erëm gefördert huet.

D'Kooperatiounen an d'Fusiounen an der
Regioun solle mat als Haaptzil zu enger
besserer medezinescher Qualitéit bäidroen.
Fir den Norde bedeit déi nei Struktur nach
eppes méi: De Bierger aus dem Norden e
gläichwäertige Service ubidden, wéi dat fir
den Zentrum an de Süden de Fall ass. De
Spidolssecteur ass domadder eng vun
deene wéinegen Déngschtleeschungen,
wou d'Nordiste mam Centre Hospitalier du
Nord eng Struktur zu hirer Verfügung hunn,
déi den nationale Qualitätsstandardë ge-
recht gétt.

Eppes dierfe mer net vergiessen: De Ges-
ondheitservice ass e Service de proximi-
té a muss ëmmer e Service de proximité
bleiwen. Et kann een hei aus eisem Wahl-
programm zitieren: „Moderne Krankenhäuser
in allen Regionen des Landes. Die DP
wird auch in Zukunft dafür sorgen, dass al-
len Bürgern Krankenhäuser in ihrer Region
zur Verfügung stehen. Die Fusionen und
Kooperationen, die die DP in der Vergan-
genheit maßgeblich durch den so genann-
ten Spitalplan gefördert hat, haben zu mehr
Qualität im Krankenhauswesen geführt. Dies-
er Prozess der konsequenten Modernisie-
rung und auch Kompetenzaufteilung in den
Regionen wird weiterhin von der DP beglei-
tet und unterstützt werden.“

Wat d'Modernisierung vun eise Spidolsin-
frastrukture betrëfft, esou muss ennerstrach
ginn, dass an där leschter Legislaturperiod
ënnert dem Impuls vun Carlo Wagner im-
mens Effortë gemaach goufe fir dee Retard
opzehuelen, dee sech a 15 Joer sozialis-
tesche Ministeren an deem Beräich accu-
muléiert hat.

(Interruptions)

» **Une voix.** - Aha!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Duerch een
un d'Realitäten an d'Besoinen ugepasst
an iwwerschaft Finanzierungsgesetz si fi-
nanziell Mëttele virgesinn, fir dass eis
Spidolsinfrastrukture deenen neie Standar-
den...

(Bouhaha général)

...kënnen gerecht ginn.

Esou ass duerch d'Gesetz vum 19. Dezem-
ber 2003 de Montant fir den Neibau vun Et-
telbrécker Spidol op 95.960.383 Euro erop-
gesat ginn. Ee Chiffer, dee mer eréischt viru
kuerzem hei op 98.395.382 adaptéiert
hunn.

(Coups de cloche de la Présidence)

» **M. le Président.** - Den Här Gesond-
heitsminister an de fréiere Gesondheitsmi-
nister solle keng Zwëschendiscoursen hei
féieren, wann den Här Etgen hei ausféiert,
wat seng Iwwerzeegung sinn.

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Merci, Här
Präsident.

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Et ass awer
esou flott, Här Präsident. Et ass awer esou
flott!

(Interruption et hilarité)

» **M. le Président.** - Här Minister!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Fir d'Wël-
zer Spidol woren awer 376.436.000 Frang
virgesinn. Dat si ronn 9,4 Milliounen Euro, e
Montant awer, dee bis haut nach net no
uewen adaptéiert ginn ass.

Elo ass et awer esou, dass d'Wëlzer Spidol,
mat deem sech d'Leit aus der Regioun ganz
staark identifizieren an dat jo als Hôpital de
proximité fir Basisdéngschter weider soll
erhale bleiwen - wat mir als Demokratesch
Partei absolut begrëssen -, awer a puncto
Komfort net onbedéngt um leschte Stand
ass. Och wann d'Fusioun mat Ettelbréck an
deenen doduerch hoffentlech entstoeende
Synergien dem Wëlzer Spidol wäert zegutt-
kommen, muss gekuckt ginn, dass dëst net
eng Kategorie ënnert deenen anere Spidee-
ler am Land wäert leien.

Hei misst de Stat eventuell en Effort maa-
chen, fir dass och d'Spidol zu Wolz kann a
puncto Komfort mam Rescht vum Land mat-
halen.

Här President, de Rapporteur, de Kolleeg
Romain Schneider, huet d'Virdeeler vun dë-
ser neier Struktur a sengem engagéierte
mëndleche Rapport kloer a prezis ëmress.
An ech wëll him ausdrécklech Merci soe fir
sai schrëftleche wéi och sai mëndleche
Rapport. An dëse Merci aschléisse wëll ech
och d'Präsidenten an d'Membere vun
Conseil d'Administration vun deenen zwou
Kliniken, déi an engem éirenamtleche vir-
bildlechen Engagement, awer och op eng
absolut professionell Aart a Weis de Wee
fräi gemaach hunn, fir dëse wichtegen a
richtege Schratt ze goen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Fernand Etgen (DP).** - Generell
gétt ëmmer gesot, bei enger Fusioun geet
ëmmer een drop. Abee, dës generell Maxim
trëfft net op eng Fusioun am Spidolswies-
en. Hei ginn all Partner an eng gemeinsam
„win-win“-Strategie agebonnen, wou jid-
der-een eppes dervun huet: d'Dokteren, d'Per-
sonal a virun allem d'Patienten. A grad op
d'Patiente kënn et un.

De Site Ettelbréck ass Garant, dass ron-
derëm d'Auer, 365 Deeg am Joer enga-
géiert a kompetent de Leit aus dem Norden
déi beschtméiglech medezinesch Betreiung
ugebuede gétt, an dat a vollem Respekt vu
Mënscherechter, dem Respekt vun der In-
timosphär an der Würd vum Patient. Zu Et-
telbréck geschitt dat an enker Partnerschaft
tëschtend Dokteren, Personal an Administra-
tioun mat engem staarke perséinlechen En-
gagement vun alle Mataarbechter a Partner.
Zu Ettelbréck ginn déi méi spezialiséiert In-
terventiounen am Norde vum Land ge-
maach. Déiselwecht Berufsethik fanne mer
zu Wolz am Proximitéitszenter, wou weider
gängeg Operatiounen a Servicer, beson-
nesch awer déi, déi mat den Aen an den
Queren ze dinn hunn, offréiert ginn.

Meng Virriedner hunn op déi ekonomesch
Bedeitung vun de Klinikstrukture fir hir re-
spektiv Gemengen higewisen. Si hunn enner-
strach, dass hei Aarbechtsplazen ofgesé-
chert ginn. All deem kann ech nëmmen
zoustëmmen a soen, dass dëse positiven
Nidderschlag sech awer net nëmmen op Et-
telbréck a Wolz auswierkt, mä och een im-
mens Impact op d'Nopeschgemengen an
domadder op déi ganz Nordregioun huet.

Här President, wann esou vill Positives ze
vermelden ass, muss mer oppassen, dass
eis vu lauter Bewonnerung de Mond net
opstoe bleift a mer vergiessen, déi mede-
zinesch Versuergung am Éislek laangfristeg
ofzesécheren.

Fakt ass, dass d'Zuel vun de Better op 260
plus 82, also am Total 342 plafonéiert ass,
an d'Zuele si schonn e puer Mol hei rele-
véiert ginn. Fakt ass och, dass duerch d'De-
zentralisatioun vun der Psychiatrie Better
verluer gaange sinn. De Moment hu mer zu
gewësse Perioden eng quasi 100%eg Aus-
laaschtung vun der Capacitéit, besonnesch
zu Ettelbréck am Spidol. Eng konsequent
Qualitätsverbesserung muss all Waardezäi-
ten eng kloer Ofso ginn.

Fakt ass och, dass am Kader vun den Dis-
kussiounen iwwert d'Landesplanung a be-
sonnesch bei den Nordstaddiskussiounen
et d'Zil vun der Politik ass, fir dem Pendler-
zenario entgéintzewierken an den Awun-
nerzenario ze favorisieren, d'Bevölkerung
am Nordstadaum vun 21.000 op 30.000
soll uweessen. Fakt ass weider, dass och an
de ländleche Gemenge vum Norden
d'Bevölkerung staark an d'Luucht geet.

Fakt ass och, dass zum Einzugsberäich vun
der Ettelbrécker Klinik an der Tëschenzäit
bal de ganze Mierscher Kanton gehéiert,
wéi de Kolleeg Jean-Paul Schaaf et richte-
ger- a wichtegerweis relevéiert huet. Et géllt,
elo schonn dëse Considératiounen Rech-
nung ze droen a beim nächste Spidolsplang
d'Diere vun enger Capacitéitserweiderung
opzemaachen. Besonnesch um Site Ettel-
bréck géllt et, e Konzept auszuschaffen, fir
Terrainen ze reservieren, fir e méiglechen
Ausbau kënnen ze realisieren.

Här President, wa mer aus der Nordstad
eng Hauptstad fir den Norde wëlle maa-
chen, wa mer et eescht menge mam IVL,

wann d'Dezentralisierung d'Zil vun eiser
landesplanerescher Approche ass, muss
mer d'Offer vun den Déngschtleeschungs-
servicer upassen, ëmgestalten a virun allem
ëmmer dezentralisieren.

Mir muss virun allem d'Infrastrukture ge-
recht am Land verdeelen. Als Demokra-
tesch Partei geet et eis dorëm, fir
gläichwäerteg Liewensbedingunge fir all
Awunner an alle Gemenge vum Land ze ga-
rantieren. Et ass een oppent Geheimnis,
dass mir Nordlichter et méi schwéier hu wéi
aner Regiounen, fir eis Forderungen an
Uspréck no gläichwäerteg Liewensbedin-
gungen duerchzusetzen.

An dësem Kontext gétt ganz oft d'Fro no där
berühmter Masse critique gestallt. Am
Spidolswies ass dat anescht. Hei hu mer
déi néideg Masse critique, hei ginn déi ak-
tuell Strukturen den Uspréck gerecht. Èm-
sou méi géllt et duerfir, an dësem Beräich
d'Zukunft resolut an d'Hand ze huelen.
D'Zukunftsgestaltung am Spidolswies
ass fir eng Regioun eng grouss Erausfuer-
derung a sollt vun den Acteuren aus der Re-
gioun an d'Hand geholl ginn, ouni sech
eppes vun uewen erof diktieren ze loos-
sen.

De Conseil d'Administration vun neie
Centre Hospitalier du Nord ass deen ideale
Forum, fir zesumme mat den Doktere Kon-
zepter auszuschaffen. Erënnere mer dorun,
dass et sech beim CHN ëm en Établissement
public handelt, enger regionaler Struktur,
déi bis elo vu béide Gemengen Ettelbréck a
Wolz, béid Hospices civils, superviséiert gi
sinn. Béid Gemenge wäerten och weiderhin
am Conseil d'Administration vertraude sinn.

Wat d'Zesummesetzung vun deem Conseil
d'administration betrëfft, esou ware sech
engersäits d'Commission permanente pour
le secteur hospitalier - déi gemengt huet, de
Stat wär ennerrepresentéiert - an de Statsrot
anerersäits net eens. Mir deelen hei ganz
kloer d'Meenung vum Statsrot, dee seet,
dass hei de Stat net eng iwwerdrifwe Main-
mise op eng dezentral Struktur soll hunn an
e Pouvoir titulaire soll ausüben, deen e bis
elo a béide Strukturen net hat. Allgemeng
soll de Stat sech dorop limitieren, fir ze ku-
cken, ob d'Gesetzgebung agehale gétt, an
an Zukunft misst sech d'Politik aus de Spi-
deeler eraushalen. Ähnlech wéi dat bei de
Schoule virgesinn ass.

Hei kënnen mer och eise Wahlprogramm zi-
tieren: „Unternehmergeist in unseren Kran-
kenhäusern fördern. Die Leistungsfähigkeit
unseres Krankenhaussystems könnte durch
eine Anpassung unserer Gesetzgebung
verbessert werden, eine Gesetzgebung, die
sich oftmals als zu dirigistisch, protektionis-
tisch und reglementiert erweist. In der Tat
üben der Staat, in Form des Gesundheits-
ministeriums sowie die Nationale Gesund-
heitskasse (CNS) eine Vormundschaft ge-
genüber den Krankenhäusern aus, während
auf der anderen Seite ein liberales Konzept
besteht, charakterisiert durch die freie Be-
rufsausübung für Ärzte sowie die freie Arzt-
wahl für die Patienten. Die Krankenhäuser
werden zwischen diesen widersprüchlichen
Konzepten in die Zange genommen. Um
hier Abhilfe zu schaffen, werden wir in Zu-
kunft den unternehmerischen Geist der
Krankenhauseinrichtungen mehr unterstüt-
zen.“

Här President, a Strukturen an an Infrastruk-
turen investieren ass sécherlech eng posi-
tiv Saach. Nach muss gekuckt ginn, dass
d'Fusioun och eng Plus-value fir d'Patiente
bréngt. Do hänt villes vum medezinesche
Konzept of. An et ass och schonn hei gesot
ginn, dass medezinesch Konzept, dass mir u
sech dorop waarden, dass dat soll virge-
luecht ginn.

Wéi gesäit dëst konkret aus, Här Minister?
Wäerten déi zwee Spideeler, déi eng dach
relativ grouss Distanz vuneneen trennt,
wierklech komplementär sinn?

Här President, ech mengen opgrond vun all
deem, wat ech virun d'entwickelt hunn,
ass et fir d'DP-Fraktioun eng Selbst-
verständlechkeet, dass mir dësem Projet eis
Zoustëmmung ginn.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Etgen.
D'Wuert huet elo den honorabelen Här Huss
fir déi gréng Fraktioun.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Merci,
Här Präsident. Wann ech am Ennerscheid
zu menge Virriedner als Süd-Deputierten
zu engem neie Spidol am Nordbezirk
mech hei äusseren, dann ass dat mat Sé-
cherheit net, well mäi Kolleeg Camille Gira
keen Intérêt hatt un de Gesondheitsproble-
mer am Norden oder well en net kompetent
an deene Saache wär, dass ass alles sécher-
lech net de Fall, mä ganz einfach, well bei

eis eben eng Trennung do ass: Deen, deen
an der Santépolitik zoustänneg ass, deen
ass zoustänneg fir alles, wat am ganz
Land geschitt, an duerfir also och fir den
Norden.

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Ech
muss awer soen, dass ech mer an dësem
Projet awer souguer eng ganz kleng Iddi als
Nord-Deputierte virkommen, well ech ëm-
merhin zënter 25 Joer ganz vill Zäit am
Norde just tëschtend Ettelbréck a Wolz all
Joer verbréngen...

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** -...an
doduerjer déi Géigend also och relativ gutt
kennen an och schonn aus dem Stauséi
esou munche Fësch erauszegunn hunn.

(Interruptions)

» **Une voix.** - Oh!

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Duerfir
wëll ech mer dann trotzdeem erlaben, e
puer Wieder och zu dëser Fusioun vun Et-
telbréck a Wolz, zu dësem nei fusionéierte
Spidol hei duerzeleeën.

Et war an eisen Aen absolut logesch, dass
no deene Fusiounen, déi mer haten am Zen-
trum vun eisem Land an am Süde vun eisem
Land, déi och elo ofgeschloss ass, dass mer
also och am Norden zu enger Fusioun vum
Spidolswies geife kommen.

An ech géif an dësem Zesammenhang na-
tierlech och dem Rapporteur, dem Här Ro-
main Schneider, deen hei ganz engagéiert
déi ganz Problematik duergeluecht huet,
villmoos Merci soen, well hien am Fond zum
Inhalt praktesch alles gesot huet, wat der-
zou ze soe war.

Fläicht an engem Saz wëll ech just resü-
mieren, wat mir dervun halen: Et ass wier-
klech e modernt Spidol do duerch déi Fu-
sioun zustane komm. E Spidol, dat, wann
een dat kuckt vu baussen, mä awer och vu
bannen, wierklech e ganz agréabelen Am-
biente huet, och schön Zëmmeren huet,
sou dass dat wierklech eng Plaz ass, wou
Leit, obschonn een net gären an e Spidol
geet, well ee jo da krank ass, mä ech men-
gen, dass hei den Openthalt awer vum Am-
biente hier an deem Spidol awer dann trotz-
deem eppes ganz Positives ass.

Et ass also fir den Norde wichteg, dass dat
Spidol och op zwee Standbeener awer be-
stoe bleift, dass ass ganz wichteg. Mä mer
géifen - dat ass eng Suggestioun och vu
mengem Kolleeg Camille Gira - eis awer
eventuell erlaben, dem Minister d'Sugges-
tioun ze maachen, ähnlech wéi beispillsweis
am Ostbezirk dorun ze denken, ob et net
sënnvoll wär, zum Beispill och am Kanton
Réiden oder am Kanton Klierf Maison-médi-
calen anzerichten, well awer d'Distanzen
am Nordbezirk mat deene Koppen a Kéie-
ren an esou viru fir d'Leit awer relativ proble-
matesch sinn. Mindestens iwwerleee misst
een dat op dëser Plaz hei dierfen.

Mir sinn also als Gréng selbstverständlech
och mat dëser Fusioun d'accord, mä ech
géif mer awer erlaben, well et jo méiglecher-
weis oder relativ sécher virun de Wahle vum
7. Juni déi leschte Kéier ass, wou mer op
dëser Tribün iwwert d'Spideeler an iwwert
d'Spidolswiesen hei schwätzen, e puer méi
prinzipiell Iwwerlegungen hei awer nach iw-
wert déi Spidolslandschaft lasszeginn. E
puer Remarque.

Eng éischt Remarque, fir ze soen, dass nach
eng ganz Rei vu Problemer awer ze léise
bleiwen, wat déi verschidde Spideeler ube-
laangt, zum Beispill eng Partie Spideeler,
wou nach bis elo keng Léisunge virleien,
wéi am Süden zum Beispill Sainte-Marie
oder och d'Zithaklinik, obschonn déi zwee
Spideeler sécherlech net deeslewechte
Stellwäert an déiselwecht Wichtigkeet
hunn.

Et bleift och nach eng zweet Remarque, fir
ze soen, dass mer elo e ganz modernt Spi-
dolswiesen an deene leschte Joren opge-
baut hunn a jo nach solle virun opbauen,
dass mir allerdéngs e ganz deiert Spidols-
wiesen hunn. Wann ee kuckt, wat d'Kranke-
keesen ubelaangt, solle 50% - anerer soen,
wann een d'medezinesch Tarificatiounen an
d'Leeschungen aberechent bis zu 70% -

am Moment d'Spideeler an den Dépensé vu Krankekeesen ausléisen. Et gétt jo och eng Rei vun Ursachen, eng ganz gutt apparativ Ausstattung an esou virun. A wann een dat gesäit a wann ee feststellt, dass an der Moyenne vun deene leschte Joren d'Steigerungsrat pro Joer ronn 6% dovunner ausgemacht huet, an am Moment net ze gesinn ass, wouduerjer et - am Moment - zu manner grouss Steigerungsrate kéint kommen, da muss ee sech allerdéngs um Schluss vun enger Legislaturperiod e puer Gedanke maachen.

An trotz deem deiere Spidolswiesen - dat wollt ech och hei awer ganz kuerz lassginn - geet et jo net nëmmen ëm d'Baue vun neien Infrastrukturen, et geet och ëm d'Qualitéit, dat hu mer oft genuch hei gesot. A leider ass et och esou, dass net nëmme vun der Patientevertriebung, mä och nach duerch Berichter an der Press mer ëmmer erëm op Problemer op Plazen an esou virun opmierksam gemaach ginn, virun allem um Niveau vun den Urgencen. An ech mengen an där nächster Legislaturperiod, dass dat eng grouss Prioritéit muss sinn, fir ze kucken, d'Urgencé méi rationell ze organiséieren an och besser am Intérêt vun de Leit, fir dass et zu manner laange Waardezäite kënnt an och manner Incidenten, wéi se awer ëmmer erëm an Urgencé virkommen.

D'Qualitéitskontroll an d'Transparenz bleiwen also absolut noutwendeg an och Problemer, déi mer nach an där nächster Legislaturperiod mussen ugoen.

Véiert Remarque. Et bleiwen natierlech och nach finanziell eng ganz Rei vu Saachen oppe stoen a wou mer nach gëschter driwwer diskutéiert hunn; am Süde beispillsweis, wou jo och nach eng ganz Rei vun Investisements noutwendeg bleiwen. A wann een dat da kuckt, a wann ee gesäit, dass mer elo schonn an deene 6% Steigerungsraten an deene leschte Jore waren, da muss mer eis iwwerleeën, wat geschitt, wann an deenen nächste Joren eventuell d'Finanzkris et wäert maachen, dass et riskéiert, dass manner Suen do wäeren.

Mir haten eng Kéier an der Santéskommissioun doriwuer diskutéiert. Do war och plus ou moins e Konsens zwëschent de Parteien, dass grad d'Santésweisen net dat dierft sinn, wou prioritär misst gespuert ginn, mä dass dann eventuell op anere Plaze misst gespuert gi grad wéi am Santésweisen. Do huet mer virun e puer Joren en allgemenge Konsens geschéngt ze herrschen. Mä, wann et awer esou ass, dass mer an deenen nächste Jore méi finanziell Problemer am Stat selwer kréie bei Steigerungsrate vu 6%, déi mer bis elo haten, da riskéiert d'Forschett ëmmer méi auserneezogen an da riskéiere mer Problemer ze kréien.

An duerfir schéngt et mer och noutwendeg ze sinn - dat ass vläicht déi lescht gréisser lwwerleeung, déi ech hei wéilt maachen -, dass mer dann awer endlech an där nächster Legislaturperiod och zu méi Synergie kommen zwëschent de Spideeler. Et kann dann net weider sinn, dass mer an deem Konkurrenzdenken zwëschent de Spideeler bleiwen, wat nach ëmmer besteet. Dat besteet nach ëmmer! An et besteet nach ëmmer, dass souguer dat eent Spidol deem aneren nach d'Dokteren ofjoe geet, an ähnleche Phenomeener. Da muss mer awer dozou kommen, dass mer méi staark Synergie maachen, fir zu méi enger rationeller Koordinatioun vun där ganzer Spidolandschaft ze kommen, an net nëmmen, dass déi Konkurrenz da méi staark muss ewechfalen a méi Synergie muss kommen, mä och méi Spezialiséierung op deenen eenzelne Siten, fir ze kucken, dass mer awer an de Limité bleiwen vun deem, wat d'Kollektivitéit bereet ass auszeginn.

Als Gréng ass et fir eis kloer, mir sinn net der Meenung, dass d'Gesondheitsweisen d'Plaz ass, wou gespuert soll ginn, wa muss gespuert ginn. Do gétt et ganz aner Saachen, wou mer der Meenung sinn, wou kéint gespuert ginn. Mä net am Gesondheitsweisen.

Trotzdem riskéiere mer awer, wann et esou virueget mat den Ausgaben, dass deem nächste Gesondheitsminister an déi nächst Chamber op enger Rei vu Punkten e wéineg Courage...

(Interruptions)

...muss hunn, fir eventuell dann Décisiounen ze huelen. An domadder kommen ech direkt zum Schluss, Här Gibéryen. Ech wollt just déi puer prinzipiell Remarquen do awer maachen, wat do an den nächste Joren op eis zouzekomme riskéiert.

Dat gesot ass et natierlech kloer, dass hei e Projet gemaach ginn ass, dee längst iwwerfällig war, deen noutwendeg war a wou mer mengen, dass et wierklech zu enger positiver Fusioun komm ass, dass dat fir den Nordbezirk eppes ganz Wichtige ass.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Huss. Den Här Gibéryen.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, nodeem hei am Fong zwee Kolleegen, de Romain Schneider an de Jean-Paul Schaaf, déi direkt als Buergermeeschter an deem ganzen Dossier hei esou iwwer Joren dran involvéiert waren an duerfir och an allen Detailler, mengen ech, den Dossier hei verfollegt hunn a kennen, ass et ganz kloer, dass ech vun hei dem Romain Schneider als Rapporteur Merci soe fir säi gudden Rapport, deen e gemaach huet. Ech wéilt awer och dem Jean-Paul Schaaf, dee sécherlech och als Buergermeeschter vun Ettelbréck vill mat un deem ganzen Dossier geschaff huet, Merci soen.

Et ass natierlech esou, wann zwee Leit, déi esou no un deem Projet hei iwwer Jore matgeschaff hunn, dann ass praktesch alles gesot, wat een zu esou engem Projet ka soen. Wann een, wéi ech och nach, aus dem Süde kënnt - de Kolleeg Huss verbréngt d'Weekender, wéi en awer alt gesot huet, do uewen am Éislek -, sinn ech alt frou, dass mä Frënd, de Kolleeg Jean-Pierre Koepp, mech e bësse gebrieft huet iwwer dëse Projet. Well et war de Jean-Pierre Koepp, dee gesot huet, dass en net méi geduecht hätt, dass en an deenen 20 Jore, wou en an der Chamber wier, elo nach d'Chance kréich, fir dëse Projet awer matzestëmme. Wou e frou ass, dass dee gestëmmt gétt. En huet eis och gesot e wier nach méi frou gewiescht, wa mer et fäerdeg bruecht hätten och nach e Projet ze stëmme, deen d'Spidol vu Wolz och nach géif restauréieren an erneieren. Mä dat wäert jo dann an dëser Legislaturperiod net méi de Fall sinn.

Déi Fusioun, déi mer hei maachen téschent der Klinik Saint-Louis vun Ettelbréck an der Klinik Saint-Joseph vu Wolz, andeem mer se an en neien Établissement public mam Numm Centre Hospitalier du Nord areien, reit sech am Fong an déi Politik, déi mer iwwer eng Rei vu Joren hei, géif ech soen, am Land maachen am Kader vun enger Reorganisatioun vun eise Spidolstrukturen an. Et ass net déi éischt Fusioun, déi mer maachen. Et huet sech iwwerall do, wou mer déi Fusiounen hei am Land gemaach hunn, erweisen, dass dat dee richtege Wee war, fir eng optimal medezinesch Betreierung flächendeckend hei kënnen am Land ze garantéieren.

D'Zil muss et sinn, dass mer flächendeckend hei am Land eng medezinesch Betreierung kënnen garantéieren. A virun allem och, esou wéi mer et oft heibannen diskutéieren, dass mer staatlech Verwaltung mussen dezentraliséieren, dass déi sech och am ländleche Raum kënnen niddlerloossen, esou ass et awer a priori eng Selbstverständlechkeet, dass dës Infrastrukturen guesch duerch d'Land ze fanne sinn.

Et ass duerfir, wa mer esou eng Fusioun maachen, och eng Garantie, dass mer an Zukunft am nördlechen Deel vun eisem Land elo eben déi medezinesch Betreierung kënnen garantéieren an ubidden, déi ee modernt Land senge Bierger muss bidden.

Et ass eng regional Bedeitung fir déi Leit, déi do wunnen. Et ass och eng Bedeitung, eng Opwärtung fir déi Region, dass weider Leit sech och kënnen an där Géigend niddlerloossen. Well d'Leit, wa se haut an zwousch wunne ginn - Familjen -, kucke selbstverständlech no allen Infrastrukturen, déi sech an där Géigend ubidden; net nëmmen no de schouleschen oder Kannerbetreierungsstrukturen, mä och déi gesondheetlech Versuergung, déi an där Region do ugebued gëtt.

Mir hunn elo hei och Aarbechtsplaze garantéiert. Och dat ass wichteg. An de Kolleeg Jean-Paul Schaaf huet eis och hei Zuele gesot vun de Leit, déi hei am Land wunne respektiv schaffen, esou dass mer also och gesinn, dass dat e wichtige Faktor op deem Gebitt ass, dass mer also och vill Leit kënnen do beschäftegen. Wa mer d'Leit och do beschäftegt hunn, da gi se dohinner wunnen oder si bleiwen do wunnen. Alles dat ass wichteg fir d'Liewen an enger Region.

Mir sinn duerfir ganz frou, dass mer haut kënnen och dësem Projet zoustëmme. Et ass e wichtige Projet an der medezinescher Betreierung, dee mer hei am Land hunn. Mir hu scho vill där Projekte gestëmmt a mer sinn eis parteiwwergräifend an deene leschte Joren ëmmer eens gewiescht, an déi Richtung do ze goen. Esou wéi an der Vergaangenheet wäert och dëse Projet sécherlech d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen hei am Parlament fannen.

Ech soen lech duerfir Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Den Ofschloss vun der Debatt ass d'Interventioun vun Här Gesondheitsminister.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, de Bericht-erstatte, de Romain Schneider, an de Jean-Paul Schaaf, déi de Projet aus dem Effek kennen, hu mer d'Saach eigentlech ganz einfach gemaach. Ech kéint elo soen: Bravo alleguer. Dir hutt super geschafft an elo stëmme mer.

» **Une voix.** - Très bien!

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Well mer hunn zesammen ee ganz laange Wee hannerun eis. A wann ech nach esou zréckdenken a wat fir engem Klima dass mer ugefaangen hunn an a wat fir engem Klima dass mer eise gemeinsame Bëbee elo op d'Welt setzen, dann ass dat eng formidabel Evoluitioun.

Well viru gutt véier an engem hallwe Joer war déi Iddi schonn am Raum. Et ass richtig gesot ginn, dass mä Virgänger de Carlo Wagner och schonn dru geduecht huet, fir an déi dote Richtung ze goen. Mä et muss een awer soen, dass, wéi mer ugefaangen hunn, d'Haaptaktivitéit sech dorop konzentriert huet, fir Argumenter ze sichen, fir eppes net brauchen ze maachen, an dass mer am Laf vun der Zäit no an no Weeër gesicht hunn, fir et kënnen ze maachen.

Wien eppes wéilt, dee fénnt Weeër, a wien eppes net wéilt, dee fénnt Excusen an Argumenter. Et ass eng formidabel...

(Interruption)

Ech menge mir si Volleksverrieder, Här Wolter.

» **Une voix.** - Mir och!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir sinn alleguer Volleksverrieder. Mir sollen och mat de Leit...

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Ech wollt lech an d'Ae kucken, mä Dir gitt ëmmer op d'Tribün.

(Hilarité)

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mä do si ganz sympathesch Leit; woubäi ech net wéilt soen, dass Dir onsympathesch sidd.

(Brouhaha)

» **M. le Président.** - Här Di Bartolomeo, loosst lech net ofbréngen vun Ärer Ried.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Mir hunn also e wäite Wee hannerun eis. Elo huele mer dee leschten Ulaf, fir e wichtige Projet kënnen an d'Dréchent ze bréngen. E Projet, deen eng ganz staark Symbolik huet, well e weist, dass déi Region zesummewiisst, an e weist, dass déi politesch Verantwortlech an déi Verantwortlech um Terrain net nëmme vum Patient am Mëttelpunkt schwätzen, mä duerch hiert Handeln erlaben, dass de Patient an de Mëttelpunkt kënnt.

Ech soen dat esou wéi ech dat denken: Dat verdéngt Unerkennung. Dat verdéngt Respekt fir dee Courage an déi Wäitsicht, déi bewise gétt, a fir déi Bereitschaft, fir iwwer den eegene Schiet ze sprangen. Well esou ze bleiwen, wéi een ass, ass vläicht heiansdo deen einfachste Wee, mä et ass awer net onbedéngt dee richtege Wee. Hei gétt ganz kloer dee richtege Wee age-schloen doduerch, dass Kompetenzen zesummegeluecht ginn an doduerch, dass een deem aneren hëlleft, fir kënnen dat Ugebuet ze bréngen, wat d'Leit aus dem Norde brauchen.

E fuschneit Spidol, e schéint Spidol, e performant Spidol an e Spidol, dat am Émbroch ass, wuessen zesammen. Mir kënnen déi schwéier Aktivitéit konzentriéieren a mir kënnen d'Proximitéit mat deene Servicer, déi enner exzellente Konditiounen kënnen fonctionnéieren, op dat zweet Standbeen

setzen. Mir ginn domat e wichteg Signal fir d'Regioun. Mir sécheren ee Standuert definitiv of. A mer ginn engem voll ausgelaschten anere Standuert nei Perspektiven an der Zesammenaarbecht mat deem aneren Haus.

Ech soen also, dass et eng richtig Décisioun ass, déi och nach Suité wäert hunn, well mer an deem nächsten oder iwwernächste Conseil de Gouvernement eng Rei vun Investitiounsprojeten am Spidolsecteur wäerte begutachten. Dorënner ass d'Zitha-Klinik. An dorënner ass och d'Moderniséierung vun Wëlzer Standbeen, vum Centre Hospitalier du Nord. Dat heescht, mir halen eis un deen Timing, dee mer zesammen ausgemacht hunn.

Et ass eng weider Etapp an der Reorganisatioun vun eiser Spidollandschaft, wou ech wéilt drop insistéieren, dass och op anere Plazen deeselwechte Courage bewise ginn ass. Ech wéilt drun erënneren, dass am Süden de CHEM aus den Haiser vun Esch, Diddeleng an Nidderkuer entstanen ass, an dat och net unni Tréine gaangen ass, well esou eng Fusioun ass ni einfach.

An ech wéilt och nach eng Kéier dorop hiweisen, dass en anert Spidol, wou haut net méi mat enger Fusioun identifizéiert ass, awer d'Fruucht ass vun enger Fusioun: dat ass d'Spidol vum Kierchbiérg. Dat ass déi richtig Ausrichtung, an ech deele mer ganz gär déi Approche vu Fusiounen a Synergie mat mengem Virgänger a mat de Virgänger vu mengem Virgänger, well déi alleguer an déiselwecht Richtung eragaange sinn.

Ech sinn der Meenung, dass dat eng exzellent Saach ass, an ech hätt eigentlech och dem Spätzekandidat vun der DP aus dem Norde geroden, bei enger ganz gudder Saach net nach Argumenter ze sichen, firwat dass et awer net gradesou eng gutt Saach dāerf sinn. Dat hei ass eng gutt Saach ohne Wenn und Aber, an et soll een heiansdo iwwer säi parteipolitesche Schiet ewechsprangen, fir dat esou kloer ze soen.

Ech zécken net, fir Mérité mat anere Kolleegen ze deelen, och wa se an enger anerer Partei sinn, an ech géif och anere roden, just an dëser Zäit e bësse vun deem kënschtlechen Trennstréch ewechzekommen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Une autre voix.** - Très bien! Dir sidd e gudder Minister!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Jo, Merci.

(Hilarité)

Ech wéilt d'Chamber net méi laang ophalen...

» **Plusieurs voix.** - Ah!

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - ...duerch wäit Exkursen a wéilt just soen, dass mer an deene leschten zéng Jore ronn 700 Milliounen an d'Moderniséierung vun Spidolsecteur investéiert hunn, dass mer an deenen nächsten zéng Jore nach eng Kéier eng gutt hallef Milliard mussen investéieren, fir de Spidolsecteur op dee leschte Stand ze bréngen. Dann hu mer infrastrukturell all dat, wat mer brauchen.

Mä domat geet et net duer, an dat wëssen d'Leit aus dem Spidolsecteur, besonnesch da wann d'Mëttelen - an do sinn ech mam Här Huss d'accord - méi enk ginn, da muss mer fir déi noutwendeg Effizienz, fir déi noutwendeg Dokumentatioun vun der Qualitéit suergen. Mir mussen Aufgabendeelung maachen, mer mussen Kompetenzentren zesamme maachen, well mer an der Vergaangenheet bewisen hunn, dass mer ëmmer dann, wa mer Kompetenzen zesummeleeën, Spéttz, absolut Spéttz kënnen sinn.

Ech kann lech d'Beispiller vum INCCI, vum Centre Baclesse, vum Rehazenter ginn, fir dat ze dokumentéieren, an dat ass de richtege Wee, wou mer an Zukunft mussen eragoen.

An dann zum Schluss wéilt ech lech soen, dass mer d'Datum vun dem 23., also vu gëschter, deen neie Plan hospitalier veröfentlecht hunn, dee fir déi nächst puer Jore géllt, dat net eng Fortschreiwung ass vum leschte Plan hospitalier, jo, och dorop opbaut, mä doniewent de Virage ambulatoire wéilt promovéieren. Iwwregens, an der Region Norden wéi an deenen anere Regionen gétt et ganz vill Potenzial fir d'Hospitalisatioun respektiv d'Bettstrukturen ze entlaaschten doduerch, dass mir méi staark op dat Ambulatoirt zréckgräifen. An alle Regionen ass déi Aktivitéit ennerentwéckelt, op där enger Region méi, op där anerer manner, mä mer mussen doragoen.

An deem neie Plan hospitalier gétt de Konzept vu Kompetenzentren verstärkt. A we-

Mardi,
24 mars 2009

sentlech als Neierung vis-à-vis vun anere Plans hospitaliers kritt de Plan hospitalier e Kapitel Qualitéitssécherung, Opbau vu Strukturen um regionalen, lokalen an um nationale Plang, déi eis definitiv an eng Qualitéitssécherungsapproche erabrénge.

Gëschter ware mer zesumme mam Informatikgrupp, dee sech ëm d'Spideeler këmmert. Eng vun deenen nächsten Erausforderungen ass, dass mer eis d'Moyenë gi fir Aktivitéiten, Resultater a Qualitéit ze moosen. Do si mer nach e bëssen ënnerentwéckelt, mä dat gött eng vun den Haaptausforderungen, wou d'Haiser sech mussen dorop astellen an deenen nächste Joren, an do wäerte mer net zécke fir dat duerchzusetzen - fir déi, déi de Message nach net kapéiert hunn.

An deem Sënn wëll ech dem Centre Hospitalier du Nord, eisem neie regionale Spidolszentrum déi beschte Wënsch fir d'Zukunft iwermëttelen an lech alleguer Merci soen, dass Der esou konstruktiv matgeschafft hutt.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum Vote vun dësem Gesetz.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Quorum ass erreecht. Vote par procuration.

(Brouhaha général)

Et feelen der awer nach eng Rei.

Voilà! De Projet de loi 5927 ass bei kenger Géigestëmm a kenger Abstentiuon mat 56 Jo-Stëmme ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement (par M. Michel Wolter), Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Thiel), Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar (par M. Marc Spautz), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco

Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Romain Schneider), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol (par Mme Lydie Err), M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. Eugène Berger (par Mme Colette Flesch), Xavier Bettel (par M. Claude Meisch), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss et Henri Kox (par M. Jean Huss);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechten. Mir gesinn eis erëm muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 19.06 heures)

SÉANCE 38

Mercredi, 25 mars 2009

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

M. Jos Scheuer, Vice-Président • Mme Colette Flesch, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président

Sommaire

1. Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat
 - M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
 - Débat: Mme Fabienne Gaul, M. Charles Goerens, M. Marc Angel, M. Félix Braz (déposant deux motions et une résolution), M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, Mme Lydie Err
2. Dépôt d'une proposition de loi
 - Mme Lydie Err
3. Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat (suite)
 - Débat (suite): Mme Lydie Err, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire (à qui M. Marc Angel pose une question)
 - Motion 1: M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, M. Félix Braz (motion gardée en suspens)
 - Motion 2: adoptée
 - Résolution 1: M. Jos Scheuer, M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Félix Braz, M. Jos Scheuer, M. Ben Fayot, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, M. Jacques-Yves Henckes, M. Norbert Hauptert, M. Félix Braz (répondant à M. Ben Fayot) (résolution retirée)
4. 5938 - Projet de loi portant réglementation des compensations et réductions en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements et instructions militaires ainsi qu'au service de garde
 - Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration: M. Marcel Glesener
 - Discussion générale: M. Charles Goerens, M. Ben Fayot, M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. Interpellation de M. Eugène Berger au sujet de la politique du Gouvernement en matière d'amélioration des performances énergétiques des bâtiments d'habitation
 - Exposé: M. Eugène Berger
 - Discussion générale: M. Marcel Oberweis, M. Roger Negri, M. Henri Kox, M. Robert Mehlen, M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur (à qui répond M. Eugène Berger), M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement (répond à M. Eugène Berger), M. François Bausch (à qui M. Lucien Lux pose des questions), M. Eugène Berger, M. Henri Kox, M. Ben Fayot, M. le Président, M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Jeannot Krecké, Lucien Lux et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Här Minister Schiltz, huet d'Regierung, déi Der hei vertritt, der Chamber iergendeppes matzedeelen?

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire. - Neen, Här President.

» M. le Président. - Da komme mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Deklaratioun vum Här Kooperatiounsminister Jean-Louis Schiltz iwwert d'Entwécklungshëllef. Duerno féiere mer d'Debatt doriwier. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Gaul, den Här Goerens, den Här Angel, den Här Braz, den Här Henckes an d'Madame Err. D'Wuert

huet elo den zoustännege Minister, den Här Jean-Louis Schiltz.

1. Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann ech lech hei soen, datt et der Welt, an där mer liewen, net gutt geet, da soen ech lech eigentlech näischt Neies. Wann ech lech soen, datt et der Entwécklungswelt och net gutt geet, dann ass dat och näischt Neies, mä dann ass dat eng Fro, déi an deem Plenum hei säit dem Ufank vun der Kris net thematiséiert ginn ass, och wa se an der Kommissioun thematiséiert ginn ass. Duerfir, Här President, wëll ech se haut hei am Plenum thematiséieren.

Kaum een erënnert sech haut nach drun, datt am Ufank 2008 déi meeschten Entwécklungslänner mat enger Lie-wensmëttelkris konfrontéiert waren. Kaum een erënnert sech, datt et deemools op Haiti zu Affrontementer komm ass an datt och a Partnerlänner vun der Lëtzebuurger Kooperatioun d'Leit op d'Strooss gaange sinn. Déi Kris ass net hanner eis, mir kämpfen haut nach mat de Konsequenzen. Virum Hannergrond vun, wéi ech mengen, temporär méi niddrege Pétrolspräisser, erënnert och kaum ee sech un den Impakt vun deenen héije Pétrolspräisser op d'Entwécklungslänner an d'Mënschen, déi an hinne liewen.

Mir sinn, Här President, matzen an enger Klimakris. De leschte Weekend krute mer an Erënnung geruff, datt eis och eng kräfteg Waasserkris an d'Haus riskéiert ze stoen. Wann ee weess, datt um Horizont 2030 ee vun zwee Mënschen dem Risiko ausgesetzt ass, kee proppert Waasser ze hunn, da muss dat engem ze denke ginn an da muss mer och an deem Beräich agéieren.

D'Finanzkris, Här President, ass an aller Mond. D'Wirtschaftskris ass wéi eng Spann amgang hiert Netz auszebreden. A kaum een, jo guer keen, bréngt et fäerdeg sech aus de Klauen vun deem Netz ze befreien. A wann een ee Moment um Ufank vun där Kris konnt d'Hoffnung hunn, datt se géif e bësse laanscht d'Entwécklungslänner goen, da si mer entre-temps enges Bessere beléiert ginn.

Haut scho sinn 100 Millioune Mënsche méi an d'Aarmut verfall wéinst där Kris. Déi komme bei déi 150 Millioune derbäi, déi an d'Aarmut verfall sinn, als Konsequenz vun där Lie-wensmëttelkris, vun där ech virdu geschwat hunn. Déi blank Zuelen - dat muss ee wëssen - verstoppen 250 Millioune individuell Schicksaler vu Mënschen hannert där Kontabilitéit, déi dat, wat amgang ass do ze geschéien, zum Ausdrock bréngt.

Bei enger Weltbevölkerung vu 6 Milliarden hate mer der 850 Millioune, déi an extremer Aarmut hu misse liewen. Haut si mer bei 1,1 Milliarden. Wéi wann dat net géif duergoen, riskéieren duerch d'Kris bis zu 400.000 Kanner méi pro Joer ze stierwen. Dat sinn der net vill manner wéi d'ganz Populatioun vun eisem Land. Dat sinn der 1.100 den Dag. Dat sinn der 45 d'Stonn. Dat ass all 80 Sekonnen eent. All Commentaire, wat d'Dramatik vun deenen Zuelen ubelaangt, eriwweert sech wuel.

Här President, dernieft sinn d'Präisser vun de Matière-première amgang massiv ze falen, säit zwielef Méint. Beispill an der Mongolei: De Kofferpräis, wat d'Haaptexport-Matière-première ass, ass duerch dräi gedeelt ginn an deene leschte Méint. D'Exporteur vun den Entwécklungslänner ginn och massiv erof, ebe well keng international Demande do ass.

D'auslännesch Investissementer an den Entwécklungslänner ginn op Äis geluecht. Minus 20% bis dato. Déi lescht Previsiounen soen: minus 25% dëst Joer.

D'Croissance an den Entwécklungslänner gött gebremst vu 5,4% am Joer 2008 op grad 3% am Joer 2009. Tendenz: weiderhin negativ. Wann een den Zuele vum FMI ka Glawe schenken, da wäert déi drétt Well vun där Kris d'Entwécklungslänner voll erfaassen. Den FMI berechent déi Fongen, déi an der Urgence néideg sinn, op eng Forschett zwëschent 25 Milliarden an 140 Milliarden a Fonctioun vun dem Zeenario, an deem mer eis placéieren.

D'Transferte vun den Immigrante gi katastrophen an de Keller. Migranten, déi an Europa an op anere Plazen an der sougenannter entwéckelter Welt liewen, schécke manner Suen heem, well si zu deene Schwächsten an eise Gesellschaften gehéieren an och hei vun der Kris betraff sinn. Par ricochet ginn dann och déi, déi hinnen nostinn, an hiren Heemechte betraff a getraff.

Wat heescht dat fir d'Entwécklungshëllef? Wat heescht dat fir d'Entwécklungswelt?

Dat heescht, éischstens, Här President, datt d'Erausforderung nach méi grouss ass, an datt mer d'Saachen nach besser musse maachen an deenen nächste Joren, wéi an deene vergaangenen.

Dat heescht, zweetens, datt et net ka sinn - virun deem Hannergrond -, datt d'Entwécklungsbudgeten elo massiv géifen zréckgeschrafft ginn.

Dat heescht och dréttens a virun allem, datt et méi wéi jee drëm geet, datt déi Engagementer, déi geholl gi sinn, respektéiert ginn; Stéchwuert 0,7 2015.

De Risiko, datt déi international Solidaritéit sech wäert entflechten, datt se wäert zerbréckelen, ass reell - nom Motto „jiddweree fir sech“. Dogéint, Här President, muss mer ukämpfen. Et kann net sinn, datt mer elo, wou et eis säit Kuerzem manner gutt

geet, vun engem Dag op deen aneren déi géife vergiessen, déi säit Joren a Jorzéngte keen Daach iwwert dem Kapp hunn, näischt ze räissen an ze bäissen hunn, kee propert Waasser hunn an eigentlech nëmmen iwwerlieden. Well bei manner wéi engem Euro den Dag kann een net vu Liewe schwätzen, mä vun Iwwerlieden.

Et ass am Iwwerregen enger afrikanescher Mamm mat dräi Kanner, déi fénnef Deeg laang näischt ze iesse kritt hunn, net ze vermëttelen, datt mer massiv Gelder hunn, fir eis Ekonomien ze stabiliséieren, an datt, wann et ëm si geet, déi säit Joren a Jorzéngten näischt hunn, op eemol näischt méi do ass. Ech weess, datt ech an deem Beräich hei kann op des Chamber zielen.

Deen, dee mengt, dat wär ze vermëttelen, dee soll dat haut hei soen. Mä e soll et net nëmmen haut hei soen. E soll och deenen et an d'Ae soen, déi getraff sinn an déi be-
traff sinn. Ech weess, datt keen esou heibannen ass. Ech weess awer, datt dat, wat ech hei soen, net iwwerall Zoustëmmung fënnt. Et fënnt eng breet Zoustëmmung hei zu Lëtzebuerg, mä ech fäerten, net iwwerall an Europa an och op anere Plazen.

Ech wëll hei net falsch verstane ginn, Här President. Et ass wichteg, datt mer d'Ekonomie vun den entwéckelte Länner stabiliséieren, mä et muss och weider méiglech sinn an d'Entwécklung ze investéieren, no deene Schwächste vun deene Schwaachen ze kucken, ob se an Afrika, an Asien oder a Latäinamerika liewen, oder ob se hei liewen, och bei eis. Well och do: Jiddweree gëtt vun der Kris getraff. Déi eng méi, déi aner manner. Dat ass eppes, wat eng gemeinsam Responsabilitéit ass, déi mer hunn.

En afrikanescht Spréchwuert seet, datt wann den Elefant stolpelt, sinn et d'Ameisen, déi am meeschten drënner leiden. Mir mussen kucken, datt den Elefant net stolpelt, oder souguer fällt. Mä mir dierfen awer d'Ameisen net vergiessen a mer mussen hinne weider hëllef. Mir mussen och derfir suergen, datt den Elefant net esou vill Stëbs mécht, datt d'Ameisen erstécken.

Duerfir mäin Appel, déi international Entwécklungsbudgeten elo net zréckzeschrauwen, déi Engagementer, déi geholl sinn, anzehalen. En Appel, deen ech net eleng wëll maachen. En Appel, deen och muss vun de 27 Parlamenter an Europa ausgehen, vun de 27 Ministeren. En Appel, wat e gemeinsamen Appel muss sinn.

En Appel muss een ëmmer virum Hannergrond gesinn, datt wa mer vun Entwécklung schwätzen, wa mer vu Suerge schwätzen, vu Suergen heiheim, vu Kris heiheim a vu Kris an den Entwécklungslänner, dann hu mer bei 100 Euro Rächtum, déi mer erwirtschaften, der 99, déi mer fir eis huelen, mat deene mer d'Politiken hei maachen, mat deene mer weider um Sozialnetz strécken, mat deene mer déi kënnen opfänken, déi a Schwierigkeete geroden, mat deenen d'Regierung ka géigesteieren, a mer huelen ee vun deenen 100 Euro, fir e mat deenen ze deelen, déi näischt hunn.

Ech hunn nach kee begéint, dee mer argumentativ konnt duerleeën, datt dat ze vill wär. Ech mengen och, datt ech hei an des Chamber keng Opposition wäert fannen, wann ech e Plädoyer dofir halen herno, datt mer weider un dem Zil vun engem Prozent festhalen.

Dann, Här President, wëll ech och soen, datt et och an eisem eegenem Intérêt ass, fir déi Budgeten héichzehalen. Et brauch ee kee grouse Prophét ze sinn, fir ze gesi wou en Zréckschrauwe vun den Entwécklungsbudgeten hiféiere kann.

Op déi Wirtschaftskris kann an deem Fall eng Sozialkris folgen. Déi Sozialkris kann zu enger politescher Kris gi mat Émeuten, mat Affrontementer, mat Zerstéierungen, mat Mënschen, déi sech a Bewegung setzen. Dat heescht also, datt mer an zéng Joer dat, wat mer haut vermeintlech menge mer géifen et spueren, zéngmol, 20-mol, 30-mol méi mussen investéieren, fir dat erm hierzestellen, wat zerstéiert ginn ass.

Dat heescht awer och, datt mer direkt be-
traff ginn; vun deenen honnerttausende Mënschen, déi sech am Fall vun esou enger breeder Kris an den Entwécklungslänner a Bewegung setzen an déi un d'Dier vun Europa klappen. Mir wëssen et, Dir wësst et:

Mauern hunn nach ni eppes gedéngt an deem Beräich. Duerfir ass den Investissement an d'Entwécklung och en Investissement an eis eegen Zukunft.

Mäin Appel ass awer och een, Här President, un déi aus dem Süden, déi d'Méiglechkeeten hunn, fir verstärkt an d'Entwécklung ze investéieren. Hir Energien, hir Kompetenzen, awer och hir Ressourcé sollen a mengen Ae verstärkt der Entwécklung zougewannt ginn. Et ass net esou, datt de Süden eleng d'Aarbecht soll maachen. Et ass och net esou, datt den Norden eleng déi Aarbecht soll maachen. Et ass net dat eent oder dat aner. Et ass dat eent an dat aner.

A mengen Ae muss dat am Geescht vum Partenariat geschéien, an engem geliefte Partenariat. Et ass eng Fro vu Wëllen; et ass net eng Fro vu Kënnen. Et ass eng Fro vu gemeinsamem Wëllen. D'Erausforderung ass substanzuell. Duerch d'Kris ass se net méi kleng ginn. Mä zesummen, Här President, kënnen mer et packen. Dat ass meng Iwwerzeugung.

An déi lescht Jore weisen och, datt et ze packen ass.

Wann ee weess - éischt Beispill -, datt, fir d'Millenniumsziler ze erreechen, d'Entwécklungslänner eng Croissance vu 7, 8% brauchen, a wann ee weess, datt 2008 an Afrika d'Croissance 5,4% war, jo da ware mer net esou wäit ewech dovunner virun der Kris an dann hunn déi Zuelen alt net esou schlecht ausgesinn.

Wann ee weess, datt haut 83% vun de Kanner weltwäit an d'Schoul ginn, a wann ee weess, datt d'Zil 100% ass um Horizont 2015, da muss et dach méiglech sinn, déi 17% och nach an deene Joren, déi bleiwe bis 2015, ze packen.

Erstmoleg, Här President - drëtt Beispill -, ass am Joer 2008 d'Ziel vun de Kanner, déi weltwäit stierwen, ënner 10 Millioune gefall. Dat sinn nach ëmmer 10 Millioune ze vill, mä dat ass e massive substanzuelle Progress. Nach eng Kéier: Déi Zuele verstoppen ëmmer erëm an an all Fall 10 Millioune individuell Schicksaler.

D'Ziel vun deenen, déi mat manner wéi engem Euro den Dag mussen iwwerlieden, ass vum Joer 1990 u massiv erofgaang. 1,8 Milliarden am Joer 1990; 1,4 Milliarden am Joer 2005 bei enger Weltpopulation, déi eropgaangen ass. Och dat ass e Signal, datt et machbar ass. An Asien ass d'Ziel vun deenen, déi ënner endemescher Aarmut leiden, vu 56% op 18% erofgaang, wat och vläicht erkläert, datt ech a mengen Ausféierung méi op Afrika aginn hei wéi op Asien.

Ganz Länner beweisen, datt et ze maachen ass. Marokko, Tunesien, Chile, Länner, mat deene mer zesummeschafft hunn, mat deene mer haut net méi zesumme schaffen - entwécklungspolitesch - an déi et gepackt hunn, fir sech aus dem Cercle vun deene sech an der Entwécklung befinnende Länner ze verabschieden. Aner Länner - Vietnam, Salvador, de Cap-Vert -, déi virun der Kris um richtege Wee waren, wou och Lëtzebuerg e Bäitrag geleescht huet, alles dat weist, datt et machbar ass.

Ech wëll lech hei, Här President, véier Beispiller gi vu Lëtzebuurger Projeten. Mir hunn am Mali, zum Beispill an der Géigend vu Ségou, iwwer fénnef Joer 6,3 Millioune Euro investéiert. Déi 6,3 Millioune Euro si 50.000 Leit zegutt komm. Déi Leit brauchen, fir sech ze ernähren, 4.500 Tonne Räs am Joer. Am Joer 2004 hu se der grad 4.000 produziéiert; am Joer 2008 iwwer 6.000; am Joer 2009 iwwer 10.000. Wann dat keen Erfolg ass, da weess ech net wat en Erfolg ass. An där Region haten d'Leit also, ier mer ugefaang hunn, net genuch ze iessen, haut exportéieren se en Deel vun deem, wat se produzéieren.

Am Vietnam hu mer iwwert déi lescht zéng Joer 11 Millioune investéiert an d'Chaîne du froid. Mir hunn derzou bäigedroe flächendeckend - oder bal flächendeckend -, datt haut Impfungsprogrammer am Vietnam bestinn. 96% vun de Kanner gi geimpft am Vietnam. D'Mortalitéit vun de Kanner ass ëm 70% erofgaang. Mir hunn do och e Bäitrag derzou geleescht.

Am Cap-Vert: Gesondheetsprogrammer an de Schoule vun der Lëtzebuurger Kooperatioun finanzéiert. 2,5 Millioune Euro iwwer aacht Joer. 144.000 Kanner sinn an de Genoss vun dem Programm komm. 7.800 Formationne sinn ofgehale ginn. D'sanitäre Ofsecherung vun de Schoulen ass vu 56% op méi wéi 80% eropgaang. Eist Zil ass 100%.

Am Senegal: iwwer zéng Joer 3,7 Millioune an d'Waasser investéiert. 40.000 Mënschen aus 86 Dierfer hunn haut Zougang zu properem Waasser. Dat hate se net virun, an hunn domadder hir Liewensbedingungen

doriwwer eraus entschiede verbessert. Déi Beispiller hei am Iwwerregen beweisen, datt d'Kooperatiounspolitik méi wéi aner Politike Kontinuitéit brauch, well et sinn alles Beispiller, déi sech op enger Zäitschinn vun iwwer zéng Joer hinzeien. Sécherlech, Här President, wäert d'Kris eis zréckwerfen, mä déi Beispiller weisen, datt et ze packen ass.

Ech ginn elo net op déi Froen a vun den Entwécklungsbudgeten; ech hunn dat viru gemaach. Ech ginn och d'Ziel Joer net op d'Fro a vun der Wichtigkeet vun der wirtschaftlecher Entwécklung, vun der Entwécklung vum Artisanat, vun der Entwécklung vun der Landwirtschaft, vun der Abettung vun den Entwécklungslänner an de Mënschen aus deeneselwechten an den internationale Commerce. Ech hunn dat d'lescht Joer am Detail gemaach an dat Joer virun. Och op d'Governance wollt ech net agoen.

Just vläicht awer fir ze soen, datt, wann ech d'Zuelen a Westafrika och an deem Beräich kucken, dann ass de Cap-Vert Nummer eent, de Burkina Faso Nummer dräi. Dat sinn och zwee vun eise Partnerlänner. Och dat weist d'Richtung. Och dat weist, datt et an der Governance, an der Regierungsféierung besser gemaach gëtt vläicht wéi an der Vergaangenheet.

Och op d'Klimagerechtheet wëll ech net am Detail d'Ziel Joer agoen. Ech hunn dat Thema schonn hei belicht. Mir brauche méi Klimagerechtheet. All déi Saachen, déi ech elo gesot hunn - Entwécklungszesummenaarbecht, Commerce, Artisanat, Gouvernance, Klima -, mussen mer méi vernetzen am Sënn vun der Kohärenz. Da kënnen mer et packen, wéi ech viru gesot hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, a mengem zweeten a leschten Deel, wollt ech duerleeën wouhin déi Lëtzebuurger Kooperatioun sech an deenen nächste Jore kéint konkret hiewegen. Ech wëll hei zéng Pisten opzeechnen, fir eng international héich unerkannte Kooperatioun nach besser ze maachen, fir op där zolitter Basis, op déi mer kënnen opbauen, d'Saachen nach méi effizient ze maachen.

An deem Zesammenhang wëll ech och op déi international Roll vun der Lëtzebuurger Kooperatioun agoen, an awer och eng Rei Konstante vun der Lëtzebuurger Kooperatioun duerleeën. Konstanten, déi ëmmer zu de Plus-valuë gehéiert hu vun der Lëtzebuurger Kooperatioun an déi mer a mengen Aen och solle bäibehalen.

Selbstverständlech, Här President, déi Piste kënnen net exhaustiv sinn. Ech limitéiere mech haut op zéng Pisten. Ech wëll am Iwwerregen derbäi soen, wann ech vun international héich unerkannter Kooperatioun schwätzen, da soen ech dat net selwer. Dat seet eng ONG wéi ActionAid, déi de Rapport Qualité-prix - wann Der esou wëllt - vun de Kooperatiounen analyséiert, wou Lëtzebuerg mat zu deene beschte gehéiert. Da soen dat international „think tank“, notament den ECDPM, dee schreift, datt mer méi eng transparent Virgoensweis hätten, vill méi eng transparent wéi aner Kooperatiounen op ville Punkten. An da seet dat net zu Lescht och d'OCDE, de Comité d'aide au développement, an där Evaluatioun vum leschte Joer.

Wat sinn déi zéng Pisten, Här President, déi ech wollt hei opzeechnen?

Déi éischt Pist ass déi, datt et a mengen Aen drëm geet déi international Roll vun der Lëtzebuurger Kooperatioun weider héichzehalen. Virum Hannergrond, datt Entwécklungspolitik och Friddenspolitik ass an datt d'Europäesch Union fir 60% vun den Entwécklungsbudgete weltwäit verantwortlech zeechent, datt Lëtzebuerg zu deene véier EU-Länner gehéiert, déi iwwer 0,7 sinn, fënnt Lëtzebuerg am Cortège vun den internationalen Entwécklungsfore Gehéier. Et ass - wann Der wëllt - d'Visitékaart vun eiser Aussepolitik oder eng vun de Visitékaarte vun eiser Aussepolitik.

Lëtzebuerg ass a war an deene leschte Jore ee vun den Haaptimpulsgeber an der internationaler Entwécklungswelt. Dat soll esou bleiwen. Et muss eis e gemeinsaamt Uleies sinn, datt mer net nëmmen zitíiert ginn, wann déi „big payeren“ zitíiert ginn, mä datt mer och zitíiert ginn, wann déi „big playeren“ zitíiert ginn. Dat ass eis Responsabilitéit. Dat verlaangt Asaz. Deen Asaz wäerte mer och an deenen nächste Jore mussen bréngen.

Zweetens, d'Lëtzebuurger Kooperatioun huet weider d'Ee-Prozent-Zil fest am A. Mir wëllen dat an deenen nächste Jore erreechen. Mä, niewent enger quantitativer héichwärtiger Entwécklungshëllef war et eis och ëmmer en Uleies a muss et eis weider en Uleies bleiwen, fir ze suergen, datt eis Entwécklungspolitik an eis Entwécklungszesummenaarbecht och qualitativ esou héichwärtig wéi méiglech ass.

Quantitéit a Qualitéit ginn an deem Beräich zesummen, a wann ech vu Qualitéit schwätzen, da geet et ëm Komplementaritéit, et geet ëm Koordinatioun, et geet ëm Kohärenz. Alles dat ass eppes, wat och zu de Markenzeche vun der Lëtzebuurger Entwécklungspolitik gehéiert. Virum Hannergrond vun der Paräiser Deklaratioun, a vun deem, wat mer zu Accra decidéiert hunn am September d'lescht Joer, mussen mer nach eng Rei Saachen ëmsetzen.

Och dat, mengen ech, kënnen mer op zolitte Base maachen, mä dat mussen mer awer och maachen. Mir hu vill Kontakter och do gehat mat aneren internationalen an europäesche Kooperatiounen an deene leschte Joren, beispillsweis am Beräich vun der Komplementaritéit vun deem, wat mer maachen.

Drëtt Pist: Et ass mer en Uleies, datt mer dat strategesch Virgoe vun der Kooperatioun weider stäerken. Mir hunn hei eng Deklaratioun, mir hunn eng Debatt duerno, mir debattéieren iwwert d'Kooperatioun an der Chamberskommissioun, mir hunn Assisé vun der Lëtzebuurger Kooperatioun, mir hunn e Groupe de travail mat den ONGen, mir hunn e Comité interministériel. All déi Saachen, wat strategesch Elementer sinn, mussen mer vervollstännegen duerch sektoriell Strategien.

Déi sektoriell Strategië wäerten an deenen nächste Woche prett sinn, sous forme vu Projeten. Ech sinn der Meinung, datt mer se sollen diffuséieren, am Virfeld vun deenen nächsten Assisen, an datt se do sollen dann diskutéiert ginn, datt dat strategesch Virgoe, wat ech beschriwwen hunn, wat an der Interaktioun och tëschent Regierung a Chamber zustane kënnt, och duerch déi sektoriell Strategië kann a wäert vervollstännegt ginn.

Véiert Pist: d'Kohärenz systematiséieren. Et ginn, Här President, ganz vill Initiativen am Beräich vun der Kohärenz vun de Politiken, mir mussen se systematiséieren. Ech wëll e puer vun deenen Initiativen opzielen.

Éischt Kohärenzelement: 3D-Approche vun der Lëtzebuurger Aussepolitik: Diplomatie, Développement, Défense. Dat kann net all europäescht Land vu sech soen; déi, déi d'Zeitung liesen, wësse vu wat ech schwätzen. Hei fonctionnéiert dat, a wann ech dann och gesinn, datt, wann d'Amerikaner vun enger neier Afghanistan-Strategie schwätzen, da kënnt dat deem 3D, fir dee mir scho laang stinn, vill méi no, wéi dat, wat bis elo hir Strategie war. Diplomatie, Développement an Défense gi besonnesch a Krisegebiddere zesummen. Och dat ass en Element vun elementarer Kohärenz, wann Dir mer déi Redite erlaabt.

Zweetens, am Beräich vum Environnement a vum Klima. Och do huet d'Kooperatioun sech op déi, déi en Charge si fir d'Klimapolitik, zoubeweegt. Och do mussen mer nach méi no eis uneneen hiewegen, mä essenziell ass fir mech, datt de Plan national pour le développement durable, deen den Émweltminister wäert an deenen nächste Woche virstellen, dee Plang, deen dréit och d'Handschréft vun der Lëtzebuurger Kooperatioun. Och d'Handschréft, net nëmmen d'Handschréft selbstverständlech.

Dee Plan national pour le développement durable ass den Ausdrök, wat déi strategesch Orientatioun ubelaangt, vun der Zesummenaarbecht tëschent Environnement a Kooperatioun. Mir hunn do eise Bäitrag geleescht, an deen ass an dee Plan national pour le développement durable, deen de Minister Lux wäert den 1. Abrëll, wann ech richteg informéiert sinn, virstellen, mat agefloss. Selbstverständlech ass et esou, datt déi Environnement- a Klimastrategie, déi mir am sektorielle Beräich wäerte virstellen, an deenen nächste Méint och wäert mat de Leit vum Environnement ofgeschwat ginn.

Drëtt Beispill vu Kohärenz: d'Mikrofinanz. Am Beräich vun der Mikrofinanz huet d'Kooperatioun sech méi no un d'Finanzplaz erubeweegt, an d'Finanzplaz huet sech méi no un d'Kooperatioun erubeweegt. Dat ass ee vun deene Beräicher, wou Lëtzebuerg kann eng speziell Plus-value bréngen, a meng Iwwerzeugung ass et och, datt iwwert d'Entwécklungswelt eraus d'Mikrofinanz en exzellent Antikriseninstrument ka sinn a wäert sinn an deenen nächste Joren.

Déi, déi d'Mikrofinanz viru Joren nach midd belächelt hunn, sinn haut entweder net méi do, oder maachen och mat, well se entretens selwer agesinn hunn, datt dat eppes Seriöses ass, datt dat eppes ass, wat kombinéiert mat anere Mëttele agesat, kann zu richtege, reellen a substanzuelle Plus-valuë féieren.

Véiertens, wëssend, datt alles wat d'Telekommunikatiounen ubelaangt den Développement kann accélérieren, si mer och am-

gaang, hu mer och mat der Union économique et monétaire ouest-africaine eis op de Wee beginn, fir ze kucken, wéi kann a Westafrika verstärkt op Telekommunikationsmëttel zrëckgegraff ginn, fir den Développement an engem regionale Kader och ze accélérieren. De President vun der Kommissioun vun der Union économique et monétaire ouest-africaine war virun e puer Wochen hei. Mir hunn dee Projet do an d'Wee geleet, a wäerten deen och kënnen konkretiséieren. Dat geet selbstverständlech mat enger Etüd an enger éischter Phas un.

Wa mer et fäerdegbruecht hunn de Service volontaire jeunesse an d'Liewen ze ruffen, zesumme mat der Jeunesse, ass dat och e Kohärenzelement. Wa mer vun Éducation au développement an de Schoule schwätzen, hu mer dat zesumme mat der Éducation gemaach.

Wa mer an d'Ausschreiwungen d'Notioun vum fairen Handel erabrëngen, net nëmmen erabrëngen, mä och kucken, datt fair gehandelt Produiten niewent de Produits du terroir an d'Schoulen an op anere Plaze kommen, dann ass dat och e Kohärenzelement. Wann een d'Position vun der Lëtzebuerger Regierung kennt, wat den Agrarsprit ubelaangt, da weess een och, datt d'Kooperatioun do hiert Wuert matgeschwat huet.

Op all déi Saache kënnen mer opbauen. Mir mussen nach villes ëmsetzen, mir mussen systematiséieren, mir mussen konkretiséieren, mä ech mengen awer kënnen ze soen, datt mer an deem Beräich do vill méi wäit si wéi anerer. An ech wëll och hei profitéieren, fir e klengen Appel un d'ONGen ze lancéieren. Et ass gutt fir d'Kohärenz hei zu Lëtzebuerg unzemaachen. Et ass nach besser, fir se och an deenen anere 26 Länner unzemaachen. Well ech mengen et ass do, wou et e bëssen happert. Nëmme esou kënnen mer Resultater kréien, nëmme wann der 27 sech fir Kohärenz asetzen zu Bréssel, kann eppes geschéien. Wann een, zwee, dräi, véier, fënnf sech duerfir asetzen, wann d'Lëtzebuerger, d'Hollänner, d'Schweden an d'Dänen dat maachen, zesumme mat nach een, zwee, da kréie mer do den Duerchbroch net. Duerfir mäin Appel, fir lech och an deem Beräich, léif Kolleeginnen a Kolleegen vun den ONGen, e bësse méi ze internationaliséieren.

Ech gesinn, Här Goerens, dat geet och bei lech erof wéi Musek.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech wöllt soen: Oh, wéi Recht hutt Dir, Här Minister.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Kohärenz, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass virun allem fir mech, datt mer deen Développement durable, deen ech nennen den „Développement durable à la Brundland“, och systematesch an d'Faitë riwwerbrëngen, nämlech ekonomesch Entwécklung, sozial Entwécklung, ökologesch Entwécklung, an net nëmmen op enger Plaz an der Welt, mä op alle Plazen.

Mäi fënnefte Punkt ass keng nei Pist, mä ass eng Konstant vun der Lëtzebuerger Kooperatioun. En zentraalt Element vun der Lëtzebuerger Kooperatioun ass dat vum Partenariat. E Partenariat, wat net nëmmen un Paarbeier besteet, mä e Partenariat wat och all Dag gelieft gëtt vun deenen, déi dann d'Chance hunn an d'Responsabilitéit, fir déi Politik ze gestalten.

D'Lëtzebuerger Kooperatioun gëtt op ville Plazen ugesinn als eng effikass Kooperatioun, als eng relativ diskret Kooperatioun, als eng Kooperatioun déi à l'écoute ass, als eng Kooperatioun déi Plus-valuë bréngt. Dat ass dorop zrëckzeféieren, datt dat Partenariat scho säit Jore praktikéiert gëtt. Do-runner solle mer festhalen.

Eng sechst Pist, Här President, vun deenen zéng, ass déi vun de Secteuren, an deene mer aktiv sinn. Ech sinn der Meenung, datt mer solle weider dat maache wat mer kënnen, nämlech eis op déi Basis-Sozialsecteuren konzentréieren: Éducation, Formation professionnelle, Gesondheet, Waasser, Assainissement, Développement rural, Développement local intégré, etc., etc...

Wa mer eis op nei Pisten beginn, solle mer ëmmer kucken, datt et Pisten sinn, wou mer eng reell Plus-value kënnen bréngen. Dat ass de Fall am Beräich vun der Mikrofinanz, dat ass de Fall am Beräich Telekom. Ech sinn dorobber agaangen.

Siwentens d'Fro - déi all Joer hei gestallt gëtt - vun nei Partenariaten, bekannt ënner dem Aarbechtstitel „Nei Zillänner“. De Stand haut, wat dat ubelaangt, ass folgenden: Baséierend um Regierungsprogramm vun 2004 hu mer konsequent, am Sënn vun der Effikasitéit, d'Kooperatioun mat deene meeschten Net-Zillänner no ënne geféiert.

Dat war a verschiddene Fäll net extrem komplizéiert, well et duerch Sënn mécht a Länner wéi Marokko an Tunesien, déi sech rasant dévelloppéiert hunn an deene leschte Joren, mat der Kooperatioun opzehen.

Et ginn natierlech och Beispiller wou mer eng Plus-value bréngen, wéi zum Beispill de Ruanda, wou mer weidergefuert hunn a wou mer a mengen Aen och solle weiderfuere. Mä d'Zuel vun den Net-Zillänner ass massiv erofgaangen. Mir hu mat dräi vun eise Partnerlänner Consolidationsprogrammer ënnerschriwwen. Dat sinn och Programmer, déi gräifen net vun haut op muer - ech hu virdu vun zéng Joer geschwat -, mä déi Consolidationsprogrammer sinn ënnerschriwwen gi mam Salvador, mat Namibia a mam Vietnam.

Déi logesch Folleg vun deene Consolidationsprogrammer wier, à terme, e Retrait aus deene Länner respektiv eng Kooperatioun vun enger anerer Natur, well et jo och e Liewen no där klassischer Kooperatioun gëtt, nämlech dat vun der wirtschaftlecher Zesummenaarbecht. Mä déi logesch Folleg vun deene Consolidationsprogrammer, wann déi Progrès an deenen dräi Länner, déi ech genannt hunn, an deenen nächste Joren esou si wéi se an deene leschte Jore waren, respektiv vergläichbar Progrès an deenen nächste fënnf Joer gemaach gi wéi an deene leschte fënnf Joer, da kann een à terme do un e Réckzuch vun der klassischer Kooperatioun denken.

Dat alles mécht, datt de Moment komm ass, fir iwwer nei Kooperatiounen, nei Partnerschaften nozedenken a fir déiselwecht anzudenken. Fir mech mussen do dräi Kritären applizéiert ginn, nieft selbstverständlech deem klassische Kritär vun der Aarbeitsbekämpfung basierend um Indice pour le développement humain.

Éischters mussen nei Partnerschaften geographesch Sënn maachen. Zweetens solle mer, wa mer nei Partnerschaften aginn, vläicht och eng Kéier drun denken dem Fragilitéitsfaktor Rechnung ze droen, an och eppes vläicht op enger méi komplizierter Plaz maachen. Drëttens schéngt et mer wichteg ze sinn, datt mer, wéi mer et an der Mikrofinanz gemaach hunn, wéi mer et an dem Telekom maachen, dem regionalen Aspekt Rechnung droen.

Ech wëll ausdrécklech an deem Zesummenhang déi exzellente Aarbecht, déi an deene leschte Jore mäi Virgänger gemaach huet, als President vum Club du Sahel, épauléiert vum fréieren Direkter vun der LuxDev Raymond Weber, fir dee regionalen Aspekt och zum Ausdrock ze bréngen. Ech mengen, och do huet Lëtzebuerg eppes opzeweisen. Och dat ass eppes, wou mer eis méi mussen dran investéieren. Ech kommen herno nach dorobber zrëck.

Wa mer also op de Wee vun neie Kooperatiounen ginn, wa mer déi undenken, an ech mengen de Moment wier komm, da muss dat geographesch Sënn maachen. Mir mussen de Fragilitéitsituatiounen Rechnung droen an dem regionalen Aspekt.

Selbstverständlech, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wäert ech keng Nimm hei ginn an ech wäert och keng Nimm kommentéieren. Ech mengen dat wier e bësse vermessen, fir elo hei mat Nimm ze hantéieren. Mä et ass alles prett gemaach ginn, fir datt déi Diskussioun kann elo lancéiert ginn.

Aachtens geet et mer drëm, Här President, geet et ons drëm, fir eng Rei Acteuren méi fest an d'Kooperatioun anzubannen oder hinnen nei Méiglechkeeten ze ginn. A wann ech vun Acteuren schwätzen, déi méi fest an d'Kooperatiounen mussen agebonne ginn, dann denken ech un d'Gemengen. Et war ëmmer meng Iwwerzeugung, datt d'Gemengen en exzellente Vecteur wiere fir d'Kooperatiounspolitik matzestalten an no baussen ze droen.

Mir haten do e Problem, datt déi Position net d'Unanimitéit gemaach huet. Dee Problem hu mer elo geléist. Mir kënnen also elo konkret och Schrëtt lancéieren, fir datt d'Gemenge sech konkret kënnen, au-delà vun deem wat se scho maachen, well et sinn der jo ganz vill déi schon aktiv sinn, méi fest mat an d'Kooperatiounspolitik abannen.

Verschiddene Acteuren nei Méiglechkeete ginn. Ech ginn lech just ee Beispill: Ech kéint mer zum Beispill virstellen, datt d'ONGen, et sinn der entre-temps bal 90, datt déi géifen e gemeinsamen Annuaire erausginn, wou all ONG sech kéint presentéieren, wat och géif Vergläicher erlaben, wat och géif Synergien erlaben.

Selbstverständlech mengen ech, am Respekt vun der Autonomie vun den ONGen, ass et un hinnen ze soen ob se wëllen op déi Positionen zrëckgräifen oder net. Et ass och un hinnen dat auszestalten. Ech kéint mer allerdéngs virstellen, datt an deem

Zesummenhang och e standardiséierend Element misst derbäi sinn.

Et wier zum Beispill interessant fir op enger Säit ze gesinn: A wat fir engem Land ass eng ONG aktiv, a wat fir enge Secteuren ass se aktiv, wat fir eng Lienen huet se national, international mat anere Partner, wie sinn hir Organes dirigeants, wat sinn hir Finanzmëttelen, wéi ass hire Suivi, wéi ass hire Contrôle organiséiert, etc., etc.? Dat ass ee vun de Weeër, un deen ech kéint denken, wann ech vun neie Méiglechkeete schwätzen.

Am Zesummenhang vun den neie Méiglechkeeten, vun dem méi festen Abanne vun aneren Acteuren, schéngt et mer och esou ze sinn, datt am Beräich vum Gesetz Adaptatiounen musse kommen. Madame Err: „schéngt et mer esou ze sinn, datt am Beräich vum Gesetz och Adaptatiounen musse kommen“, war mäi Saz.

(Interruptions)

Ech hunn d'lescht Joer op den Assisen déi Diskussioun do jo lancéiert. Ech hunn d'lescht Joer op den Assisen gesot, datt ech gäre Propositionen hätt, vun alle Säiten, wat déi Punkte sinn déi op de Gesetzter ze adaptéieren sinn. Woubäi ech wëll soen, datt keng vun de gesetzlechen Dispositionen mir als en Obstacle virkomm ass bis elo fir d'Politik ze konzipéieren. Dat heescht, eng grondleeënd Reform schéngt mer nach net ubruecht ze sinn.

Ech si frou, datt zwee Deputéierte sech d'Méi gemaach hunn, fir där Opfuertung, déi ech gemaach hunn am leschte Joer am September, Suite ze leeschten. An ech sinn och frou, datt ech, wat d'Substanz vun deem Ganzen ubelaangt, an där Proposition exakt millimetergenee déi Politik ermënnen fir déi ech mech stark gemaach hunn an deene leschte Joren. Ech freeë mech also drop, fir iwwer déi Proposition ze diskutéieren.

Ech erënnere drun, datt ech op den Assisen gesot hunn, datt ech géif duerfir plädéieren, datt mer géifen de Lissabonner Vertrag ofwaarden ier mer géifen d'Gesetz reforméieren, well am Lissabonner Vertrag gëtt d'Objektiv vun der Kooperatiounspolitik ganz genau definéiert, an ech gesinn net, wéi mer am Lëtzebuerger Gesetz en anert Objektiv géifen definéieren wéi dat, wat am Lissabonner Vertrag steet.

Ech hätt mer also gewënscht, datt déi Proposition sech géif un de Lissabonner Vertrag ulehnen, wat se mengen ech net mécht. Mais nul n'est parfait! Ech hunn och villes zu der Form ze soen, mä dorop komme mer vläicht eng aner Kéier zrëck. Ech mengen dat géif de Kader vun der Debatte hei sprengen.

Néngte Punkt, Här President, an zweetleschte Punkt vun deenen zéng Pisten. Nieft eisem traditionellen Engagement fir eng quantitativ a qualitativ héichwäerteg Entwécklungszesummenaarbecht, musse mer eis international stark maachen, a) fir datt d'Stëmm vun den Entwécklungslänner an der Kris gehéiert gëtt, b) fir datt hire Suerge begéint gëtt an, c) fir datt si an der internationaler Wirtschafts- a Finanzarchitektur déi Plaz fannen, déi hinnen zousteet. Dat maache mer scho säit Méint. Dat musse mer verstärkt maachen.

Et kann net sinn, datt e G20 alles décidéiert. Dat ass eng generell Observatioun. Et kann awer och net sinn, vun engem entwécklungspolitesche Standpunkt, datt e G20 eppes décidéiert, ouni datt Afrika adequat vertraueden ass. De Fait, datt de President vun der Kommissioun vun der Union africaine, Jean Ping, op de Washingtoner Summit invitéiert ass, ass schonn en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung. Et geet sécher net duer domadder, mä ech mengen, datt och d'Lëtzebuerger Kooperatioun - als eng vun deenen, déi Gehéier féint an deem Beräich - sech weider muss stark maachen, fir datt d'Entwécklungslänner an der internationaler Wirtschafts- a Finanzarchitektur déi Plaz fannen, déi hinnen zousteet.

Zéngtens, Här President, et ass meng Iwwerzeugung, datt d'Lëtzebuerger Kooperatioun sech verbreedert an d'wëssenschaftlech Debatt iwwer d'Entwécklungspolitik muss mat abréngen. Wann ech nëmme kucken, wat international publizéiert ginn ass an deene leschte Méint, da falen ech op de Professor Easterly vun der New York University, deen eis seet, datt Entwécklungshëllef näischt géif bréngen, datt wirtschaftlech Zesummenaarbecht alles géif bréngen.

Wann ech e puer Kilometer weider ginn zu New York fannen ech de Professor Jeffrey Sachs vun der Columbia University, dee seet, datt wirtschaftlech Zesummenaarbecht näischt bréngt, an datt alles muss op d'Entwécklungshëllef konzentréiert ginn.

Wann ech dann op Paräis ginn, da fannen ech d'Madame Esther Duflou vum Collège de

France, déi probéiert d'Contradictionen tëschent Easterly a Sachs opzeléien, an déi Plädoyere fir méi Experimentéierfreedegkeet an der Entwécklungspolitik hält an déi erkläert, datt alles dat, wat Easterly a Sachs simplifizéiert duerleeën, méi komplizéiert ass wéi dat.

Wann ech gesinn, datt ee Paul Collier e Buch publizéiert, Professor vun Oxford, iwwer „The Bottom Billion“, an do seng Recette gëtt iwwer datt wat muss geschéien an deenen nächste Joren, da soen ech, dat dote sinn alles Froen, déi mer net genuch hei zu Lëtzebuerg thematiséieren, wou mer eis net genuch mat abréngen. Ech mengen, mer hätten eppes derzou ze soen a mer sollen dat och verstärkt a verbreedert maachen, och zesumme mat der Uni Lëtzebuerg.

Voilà, Här President, dat sinn zéng Pisten fir d'Lëtzebuerger Kooperatioun an deenen nächste Joren. Dat gëtt kee komplett Bild vun der Lëtzebuerger Kooperatioun. An 30 Minuten, déi ech mer virgeholl hat, a 40 Minuten, déi et wäerte ginn, ass et och net méiglech, e komplett Bild ze dresséieren.

» **M. le Président.** - Jo, ech weess, et ass elo eriwuer, Här Minister.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Ech mengen, datt déi grouss Pisten awer déi zéng sinn, déi ech opgeféiert hunn.

Här President, Dir erlaabt mer hei, nach ganz zum Schluss all deene Merci ze soen, déi sech iwwer d'Chamber eraus mat Häerz, Leif a Séil fir d'Kooperatioun asetzen. Et sinn der vill, an ech entschëllege mech elo scho bei deenen, déi ech vergiessen.

Et si fir d'éischt Leit aus dem Ministère, besonnesch déi aus der Kooperatioun, mat un hirer Spëtzt dem exzellente Kooperationsdirekter.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Et ass d'Équipe vun der LuxDev mat un hirer Spëtzt deem net manner exzellente Direkter. Et sinn all déi, déi sech am Comité interministériel mat ons ëm d'cohérence des politiques këmmere. Et sinn all déi, an dat sinn der enorm vill, déi sech an den ONGen engagéieren oder déi iwwer si e Baitrag zur Kooperatioun leeschten. Si maachen eigentlech aus, datt d'Lëtzebuerger Kooperatioun, wéi ech mengen, esou eng extra Kooperatioun ass.

Et sinn awer och d'Gemengen, d'Clubb an d'Associatiounen, déi och op hir Manéier zu méi Solidaritéit eppes bäidroen.

All deenen och Merci, déi zur Kooperatioun stinn. Ech ka se net all hei opzielen. Stellvertredend wëll ech, well dat nei ass, déi Responsabel vum Service volontaire coopération ernimmen. Zu gudder Lescht Merci och dem Cercle vun den ONGen an hiren Haaptaktivisten. Ech apprécieieren den Échange. D'Provokation gehéiert richtegerweis zu Ärem Fonds de commerce, mä och ech verstinn e bësseli eppes vu Provokation. D'Haaptsaach ass, datt mer virkommen. A mer komme jo virun. All zesummen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. D'Wuert huet elo den éischten ageschriwwene Riedner. Dat ass déi honorabel Madame Fabienne Gaul.

Débat

» **Mme Fabienne Gaul (CSV).** - Merci fir d'Wuert. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virun e puer Wochen hunn ech mech a menger Untrëttsrieder virun deemem Haus virun allem mat der sozialer Gerechtigkeit beschäftegt, d'sozial Gerechtigkeit fir all Kand an eiser Gesellschaft, fir all Famill an all eelere Mënsch. Dat ass d'Thema vum solidareschen Émgang vun eis ënnereneen.

Mä Solidaritéit a Gerechtigkeit hunn och eng Dimensioun iwwer eis Grenzen eraus.

(**M. Laurent Mosar prend la Présidence**)

Dat ass déi vun der Kooperatioun, vun der Entwécklungszesummenaarbecht tëschent deenen aarmen an deene räiche Länner, ouni déi Milliounen a Milliarde vu Mënschen uechtert d'Welt kaum eng Perspektiv hätten. Esou wéi mer fuerderen an eis derfir asetzen, datt jiddereen heiheem eng Perspektiv am Liewen huet, esou mussen mer och Asaz weisen, fir dass jidder anere Mënsch um Planéit esou eng Perspektiv kritt.

D'Kooperationspolitik an Zäite wéi dësen ass dacks net einfach ze vermëttelen. Wann et och an deene Länner méi schlecht geet, wou d'Mëttele fir d'Entwécklungshëllef hierkommen, da gëtt geleeëntlech fonnt, dass net och nach vill Kooperatioun soll gemaach ginn. Dat ass net eis Approche; et ass net déi vu menger Fraktioun an et ass net déi vun der Regierung.

Mir sinn der Iwwerzeugung, datt der Kooperatioun grad a Krisenzäiten eng enorm Bedeutung zoukënn. De Minister Jean-Louis Schiltz huet dat elo just och daitlech gemaach.

Lëtzebuerg ass e wäite Wee an der Kooperatioun gaang. Mir sinn haut eent vu weltwäit fënnel Länner, déi d'UNO-Zil vun op d'mannst 0,7% Kooperatiounskreditoren als Undeel vun eisem Revenu national brut errechen. Mir bewegen eis souguer a Richtung vun engem ganze Prozent, esou wéi et als politesch Zilsetzung formuliert ass. Domat si mer hanner Schweden op der zweeter Plaz vun der Lëscht vun deene Länner, déi den héchsten Undeel vun hirem RNB an d'Entwécklung investéieren. Well et ass en Investissement.

D'Zuelen, déi d'Entwécklung nach ëmmer an am Fong ëmmer méi néideg maachen, si bekannt. Ech wëll se och net nees all opzählen. Et geet ëm déi Kanner, déi all Dag stierwen, well se net genuch oder näscht ze iessen hunn. Ëm déi dausende vu Leit, déi net iwwerliewen, well hinnen den Zougang zu propperem Dréckwaasser feelt a se sech dowéinst mat Krankheeten ustiechen, déi et hei scho laang net méi gëtt. Ëm déi onvirtuellbar grousse Masse vu Mënschen, et sinn déi eng oder aner Milliard, déi pro Dag mat manner wéi engem Dollar mussen auskommen.

All dëst gëtt et haut nach ëmmer. Et ass nach ëmmer wouer. An et riskéiert am Zoch vun der globaler Wirtschaftskris nach vill méi wouer ze ginn.

De Joseph Stiglitz huet virun net allze laanger Zäit e Buch publizéiert, deem en den Titel ginn huet: „The Three Trillion Dollar War“. Déi Zuel representéiert dem Auteur no déi reell Käschte vum Krich am Irak. Eng Trillioun Dollar, dat ass eng Eent mat zwielef Nullen hannendrun. Wann de Stiglitz Recht huet, dann huet dee Krich also 3.000 Milliarden Dollar kascht.

Ech ka mer ënnert där Zuel, wéi wahrscheinlech déi meescht vun Iech, näscht virstellen. Ech weess awer, dass, wann dës Zomm an déi global Entwécklung gestach gi wär, et wuel haut keen Honger a keng Aarmut méi an der Welt géif.

(Interruptions)

Si ass an e Krich gestach ginn an ass elo fort. D'Leit an deem aarmen Deel vun der Welt stierwe weider.

Déi global Kris, an där mer stiechen, mécht d'Situatioun vu villen Entwécklungslänner nach méi schlëmm. Dat huet eng ganz Partie Grënn. Ech wëll der just e puer beschreiben, fir ze beleechen, datt, wann elo och nach géif déi offiziell Kooperatioun mat hire Geldtransferen an d'Drëtt Welt reduzéiert ginn, déi Länner da guer keng Chance méi hätten.

Vill eigentlech räich Staten, räich an deem Sënn, datt se Entwécklungsgelder ginn a keng kréien, stinn an dësen Deeg um Bord vun der Faillite. Island, Lettland, Ungarn a Rumänien brauchen Ënnerstützung vun Europa an de globale Finanzinstitutiounen, fir hir Rechnungen nach kënnen ze bezuelen. Aner State riskéieren an deeselwechte Sog eranzegeroden, wann d'Kris undauert. An dofir, datt se wäert undauern an zwar nach eng Zäit, schwätzt ganz vill.

Leschte Weekend huet d'Europäesch Unioun hiren Hëllefsgong vu 25 op 50 Milliarden opgestockt. Och d'Erhéijung vun de Mëttele vum Weltwährungsfond ass mëttler-

weil beschloss. Deen huet nämlech elo nëmme gutt 200 Milliarden Euro zur Verfügung. Domat rett ee kee grousst Land virun der Faillite.

D'Opstockung vun deene Mëttele op ronn 400 Milliarde bedéngt, dass och d'EU 75 Milliarden op den Dësch leet, fir sech un der Erhéijung vum WWF sengem Eegekapital ze bedeelegen. Dëst Geld muss fir d'éischt emol éierens hierkommen. Et kënnst vun deene Staten, déi es nach hunn. Anerersäits fléisst et dann och u Staten, déi keng Entwécklungslänner sinn, mä déi am Verlaf vun der Kris un de Bord vun der Faillite gerode sinn.

Dat féiert dozou, datt d'Staten, déi nach flësseg sinn, méi Geld mussen opbréngen, fir den internationale Finanzcircuit ze féllen, an dobäi riskéiere Mëttele, déi fir déi eigentlech Kooperatioun geduecht waren, net méi zur Verfügung ze stoen.

An et féiert dozou, datt de WWF an Zukunft méi muss u Staten iwwerweisen, déi guer keng Entwécklungslänner sinn, fir se ze stabiliséieren. Déi Gelder feelen, fir se deenen ärmste Länner zur Verfügung ze stellen. D'Moral vun der Geschicht ass, datt d'Kreditter, déi fir d'Kooperatioun zur Verfügung stinn, wuel net eropginn. Si wäerte leider éischer erofgoen.

Vill Länner am manner entwéckelten Deel vun der Welt hänke vum Export vu verschidene Gidder of. Meeschtens just dat eent oder dat anert wéi Pétrol, Kaffi, Kautschuk an esou virun. Fält de Präis vun deenen Exportprodukter um Weltmarkt, da sinn d'Budgete vun de produzéierenden Entwécklungslänner net méi déiselwecht. Si ginn net méi op.

Et kann een dëst gutt um Beispill vun Angola festmaachen. Angola ass eent vun deenen afrikanesche Länner, déi Pétrol produzéieren. Wéi Nigeria, Äquatorialguinea an anerer huet den Uelech dem Land eng Rei Perspektiv bruecht, déi et soss net gehat hätt. Mä do, wou de Pétrol am Statsbudget eng determinant Roll spillt, do mussen d'Recetten aus dem Geschäft mat dësem och kënnen hallefweeegs verlässlech berechent ginn.

Angola huet säin aktuelle Joresbudget op der Basis vun engem Pétrolspräis vun ëm déi 80 Dollar opgestallt. Elo beweegt dëse Präis sech awer zënter Méint tëschent 40 a 45 Dollar. An et gesäit net esou aus, wéi wann e kuerzfristeg géif drastesch an d'Luucht goen. Domat huet Angola - an dat ass keen Eenzelfall - also am Moment nëmmer eppes méi wéi d'Halschent vun deene Recetten, déi et sech fir 2009 erwaart hat. Entsprechend manner kann d'Land dann och fir seng eegen Entwécklung ausginn. Aner esou Beispill an Afrika, an Asien an a Latäinamerika géife sech einfach opzählen.

Am Résumé ass et einfach esou, datt d'Staten, déi sech opgrond vun Handel mat engem bestëmmte Rohstoff e bestëmmte Akommes erwaart haten, wuel wäit hannert deenen Erwaardunge wäerten zrëckbleiben.

Domat ginn déi lokal Entwécklungsperspektiven alt nees eng kéier geschwächt an d'Ofhängegkeet vun deene betraffene State vun der offizieller Entwécklungshëllef geet an d'Luucht. Wann dann och nach manner Mëttele am Kader vun där offizieller Hëllef zur Verfügung stinn, da geet eng ganz Entwécklungslösig net méi op.

Aus der manner grousser Verfügbarkeet vu Finanzressourcen ergi sech op en Neits all déi Problemer, déi mer aus den Entwécklungslänner kennen an déi och eis ze interesséieren hunn. Perspektivlosegkeet an Aarmut féieren zu sozialen Émwallungen, zu Biergerkriecher an zu massiver Migration. Plazeweis do, wou d'Grundlage fir reliöse Fanatismus an Terrorismus bestinn, féiert d'Aarmut zu enger gesteigerter Bereedtschaft, fir mat der Waff an der Hand oder enger Bomm um Réck ze stierwen.

Manner Perspektive fir eng nohalteg Entwécklung si gläichbedeitend mat méi Perspektive fir Gewalt. An do, wou et net zu Gewaltausbréch kënn, versichen d'Leit, virun allem déi Jonk, sech op de Wee an déi Géigenden ze maachen, wou et besser geet, well si mengen, och hinne kéint et do besser goen. Dausende vun esou jonke Leit aus den Entwécklungslänner stierwen all Joer um Wee heihinner. Si sinn net méi do. Si kënnen och keng Hand méi doheem upaken, fir datt et do kéint biergop goen, wou si fortgaange sinn.

Wa mir wëlle verhënnere, datt an deenen nächste Méint a Joren déi sozial a politesch Spannungen an der Entwécklungswelt op geféierlech Manéier zouhuelen, da féiert kee Wee laanscht en dauerhaaft Bekenntnis zu engem héije Solidaritéitseffort zugunsten vun der Kooperatioun.

Zu Lëtzebuerg bekenne mer eis zur Noutwendegkeet vun deem Effort, an déi wuel och haut unanime Zoustëmmung zu der grousser kooperatiounspolitescher Orientéierung vun der Regierung weist, datt eis kleng politesch Welt sech an der Analys eens ass an déiselwecht Erausforderunge gesäit.

Et ass fir mech perséinlech och eng Satisfaktioun, datt eist Land, iwwert dat an deene leschte Wochen a Méint dacks a vill international gelästert ginn ass wéinst senger Finanzplaz, eent vun de féierende Geberländer vun Entwécklungsmëttele ass a bleift,...

» Une voix - Très bien!

» Mme Fabienne Gaul (CSV). - ...mä wéi esou dacks geet et net duer, datt Lëtzebuerg handelt. Déi puer honnert Milliounen Euro - vill Geld fir eis, vill manner Geld am globale Kontext -, déi eis Kooperatioun ausmécht, kënnen eleng zu kenge risegen Entwécklungserfolleger féieren. Dat geet nëmmer, wann der dobäi vill matmaache mat darselwechter Generositéit.

D'Europäesch Unioun huet kierzlech net duerch besonnesch grous Eenegkeet op sech opmierksam gemaach. Si huet an der Kooperatioun kloer Ziler definéiert, an zwar, datt all Memberstate sech bis 2015 op 0,7% vun hirem Revenu national brut un den Entwécklungsausgabe gehuewen hunn.

Et kann ee gespaant sinn, ob dat Zil wäert erreecht ginn an ob net kuerzfristeg d'Kreditter fir d'Kooperatioun éischer no ënne revidéiert wäerte ginn. Wann dat geschitt, gëtt et illusoresch, dee grouse Schratt op uniounswäit 0,7% ze packen. Déi Lëtzebuurger Regierung muss deemno mat dem Gewiicht an där moralescher Autoritéit, déi si grad an dësem Domän international huet, dorop drängen, datt un den europäeschen Entwécklungsziler festgehal gëtt.

De Géigendeel wär eng Katastroph, well mir mussen all wëssen, wouzu et ka féieren, wann dosende Länner, dorënner och zimlech grousse, an hiren Entwécklungsergebnisse geifen zrëckfalen.

Ganz vill Entwécklungslänner si staatlech fragile; si hu weder besonnesch stabil Institutiounen, nach hale si en héije sozialen Drock aus. Dat ass och an eenzelnen Zillänner vun eiser Kooperatioun wéi zum Beispill am Niger ze beobachten.

Keen huet en Interessi dorun, datt State wéi de Niger zesummebriechen. Mä fir dass dat ka verhënnert ginn, brauchen déi Staten Ënnerstützung, an zwar wäit méi dervun, wéi mir eleng kënnen liwweren.

Europa ass a bleift un éischer Stell gefuerdert, well Kooperatioun, wéi mir se verstinn - generéis, nohalteg an op soziale Fortschritt ausgerichtet -, dat ass eng europäesch Konzeptioun. Vun Amerika hunn d'Entwécklungslänner an där Hisiicht an deenen nächste Joren net esou vill ze erwaarden.

Här President, de Kader vun eiser Kooperatioun ass an dëser Zäit dee vun der Wirtschaftskris an hiren Auswierkungen op d'Entwécklungslänner an déi, déi Entwécklungshëllef leeschten.

Konkret fënnt deen nächsten Deel vun der Lëtzebuurger Kooperatioun an zéng ausgewielten Zillänner statt, déi mir haut éischer Partnerlänner nennen. Sechs dovun sinn an Afrika, a jee zwee a Latäinamerika an an Asien. D'Mëttele vun eiser Kooperatioun, obwuel proportional ganz héich, sinn an absoluten Zuelen natierlech der Gréisst vun eisem Land ugepasst. Duerfir géif et och näscht déngen, wa Lëtzebuerg seng Kooperatioun quesch uechtert d'Welt géif verspreën.

En anere Prinzip bei der Auswiel vun Zillänner ass deen, datt déi Länner solle vun iwwerkuckbarer Gréisst sinn an datt déi Lëtzebuurger Ënnerstützung do och e wierklechen Ënnerscheid ka maachen. An anere Wieder, mir kooperéieren offiziell a staatlech organiséiert virun allem do, wou mer och konkret eppes kënnen verännere a verbessere. Op ville vun deene Plazen, wou déi Lëtzebuurger Kooperatioun aktiv ass, fonctionnéiert dat mat vill Erfolleg.

E Paradebeispill ass do de Cap-Vert. Dat ass e Land, wat vun der Dimensioun hier mat Lëtzebuerg vergläichbar ass. 4.000 km² an eng ronn hallef Millioun Leit, quite datt et eben aus Insele besteet a virun der westafrikanescher Küst am Atlantik läit. Um Cap-Vert ass déi Lëtzebuurger Kooperatiounspräsenz ganz spierbar, a vill Leit wëssen och do, datt grad mir hinnen hëllef fir virunzokommen. Um Cap-Vert gëtt deemno bewisen, an op anere Plazen och, datt d'Ausrichtung vun eiser Entwécklungszesummenaarbecht déi richteg ass. Wann ee sech op eng verstänneg Zuel vu méi klenge

Partnerlänner konzentréiert, da kënnst do och eppes derbäi eraus.

D'Partnerlänner vun der Lëtzebuurger Kooperatioun mussen och eng Rei vu Konditiounen erfëllen, déi mat der Qualitéit vun hirem Gouvernance a mat der Verwendung vun de Gelder ze dinn hunn. Ausserdeem stärke mer do, wou eis Kooperatioun aktiv ass, ëmmer och de Stat an déi politesch an öffentlech Strukturen. Dat ass onverzichtbar, wann emol eng kéier déi Zäit no der Kooperatioun komm ass, wou eis Partnerlänner da selwer versichen hir Entwécklung ze steieren an ze géieren.

Schwaach Staten packen dat net. Dat ass haut zum Beispill e Problem am Niger. E Stat, dee mat därmoosse Bedroung fir seng Stabilitéit ze kämpfen huet, datt eng eegen Entwécklungsstrategie nëmme ganz marginal ka funktionéieren. Mä Lëtzebuerg kann am Niger weder direkt terroristesch Uschläi verhënnere, nach d'Tuareg-Rebellioun am Norden an de Grëff kréien. Dat muss den Niger selwer färdig bréngen an en deet sech dobäi zimlech schwéier.

Eis Zil- oder Partnerlänner an der Kooperatioun sinn elo zimlech laang déiselwecht. Mat deene meeschte setze mer ganz Kooperatiounsprogrammer ëm, déi mëttel- a laangfristeg ugeluecht sinn. Dat ass alles eng Fro vun der Partnerschaft an der Verlässlechkeet. Et geet een net einfach esou an e Land kucken, baut eng Schoul an e Spidol, an dann zitt ee sech nees zrëck.

An dach ass et esou, datt bei deene Volumen, déi eis Entwécklungshëllef erreicht huet, eng Reflexioun iwwert d'Kaart vun eise Partnerlänner sënnavoll schéngt. Dës Iwwerleeung ass amgang. Grad kleng Staten, déi net vill Ressourcen hunn - dovun kenne mir eppes, well mir hunn och keng -, riskéieren an dëser Zäit ënner absolut onbezielbare Scholden an Importpräisser, déi si sech net méi kënnen leeschten, zesummebriechen.

Wa mir also d'Landschaft vun eisen Zillänner iwwerkucken, da sollte mer dat virun allem ënnert dem Gesichtspunkt vun der objektiver Noutwendegkeet vun Entwécklungshëllef maachen.

Lëtzebuerg huet am Fong ni déi sougenannte Bruttoentwécklungshëllef praktizéiert, déi méi grous Länner vill bedriegen. Dobäi geet et dorëm, datt engersäits Entwécklungsgelder transferéiert ginn an anerersäits deen, deen déi zur Verfügung stellt, sech Zougang zu Mäert an natierleche Ressourcen séichert an och Kontrakter u Land zitt, déi duerchaus lukrativ kënnen sinn.

Dat hu mir net zulescht dowéinst net gemaach, well et op deene Plazen, wou mir kooperéieren, kaum méiglech ass. De Cap-Vert huet net vill Ressourcen, de Burkina Faso och net, fir just déi ze nennen. Am Niger gëtt et zwar Uran, mä Lëtzebuerg braucht d'äers keen.

Eis Entwécklungshëllef ass op eng gewësse Manéier also besonnesch generéis. Si ass net dorop ausgerichtet, iergendeppes zrëckkréien, fir datt mir e bësse vun eisem Räichtum mat deenen deelen, déi guer näscht hunn. Grad déi sinn dëser Deeg wéi scho gesot besonnesch gefaart.

Wa mer eis also deemnächst méi prezis Froe stellen, ob een dëst oder dat neit Zilland kéint bestëmmen, da gëtt et zwou Méiglecheeten. Entweder et beweegt ee sech a Richtung vun u méi - tëschent Gänseféischer - „Bruttoënnerstützung“ oder et bleift ee bei eisem Nettoprinzip.

Nodeem mer d'Fro net stellen, wat mer fir eis Kooperatioun da kéinten erëmkréien, bleiwe mer bei deene klenge Staten a fokusséieren mer de Bléck op Afrika méi wéi op aner Géigenden, da mussen mer op wuel oder iwwel an eiser Nettoapproche bleiwen. Dat ass fir e räicht klengt Land, wat aarme klenge Länner hëllef, keng Onéier. Et féiert zu enger Zort Unerkennung fir Lëtzebuerg an deene betraffene Länner, déi esou eng ganz aner ass, wéi dat, wat eis hei an der Géigend méi a méi u Jalousie entgéintschléit. Wann ee Schoulen, Spideeler, Versuergung mat propperem Waasser finanzéiert, ouni ze froen, wat ee kann zrëckkréien, da mécht een eng Politik, déi éierlech ass. Vill sougenannte Kooperatioun vun anere méi grousse Länner, déi ass dat vill manner wéi eis.

Här President, mir si leider nach ganz wäit dovunner ewech d'„millennium goals“ ze errechen, déi d'UNO am Joer 2000 festgeluecht huet. Ambitiéis Ziler, déi duerch e gemeinsamen a riguréis Engagement vun deem, wat mer déi „Eischt Welt“ nennen, och kéinte bis 2015 erreicht ginn. Datt se riskéieren et net ze ginn, läit net u Lëtzebuerg.

D'Wirtschaftskris an d'Tatsaach, datt vill entwéckelt Staten an nächster Zäit wuel hir Kooperatiounsbudgeten net wäerten an d'Luucht setzen - et kéint emol sinn, datt se erofgesat ginn -, hëllefen deemno net, fir der Welt méi Gerechtegkeet an Entwécklungschancen ze liwweren.

Mir mussen eis emol d'Fro stelle wéi een dat engem Mënsch a Gambia oder an Eritrea bäibréngt. Huele mer also emol u mer géifen do jee weils mat engem Mënsch driwwer schwätze woufir alt nees eng Kéier seng Perspektiven net kënne besser ginn. Dee Mënsch huet net mat Aktien oder mat iergendwelchen Derivatprodukter spekuléiert. En huet net gemengt, 5% Ertrag op engem Compte à terme géingen net duer, et missten der 25 sinn.

An elo, wou all dat do also stattfonnt huet, mat deem Resultat, wat mer nach ëmmer nëmmen usazweis kennen, déi schlëmmste Wirtschaftskris zënter där, déi zum Zweete Weltkrich gefouert huet, elo soe mer deem Mënsch et géif leider net méi esou vill Kooperatioun ginn, well mer hei mussen Banken an aner Betriber retten. Mir soen him déi Kris hätt 6.000 Milliarden Euro zerstéiert an déi puer, déi hie fir ze iwwerliewe gebraucht hätt, wiere wahrscheinlech och do derbäi gewiescht. Ech mengen, dee Mënsch géif fanne mir wiere wierklech net normal do an eisem räichen Deel vun der Welt.

Mir mussen eis selwer d'Fro stellen: Wat risquéiert deemnächst an der Welt lass ze sinn, wann d'Kooperatiounsmëttelen, wéi et nun emol ze erwaarden ass, no ënne revidéiert wäerte ginn? Net nëmme liewen eng ganz Rei vu Staten a völlerger Ofhängegkeet vun deene Mëttelen, mä iergendwou ass et jo och nach wouer, datt europäesch an aner State laang Zäit matgeholl hunn, wat se konnte kréien, an dat net zulescht de Grond war vun der Aarmut a fréiere Kolonialgebieder. D'Leit do, déi wäerten net wierklech verstoen, datt si emol erëm eng Kéier sollen d'Fraise vun enger Operatioun droen, déi si net lancéiert hunn.

Lëtzebuerg soll deemno an deenen internationale Froen, wou d'Kooperatioun koordinéiert gëtt, op dës Situatioun opmierksam maachen. De globale Réckzuch vun der Erfëllung vun den „millenium goals“ wier en Drama fir e ganz groussen Deel vun der Welt.

Här President, Lëtzebuerg bleift sech an der Kooperatioun selwer frei. An dat ass gutt esou. Eis Politik gëtt fortgefouert, well mer Solidaritéit net nëmmen no bannen, mä och no baussen artikuléieren. Fir d'CSV ass dat de Wee, dee mer mussen goen, wa mer an der Welt wëllen eesch geholl ginn a respekéiert gi fir en Engagement, deen en nobelen ass. Mir mussen hoffen, datt vill aner räich Länner deen Engagement do och wëllen oprecht erhalen. Dat si mer deenen Aarmen an der Welt schëlleg, déi fir dat, wat op de Finanzmäert am Moment vir sech geet, guer näischt kënnen. Et ass net un hinnen, fir ëmmer nees mussen ze leiden, wa mir eng Dommheet gemaach hunn.

Ech soen lech villmoos Merci fir d'No-lauschteren.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président** - Ech soen der Madame Gaul Merci. Als nächste Riedner ass den Här Charles Goerens agedroen. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Charles Goerens (DP)** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt och am Ufank vu menger Interventioun dem Minister Merci soe fir den Exposé, deen en eis de Mëtteg gehalten huet. Et ass dee leschten an enger Serie vun Interventiounen, déi en all Joer bei Geleeënheet vum Bilan vun der Lëtzebuurger Kooperatioun hei gemaach huet.

Ech wollt him och Merci soe fir déi Wieder vun Unerkennung, déi en u meng Adress gericht huet. Ech war och frou, datt ech op d'Ënnerstëtzung vun der Lëtzebuurger Regierung konnt zielen, grad wéi op d'Ënnerstëtzung vun enger ganzer Rei vun anere Regierungen am Kader vu mengen Aktivitéiten als President vum Club du Sahel et de l'Afrique de l'Ouest.

Ech wëll awer och meng Merci weiderreechen un d'Direktioun vun der Kooperatioun, un d'Leit aus der Lux-Developpment, a selbstverständlech och u sämtlech Acteuren an den ONGen an an der ganzer Sensibilisatiounswelt ronderëm d'Kooperatiounspolitik.

Här President, Afrika ass ee vun de Schwéierpunkte vun eiser Kooperatioun. Mir kooperéieren do mat net manner wéi sechs Länner, dont fënnf an der Region vu Westafrika. Dee Bilan, deen hei gemaach ginn ass, weist Schiet- a Liichtsäiten op. Ech wëll besonnesch d'Liichtsäiten ervir-

träichen a beweisen, datt eng gutt konzipéiert Entwécklungspolitik kann zu Resultater féieren an datt dat am Fong dat beschten Argument ass géint d'Fatalitéit, zu där verschidde Leit sech higezu fillen all Kéiers dann, wann et e bësse méi brenzleg gëtt a wann et méi schwéier gëtt, fir nei Argumenter ze fannen, fir d'Kooperatioun ze stäipen.

Et ass ee Moment gemengt ginn, datt d'Kris kéint laanscht Afrika kommen, well Afrika awer an der Welteconomie marginaliséiert ass, well seng Proportioun am Verhältnis zum Welthandel relativ kleng ass an iwwert déi lescht Jorzéngten d'Tendenz hat ëmmer méi ze fale bis zur Bedeitungslage hin. Wann een awer e bësse méi no hikuckt an et ënnerhält ee sech mat Afrikaner, déi e gudde Bléck an e gudden Duerchbléck hunn iwwer hire Kontinent, da kéint e vill méi differenziéiert Bild zum Virschäin.

Gewëss, generell kann ee soen - an de Minister huet och dorun erënnert -: Mat 8% Croissance économique ass een an der Lag generell fir d'„Millenium development goals“ ze erreechen. 5% ass ongeféier dat, wat zejoert an Afrika u Bruttoinlandsteigerung erreicht ginn ass. 3% ass dat, wat gebraucht gëtt bis een an d'Zone de décroissance kéint. Also, wann een ënner 3% kéint, dann ass een an der Décroissance, well ganz einfach d'Croissance démographique 3% ass. Generell gesinn also, wann een dee Seuil och nach ënnerschreit, dann ass ee wierklech an enger Situatioun, déi extrem dramatesch ass.

Wat d'Matière-première ubelaangt, leiden d'Afrikaner natierlech ënner der Chute vun de Präisser beim Kotteng, beim Pétrol, beim Uranium, bei der Brucit a bei anere Buedemschätz. Dat Eenzegt, wat an d'Luucht gaang ass, mengen Informatiounen no, ass d'Gold, wat natierlech och um afrikanesche Kontinent ze fannen ass. Mä domat wäert een doudsécher net d'Problemer vun Afrika...

(**Interruption**)

Gelifft?

» **M. Aly Jaerling (Indépendant)** - Ech weess esouguer wou.

» **M. Charles Goerens (DP)** - Mir sinn all Kéier erëm impressionéiert vun Ärem breede Wëssen, Här Jaerling.

Déi grouss Investisseure wäerten och Afrika e bësse méi meiden, aus där ganz einfacher Ursach, well bis elo war et interessant, fir Pétrol puiséieren ze goen an déi entleeëndsten Ecker vun Afrika zu engem Zäitpunkt, wéi de Barrel ganz héich war. Dat ass awer elo net esou. D'Expectatiounen vun deene groussen Investisseuren, déi natierlech Situatiounen an den Entwécklungen anticipéieren, sinn extrem virsiichteg ginn. Esou datt och do d'Investissementer un d'Stottere komm sinn.

Deen Tableau do kéint ee brosséieren, wann Afrika e Kontinent wier wéi déi aner, wann d'Gouvernance an deene meeschte Länner déi wier, déi mer en Conformitéit mam Principe démocratique, mat Kontrollinstanzen, wéi se an eise Länner üblech sinn, kéint vergläichen. Deem ass awer net esou. Esou datt déi Leit, déi guer näischt huten, am Fong net vill kënnen manner kréien. Déi net héich kënnen erfouelen, déi spieren d'Kris natierlech net d'selwecht wéi dat a Länner de Fall ass, déi vun engem ganz héijen Niveau op eemol an d'Précaritéit kommen.

Een Element, wat oft ënnerschloe gëtt an den Diskussiounen, ass dat, wat d'Diaspora africaine all Mount u Gelder heemweist. An deem Sënn: Wéi d'Précaritéit och Leit aus der afrikanescher Diaspora menacéiert, gëtt och manner an afrikanesche Länner iwwerwisen. Ech ka mech erënnere, zu engem gewëssenen Zäitpunkt huet dee Montant am Bruttonationalprodukt vum Cap-Vert ongeféier 20% uitgemaach. Deen ass mengen Informatiounen no elo ënner 10% gefall. Néanmoins, ass dat awer eng ganz beachtlech Proportioun vun de Richessen, déi sech an engem Land während engem Joer unhiewen.

Och d'Entwécklungshëllef huet d'Tendenz fir ze falen. Dorobber kommen ech duerno nach zréck.

À quelque chose malheur est bon. Déi Détente vun de Präisser huet et jiddefalls mat sech bruecht, datt fir d'Mobilitéit an Afrika, fir d'Transporter e bësse méi Pouvoir d'achat iwwreg bleift, well do manner gefrot gëtt opgrond vum niddrege Pétrolspräis.

An da kéint e ganz kuriöse Phenomeen. Dat ass déi ënnerschiddlech Manéier wéi d'Bankekrise Afrika frappéiert huet. Ech hu mer soe gelooss, datt an der Zone CFA déi Kris sech anescht auswierkt wéi en dehors vun der Zone CFA. D'Zone CFA ass déi Zon, déi e Frang huet, deen un den Euro gekop-

pelt ass an dee praktesch eng fix Paritéit huet mam Euro an deen also och d'Aléae vum héijen Euro huet misse spieren. Dat huet och d'Exporter vun den afrikanesche Länner erschwéiert. An deem Sënn, wéi et do zu enger liichter Détente komm ass, kéint et also och an der Zone CFA zu enger liichter Détente.

Dozou ass awer ze bemierken, datt déi Banken - ech denken un déi kommerziell Banken - an der Zone CFA surliquide sinn. Erstaunlech, wann een iwwer Afrika schwätzt an et schwätzt een do vu Banken, déi noteresch surliquide sinn. Si si surliquide, well déi meescht vun deene Banke si Succursale vu franséische Banken.

Si sinn also méi dem Prinzip vun der Approche prudentielle vu Frankräich verschriwwen, an deementspriedend si wéineg Kreditter gewährt ginn un d'Lokaleconomie. Et si wéineg Kreditter un d'Lokaleconomie gewährt ginn, well d'Solvabilitéit vun eenzelne Clienten net ëmmer garantéiert ass. Dat huet och ganz vill mat Gouvernance entrepreneuriale ze dinn, an och mat Gouvernance locale, Gouvernance nationale.

Do, wou et u villem feelt, feelt et gewéinlech haaptsächlech un deenen dote Saachen. Déi kleng Saachen, déi net klappen, sinn och d'Resultat vun enger Großwetterkarte, déi net esou ass wéi se misst sinn, fir e gudden Développement vun den Affären ze erméiglechen.

Ausserhalb vun der Zone CFA sinn d'Banken an enger ëmgekéierter Situatioun. Do hu se och Risike geholl mat deene Resultater, déi mer kennen, datt se an dëser Period och net vill kënnen derzou bäidroen, datt d'Konten erëm eng Kéier équilibréiert ginn an datt Entreprises, déi Problemer hunn, erëm kënnen déi néideg Couvertures de capital kréien.

Et muss een déi makroekonomesch Analyse maachen, fir erauszefannen op wéi enger Toile de fond datt d'Entwécklungspolitik sech beweegt. Dat, wat mer ënner République au développement verstinn, huet natierlech deem Rechnung ze droen, wat ech elo gesot hunn, mä et ass awer vill méi, oder vill manner, jee nodeem wéi een dat gesäit.

Fir eis als Demokratesch Partei ass d'Kooperatiounspolitik nach ëmmer dem Zil vun der Aamutsbekämpfung verflucht. Dat ass dat iweschent Zil. Alleguer déi aner Kooperatiounen, déi et kënnen ginn am kommerziellen Domän, am politeschen Domän, déi si complémenteaire dozou. Déi widersprieden deem iwwerhaapt net. Wichteg ass, datt mer Kohärenz an déi ganz Politike kréien. Wichteg ass, datt dat, wat an deenen anere Kooperationsfelder gemaach gëtt, net deem widerspriedt, wat mer an der Aide publique au développement maachen, an ëmgekéiert.

Eppes, wat engem am Gespréich mat Afrikaner opfällt, dat ass deen onwahrscheinlechen lenger, deen eng Partie Leit expriméieren, wann et ëm de Rôle vum Fonds monétaire international an afrikaneschen Ugeleeënheete geet. All déi Länner, déi bis elo ëmmer gesot kritt hu si misste privatiséieren, déi stelle fest, datt déi Länner, déi responsabel si fir d'Definitioun vun deene Lektiounen, déi si Jorzéngte laang kruten, déi sinn, déi ausgerechent elo an engem ganz massiven Ausmooss verstaatlechen. Déi ëmmer den Interventionismus verpönt hunn, sinn déi, déi elo am meeschten interventionistesche ginn.

De Minister, Här President, huet zéng Pisten opgezielt, mat deenen ech grosso modo kann d'accord sinn. Ech wollt elo keng zéng Pisten dernieft setzen. Ech wollt soen, datt mer prinzipiell mat der Ausrichtung vun der Kooperatiounspolitik, esou wéi se skizzéiert ginn ass, d'accord sinn.

Ech wollt vläicht ofschléissend puer allgemeng Remarquë maache ronderëm eng Serie vu Begrëffer. Ech fänke mat den Zillänner un. Mir mengen, et gëtt keng exakt Wëssenschaft fir d'Zillänner festzeleeën. Mir halen um Prinzip fest, datt et gutt ass, datt een eng Répartitioun vun de Risiken huet. Dat heescht, datt een - wann ech dat kéint esou ausdrécken - e Portefeuille vun Zillänner huet, wou ee kann an deene Länner, wou et besser virugeet, méi maachen, an an deenen, wou et net esou gutt virugeet, muss méi iwwer Dialogue politique a Kooperatioun an Iwwerzeegungsaarbecht hikommen.

Grosso modo ass et richtig, datt mer de Kär vun deenen Zillänner bäibehalen, datt mer aus deenen erausginn, déi hir Capacité de génération de richesse esou entwéckelt hunn, datt se selwer kënnen iwwer intern Redistributioun hire Leit entgéintkommen. Do wär et falsch, wa mer géifen dat maachen, wat déi Länner scho selwer kënnen maachen. Well wann Entwécklungskoope-

ratioun heescht engem aneren d'Méiglechkeet ginn, sech selwer ze entwéckelen, da wär dat Zil jo scho praktesch a Länner wéi Namibien an El Salvador zum gréissten Deel erreecht.

Dat Zweet, dat ass de Caractère vun der Entwécklungspolitik. Ech bleiwen nach wie vor der Meinung - an dat gehéiert zu deene wéinegen Iwwerzeegungen, déi ech hunn -, datt wann ee mengt déi Entwécklungspolitik misst utilitaristesche ausgericht ginn, dann ass een um Holzwee. Wann ee mengt, et misst een Interventiounen am Domän vun der Aide humanitaire d'urgence all Kéier justifiéieren mat engem Avantage fir eis, da si mer um Holzwee. Well wann een dann net direkt en Avantage ka fir eis ausmaachen, huet een d'Tendenz opgrond vun där Approche, fir dann déi Hëllef net ze maachen.

Datselwecht gëllt fir d'Entwécklungspolitik am grouse Ganzen, do wou effektiv Projeten a Programmer a strategesch Ausrichtungen an der Kooperatioun ugestriift ginn. Och wann een do ëmmer nëmme sicht wat fir eis kann erausfallen, ass een och um Holzwee. Well wann d'Entwécklungspolitik der Bekämpfung vun der Aarmut soll déngen, dann hu mer Problemer ze léisen do, wou d'Leit aarm sinn, an net Problemer bei eis ze léisen.

Wann een net erkläert kritt, datt ee sech do selbstlos soll deem Zil verschreiwen, da risquéiert een eng Partie Feeler ze maachen. Dat mag kuerzfristeg net aliichten, mä längerfristeg an och am Réckbléck aus deene verschiddeenen Evaluatiounen, déi gemaach goufen, gëtt dat do erkennbar.

Ech wollt e Wuert soen iwwert d'Kohärenz vun de Politiken. Ech wëll emol soen, wat et net ass. D'Kohärenz vun de Politiken ass net, wann d'Weltbank am Irak Scholden noléisst a sech da jorelaang fléiwe léisst, bis se dann och op de Wee geet, fir datselwecht ze maache vis-à-vis vun afrikanesche Länner. Kohärent wär et, datt ee géif soen: Mir ginn iwwerall do hëllefen, wou et Sënn mécht, an net nëmmen aus geostrategeschen oder geopoliteschen Iwwerleeungen eraus.

D'Kohärenz vun de Politiken heescht och, datt déi 27 Memberstate vun der Europäescher Unioun sech endlech déi Kohärenz ginn, déi ëmmer erëm a Sonndesriede betount gëtt. Et geet u mat den Engagementer, déi Der kéint vergläiche mat der Lösung: „Folget meinen Worten, aber nicht meinen Taten.“

Hei ass zu Lëtzebuerg feierlech beschloss ginn ënner Lëtzebuurger Présidence, datt d'Länner alleguer hire Méiglechkeeten entspriedend géifen op 0,7% histeieren. Déi nei Memberstate vun der Europäescher Unioun e bësse manner, well deenen och net esou vill zouzemudden ass, a wëssend och, datt se bei sech doheem nach ganz vill Précaritéit hunn, war dat en Zil, un dat sech awer elo net gehal gëtt.

Eis huet et geschéngt et hätt ee missen do linear all Joer kënnen eropgoen. Linear, fir dat budgetär kënnen ze verkraften. Linear och, well dat dann déi Efforten, déi sech erginn a puncto Ausrichtung vun Entwécklungspolitik, a puncto Konzeptioun, a puncto wëssenschaftlechem Ënnerbau vun deeneselwechte Politiken absolut indispensable ass, an och a puncto Akzeptanz. Et kann een net vun engem Dag op deen anere vun 0,3 op 0,7% goen. Do riskéiert ee méi Pannen a kuerzer Zäit ze begéinen, wéi et der nohalterger Akzeptanz vun der Entwécklungspolitik förderlech ass.

Kohärenz vun de Politiken heescht och, datt een et international fäerdeg bréngt, datt déi verschiddeenen Organisatiounen, déi mer hunn - Organisation mondiale du Commerce, Organisation internationale du Travail, Fonds monétaire international, Banque mondiale -, matenee schwätzen. Dat, wat an deem engen Domän gemaach gëtt, gëtt an deem aneren Domän nach eng Kéier neutraliséiert.

Wann antidumping Bestëmmungen an der OMC d'Regel sinn, an et gëtt en Tribunal de règlement de différence, fir och esou Verséiss ze enden, da kann ee locker am Kader vun den Engagementer oder Netengagementer, déi am Fonds monétaire international geholl goufen, dogéint verstoussen, andeem datt ee systematesch seng Währung ënner dem Wäert léisst.

Wéi dat zum Beispill fir China de Fall ass. A wa mer vu China schwätzen, da si mer erëm eng Kéier bei engem vun den éischten Acteuren um afrikanesche Kontinent, déi et fäerdeg bréngen duerch de chronesch sous-évaluéierten Yuan Produiten aus China op den afrikanesche Maart, an zwar an der Economie informelle, ukommen ze loossen. An déi ginn deenen aarme Leit, déi mat rudimentäre Moyeré kleng Objete fabrizéieren, déi se um Marché informell verkafen, nach Konkurrenz maachen. Méi dégueulasse an inkohärent kann et wierklech net goen.

Wann ee vu Kohärenz vun de Politike schwätzt, da muss een den Impakt vun deenen dote Praktiken analyséieren. Mir sinn do net ganz onschëlleg drun. Mir hu jo gesinn, wéi mer elo geliddene hunn, andeems datt déi déi menge si wieren esou grouss, datt se déi Kleng net méi brächten, wéi Frankräich an Däitschland a Groussbritannien an Italien, mir wieren op engem Punkt ukomm, wou déi aner eis géife léns leie loossen. Et huet eis ganz wéi gedoen, an et huet hei zu Lëtzebuerg zu ganz ville Malaisen Ulass ginn an de leschte Méint.

Mir hunn dat och permanent stigmatiséiert, well mir der Meenung sinn, zu Recht, datt déi Kris, an där mer dra sinn, datt mer do d'Efforten an d'Inpute vun deene 27 Länner plus d'Kommissioun vu Bréssel brauche fir déi in etwa ze beherrschen, in etwa meeschter ze ginn, eis esou ze organiséieren, datt mer kënnen déi mannste schlechte Solutiounen zréckbehalen, esou laang wéi keng besser an Aussicht sinn. Mä mer ginn awer domadder implizit zou, datt mer der Meenung sinn, datt de Benin oder de Senegal oder den Niger absolut à même sinn, fir selwer mat hire Problemer fäerdeg ze ginn.

Zur Kohärenz vun der Politik gehéiert och d'Förderung vun der Dimension régionale. Wann een um lénken Ufer vum Niger e Spidol huet, wat en Département de l'obstétrique huet, an et huet een op deem rietsen Ufer vum Niger 100 km weider genau dat selwecht, an et huet een op wäiter Flur iwwerhaapt keng aner Servicer, déi am Gesondheitsberäich ukomm sinn, da gëtt erkennbar wéi noutwendeg datt et ass, datt een déi Problemer do op regionaler Basis erfaasst. Nämlech grenziwwerscheidend a permanent op der Sich no Complémentaritéit, esou laang wéi et hannen a vir net duergeet, fir eng flächendeckend Gesondheet ze offréieren.

Zur Kohärenz vun der Politik gehéiert och, datt Europa aus engem Mond schwätzt. Offiziell ass dat de Fall, am Journal officiel gëtt dat och erkennbar. An de Rieden, déi virum Europaparlament an offizielle Missioun vu Vertrieeder vun der Kommissioun a vum Conseil gesot ginn, héiert een dat och ëmmer. Wann een an der Praxis awer kuckt wat lass ass, da fält engem op, datt iwwert déi grouss Objektiver d'Opinions publiques net dohanner stinn an d'Regierungen och net ganz staark.

Wann ech mat engem Vertrieeder aus Lettland schwätzen, aus Polen oder aus Estonien, an ech schwätzen iwwer Entwécklungspolitik, da gesinn déi nëmme just Wäissrussland a Moldawien, an och nach e puer Länner am Kaukasus. Déi kucken nëmme just no Osten. Jee nodeem, mat wat fir enge Vertrieeder ech aus dem Süden vun der Europäescher Unioun schwätzen, gesinn déi haaptsächlech de Caractère méditerranéen. Spuenien kuckt bal ausschliesslech no Latäinamerika. De Stack vun de Grënnerlänner vun der Europäescher Unioun, dat sinn am Fong déi Eenzeg, déi e relativ komplett Bild vun deem Ganze mat gemeinsam droen.

Do ass nach a puncto Kohärenz vun de Politiken enorm vill ze maachen. An och wann een iwwert d'Zilsetzung schwätzt, da mierkt een, datt do nach Welte leien téschent de Virstellung-e vun deenen engen a vun deenen aneren. Et kann net eng Europapolitik gemaach gi fir d'Mittelmierlänner, déi just vu Frankräich, Italien a Spuenien a Griicheland gedroe gëtt, an net vun deenen 23 aneren. Entweder gëtt se vun deene 27 Länner gedroen, an dann, souwuel vu 27 Länner gëtt d'Mittelmierpolitik gedroe wéi och d'Politique de voisinage, wéi och de Rescht vun der Kooperatiounspolitik mat deenen anere Länner.

Ech hunn d'Gefill, datt do den État politique an den État réel ganz wäit ausernee leien. Dat bréngt mech zu der Noutwendegkeet, fir ze kucken, wéi ee kann déi eenzel Acteuren asetzen. An do beschränken ech mech jo bis elo a menger Interventioun haaptsächlech op déi staatlech. Ech wëll awer och e Wuert soen iwwert déi net staatlech Acteuren.

Et gëtt oft probéiert, an dat ass och e Versuch deen an der Déclaration de Paris gemaach ginn ass, fir d'ONGen op d'Politike vun deenen eenzelne Länner ze - ech weess net ob alignéieren dat richteg Wuert ass -, mä fir se jiddefalls méi no bäi ze bréngen. Ech mengen als een, dee selwer e staatlechen Acteur war, oder jiddefalls déi Funktioun incarnéiert huet, soll een de Caractère non-gouvernemental respektéieren.

Et soll een och net higoen a mengen, si solle sech gruppéieren. Wa se dat wëlle maachen, kënnen se dat aus fräie Stécker maachen. Wa se dat wëlle maachen an et ass hire Choix, da kënnen se derbäi gehollef kréien. Mä ech mengen et ass net un ons fir hinne virzeschreiwene, wat se do ze maachen hunn. Dat wier net gutt, well d'ONGen hunn eng ganz spezifesche Funktioun.

Si kënnen oft do asprangen, wou de staatlechen Acteur net ka präsent sinn. Si hunn eng Bréckefunktioun téschent de Bevëlkerungen am Süden an deenen am Norden, doduerch datt se och ganz staark an der Sensibilisatioun tätég sinn. Si hunn eng Proximitéit mat den Acteuren um Terrain an Afrika, déi een als staatlech Acteuren net ëmmer an deem Ausmooss kann hunn. An duerfir mengen ech wier et en absolut indispensable Ingrédient an där ganzer Démarche. Déi Formulen, déi bis elo fonnt gi sinn, Programmes indicatifs de coopération, an déi hinnen och erméiglechen, datt se sech kënnen strategesch besser virbereeden op hir Aufgaben, mengen ech wier den Optimum, deen een do kéint errechen.

Si droe wesentlech zur Akzeptanz vun der Entwécklungspolitik bäi. Si kënnen allerdéngs och, am Kader vun enger Pann, zum Refus vun darselwechter Politik bäidroen. Déi grouss Hantise vun deenen, déi sech mat Entwécklungspolitik ofginn, ass déi, datt iergendeng Pann anzwousch virfält. Deen, deen dat éischer locker kommentéiert, an deem am Fong de Weiderbestand vun der Entwécklungspolitik net esou um Häerz läit, deem kann dat egal sinn. Mä een, deen awer un der Akzeptanz vun der Politik interesséiert ass, dee muss wëssen, datt mer en Intérêt hunn, datt keen eng - wéi mer op Lëtzebuergesch soen - „komme léisst“.

Den Dialog ass indispensable fir weiderzokommen. Ech fannen, datt mer och deen Dialog, dee mer an der Chamber fonnt hunn, téschent der Commission des Affaires étrangères mat den Acteurs gouvernementaux et non-gouvernementaux, datt deen an der Rei ass, datt ee wuel ëmmer mengt, et hätt ee kënnen méi diskutéieren, mä ech fannen, datt déi Échangen, déi mer haten, ob dat iwwer Relatiounen, Klima, Kooperatioun, Environnementpolitik war, ob dat iwwert d'Ausrichtung vun der Entwécklungspolitik war, ob dat Commentaire waren iwwer eenzel Beräicher an der Kooperatiounspolitik, déi gi mer jiddefalls e gutt Gefill. Ech mengen et ass wichteg, datt mer d'Akzeptatioun vun der Politik hei weider förderen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ech wollt ofschléissend nach eng Kéier op de Caractère désintéressé oder non-utilitariste zréckkommen. Wa mer et fäerdegbréngen, datt mer kënnen op 1% kommen, a mir ënnersträichen dat Zil och als Demokratesch Partei, a mir ginn och domat den Engagement an, fir an deenen nächste Méint respektiv an deenen nächste Joren dat do mat Déterminatioun dobaussen ze vertrieeden, well dat do ass eppes wat sech net vun selwen dobaussen explizéiert. Well et ginn der, déi mat enger ganz einfacher arithmetescher, primitiver Approche dat do kënnen zerrieden. Da muss mer zolidd Argumenter hunn.

Wa mer et fäerdegbréngen, datt mer déi Argumenter, déi mer hei an dëser Debatt beméien, eriwuerkréien, a wa mer et fäerdegbréngen, datt déi aus de Schoule kommen an déi dat och akzeptéieren - well ech ginn dervun aus, datt och an de Schoulen doriwergeschwat gëtt, an et gi jo och Sensibilisatiounscampagnen vis-à-vis vun de Kanner -, wa mer et fäerdegbréngen, datt déi erauskommen an datt déi och der Meenung sinn, datt d'Aarmutsbekämpfung dat ieweschte Zil an der Entwécklungspolitik ass, ouni direkt no engem Avantage fir eis ze froen, da kënnen mer soen, datt dat, wat an de Cours d'instruction civique, an de Cours de morale laïque oder an de Reliouscoursen geléiert ginn ass, net émsoss war.

Wann do awer Téin ufalen, wéi mer se éischer beim Comptoir gewinnt sinn, da mengen ech muss een och de Wäert vun esou Coursen hannerfroen. Dat do huet mat Ethik ze dinn, dat do huet mat Responsabilitéit ze dinn, dat do huet mat Développement durable ze dinn, dat do huet mat Solidaritéit ze dinn, déi eng duebel Dimensioun huet, nämlech eng no baussen an eng no bannen. Déi zwou hat ech schonn d'Gelleeënheet hei an Interventiounen an deene Jore virdrun ze ënnersträichen, déi kann een net eng vun där aner lassgeléist gesinn. Et ass net dat eent oder dat anert. Et ass dat eent an dat anert.

Merci.

» Plusieus voix - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Goerens. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel.

» M. Marc Angel (LSAP). - Merci, Här President, fir d'Wuert. Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll mech gläich de Mercie vum Minister uschléissen an all de Leit, déi an der Kooperatioun schaffen, hei am Land an um Terrain, Merci soen. Ech zielen och keen op, fir dass ech kee vergiessen.

Mir hunn hei zu Lëtzebuerg zënter laangem e Konsens, dass mer schrittweis sollen d'Zil errechen, fir 1% vun eisem Revenu national brut an d'Entwécklungszusammenarbeit ze investéieren. Wann den RNB zréckgeet, geet doduerch natierlech och an absoluten Zuelen de Volume vun der APD zréck. Wann den RNB zum Beispill géif ëm 3% zréckgoen, reduzéiert sech och de Montant, deen der Kooperatioun zur Verfügung steet, am selwechte Mooss.

Wa mer eis Politik fortsetzen, wou mer Prozentual gekuckt d'Hëllef vu Joer zu Joer liicht eropgesat hunn, kéint dee Montant, dee mer am leschte Joer haten, ongeféier bäibehale ginn. Et muss een allerdéngs dermat rechnen, dass den Broch vun de Recetté vun eisem Stat vill méi dramatesch ka ginn. Dat heescht awer net, dass dann den RNB am nämlechte Mooss erfoggeet. Falls mer also de Montant vun der Kooperatioun ongeféier um nämlechte Niveau hale wéi d'lescht Joer, heescht dat, dass d'Kooperatioun vill méi en héijen Undeel um Statsbudget kritt wéi an deene leschte Joren.

Firwat muss mer eist 1%-Zil bäibehalen? Eng Rei vu Länner, wéi Italien oder Lettland, hunn hire Budget fir d'Entwécklungshëllef schonn drastesch gekierzt. Besonnesch erschreckend ass awer, dass Irland, opgrond vun der Kris an ouni vill Fiederliesens, seng Hëllef ëm 10% reduzéiert huet, obwuel et nach viru kuerzem grouss Ustreuung gemaach huet, fir d'Zil vun 0,7% vum RNB ze errechen.

Lëtzebuerg muss also elo e Signal setzen an u sengen Ziler festhalen. Et muss weider u seng Partner an Europa appelléieren, d'Entwécklungshëllef net ze kieren, well se an deenen aarme Länner bluttnéideg gebraucht gëtt. Grad als ee vun de Muster Schüler an deem Beräich muss Lëtzebuerg demonstréieren, dass a schwéieren Zäite Solidaritéit wierklech eppes bedeit. Et muss ee sech viru Aen halen, dass all Prozentpunkt ëm deen d'Hëllef aus Europa zréckgeet méi extrem Aarmut, méi Hoffnungslosigkeit a méi Konflikter bedeit.

Wann ee Suen am Iwwerfluss huet, ass et einfach sech grousszügig ze weisen. Echt Solidaritéit beweist sech awer grad a schlechten Zäiten. Eist Zil vun engem Prozent bäizehalen, muss mer awer och, well mer bei eise Partner an der Pflicht stinn. Mir hunn eis Ënnerstützung versprach a musse och verlässlech sinn.

Dës Länner wäerte souwuel ënnert der weltwäiter Finanz- a Wirtschaftskris, ënnert de Problemer, déi bei den Accords de Partenariats économiques an aner Handelsmesuré créiert ginn, an och duerch d'Konsequenze vum Klimawandel leiden. Do wier et dann onverantwortlech hinnen och nach dat bëssen ewechzehuelen, wat mer hinnen am Kader vun eiser Kooperatioun zougesot hunn.

Ech wollt ursprüngelech eng Motioun maachen, an do hunn ech mer geduecht, dräi Méint virun de Wahlen, mer hunn d'nächst Kéier eng aner Chamber, mer hu vläicht eng aner Regierung, aner Leit - Wee weess wéi d'Situatioun ausgesäit? Duerfir wollt ech en Appel maachen, wollt ech dat ëmbauen als Appel un all politesche Acteuren hei am Land, déi vun haut an déi vu muer.

Ech constatéiere fir d'éischt emol, dass déi aktuell Wirtschaftskris zu Lëtzebuerg, an Europa, mä virun allem an der ganzer Welt vill Leed verursaacht. An ech soen och, dass déi aarm Länner iwwerduerchschnëttlech haart vun dëser Kris getraff ginn. Mir

wëssen och, dass déi aarm Länner keng Reserven hunn, besonnesch keng finanziell Reserven, fir dëse Coût vun der Wirtschaftskris opzefänken.

Mir wëssen, dass déi aarm Länner niewent der Wirtschafts- a Finanzkris natierlech och haart getraff sinn duerch d'Klimakris, d'Liewensmëttelkris an d'Energiekris. Mir wëssen och, dass dës Krisen d'Denken an d'Handelen, wat déi weltwäit Solidaritéit an nohaltege Entwécklung ugeet, staark ënner Drock setzt. Mir däreifen also och net vergiessen, dass mer wéi gesot eng international Obligatioun oder Verflüchtung hunn, fir weider ze hëllefen. D'Zukunft vun deenen aarme Länner ass ofhängeg, ass net ze trennen, ass enk verbonne mat der Zukunft vun deene räiche Länner, genau sou wéi d'Zukunft vun deenen aarme Länner verbonnen ass mat där vun de räiche Länner.

D'Lëtzebuurger Chamber an och d'Regierung huet an deene leschte Joren ëmmer erëm widderholt, dass mer wëllen op 1% eropkommen. Duerfir, nach eng Kéier, wëll ech eis alleguer opruffen, déi nächst Chamber, déi nächst Regierung, weiderzemaachen an där Solidaritéitspolitik, dass mer wéi gesot deen 1% bäibehalen, dass mer awer och de Budget vun der Aide publique au développement net däreife polluéieren, entre guillemets, mat anere Posten, an dass mer och sollen, wat ech ganz wichteg fannen, de Prizip vun der Aide non-liée weider behalen.

Ech ruffen och op, dass mer weider ambitiéis bleiwe mussen um Gebitt vun der nohalteger Entwécklung an de propperen Energien an den Entwécklungslänner, an, wat ganz wichteg ass, dass mer op all dese Punkten um europäesche Plang an um internationale Plang dës Punkte vertrieeden.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir, déi räich Länner, hunn an deene leschte sechs Méint zu Recht dausende Milliarden investéiert, fir d'Banken ze retten. Räich Länner kënnen sech dat, wéi ech viru gesot hunn, erlaben. Déi aarm Länner kënnen dat net. Si hu keng Reserve méi, an och hir Recetté ginn duerch verschidden Ursachen erof. De Minister huet dat och scho gesot.

D'Präisser vu ville Grundstoffern falen. Déi Suen, déi d'Familljememberen heemschécken, sinn och réckleefeg. Déi westlech Banken, d'Fonds d'investissements an institutionell Investoren zéien hir Fonge massiv zréck, an d'Budgete fir Entwécklungshëllef, wéi ech scho gesot hunn, sti weltwäit ënner Drock.

Wat gegollet huet fir d'Folge vun der Klimakris, déi verursaacht ginn ass duerch e weltwäit explosiounsarteg gestigene Gebrauch vun Energië vun de räichen a vun de Schwellelänner, gëllt och fir dës Finanz- a Wirtschaftskris. Déi aarm Länner bezuelen d'Rechnung fir eng Kris, déi si net verursaacht hunn.

Niewent deene staarken a moraleschen Argumenter fir Entwécklungshëllef weiderzobréngen, ginn et och staark Argumenter déi, mengen ech, an eisem eegenen Intérêt sinn. Och de Minister huet dat schonn ugeschwat. Eng Welt, wou d'Inégalitéite weider wuessen, wou eng extrem Aarmut weider wüsst, ass eng Welt mat méi Onstabilitéit, vill méi Konflikter an eng Migration forcée, déi och eropgeet.

Ech froe mech - ech brauch mech dat net ze froen -, ech sinn iwwerzeegt, dass dat eis herno wahrscheinlech méi kascht, wéi dat, wat elo an Entwécklungshëllef an Zesummenarbeit gestach gëtt. Dat hätt nämlech alles direkt Folgen op eise Wuelfstand, an och op d'Sécherheet, a bréngt wéi gesot och nach grouss Gefore fir eis Ëmwelt.

Doriwwer eraus däreife mer mengen ech awer och net vergiessen, dass d'Entwécklungslänner och elo schonn e wichtige Handelspartner fir Europa sinn, respektiv e groussen Ofsazmaart fir eis europäesch Exportprodukt kënnen bedeiten. Och aus enger ekonomescher Perspektiv, wann een eng Milliard Mënschen aus dem Boot fale léisst, ass dat keng gutt Saach fir e Kontinent mat enger Handelstradioun wéi Europa. Grad elo, wou europawäit d'Budgete vun der Entwécklungshëllef ënner Drock stinn, ass d'Cohérence des politiques, déi de Mëtteg schonn oft ugeschwat ginn ass, méi wéi jee richteg.

Mir hei zu Lëtzebuerg mussen natierlech all eis Politike besser openeen ofstëmme, andeems mer méi Rücksicht huelen op d'Entwécklungslänner. Dat gëllt besonnesch, ech hunn et schonn ugeschwat, fir d'Klimapolitik, d'Agrarpolitik, d'Handelspolitik. An duerfir sinn ech och frou, dass ech an där Proposition de loi - déi d'Madame Err an ech -, déi d'Madame Err herno hei wäert déposéieren, deen Aspekt vun der Cohérence des politiques och an déi Proposition

de loi eragesat hunn, wou mer soen, dass all Joer misst e Rapport annuel iwwert d'Co-hérence des politiques gemaach ginn hei an der Chamber.

Et wier eng interessant Saach, Här Minister, da séizt Dir och vläicht net eleng hei, da wiere vläicht déi Kollegen, déi fir Klima-, Energie- an Agrarpolitik do wieren niewentlech, an da kéinte mer do eng kohärent Diskussioun féieren. Ech mengen, et ass jo och eng Recommandatioun, wat de CAD ugeschwat huet.

D'Co-hérence des politiques, dat soen och d'ONGen, musse mer wirklech méi genau énnert d'Lupp huelen. All Land vun der EU muss jo och all zwee Joer e Rapport de co-hérence bei d'Kommissioun op Bréssel schécken. A falls ech do richteg informéiert sinn an dat richteg e Méindeg an der Kommissiounssetzung verstanen hunn, ass jo eisen Délai fir September 2009, an do wier et mengen ech interessant, Här Minister, wann Dir, éier Dir dat Dokument op Bréssel schéckt, eis dat eng Kéier kéint an d'Kommissioun presentéiere kommen.

Zur Co-hérence des politiques gehéiert och, dass mer eis Gedanke maachen iwwer eisen eegene Konsum an déi Aart, wéi mer mat deenen natierleche Ressourcen émginn a wat mer énnert wat fir enge Bedingungen importéieren an exportéieren.

Folgend Aspekter hunn och Afloss op d'Aarmut: D'Rohstoffe, déi - wéi mer wëssen - net onendlech sinn, déi mer verbrauchen an déi duerfir aneren dann net méi zur Verfügung stinn; an net zulescht och all déi Forme vu Pollutioun, déi weltwäit d'Existenzgrondlag vu Milliounen Leit bedroen. All dat wëll ech am Kader vum Klimaschutz nach eng Kéier ervirsträchen.

Ech denken och besonnesch, dass d'Erhale vu fruchtbare Biedem an de Schutz vum Waasser, och dat huet de Minister jo ugeschwat, domat enk verbonne sinn. Duerch extrem Klimabedingunge wéi laang Dürcheperioden, Stierm oder Iwwerschwemmungen a ville Regiounen, a ganz besonnesch natierlech an deenen äermste Regiounen vun der Welt, an zesumme mat bestehenden Erosionsproblemer oder Waasserverschmutzung verléieren ëmmer méi Leit déi dürftig Existenzgrondlag, déi si bis dohinner haten.

Experte schätze bis an d'Joer 2050 iwwer 250 Milliounen Klimaflüchtlingen. An do kann ee vläicht eng Klammer opmaachen, dat ass och an der Kommissiounssetzung de Méindeg gesot ginn, dass d'Genfer Flüchtlingskonventioun do nach guer näischt virgesäit iwwert d'Klimaflüchtlingen.

De Klimawandel trëfft wéi gesot déi Äermst haart, well e groussen Deel vun hinne Klengbaueren a Selbstversorger sinn, déi näischt aneschtens hunn, wéi dat bëssen, wat se selwer ubauen, an déi Déieren, déi se halen. Émsou méi wichteg ass et, dass mer de Klimawandel net hemmungslos undreiwen, well mir onfäeg sinn, eise Liewensstil ze veränneren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Marc Angel (LSAP).** - De Kampf géint de Klimawandel muss zu enger politescher Prioritéit ginn.

E gudden Deel vun eise klimaschiedlechen Emissiounen steet bekanntlech a Verbindung mam Verbrauch un Energie. Prioritéit Nummer eent muss deemno sinn: d'Spuere vun der Energie an natierlech d'Steigerung vun der Energieeffizienz bei all eisen Aktivitéiten.

Vill Potenzial, Dir Dammen an Dir Hären, läit och dobäi an neien Technologien, déi oft nach an engem Entwécklungsstadium sinn. Wa mer wëllen, dass d'Mënschen, déi haut an den Entwécklungslänner knapps iwwerliewen, et solle besser hunn, ouni dass si genau wéi mir d'Existenzgrondlag vun hire Kanner opbrauchen, muss et e méiglechst schnellen Technologietransfert ginn.

Klimaschutz ass eng Aufgab, déi nëmme global geléist ka ginn, an dat heescht net, dass mir eis Hausaufgaben hei zu Lëtzebuerg net musse maachen. Mir sollen esou vill wéi méiglech Effort bei eis maachen an eist Potenzial ganz ausschöpfen.

Et ass awer kengem gedéngt, wa mer Messuren huelen, déi virun allem eis Statistiken opbesseren, andeem mer den Tanktourismus mol mat- a mol erausrechnen, wa si net wirklech dem Klimaschutz zegutkommen.

Mir wëssen all, dass d'Anhale vun eise Kyoto-Ziler mam Thema Tanktourismus steet a fält. Mä fir de Klimaschutz ass dat zimlech irrelevant, soulaang déiselwecht Kilometer mat deeneselwechten décken Autotee gefuer ginn. Mir mussen och éierlech genuch sinn, dass dat, wat mer hei am Land maache kënnen, net genuch ass an dass d'Kyoto-Ofkommens, esou wéi et eben aus-

gehandelt ass, eis keng aner Wiel léisst, wéi op flexibel Mechanismen zréckzegräifen.

D'Iddi dohannert ass och net schlecht. Wann een duerch Projeten am Ausland mat engem bestëmmten Betrag vill méi CO₂ aspueren oder erneierbar Energie hierstelle ka wéi bei eis, ass dat, mengen ech, eng gutt Saach fir de Klimaschutz. Déi Approche ass also net grondsätzlech falsch oder moralesch verwerflech.

Den Hoke läit awer bei der Ëmsetzung vun dëser Iddi. D'ONGe soen eis ëmmer erëm, dass d'Ëmsetzung vum de sougenanntene CDMen, de Clean Development Measures extrem schlecht ass, keng grouss Fortschrëtt fir de Klimaschutz bréngen an zousätzlech sozial Problemer schafen.

Wann dat esou ass, ass dat e Skandal, e Skandal, dass grad déi äermste Länner op der Welt schonn erëm eng Kéier eis Feeler mussen ausbueden.

Mir mussen also onbedéngt méi Kontroll iwwert dëse Volet kréien, a wann déi responsabel Verwaltung am Moment domadder iwwerfuert ass, muss si ausgebaut ginn an déi néideg Fäegkeete kréien, fir dass net nëmme d'Kooperatioungelder, mä och d'Suen aus dem Kyoto-Fonds effizient an am Interesse vun eis all ausgi ginn.

Ganz kuerz: D'Liewensmittelsécherheet war d'lescht Joer e groussen Thema. Ech si frou, dass de Minister si och eng Kéier ugeschwat huet. Mir dierfen déi Kris net vergiessen, och dat ass am Sënn vun der Co-hérence, a mir waren als Deputéiert aus der Kommissioun am September op e ganz interessante Seminär, dee SOS-Faim organiséiert hat op der Uni Lëtzebuerg, wou international Vertrieeder waren a wou mer och en interessant Dokument iwwerreecht kritt hunn, en Appel pour des politiques européennes cohérentes en faveur de la lutte contre la faim et pour des agricultures paysannes durables dans les pays du Sud. Dat, wat si nennen den Appel du Luxembourg. Et ass en interessant Dokument.

Ech wär frou, ech wollt dem Här Chambers-president dat och iwwerreechen, dass en dem Minister dat ka weiderginn. De Minister huet dat vläicht och scho geschéckt kritt. Ech wär frou, wann eng Kéier am Comité interministériel doriwuer kéint geschwat ginn.

Ech hu gesinn, dass de 5. Februar eng Sitzung vun dem Comité interministériel ass. De Ministère ass jo ganz transparent an huet un Internetsite all déi Ordres du jour an déi Rapporten. Et war leider nach kee Rapport do. Do ass geschwat ginn entre autres iwwert d'Subventiounen, wat d'Exportatioun vun de Produits laitiers ugeet, an - ech huelen och un - e bëssen iwwer Agrarpolitik.

Ass do och iwwert deen Appel geschwat ginn? Ech huelen un, dass Der och nach e Suivi an deem doten Thema hutt an engem vun deenen nächste Comitéen. Duerfir géif ech et interessant fannen, wann deen Appel, deen déi Organisatiounen maachen, vläicht eng Kéier vun den Experten an dem Comité interministériel kéint duerchgekuckt ginn.

Erlaabt mir nach ee Punkt vum CAD-Rapport unzeschwätzen an ervirzeesträchen. D'Experte vun der OECD, déi hu proposéiert, an ech zitieren dat, déi schreien: «Le Grand-Duché pourrait se reposer davantage sur les systèmes administratifs des pays partenaires et rechercher de nouvelles formes de coopération avec les autres donateurs.»

Wann ech mech net iren, berout déi Recommandatioun op der Déclaration de Paris an huet als Zil, e Wee fräi ze maache fir den Appui oder fir d'Aide budgétaire. Ech hat d'lescht Joer a menger Ried ganz vill a ganz laang iwwert d'Aide oder den Appui budgétaire geschwat, well ech a ville Konferenz war, wou Äre grouss Frënd, den Här Louis Michel, wat jo e ganz grouss Verfechter ass vum Appui budgétaire, do vill Leit konnt iwwerzeegen. En huet op d'Geforen higewisen, en huet awer och d'Chancen an d'Avantagen dovun gesinn.

Dir, Här Minister, waart ëmmer relativ skeptesch. Ech weess, et ass en delikat Thema, well mer wëssen, wann do eng Kéier e Skandal géif geschéien, wa Gelder a falsch Bunne géife kommen, wär dat e Skandal.

Mir hu jo ëmmer gefrot, mir sollen eis eng Erfahrung gi mat dem Appui budgétaire, Pilotprojete maachen. Ech mengen, där lafen och schonn, an ech si ganz frou, dass ech Ären Text gelies hunn, deen Dir publizéiert hutt: «Qui a peur de l'appui budgétaire?» Ech kommen do nach drop zréck.

(**Interruption**)

Ech wollt just soen, dass et wichteg ass fir eis, dass mer Expérience an deem Domän

kréien, dass mer do déi nämlecht Kompetenz kréien, wéi mer weltwäit unerkannt kréie bei der Microfinance.

A wéi gesot, d'Déclaration de Paris, den europäesche Konsensus iwwert d'Entwécklungszusammenarbeit, de Programme vun Accra an nach vill anerer invitéiere jo och d'Bailleurs de fonds, fir méi op déi nei Modalitéiten zréckzegräifen.

Dat Dokument hunn ech duerchgekuckt. Dat ass iwwerens ganz interessant, Här Minister, dat erauskomm ass énnert Ärem Numm an énnert dem Numm vum Direkter vun der Kooperatioun, dem Här Marc Bichler.

Ech hätt just do e kleng Problem, wéi ech an der Introductioun gelies hunn, do steet - ech war iwwerrascht iwwert dee Saz: «Les réticences de l'opinion publique pour cet instrument d'aide sont régulièrement relayées par les ONG et par les députés à l'occasion de débats parlementaires.»

Ech ka mech net erënneren, dass vill Deputéierte sech hei géint den Appui budgétaire ausgesprach hunn. D'Madame Err huet heiandsdo op d'Geforen higewisen. Ech hunn haut nach mat hir geschwat a si sot, dass si och a ville Konferenz war an dass ee mat gudden Argumenter si och konnt dervun iwwerzeegen an dass mer do sollen awer och Erfahrung sammelen.

Déi positiv Aspekter vun dem Appui budgétaire, déi sinn, dass - hunn ech ëmmer gesot - de politeschen Dialog zwëschent de Partnere gefuerdert gétt an d'Hëllef vun de Bailleure sinn duerch en Appui budgétaire och, mengen ech, besser openeen ofgestëmmt, an dat geet jo...

» **M. le Président.** - Entschëllegt, erlaabt Der eng Tëschefero vum Minister?

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Jo.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Här Angel, ech wollt lech eng Fro stelle par rapport zu Ärer Proposition de loi, wou ech am Fong jo, wat de Fong ubelaangt, mat lech averstane sinn.

Dir gesitt do eng Rei Prozedure vir, dat sinn national Lëtzebuurger Prozeduren. Dir sidd amgaang, hei e Plädoyer ze halen, datt mer sollen d'Prozedur vun eise Partnerlänner anhalen.

Wéi maache mer dat, wa mer souwuel déi eng wéi déi aner sollen anhalen?

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Ech mengen, Dir wësst genau, mir hunn déi Proposition de loi virgestallt als Texte martyr, do solle mer nach all matenee kënnen driwwer diskutieren,...

(**Interruption**)

...an ech gesi kee konkrete Punkt an där Proposition de loi, deen d'Aide budgétaire géif verbidden; wann Der dee fannt, kënnt Der mer e virlesen.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Ech soe menge Regierungskolleegen net, datt d'Proposition-de-loien an Zukunft Textemartyr sinn, Här Angel, awer!

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Ech hunn dat Wuert Texte martyr gebraucht an deem Sënn, dass dat en Text soll sinn, wou mer, wann en an d'Kommissioun kënnt, wou all Mënsch ka matschaffen.

» **Une voix.** - Et ass e Brouillon.

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Et ass e Brouillon, et ass eng Virlag, eng Textvirlag,...

(**Interruptions diverses**)

...et ass eng Textvirlag...

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Eng Proposition de loi muss awer prezis sinn, Här Angel!

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Also, Här Bausch, eis Proposition de loi ass extrem prezis, mä mir sinn net wéi Déi Gréng, dass mir soen, wat mir bréngen,...

(**Brouhaha et coups de cloche de la Présidence**)

...ass direkt perfekt an dat muss esou ugeholl sinn. Mir hunn eng Tradition bei eis, dass mer kënnen mat aneren diskutieren a mat aneren hir Iddi mat erabréngen.

(**Brouhaha général**)

» **M. le Président.** - Loosst den Här Angel seng Ausféierung maachen.

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Mir sinn net ëmmer déi, déi mam héichgehewene Fanger kommen a soen, dat do ass e Gesamtkonzept, wou een net méi drun dierf réckele goen. Mir sinn do vill méi op, Här Bausch.

(**Brouhaha et coups de cloche de la Présidence**)

» **Une voix.** - Setzt en emol op den Internet, da kucke mer emol d'Reaktiounen.

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Majo, ech hoffen, dass Dir Zäit hutt, fir en ze liesen. Ech si ganz gär bereet, eng Kéier mat lech doriwuer ze diskutieren

(**Interruptions diverses**)

Kréien ech déi Zäit do herno guttgerecht, wou ech hei gestéiert gi sinn?

(**Interruptions diverses**)

» **M. le Président.** - Ech passen op, dass Der zu Ärem Recht kommt an ech géif elo jiddereen heibanne bidden, dem honorebelen Här Angel nozelauschteren.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Camille Gira (DÉI GRÉNG).** - Hie provoziert eis.

» **M. le Président.** - Also, Här Gira, ech hunn nach net ee Saz héieren, wou den Här Angel hei provoziert huet...

(**Hilarité**)

Ech mengen, déi Remarquen do, déi sinn...

(**Interruptions**)

Op jidde Fall an dëser Ried net.

Sou, elo ass et um Här Angel.

» **M. Marc Angel (LSAP).** - Fir dass ech selwer och kohärent bleiwen, wollt ech och en Thema schwätzen, wat ech och ëmmer erëm ugeschwat hunn a wat en Thema ass, wou een an der Lescht net méi vill driwwer héiert. Dat sinn déi sougenannten APEen. Ëm dës Handelsaccorden zwëschent den AKP-Staten an der Europäescher Unioun, déi Accords de partenariat économique, ass et an der leschter Zäit wéi gesot roueg ginn.

Dat läit awer net dorun, dass all Problemer am Zesammenhang mat dëser Fräihandels-ofkommens geléist sinn. Vill méi sinn déi wesentlech Meenungsverschiddenheeten zwëschent der Unioun an den AKP-Länner nach ëmmer déiselwecht. Ënner anerem gétt eng Liberalisierung vun 80% vun den Échangé vun den AKP-Länner als ze vill héich emfonnt, an de Volet développement ass nach ëmmer esou onkloer wéi virun engem Joer.

Zur Erënnerung: Nëmme déi karibesch Staten hu jo bis elo esou en APE ënnerschriwwen, all déi aner Länner sinn nach amgaang ze verhandelen, eng Rei vun afrikanesche Länner hu sougenannten Interimsaccorden ënnerschriwwen, allerdéngs sollen déi fréier oder spéider an e richtegen APE émgewandelt ginn. Déi Länner verhandelen also weider. D'Négociatiounen si fragmentéiert, all Regioun funktionéiert a senger Logik an a senger Vitesse.

Zwar huet de Changement an der Kommissioun zu Bréssel, wou d'Madame Catherine Ashton den Här Peter Mandelson ersat huet, dem Verhandlungsklima sécher guttgedoen. Déi nei Handelskommissäarin huet eng méi grouss Flexibilitéit vu Säite vun der Kommissioun versprach an huet sech och bereet erkläert, fir déi ëmstridde Klausel - d'Clause de la nation la plus favorisée - an de Verträge nach eng Kéier ze iwwerschaffen.

An engem Interview am Februar sot d'Kommissäarin Ashton och, dass d'Fro, wéini déi APE-Verhandlungen ofgeschloss sinn, net esou relevant wär. Dat Wichtigst wär, dass mer gutt APE géife kréien. Ech mengen, dat ass eng gutt Saach. Si benotzt also emol eng ganz aner Rhetorik wéi hire Virgänger. Allerdéngs bekloe sech déi afrikanesch Négociateuren um Terrain, dass dëse Wiessel an der Rhetorik nach ëmmer net richteg um Terrain ukomm ass, dat heescht, dass an de konkrete Verhandlungen um techneschen Niveau déi europäesch Positiounen nach ëmmer déiselwecht bleiwen.

Bei dëse Verhandlung wär sécher méi Engagement vun den europäesche Kooperationsministere gefrot, wa mer deen Dossier nach wëllen zu engem glécklechen Enn féieren.

Et huet een d'Gefill, wéi wann d'Memberstate vun der EU géifen ewechkucken an hoffen, dass d'Kommissioun déi Accorden ouni vill Kaméidi ënnerdaach kritt. D'Relationen zwëschen den AKP-Staten an Europa sinn awer ze vill wichteg, fir dass mer et risquéiere kënnen, dass dës Verhandlung scheitert oder dass et zu schlechten Accordë kënn.

Et wär also menger Meenung no gutt, wann déi Négociatiounen net eenzeg an eleng op engem techneschen Niveau géife stattfannen, mä dass et an noer Zukunft zu engem Treffen op héijem politeschem Niveau, op enger héijer politescher Ebene misst kommen, wou eng gemeinsam politesch Visioun fir d'Zukunft vun den APE-Verhandlung kéint festgeluecht ginn.

Ech wollt de Minister Schiltz duerfir froen, ob hien an dësem Punkt menger Meenung ass, déi iwwerengs och déi vu villen europäeschen ONGen ass, ob en déi Meenung deelt an ob seng europäesch Kollegen och vläicht, deen een oder deen anere vun hinnen, der Meenung sinn, dass ee misst op engem politeschen „high level“ do virukommen.

D'Problemer si wéi gesot déi nämlecht. Ech kierzen elo, soss gëtt et ze laang, ech hunn lech dat jo d'lescht Joer erkläert. Déi, déi Hauptproblemer nach eng kéier wëlle wëssen, kënnen dat jo noliesen.

Ech wollt dem President vun eiser aussepolitischen Kommissioun, dem Ben Fayot, nach Merci soen, dass de Volet Kooperationspolitik, Europapolitik, Défense an Immigration beinhalt, dass dee Volet Kooperationspolitik net ze kuerz kënn, dass mir a ville Réunione mam Minister, dee sech och ëmmer Zäit geholl huet, mat senger Mataarbechter bei eis ze kommen, gutt preparéiert mat Dokumenter. En huet eis ëmmer Ried an Äntwert gestan. Ech wollt dat hei ënnersträichen a begrëissen.

Ech fannen et och gutt, dass mer regelméisseg Réunione mat de Verrieder vun den ONGen hunn an dass mer och eng Réunione hate mat de Verrieder vum CAD, vum Comité d'aide au développement vun der OCDE; och dat war wichteg.

Mir hunn an enger vun deene Réunione och de Rapport 2007 virgestallt kritt. Ech wollt do just nach eng kéier ervirsträichen, dass mer do feststelle kënnen, dass eis Efforté fir d'Microfinance hir Friichte gedroen hunn an dass mer an deem Domän als internationale Modell ugesi ginn.

Ech fannen et och gutt, dass mer weiderhin d'Semaine de la microfinance finanzéieren, wou ech ëmmer ganz gär higinn, an dass och d'Kooperationspolitik zwëschen dem Ministère an der ADA gutt leeft, wat dee Midi de la microfinance ubelaangt. Déi zwou lescht kéieren, wou ech do war, van den Auditoire ze kleng. D'Leit hu sech missen op de Buedem setzen, d'Leit aus der Finanzwelt, d'Bänkeren, déi komm sinn.

De Secteur vun de Finances inclusives baut sech ëmmer méi wäit aus, an dat ass eng gutt Saach. Ech mengen, och, wann dat am Moment eng kleng Nisch ass fir d'Banken a fir d'Fongenindustrie, ëmmerhin ass et eng Nisch, an ech begrëissen do déi Efforten, déi vum Minister senger Säit a vu senger Mataarbechter gemaach ginn.

Dir hat eis och d'Lescht vun de sougenannte Pays cibles oder Pays partenaires privilégiés ginn. Ech wollt hei Froe stellen. Dir hutt deelweis virdrun en détail eis doriwir opgekläert, sou dass ech och hei kierz kann.

Ech wollt vläicht nach eng kéier konkret genau eppes wëssen. Mir gi vun zéng op siwen erof, mir si bei dräi an enger Stratégie de consolidation an zéien eis do zréck, mir ersetzen dat herno duerch ökonomesch Relationen, dat hutt Dir eis erkläert.

Ech wollt froen nach eng kéier: Dee mer elo de Volume vun der Aide op déi siwen, konzentrierte mer eis op déi siwen, déi mer nach hunn an Zukunft, oder gedenkt Der, hutt Der schon Iddien, ob een aner nei

Zillänner kéint kréien? A wann Der eng Décision do géift huelen, wollt ech froen, ob mer déi eng kéier kéinten an der Kommissioun och beschwätzen.

Ech begrëissen dann och nach, dass am Ruanda de Programm fir d'Aidsbekämpfung nom Joer 2009 weidergefuert gëtt.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Marc Angel (LSAP).** - D'Aidsbekämpfung ass, wann ech mech net iren, mengen ech, dat sechst Zil vun den Objectifs du Millénaire - Aids a Malaria an aner Krankheeten. Ech si ganz frou, dass mer dat maachen. Mir participéiere jo och um multilaterale Plang an der Aidsbekämpfung. Et sinn och ONGen, déi do ganz aktiv sinn.

Ech wollt dat besonnesch ervirsträichen eng Woch no deene kriminellen Aussoe vum Poopst während senger Afrikarees,...

» **Une voix.** - Très bien!

(Interruptions)

» **M. Marc Angel (LSAP).** - ...wou e sech géint d'Kondome bei der Lutte géint de Sida ausgeschwat huet. Dat ass eng Frechheet, dat ass eng Gifle un all déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg, an Europa an an der ganzer Welt versichen, do de Mënschen ze hëllefen a se virun där schrecklecher Krankheet ze schützen.

Iwwert d'Proposition de loi, déi jo Verschiedener hei als Brouillon bezeechnen, déi awer duerch kee Brouillon ass, wäert ech elo net méi schwätzen, well meng Kollegen, d'Madame Err, nach herno do am Detail vläicht drop ageet. Ech wëll lech just Merci soe fir d'Nolauschteren. Ech wëll zum Ofschluss de Minister och nach félicitéiere fir säi Buch, wat e gëschter virgestallt huet,...

» **Plusieurs voix.** - Aaahhh!

» **M. Marc Angel (LSAP).** - ...fir dat ech leider nach net d'Zäit hat et ze liesen.

Dir sot, Här Minister: „un plus un font trois“. Dat ass wonnerschén. Mir hunn haut vill vu Cohérence des politiques geschwat. Ech fannen, ech hunn déi Cohérence des politiques oft erwähnt, well ech gär hätt, dass emol „un plus un deux“ maachen, an net, wéi a villen Domänen „un et un“ am Moment „un“ oder null ginn. Dofir fannen ech gutt, dass Der lech ganz héich Ziler setzt, dass eent an eent soll dräi ginn.

Ech hu perséinlech, ouni d'Buch gelies ze hunn, Här Minister, doranner interpretéiert, dass déi Dräi - dat Resultat - fir en Endresultat steet, dass mer no der Finanzkris, no der Klimakris vläicht eng besser Welt kréien, mat mander Inégalitéiten, an dass déi Dräi fir déi besser Welt steet. Dofir sinn ech frou, dass mer hei zu Lëtzebuerg eng gutt Entwécklungspolitik maachen. Ech hu jo derfir plädéiert, dass mer esou solle weiderfueren. An ech hunn et bis elo vun all Riedner héieren. Ech si frou, dass mer dee Konsens hunn an dass mer déi Solidaritéit - wéi gesot - och a schwéieren Zäite weider musse maachen.

Ech soen lech alleguer Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Fir Déi Gréng schwätzt den honorabelen Här Félix Braz.

» **Une voix.** - Dat ass wann ee kee Gummi undee: Eent an eent gëtt dräi.

(Hilarité)

» **Une autre voix.** - Dee war net schlecht!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. D'Kooperationspolitik ass eng vun deene Matière, iwwert déi mer eis jo eemol am Joer ënnerhalen. Et ass net fir all d'Matière de Fall, dass mer eis heibannen ënnerhalen. Dofir ass dann och d'Geleeënheet e Bilan ze zéie vun der Aarbecht vun der Regierung an dëser Matière an de leschte fënnf Joer. Et ass jo eng Matière, bei där hei zu Lëtzebuerg an aller Regel e Konsens besteet. E Konsens iwwert d'Importanz vum Engagement, an e Konsens och wéi den Engagement orientéiert ass.

De Minister, den Här Schiltz, huet och selwer e perséinleche Bilan. Mir wëllen als gréng Fraktioun och hei duerch ausaktéieren, dass mer der Meenung sinn, dass de Minister Schiltz an deene leschte fënnf Joer an dësem Ressort e ganz engagéierte Match gemaach huet mat senger Mataarbechter, déi effektiv exzellente Mataarbechter sinn, esou wéi mer se kennen.

Mir mengen och, dass de Minister Schiltz et an dësem Dossier duerch ausfäerdeg bruecht huet um internationale Plang der Lëtzebuurger Kooperationspolitik e Gesiicht an och eng Stëmm ze ginn. D'Lëtzebuurger Kooperationspolitik ass international bekannt, net nëmme duerch hire finanzielle Volumen, mä och duerch d'Aart a Weis wéi se gemaach ginn ass. Dat, menge mer, soll een eraussträichen an ënnerstëtzen, fir dass et esou ka weidergefuert ginn, och wa vläicht no deenen nächste Wahlen deen dote Ressort vun enger anerer Persoun géif assuméiert ginn.

Et ass och esou, dass Lëtzebuerg am internationale Kontext eiser Meenung no ëmmer op där richteger Säit stoung, wann et bei Diskussiounen drëms gaangen ass Positionen ze fannen. Lëtzebuerg huet do och eiser Meenung no e wichtige Rôle an deene leschte Joren en permanence gespillt.

Zu Lëtzebuerg gëtt et vill Sue fir d'Kooperationspolitik. Et gëtt och vill Appui, vill politeschen Appui, vill gesellschaftspoliteschen Appui. Et gëtt ganz vill Leit, déi an ONGen organiséiert sinn, déi mat ganz vill Engagement a mat ganz vill Zäitopwand probéieren e Bäitrag ze leeschten zu enger méi gerechter Welt, e Bäitrag ze leeschte géint den Hunger an der Welt, géint de Misär an der Welt. Och dat geet vu Lëtzebuerg aus. Et gëtt kee Grond dat anere wëllen ze iwwerloossen. Vill Leit, déi hei zu Lëtzebuerg liewen, verbränge ganz vill Zäit an Engagement domadder sech deenen dote Causen ze stellen.

Et gëtt och vill Ofsprooch tëscht der Regierung an deenen ONGen. Grondsätzlech berout déi vill Aarbecht an dee villen Engagement op zwou Gronderkenntnisser.

Déi éischt ass, dass selbstverständlech och déi Länner - de Minister huet dat och virdrun ënnerstrach - aus dem Süden en Deel Responsabilitéit droen. Et soll een net paternalistes, oder wéi fréier kolonialistes, erfokucken a maache wéi wann déi Leit do net à même wäeren eege Responsabilitéit ze iwwerhuelen. Dat ass net de Fall. Et weess een och, wann ee mat Leit aus deene Länner Kontakter huet, dass déi sech duerch aus bewosst sinn, dass se eng eege Responsabilitéit hunn an och bereet sinn déi ze assuméieren.

Mä et ass genesou kloer, dass se déi Responsabilitéit eleng net kënnen assuméieren, dass se faute de moyens och net kënnen dee Match do eleng packen, dass mir also - an dat ass déi zweet Erkenntnis, op där déi Lëtzebuurger Kooperationspolitik an de gesellschaftleche Konsens berout - eng Pflicht hunn als Länner vun der räicher Welt do ze hëllefen.

De Minister huet eng Partie Pisten opgemaach; zéng huet en der genannt. Ech wëll net op se allegueren agoen. Ech wëll der just véier oder fënnf hei eraussträichen, fir och drop ze äntwerten. Wa schon eng Ried virausgeet, wëlle mer och probéieren op eenzel Aspekter zumindest eng kleng Äntwert ze ginn.

Notamment op de Punkt, wann de Minister seet, dass et drëms géif goen, dass et an der Kooperationspolitik net nëmme „big players“ oder „global players“ dierft ginn, mä dass och déi kleng an déi mëttelgrouss Länner e Rôle hätten a si missten hir Stëmm do erhiewen a geltend maachen. Déi Aschätzung deele mer.

Wann de Minister seet, dass och Kooperationspolitik Friddenspolitik ass, dann ass dat richteg. Ech wäert awer och duerno nach derzou kommen, dass och Klimapolitik zu Lëtzebuerg Kooperationspolitik kéint sinn, awer net ass.

Zweetens, de Minister huet nach eng kéier am Numm vun der Regierung affirméiert a proposéiert, dass mer solle vun deem Zil vun engem Prozent vum PIB net ofrëckelen. Mir sinn der Meenung, dass d'Parlament dat och haut soll bestätegen. Et ass dat, wat d'Regierung hei proposéiert, dass d'Parlament sech deem soll uschlëissen.

Mir hunn och eng Motioun preparéiert, déi vu sämtleche Fraktiounen ënnerschriwwen ass, wou mer op deen dote Wee wëlle goen, well mer net nëmme ënner eis an a Rieden eis sollen eens ginn op deen ee Prozent, mä mir sinn der Meenung, dass et och wichteg ass, dass e Signal och hei vun Lëtzebuurger Parlament ausgeet un déi Leit, déi eis nolauschteren, un aner Partnerlänner, fir kloerzemaachen, dass et an dëse méi schwéieren Zäite kee Grond gëtt, au contraire, fir vun deenen Ziler do ofzeréckelen a weider ambitionéiert ze bleiwen.

Den drëtten Punkt, op deem mer de Minister wëllen ënnerstëtzen, dat ass wann e seet, dass et och e strategesch Virgoe muss sinn. E verweist op eenzel Instrumenter, wéi zum Beispill déi Debatt, déi mer hei féieren,

wéi eis Assisè vun der Kooperatioun, wéi de Comité interministériel, wou jo och nach eng Rei Saachen anescht a vläicht och besser kéinte gemaach ginn.

Mä zu deem strategesch Virgoen - an dozou wäert ech och nach kommen - gehéiert eben och, dass mer och dat, wat mer an der Welt probéieren anescht a besser ze maachen, dass mer dat och dann doheem d'selwecht musse praktizéieren, fir dass déi Efforten, déi mer an der Welt développéieren, net ofgefries ginn doduerch, dass mer eist Feelbehuelen, wat zu deem Misär deelweis an der Welt bäigedroen huet, net a Fro stellen oder net staark genuch reduziéiert kréien.

De Minister huet och säi Credo nach eng kéier widderholl vun den dräi „D“en: Diplomatie, Développement an Défense. Och dat gëtt vum Parlament an och vun der grénger Fraktioun gedroen. Selbstverständlech ënnerstëtze mer och déi Versich vum Minister, fir an aner Ressorten eran eenzel Projeten ze initiéieren an ze développéieren, ob dat am Beräich ass mam Ministère vum Environnement, oder mam Jugendministère, beim Éducatiounsministère, bei de Ponts et Chaussées, bei den Travaux publics, am Beräich vun der Ausschreiwung, awer net nëmme bei hinnen, och bei der Éducatioun an anerem nach, bei den Ausschreiwungen, och bei der Famille zum Beispill. Dat sinn eiser Meenung no richteg Weeër.

Mir ënnerstëtzen och déi Approche, fir bei deem ze bleiwen, wat mer kënnen, also weder eis Moyenen ze dispenséieren, nach eis Capacitéiten ze iwwerschätzen, mä eng gezielt Politik ze bedriewen an enger Rei Secteuren - de Minister huet se genannt -, an deene mer performant sinn, an deene mer eng reell Plus-value kënn bréngen; an net nëmme Finanzen, mä Know-how, Savoir-faire; am gudden Sënn vum Wuert eng Plus-value kënnen errechen. Dat ass déi richteg Approche a soll se och an Zukunft bleiwen. Ech wollt just déi puer do ënnersträichen, fir do och eis Zoustëmmung ze ginn.

Vill ass och de Mëtteg schon iwwert d'Cohérence geschwat ginn. Et sinn eenzel Aspekter vun der Cohérence belicht ginn. Saachen, mat deene mer kënnen averstane sinn. Et huet awer nach keen d'Cohérence wëllen diskutéieren am Sënn, dass mer et vergläiche mat deem wat mer zu Lëtzebuerg maachen. Kohärenz also tëschent deem, wat mer priedegen, an tëschent deem, wat mer probéieren ze ënnerstëtzen an der Welt, an deem, wat mer zu Lëtzebuerg selwer maachen.

Dat wichtegst Stéchwuert an deem Kontext ass d'Klimapolitik. Mir wësse ganz genee wat haut schon d'Ravagé sinn an den Entwécklungslänner opgrond vum Klimawiesel. Mir kënnen och ofschätze wéi nach vill méi dramatesch grouss Ravagé wäerte si weinst der Klimaproblematik an de Länner, déi amgang sinn ze probéiere sech ze entwéckelen.

Déi Länner sinn historesch net un den Emissionen schold. Dat sinn aner. A wa mer driwwer diskutéieren, dass mer d'Kooperationspolitik wëllen eescht huelen, dass mer deene Länner wëllen hëllefen, da muss et och bien entendu esou sinn, dass mer international eise Bäitrag leeschten an deene Gremien, an deene mer sëtzen, fir op eng aner Klimapolitik ze kommen, an dass mer dat, fir kohärent a crédibel ze sinn, och zu Lëtzebuerg musse praktizéieren.

Dofir ass och déi gréng Fraktioun - an ech gebrauchen dat Wuert net oft, mä haut maachen ech et - skandaliséiert iwwert dat, wat den Ëmweltminister an den Transportminister geschwätzt op enger Pressekonferenz gesot huet, wou e groussspureg ugekënnegt huet...

» **Une voix.** - Ganz gutt, Här Braz!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - ...mer hätten eng Kurskorrektur fäerdeg bruecht am Beräich vun den CO₂-Emissionen. An en huet ganz houfreg eng CO₂-Bilanz presentéiert, déi réckleefeg wier fir Lëtzebuerg, ëm 4,3%.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Den Ëmwelt- an Transportminister lenkt domadder nëmme vun engem zimlech dramateschen, schlechte Bilan an deem dote Ressort of. An en ënnerschléit op eng Aart a Weis - op eng scho bal skrupellos Aart a Weis -, op wat eigentlech dee Réckgang zréckzeféieren ass.

(Interruptions)

Et ass dach skandaléis, wann ee gesäit wéi staark d'Ekonomie zréckgang ass, wann ee genee weess iwwer all déi Betriber, déi kuerz musse schaffen, dass dat selbstverständlech en Impakt huet op eisen Ener-

gieverbrauch an op d'CO₂-Emissionen. Wann een dann allen Eesches mécht wéi wann dat d'Resultat vun enger erfollegräicher Politik wier!

(Interruption)

Et ass dach näischt anescht wéi aarmséileg! Et kann een dach elo net als Ëmweltminister frou driwwer sinn, dass d'Ekonomie Schwieregkeeten huet! An et ass dach näischt anescht, wat gëschter do gesot ginn ass! Wa mer allen Eesches als Erfolgsmeldung dem Land verkënnegen, dass mer réckleefeg si bei den CO₂-Emissionen, wou jiddweree weess firwat dass dat ass, dass dat zum absolut gréissten Deel domat ze dinn huet, dass d'Ekonomie Schwieregkeeten huet, da kann een dat net haart genuch kritiséieren!

Mir fannen dat wierklech inakzeptabel a skandaléis vum Ëmweltminister, wann en dat gemaach huet!

» **M. le Président.** - Här Braz, den Här Minister Schiltz wëllt lech eng Fro stellen.

(Interruptions diverses)

Här Henckes, Dir hutt d'Wuert net. Den Här Minister Schiltz huet d'Wuert.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Ech denke jo, datt den Här Lux herno heihinner kennt fir eng Debatt. Da soll den Här Braz dat dann och nach eng Kéier widderhuelen, wann ech gelift.

» **Une voix.** - Dat maache mer gär!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Une voix.** - Kennt Der eis, Här Schiltz?

» **Une autre voix.** - D'Kommunikatioun an der Regierung wäert jo awer klappen.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Jo, et ass och richteg. Mä et ass awer grad esou gutt, datt wann ee sech hei iwwer een esou opreegt, datt een dat mécht wann deen do sëtzt, datt deen dat ka selwer genéissen...

(Interruption)

...an datt ech net eleng an de Genoss dovunner kommen.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Et ass bien entendu, dass mer och gären doriwwer mam Minister Lux selwer diskutéieren. Mä firwat soe mer et hei? Firwat soe mer et bei dëser Debatt? Wann Der mer nach 10 Sekonne méi laang nogelasschert hätt, dann hätt Der schon d'Äntwert op Är Fro kritt.

Firwat ass et wichteg dat hei ze erwähnen? Mä aus deene virdu genannte Grënn. Well Kooperatiounspolitik net nëmme dat ka sinn, wat den engagéierte Minister Schiltz an der Welt mécht, op anere Kontinenter, an internationale Gremien, wou mer mat ganz vill Kompetenz a vill nationalem Appui eng Rei Saache probéieren ze initiéieren an eng aner Partie Saache selwer realiséieren, mä dass een dann awer och als Lëtzebuurger Kooperationsminister, wann een am Ausland dës Zort Froe géif gestallt kréien, idealerweis eng kohärent Äntwert kéint ofliwweren.

Wann awer dee Minister da muss äntwerten: Jo, dat stëmmt. Mir hunn do e klenge Problem. Eis Kyoto-Ziler sinn eis licht aus dem Rudder gelaf. Mir wëssen, d'Klima ass e bëssen eng Schwieregkeet. Mir wëssen, dat schaaft lech Misär. Mä kommt, mer schwätzen elo emol iwwer déi nei Schoul am Burkina. Da weess een, dass dat, wat ee mat enger Hand mécht, amgang ass mat vill méi aneren Hänn och ze zertrümmeren, wa mer doheem d'Hausaufgaben net maachen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Dofir huet dat net nëmme mam Minister Lux ze dinn, well et wär och onfair elo ze soen, hie wär eleng dru schold. Ech stéiere mech un deenen Aussoen, déi hie mécht. Well ech déi onverfrue fannen.

Mä hei ass eng kollektiv Responsabilitéit. An domadder och Är mat, Här Minister Schiltz, vun der Regierung, fir dat, wat Der mat där enger Hand maacht, awer och mat där anerer mat kritesche Froe kënnen ze beäntweren an ze justificéieren. Dofir gehéiert déi ganz Klimadebatt fir eis als gréng Fraktioun haut zu 100% an de Mëttelpunkt vun der Diskussioun.

Mir hunn déi lescht fënnf Joer oft iwwer Kooperatiounspolitik geschwat: iwwer eenzel Länner, iwwer eenzel Démarchen, iwwer eenzel Projeten. Dat ass alles richteg. Mir hunn eis dat och opgedeelt. De Minister

huet sech dat opgedeelt iwwer déi fënnf Joer, fir dat separat ze thematiséieren. Do si mer ganz dermat d'accord.

Mä am Kär steet haut awer bei all deenen Diskussiounen ëmmer nees d'Klimaproblematik. Dofir muss mer eis och doriwwer ënnerhalen. Wann um Enn vu fënnf Joer d'CSV/LSAP-Kooperatiounspolitik wëllt fir zwee Su e Bilan zéien, da muss awer och kënnen gekuckt ginn: Wat hu mer da bei den Hausaufgabe gemaach an deene Beräicher, déi zur Kooperatiounspolitik gehéieren? Dofir gehéiert dat och heihinner. An dofir muss een dat och kënnen kommentéieren am Kader vun dëser Debatt, wat de Minister Lux gëschter gesot huet.

D'Lëtzebuurger Regierung huet hir Kyoto-Ziler ëm iwwer 23% verpasst. Si sinn net 4,3% réckleefeg, mä mir hu se iwwer 23% verpasst an där Period. Dat ass d'Realitéit, där mer eis muss stellen.

A Lëtzebuerg huet sech d'CO₂-Bilanz och nëmme verbessert doduerch, dass mer e massiven Akaf gemaach hu vun Emissionsrechter an de leschte Joren - dat hu mer am Ausland gemaach -, déi ëmwelt- a wirtschaftspolitesch keen Impakt hunn zu Lëtzebuerg, a wou mer alles anescht wéi sécher sinn, dass déi Rechter, déi mer do kaf hunn, och virsiichteg ofgeklappt gi sinn op hiren Impakt op d'Entwécklungslänner.

Hu mer dat wierklech bei all deene Rechter, déi mer kaf hunn, gemaach? Si mer wierklech sécher, datt se net nëmme ëmweltpolitesch eppes bréngen, mä datt se deene Länner och tatsächlech kooperatiounspolitesch eppes bréngen? Do si mer zimlech sécher, dass d'Äntwert dorobber Neen ass, dass mer dat net gemaach hunn. Dofir gehéiert och d'Akafspolitik vun den Emissionsrechter an eng Kooperatiounsdebatt hei zu Lëtzebuerg.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Dofir ass och de Réckgang vun deenen CO₂-Emissionen aus evidente Grënn net d'Folleg vun iergendenger Trendwend vun der Lëtzebuurger CO₂-Emissionstabelle, mä ganz eendeeleg huet dat konjunkturell Ursachen. Et huet mat der wirtschaftlecher Rezessioun ze dinn a mat leider soss net ganz villen anere Saachen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Dat Meescht geet op d'Vëloen hei an der Stad.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Déi Gréng fuerderen dofir den Ëmweltminister op säin Amt als Ëmweltminister eescht ze huelen an tatsächlech sech de Realitéiten ze stellen an net, och wa Wahle virun der Dier stinn, esou Zuelen ze lancéieren an dat als Erfolgsmeldung ze verkafen. Dat ass dee falsche Wee. Dozou gehéieren aner Diskussiounen. De Slogan misst jo eigentlech da sinn: Bei den CO₂-Emissionen upaken an net uschmieren, Här Minister Lux.

Déi Debatt ass eben e Stéck Lëtzebuurger Kooperatiounspolitik. Et geet ëm d'Cohérence des politiques, ebe ganz besonnesch am Beräich vum Klimaschutz. Well Cohérence heescht och Crédibilitéit. Dat ass jo ëmmer eng vun den Approchë vun der Regierung, an och vun deene vieregten, gewiescht. Mir brauche Crédibilitéit, well mer wëlle beispillhaft sinn, well mer aner Länner wëllen incitéieren de Lëtzebuurger Wee nozegoen. Déi Länner si jo rar, déi an deem doten Ausmooss an d'Kooperatiounspolitik investéieren.

Dofir hu mer ëmmer als Lëtzebuurger gehofft mat eisem Beispill vun engem klenge Land aner méi grouss, méi dichteg Länner mat méi Moyenen och ze mobiliséieren an ze motivéieren op deen dote Wee an der Kooperatiounspolitik ze goen. Mä da muss ee crédibel sinn, wann een dat mécht. Hei geet et also och ëm d'Crédibilitéit vun eiser Kooperatiounspolitik.

Wat kann een da besser maachen? Et misst een zwou nei Erkenntnisser derbäihuelen. Ech hunn der agangs zwou genannt.

Déi éischt ass: Mir müssen eise ressourcëverbrauchende Wuelstandsmodell als eng vun den Ursachen unerkennen an dann aktiv a proaktiv domadder ëmgoen.

An zweetens, mir missten eis eben zougestoen, dass et an der Kooperatioun net duergeet, wann een anere Leit hëlleft et richteg ze maachen, mä dass een et am eegene Land bei den Hausaufgaben och selwer muss maachen.

A viles vun deem, wat mer maachen, kéint och eben e Stéck Kooperatiounspolitik sinn: am Beräich vun der Agrarpolitik, wou mer net eng Agrarpolitik verfolgegen, déi op all de Punkten och kooperatiounspolitesch Sënn mécht. Am Beräich vun der Transportpolitik kéint een dat berücksichtegen; am

Beräich vun der Wirtschaftspolitik; vun der Energiepolitik; vun der Finanzpolitik.

Alles dat sinn Themen, wou mer eis mat den Auswierkung vun der Lëtzebuurger Politik op d'Drëtt Welt méi misste beschäftegen, a fir eist Gefill gëtt et wuel Initiative vum Minister, deen ëmmer nees probéiert an aner Ressorten eenzel Aspekter eranzebréngen, an dat éiert hien och, mä ech mengen awer, dass et vill méi wichteg wier, wann dat keng isoléiert Projete wieren, mä wann déi Bewosstsäinsbildung, déi iwwer dee Wee soll stattfannen, ganz séier Friichte géif droen, fir dass mer tatsächlech kohärent doru schaffen, dass sämtlech Politikberäicher méi enk zesummeschaffen, dass de Kooperatiounsminister am Ausland net nëmme kann dat soen, wat e bis elo gesot huet, mä och elo mat anerem Houfert kann op Lëtzebuerg verweisen als Beispill, net nëmme am Finanzvolumen, mä och an der polite-scher Praxis.

Mir brauchen zum Beispill méi Plaz fir eng ökologesch Landwirtschaft, mir brauche méi Plaz fir den „Fair Trade“ bei de Marchés publics an esou weider. Mir brauchen awer och méi Zesummenarbecht mat de Ministären, an et ass och ugeregt gi vun den ONGen, ob et dann net eng Iddi wier, wann eemol am Joer e Rapport géif gemaach ginn, net nëmme dee vum Kooperatiounsminister, mä wann - mir hu jo dee Comité interministériel - e gemeinsame Rapport géif gemaach gi vun deene betraffene Ministären, wou och e Rapport vun deene Ministère géif gemaach gi par rapport zum Impakt op d'Kooperatiounspolitik.

Och dat wier en interessanten Exercice, wa mer vun all de Ministären e gemeinsame Rapport hätten, dee koordinéiert wier op den Impakt vun der Kooperatiounspolitik vun den eenzelne Politiken an deene Ministären. D'Kooperatioun am Comité ass schéin, mä komm mir zéien eemol am Joer Bilan, wa mer eis schon eemol am Joer hei gesinn, fir doriwwer ze diskutéieren. Et wier flott ze gesinn, wat de chiffréierte Bilan ass vun der Aarbecht vun anere Ministären.

D'Senke vun den CO₂-Emissionen ass duerfir fir déi gréng Fraktioun nach ëmmer, wann net déi eenzeg, awer déi éischt vun de Prioritéiten, an duerfir wier et och gutt, wa Lëtzebuerg sech géif asetzen, an deenen nächste Wochen a Méint, fir dass mer am Dezember 2009 bei der internationaler Klimakonferenz zu Kopenhagen kéinten als Lëtzebuurger Land, an eben och als Europäesch Unioun, mat enger Positioun optrieden, déi hëllef géif den Ziler méi no ze kommen.

Et war geplangt eigentlech scho beim Fréijorsconseil do zu enger Positioun ze kommen; dorausser ass näischt ginn. En Aarbechtsgrupp sollt agesat ginn, deen och schon ausgesäit, wéi wann net vill géif geschéien, esou dass elo schon un europäeschen Niveau sech drop agestallt gëtt, dass eréischt ënner schwedescher Présidence et e Versuch wäert ginn, eng méi kohärent Haltung an deem doten Domän anzehuelen.

Mä de Kalenner leeft eis scho fort, a parallel dozou gesi mer, dass déi aner Sait vun Atlantik déi nei amerikanesch Administratioun mat engem ganz aneren Enthusiasmus a Rhythmus och un déi dote Problematik elo erugeet an amgang ass eis lénks a riets ze iwwerhuelen. Do, wou mer nach viru Joren d'Virreider waren an der Welt op där doter Problematik, si mer amgang och do an d'Hannertreffen ze geroden, wa mer eis net relativ rapid op d'hënnesch Bee setzen.

Dat ass eminent wichteg fir d'Kooperatiounspolitik a fir d'Länner vun der Drëtter Welt, ob mer eis tatsächlech am Dezember kënnen Ziler gi fir no 2012, déi zielführend sinn an déi net just erëm eng Kéier de Problem halbwegs cantonnéieren an eigentlech nëmme e puer Joer weider erausdrécken.

Dat ass, am Résumé an an der Essenz, do wou mir mengen, dass ee misst Kohärenz spille loossen. Domat wollte mer net gesot hunn, dass all déi aner Aspekter, déi de Mëtteg beliicht gi si vun eenzelne Virriedner, net och wichteg wieren. Och déi ënnerstézte mer, mä mir mengen, dass d'Lëtzebuurger Kooperatiounspolitik, déi op ganz ville Punkte luewenswäert ass, sech an Zukunft vill méi staark selwer un den eegenen Uspréich muss moossen, an déi Uspréich sinn déi vun deem wat mer doheem praktizéiere bei eisen Hausaufgaben.

Mir hunn duerfir eng Motioun preparéiert, zwou Motiounen, eng Resolutioun, déi ech hei wëll déposéieren, Här President.

Déi éischt Motioun ass déi fir dat, wat d'Regierung virdu proposéiert huet, dass mer op deem Kurs solle bleiwen, och wann d'Zäiten am Moment méi schwierig sinn a vläicht manner prévisibel sinn, dass mer op

deem Kurs solle bleiwe vun der Aide publique fir den Développement am Beräich vun engem Prozent vum PIB. Déi Motioun, déi gëtt och ënnerstézt vu Kollegen aus deenen anere Fraktiounen a Groupes politiques. Ech wëll déi dann heimadder déposéieren.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- *vu la quatorzième conférence des parties à la convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques (CCNUCC) (COP14) et la quatrième conférence des parties agissant comme réunion des parties au protocole de Kyoto (COP/MOP4), organisées du 1^{er} au 12 décembre 2008 à Poznań (Pologne);*

- *vu la communication de la Commission du 28 janvier 2009 intitulée «Vers un accord global en matière de changement climatique à Copenhague» (COM/2009/0039);*

- *considérant que les impacts du changement climatique touchent en premier lieu les populations fragilisées des pays en développement et mettent en péril la stabilité politique de nombreux États qui n'ont pas contribué de façon tangible aux émissions historiques et qui ne disposent pas des moyens nécessaires pour lutter efficacement contre les effets du changement climatique;*

- *considérant que les négociations relatives à un accord international global sur le changement climatique, cohérent avec l'objectif visant à limiter l'augmentation de la température mondiale en dessous du seuil de 2°C, doivent être conclues à Copenhague, en décembre 2009;*

- *considérant qu'un nombre croissant de scientifiques reconnaissent que, pour éviter des changements climatiques dangereux, il sera nécessaire de stabiliser la concentration des gaz à effet de serre dans l'atmosphère à 350 ppmv équivalent CO₂, soit un niveau nettement inférieur à celui préconisé auparavant;*

- *considérant que l'Union Européenne était supposée adopter sa position de négociation au cours du Conseil européen de printemps 2009;*

- *considérant que l'Union Européenne et ses pays membres dont le Luxembourg, vu leur responsabilité historique à l'égard des émissions passées, se sont efforcés de jouer un rôle de chef de file dans la lutte contre le réchauffement climatique et qu'ils soutiennent pleinement le processus de négociation engagé par la convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques (CCNUCC);*

- *considérant que les émissions augmentent rapidement dans les pays en développement, qui ne peuvent les réduire sans recevoir une aide considérable sur les plans technique et financier;*

- *considérant que, d'après de récentes estimations, les nouveaux investissements qui doivent être réalisés en faveur de la réduction des émissions, d'ici 2020, s'élèvent au total à 175 milliards EUR, dont plus de la moitié devraient être investis dans les pays en développement;*

- *considérant que selon les estimations de la Commission, il en coûtera de 15 à 25 milliards d'euros par an pour réduire la déforestation de moitié d'ici 2020 et il sera encore plus coûteux de stopper ce processus;*

- *considérant que selon diverses études d'organisations internationales, le coût d'adaptation au changement climatique dans les pays en développement concurrencera les dizaines de milliards d'euros par an;*

invite le Gouvernement

- *à considérer la lutte contre le changement climatique comme une priorité des politiques nationales intérieures et de soutenir activement le rôle de chef de file à l'Union Européenne dans la politique internationale de lutte contre le changement climatique;*

- *à mettre tout en œuvre au sein de l'Union Européenne pour parvenir à un accord de Copenhague qui tienne compte des derniers rapports scientifiques sur le changement climatique pour atteindre des réductions collectives d'émissions de gaz à effet*

de serre dans la partie supérieure de la fourchette de 25% à 40% recommandée par le Groupe d'experts intergouvernemental sur l'évolution du climat dans son quatrième rapport d'évaluation, étant entendu que ces réductions devraient être inté-rieures;

- à abolir les restrictions législatives afin de permettre aux communes de s'engager activement dans la lutte contre le changement climatique et de les soutenir par des moyens financiers dans leurs actions;

- à faire un maximum d'efforts au niveau national et de coordonner les actions au niveau communal afin de réduire substantiellement les émissions domestiques luxembourgeoises à un niveau qui permet de prouver la détermination de notre pays de contribuer aux actions internationales pour éviter des changements climatiques dangereux;

- à instaurer pour la phase actuelle liée au protocole de Kyoto (2008-2012) et au moins jusqu'à la réforme du mécanisme de développement propre (MDP), un moratoire national sur l'achat de nouveaux crédits MDP qui ne remplissent pas les critères du développement durable et de renoncer à l'achat des droits liés aux puits de carbone;

- à rendre publique la liste de l'ensemble des projets MDP et de rendre transparent les décisions prises par le comité interministériel Kyoto;

- à augmenter considérablement les chances de voir aboutir les négociations de Copenhague par la mise à disposition - à un stade précoce des négociations - d'une aide financière et d'un appui technique aux pays en développement pour des mesures d'atténuation et d'adaptation cohérentes avec les efforts qui doivent être déployés au niveau mondial pour limiter l'augmentation moyenne des températures à bien moins de 2°C et de prévoir ces aides lors de l'adoption du mandat de négociation de l'UE en vue de la conférence de Copenhague;

- à contribuer en fonction de notre capacité économique et de notre responsabilité historique au financement de ces mesures d'atténuation et d'adaptation nécessaires dans les pays en développement estimées à 35 milliards d'euros par an d'ici 2020 pour l'ensemble de l'Union Européenne, sachant que ce chiffre peut augmenter en fonction des connaissances nouvelles sur la gravité du changement climatique et l'ampleur de ses coûts;

- à insister au sein de l'UE pour que de tels engagements soient garantis par un financement prévisible des mécanismes mis en place dans le contexte de la Convention-cadre des Nations Unies sur les changements climatiques, qui s'ajoute à l'aide publique au développement et soit indépendant des procédures budgétaires annuelles des États membres;

- à mobiliser le soutien public au niveau national pour ces mesures afin de rendre notre politique de coopération crédible et d'encourager ainsi les pays en développement à adopter des objectifs ambitieux et contraignants en matière de réduction de leurs émissions.

(s.) Félix Braz, François Bausch, Camille Gira, Charles Goerens, Jacques-Yves Henckes.

Mir hunn eng zweet Motioun proposéiert, déi och vun den ONGen initiéiert gi war, déi cibléiert op déi Klimaproblematik. Mir hate jo d'Geleeënheet de Cercle des ONG an der zoustänneger Chamberskommissioun ze emfänken, déi selwer eng Motioun do initiéiert hunn, déi sech ëm d'Problematik vum Klimaschutz dréit, déi mat Bléck op Kopenhagen am Dezember probéiert konkret Schrëtt ze proposéieren a konkret Ufuerderunge festzeschreien. Déi Motioun gëtt am Moment ënnerstëtzt vun der grénger Fraktioun, vun der DP-Fraktioun an och vun der ADR. Et wier selbsterständlech gutt, wann och d'Majoritéitsparteien op dësem Punkt eng kloer Sprooch kéinte schwätzen, wéi bei där Motioun vu virdu.

Motion 2

La Chambre des Députés, considérant

- que les pays en développement ne sont pas responsables de la crise financière et

économique qui secoue actuellement les pays développés, mais qu'ils en subissent néanmoins les conséquences;

- que les Objectifs du Millénaire pour le Développement (OMD), visant notamment la réduction de la pauvreté de moitié en 2015 par rapport à 1990, sont loin d'être atteints;

- que les montants nécessaires pour atteindre les OMD - de l'ordre de 100 milliards de dollars US - restent faibles en comparaison des sommes engagées depuis 6 mois par les gouvernements occidentaux pour faire face à la crise;

- qu'il faut éviter une situation similaire à celle du début des années '90, quand la récession mondiale a entraîné une réduction de presque 25% de l'aide au développement;

- qu'après une année record en 2005, l'aide des 22 pays du Comité d'aide au développement de l'OCDE a baissé en 2006 et en 2007 et que la baisse risque de s'amplifier suite aux fortes pressions sur les budgets des pays donateurs;

- que la contraction de l'aide au développement aura des effets néfastes sur l'état des finances publiques des pays en développement et donc sur leur capacité d'investissement dans les infrastructures publiques, dans l'éducation, la santé, le logement, l'accès aux ressources naturelles, etc.;

invite le Gouvernement

- à poursuivre les efforts du Grand-Duché pour atteindre le but de 1% du PIB d'aide publique au développement.

(s.) Félix Braz, Marc Angel, Fabienne Gaul, Charles Goerens, Jacques-Yves Henckes.

Eng dréit a lescht Resolutioun géif ech gär déposéieren, wann den Här Hauptert mir se géif erëmginn, well den Här Hauptert huet se nach. Et ass eng Diskussioun, déi mer an der zoustänneger Chamberskommissioun am Februar gefouert hunn, iwwert dat, wat mir als gréng Fraktioun genannt haten: Der Kooperatiounspolitik eng Dimension parlamentaire ze ginn.

Résolution 1

La Chambre des Députés, considérant

- que la politique de coopération menée par les gouvernements successifs du Grand-Duché bénéficie d'un appui fort au Parlement et dans l'opinion publique et jouit d'un grand respect à l'étranger;

- que la politique de coopération est essentiellement une mission du Gouvernement et qu'elle se fait en règle générale à un niveau intergouvernemental;

- que la Chambre des Députés peut jouer un rôle plus important dans notre politique de coopération et lui ajouter ainsi une dimension parlementaire;

- que la dimension parlementaire peut s'ouvrir par exemple sur des sujets comme la gouvernance, la démocratie, les droits de l'opposition, l'État de droit ou les droits humains;

- que cette dimension parlementaire devrait se développer en étroite concertation avec les instances gouvernementales;

- que cette dimension parlementaire devrait être développée au cas par cas pour chaque pays cible et en complément aux projets soutenus par le Gouvernement;

- que la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration a discuté la question lors de sa réunion du 2 février 2009;

- qu'à cette occasion Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire a déclaré être d'accord avec les idées exprimées par les membres de la Commission;

décide

- de s'engager sur la voie d'une implication plus forte de la Chambre des Députés en matière de politique de coopération;

- de se concerter étroitement avec le Gouvernement pour fixer au cas par cas la plus-value que la Chambre des Députés peut apporter aux projets développés dans les pays cibles et la façon d'y arriver.

(s.) Félix Braz, François Bausch, Camille Gira, Charles Goerens, Jacques-Yves Henckes.

D'Iddi dohanner geet aus vun der Erkenntnis, dass d'Kooperatiounspolitik an der Haaptsaach, fir net ze soen exklusiv, en Domän vun der Regierung ass, dass dat och an der Haaptsaach, fir net ze soen exklusiv, op engem intergouvernementalen Niveau da stattfënnt, dass mer awer der Mee-

nung sinn, dass och d'Lëtzebuurger Parlament sech méi staark misst dran implizéieren, an zwar par rapport zu de Parlamenten an den demokrateschen - hoffentlech - verstärkert an ëmmer méi demokrateschen Öffentlechkeeten aus de Länner vun eise Pays cibles.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

D'Kooperatiounspolitik nëmmen als materiell Hëllef ze verstoen, geet eiser Meenung no net duer. Kooperatiounspolitik an Entwécklung vun deene Länner huet och domadder ze dinn, dass een och eng Rei Grondrechter an deene Länner verbessert kritt, dass een demokratesche Grondwäerter, demokratesche Prozesser an Diskussiounen och an deene Länner eng aner Bedeutung gëtt, a mir wëssen, dass an de Parlamenten an deene Länner iwwerall ganz exzellente Leit sinn, déi frou wieren, wa si och do méi Austausch hätte mat deene Länner, déi d'Kooperatiounspolitik maachen.

Mir hunn duerfir déi Iddi vun dem verstärkten Austausch téschent de Parlamenten an der Kommissioun diskutéiert, a mir waren eis eigentlech alleguerten eens, et huet zumindest keen de Contraire gesot, dass dat eng gutt Saach wier, wa mir dat géife maachen. Dat stelle mir eis natierlech net vir als Konkurrenz zu de Projete vun der Regierung, well dat wier onsënneg. Mir stellen eis dat och net vir, dass mer do praktesch géifen eege Kanäl, nei Kanäl opbauen, en plus vun deene vun der Regierung. Alles dat wier weéng sënnvoll.

Wat par contre ganz sënnvoll wier, wier, wann am Kader vun deene Projete vun der Regierung, doduerch dass een och fréier genuch matene schwätzt, ee géif probéieren au cas par cas bei all Projete ze kucken, wat kéinten déi parlamentaresch Plus-valué sinn an der Relatioun mat deene Länner am Beräich vun der Rechtsstaatlechkeet, vun den demokratesche Rechter, vun de Mënscherechter, vun de Fraerechter an esou weider, am Beräich vun der Gouvernance, an dass ee géif probéieren dat, selbsterständlech ënnert der Koordination vun der Regierung, ze organiséieren an dass d'Parlament do säi Bäitrag géif leeschten.

Mir hunn dat an der Kommissioun diskutéiert, de Minister huet och an der Kommissioun seng prinzipiell Zoustëmmung ginn: a) well en d'Iddi gutt fonnt huet a b) well en och bereet ass déi Koordinatiounsroll par rapport zum Parlament ze spillen. Duerfir menge mer, dass mer haut als Plénière déi Iddi vun der Kommissioun solle bestätegen, well et ka jo keng Kommissioun eleng esou eppes wéi dat heite beschléissen.

Mir kënnen als Membere vun der aussepolitichescher Kommissioun där Meenung sinn, mä et ka selbsterständlech keng Kommissioun beschléissen, dass mer elo géife Parlamentarier aus dem Burkina op Lëtzebuerg invitéieren, fir en Austausch ze maachen. Dat kascht och Suen, dat huet eng Rei aner Implikatiounen an dat kann nëmmen doduerch Realitéit ginn, dass mer als Plénière zu enger Décisioun kommen.

D'Commission des Affaires étrangères huet de Virschlag gemaach, dat ass am Procès-verbal vun der Sëtzung vum 2. Februar nozeliesen, a mir ginn dervun aus, dass et keng Schwierigkeet ass fir dat och hei an der Plénière ze bestätegen, fir dass dat, wat jiddweree gutt fënnt, och Realitéit ka ginn an der nächster Legislatur, well mer wierklech mengen, dass, wann och viles gutt leeft am Beräich vun der Kooperatiounspolitik, och eng ganz Partie Saache kënn verbessert ginn.

D'Parlament ass och gefuereert säi Bäitrag ze leeschten. Och dat ass e Stéck Öffentlechkeetsaarbecht fir Lëtzebuerg an deem dote Beräich a mir halen dat wierklech fir en absolut net onwesentlechen Deel. Iwwergens, och d'ONGe mengen, dass déi Iddi vun der Implikatioun vun Parlament, fir op den Theme vun de Grondrechter, vun de Biergerrechter, vun den demokratesche Rechter, de Fraerechter an anerer nach ze schaffen, eng absolut Noutwendegkeet wier.

Dat ass um Exekutiv-Niveau, um Intergouvernementalen, ganz schwéier ze maache fir d'Regierungen, fir d'Parlamenten ass et eng natierlech Aufgab sech mat deenen Themen do ofzeginn, an dat ass en zolitte Bäitrag zu enger nach verbesserter Kooperatiounspolitik, wann d'Plénière dat, wat d'Commission des Affaires étrangères gemengt huet, haut bestätegt.

Ech soen lech Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Braz.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG). - Ech ginn lech nach déi Resolutioun.

» M. le Président. - Merci. Dat ass d'Resolutioun iwwert d'Coopération parlementaire. Den nächste Riedner ass den Här Henckes.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Merci Här President. Lëtzebuerg gëtt pro Joer eng ronn 300 Milliounen Euro an d'Entwécklungshëllef. Dat maachen eng 70 Euro, no uewen opgeronnt, pro Awunner hei zu Lëtzebuerg, oder 0,92% vun onsem PNB, vun onsem Räichtum, dee mer hei zu Lëtzebuerg schafen.

Den Här Minister huet hei drop higewisen, dass ee misst op nei Piste goen, an hien huet der zéng opgezeechent. Ech wäert herno, am Laf vu mengen Ausféierung méi dorober agoen, mä grosso modo kann ech awer soen, dass mer mat där Orientéierung d'accord sinn. Notamment wat Telekom a Mikrofinanz ugeet, do hu mer wierklech en Know-how entwéckelt, a mer sollen dat och weiterféieren.

Wat de Montant vun onser Hëllef ugeet, do hu mer elo an enger Motioun proposéiert fir den op 1% ze halen, oder deen unzestriewen, wou mer elo op 0,92% sinn. Ech fäerten, Här Minister, mir errechen dat Zil wéi méi séier wéi mer geduecht haten, an ech hätt éischer gehofft mir géifen dat Zil ni errechen.

Woufir? Well deen Ablack, wou hei zu Lëtzebuerg eng Rezessioun ass, deen Ablack, wou de Wirtschaftswuesstent - de Wirtschaftskuch dee mer hunn - méi lues ass, en eventuell souguer negativ gëtt, erreche mer dat Zil zimlech séier, en ënnert dem Stréch bleift de Montant awer deesewechten. Duerfir hoffe mer alleguerten, dass mer am Laf vun dësem Joer, oder d'nächst Joer op jiddfer Fall, nees erëm an eng Situatioun kommen, wou et hei zu Lëtzebuerg besser geet a wou mer deen Ablack net nëmme mam Prozentsaz kënnen hëllef, mä, och wat d'Montanten ugeet, mer déi Montanté kënn steigeren.

Nach stelle sech an dësem Kontext e puer Froen, déi ech wollt hei och festleeën. Dat eent ass, wa mer déi 300 Milliounen do d'Joer ausginn, wéi vill dovunner ass dat, wat een eng „gebonnen Hëllef“ kéint nennen? Dat heescht: Wéi vill dovunner, vun deem Montant do, gëtt vu lëtzebuergeschen Entreprisë gemaach?

Woufir? Well mer eng etlech lëtzebuergesch Entreprisen hunn, déi op deene Gebidder do aktiv sinn, déi effektiv an onsen Zillänner wëlles hunn ze schaffen oder elo scho schaffen an Investitiounen maachen. Déi ganz Retombée économique, dee Lien économique deen een huet, dee gesinn ech net esou kloer, an ech weess net ob et Zuelen doriwier ginn. Ech hu bis elo nach keng fonnt. Mä et wier awer interessant déi Zuelen, déi Donnéeën do ze kréien, well dovunner och ganz oft dobaussen an der Populatioun geschwat gëtt, dass vill Entreprisë soen, dass si och op deem Gebitt do tätég sinn.

Da muss een och eppes festhalen, an dat ass, dass mir als ADR der Meenung sinn, dass mer als Land zu deene Länner solle gerechert ginn, déi zolidd Partner si fir alleguerten déi Länner, déi Hëllef brauchen, an notamment fir déi Zillänner, déi mer an der Entwécklungshëllef hunn. Well et ass speziell deen Ablack wou et méi schlecht geet, et ass speziell deen Ablack wou méi Schwierigkeete sinn, dass een awer muss mat enger zolitter Partnerschaft rechnen kënnen. An dat ass deen Engagement, dee mer och wëlles hunn anzegoen, doduerch dass mer déi Motioun, déi de Kolleg Braz virdu mentionnéiert huet, mat ënnerstëtze wëllen.

Dat gesot muss een awer och ervirsträchen, dass Lëtzebuerg säin Effort ka maachen. Mä dat ass, vu d'Problematik, nëmmen eng Dréps op e waarme Steen. Wichtig Hëllef mussen kommen, notamment vum Fonds monétaire international. An do sinn ech frou, dass sech elo e Mentalitéitswandel an de leschte Jore bemierkbar gemaach huet, wat den internationale Währungsfong ugeet. Notamment ass festgehale ginn, dass deen, net deen ablécklechen, mä deen zukünftege President vun internationale Währungsfong eng Persoun soll sinn, déi aus engem vun den Entwécklungslänner soll kommen.

Déi aner Saach, déi menger Meenung no och ganz positiv ass, dat ass, dass den internationale Währungsfong decidéiert huet fir seng Capacitéiten u Prëten ze héijen, fir d'Montanten ze héijen a fir och d'Modalitéiten vun deene Prëten der ablécklecher Situatioun, notamment vun den Entwécklungslänner, méi entgéintzekommen an deene Rechnung ze droen.

Mä et muss ee feststellen, dass d'Entwécklungslänner awer alleguerten eppes mussen festhalen, an dat ass, dass mat Ausnahm vum internationale Währungsfong keng Fi-

**Mercredi,
25 mars 2009**

nanzéierung méi an déi Länner kënnt. Déi Finanzéierung läit flaach. D'Exportatioun vum deene Länner si massiv zrëckgaang, wann een déi lescht Zuele kuckt. D'Produkt, déi vun deene Länner nach produzéiert ginn, sinn och zrëckgaang.

Wat mer da bedauern ass, dass an deem ganze Klima Amerika an och d'Europäesch Unioun weiderhin nach Agrarprodukter ganz staark subsidiéieren, wa se an déi Länner geschéckt an exportéiert ginn. Dat fanne mer eng total falsch Politik, an ech wier och do frou, wann d'Regierung insgesamt kéint kucken, dass een déi Politik do géif ophalen, well si ass op jiddfer Fall kengem néitzlech. Si ass, wat déi Solidaritéit mat den Entwécklungslänner ugeet, op jiddfer Fall wirtschaftlech total falsch a si fauséiert déi ganz Wirtschafts- an Agrarpolitik an de Länner weltwäit.

Déi zweet Problematik op déi ee muss agoen, dat ass, dass ee gesäit, dass déi eenzel Entwécklungslänner zwar Progrès maachen an der Augmentatioun vun hirem PIB, mä dass den ëmmer opgefaange gëtt duerch eng Croissance vun hirem Populatioun, déi vill méi staark ass wéi déi Croissance vum PIB. Dat ass eng vun de Problematike wou mer wierklech net wëssen, wéi mer déi sollen upaken. Et ass verständlech, dass wann de Wirtschaftskuch ëm e puer Prozent steigt an d'Populatioun, dat heescht déi déi un deem Wirtschaftskuch sollen deelhuelen an dorunner knabberen, wann déi ëm e Vielfacht klëmmt, da kann do keng Léisung kommen.

An deem Kontext muss een dann och absolut bedauern, dass vum Poopst an där Situatioun wou d'Entwécklungslänner elo sinn, an där Situatioun och gesondheetlecher Natur, dann eng Deklaratioun kënnt, dass d'Utilisatioun vu Préservativen de Problemer vun der Bevölkerung an de Problemer vum Aids keng Léisung géif bréngen an, au contraire, d'Situatioun géif verschlëmmen. Dat ass absolut skandaléis wat do gesot ginn ass, an et muss ee sech de Konsequenzen do bewusst sinn, wat esou Aussoe vläicht kënnen erbäiféieren.

Ech hoffe just nëmmen, dass d'Regierung do bei hirem Linn bleift, an ech hoffen och, dass Dir mer sot, Här Minister, dass Dir deem Opruff vum Poopst do net wäert Folleg leeschten an den ONGen net elo wäert Subsidien ewechhuelen, wa se awer nach Aids-Berodung maachen a Préservative verdeelen.

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire. - Ech kann lech do berouegen, Här Henckes.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Et ass gutt, très bien, ech si frou fir dat esou festzehalen.

Da mengen ech awer och, dass eng vun deene Problematiken, déi mer hei och an enger Motioun un d'Regierung wëlle festhalen, déi ass vun den CO₂-Emissiounen, a mer wëssen allegueren, dass déi Problematik vun den CO₂-Emissiounen net kann eleng vun Europa geléist ginn. Mir kënnen egal wat fir eng Efforten un Niveau vun de Reduktiounen vun den CO₂-Emissiounen maachen, wann net Amerika, wann net China, wann net Indien nozéien, dann notzt dat Ganzt iwwerhaapt näischt oder nëmme ganz wéineg.

Dat ass eng Realitéit mat där ee muss liewen. A wann een héiert, dass China wëlles huet, 158 Kuelekraaftwierker ze bauen an den nächste Joren, da gesäit een direkt, dass mer do eppes lancéiert hunn an eng Problematik, eng Energiedebatt ugefouert hunn, déi, wa China net alenkt, da sinn all Efforten, déi mer kënnen maachen, zum Échec vouéiert.

Duerfir hoffen ech, dass et zu Kopenhagen, duerfir hoffen ech och, dass eventuell um G20 an an deenen Négociatiounen, déi elo stattfanne souwisou, dass do vläicht en Alenken an hoffentlech en Alenke vu China an Indien kënnt, fir net op e Wee ze goen, deen d'Ëmweltsituatioun géif verschlechteren. Mir brauchen nämlech fir d'Welt en „new deal“ fir propper Energie.

Da wollt ech, Här Minister, nach op e puer méi punktuell Saachen agoen. An Afghanistan gëtt et e Problème alimentaire, dee sech erkläert doduerjer, dass een an deem Land, wat jo ganz vill an den Aktualitéiten nach ëmmer steet, gesäit, dass Agrarprodukter, Friichten, Geméis produzéiert ginn, dass, well se awer kee Killraum hunn, wou déi Wore kënnen stockéiert ginn, dass déi dann exportéiert ginn an dass se herno müssen déiselwech Wueren nees erëm importéieren an hiert Land zu engem héije Präis.

Duerfir mengen ech, dass et gutt wär, wa Lëtzebuerg hei sech och géif engagéieren, d'autant plus dass mer Lëtzebuurger Firmen

hunn, déi esou eppes kënnen maachen, a kucken, fir do Killraum eventuell matzefinanzéieren, fir do enger Problematik entgéintzekommen, déi wierklech ganz kloer ass a wou ee ka relativ liicht drop reagéieren.

Dann, Här Minister, hutt Der och hei gesot, et sollt een en Annuaire maache vun de Lëtzebuurger ONGen.

Ech mengen, Här Minister, an den Zäiten, wou et ëm d'Ëmwelt geet, géif een awer och vläicht besser, anstatt en Annuaire ze maachen, kéint ee vläicht en Internetsite maachen, wou et verschidde Linke géif ginn an Informatiounen kéint ginn a wou een dat selwech vläicht kéint fannen.

» Une voix. - Dat misst awer no de Prinzipien vum „Green Idea“ funktionéieren.

» M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Ech hu ganz vill Vertrauen an lech, dass Der déi ëmweltbescht Technologie do géif fannen, mä ech géif awer soen, dass dat vläicht och deeselwechten Informatiounsstand kéint bréngen, notamment wann dee Site do e Lien hätt mat dem Site vum Ministère.

Eng anere Problematik, déi mer hei och mat zimlech grousem Intérêt nogelauschtert hunn, dat war déi Problematik vun den CO₂-Emissiounen hei zu Lëtzebuerg. Ech hunn och mat Intérêt nogelauschtert, dass den Här Lux als Ëmweltminister sech gefreet huet, dass d'CO₂-Emissiounen zu Lëtzebuerg zrëckgaange sinn, dank der... E freet sech also iwwer d'Wirtschaftskris an iwwer déi schlecht Wirtschaftspolitik vum Här Krecké, déi him da gehollef huet, säi Resultat ze errechen.

(Interruption)

Dat gesot, Här Minister, wollt ech just mat enger leschter Suggestioun kommen, wou ech all Kéiers an all Joer domadder kommen: Dat ass de Salon du chocolat. Mir wëssen, dass de Salon du chocolat, also wéinegstens a mengen Aen, eng vun deenen Initiativen ass, wou ee wierklech kann der Bevölkerung dobausse weisen, wéi néitzlech a wéi praktesch Entwécklungshëllef ass, wann ee gesäit, wéi dat Produkt an deene Länner hiergestallt gëtt, wéi et ausgesäit, wéi et transforméiert ka ginn, an do mengen ech, dass een déi Initiativ do sollt nach weider ënnerstëtzen, weider ausbauen.

Ech war nach kierzlech beim Salon du chocolat zu Paräis. Ech muss soen, dass et do erstaunlech ass, dass ee gesäit, dass innerhalb vun enger Woch bis eng Millioun Leit op dem Salon laanschgtinn, well e wierklech eng ganz grouss Diversifikatioun an Initiativen huet.

Dat woren déi puer Bemierkungen, déi ech wollt hei zu deemem Sujet maachen. Mir si mat der Linn d'accord a mir bleiwe bei der Linn d'accord, fir op 1% vun eise PIB, PNB ze goen an der Entwécklungshëllef. Mir wënschen natierlech, dass vläicht och eis lëtzebuergesch Entreprisë méi sollten an deem do Prozess mat integréiert ginn, mä soss muss mer speziell an deesen Zäite Solidaritéit an eng zolidd Partnerschaft weisen. Et ass a schlechten Zäiten, wou een op Frënn muss kënnen rechnen.

» Une voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Henckes. Déi nächst Riednerin ass d'Madame Err.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Neen! An ech?

» M. le Président. - Jo, entschëllegt, Här Jaerling, se hunn lech hannendru geschriwwen gehat.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Jo, ech si jo liicht ze iwwersinn.

(Hilarité)

Här President, wann den Här Kooperationsminister seet, dass et deser Welt net gutt geet an den ënnerentwéckelte Länner nach manner gutt, da läit en nach wäit vun der Wourecht ewech, well vill Drëttlänner geet et nämlech ganz schlecht, an dat besonnesch an Afrika. Net doduerch, dass se net genuch Räichtümer hätten, fir ze verdeelen, mä well déi Räichtümer, déi si hunn, hinnen och nach zum Deel geklaut ginn. Geklaut vu Wirtschaftslobbyen, déi sech net genéieren, sech och souguer a verschidde Regiounen Mercenairen ze bedéngen, fir de Klau vun de Buedemschätz an den Naturgidder ze encadréieren, an dat souguer hemmungslos mat Waffegewalt.

Déi Länner sinn aarm, well d'Räichtümer an d'Hänn vun e puer Guruen oder Scheiche leien, déi och dann nach mat deene frieme Lobbye kollaboréieren, déi hiert eegent Vollek beklaue. Net nëmme Räichtümer aus dem Buedem gi geklaut, mä och Naturgid-

der, wéi zum Beispill d'Reebëscher aus der Regioun vun de Grousse Séien an Zentralafrika.

An dat Schlëmmst vun der Saach ass, dass déi Instanzen, déi hei kéinte reguléierend agräifen, mat de Wirtschaftslobbyen aus engem Déppen iessen a sech de Speck ënnereneen deelen.

Här President, richtig ass, ech mengen, dat, wat den Här Minister gesot huet, déi Entwécklungshëllef bäizebehalen, déi mer ugefaang hunn, an nach auszubauen, well richtegerweis gesot ginn ass, dass wat mer haut do investéieren, kënt eis spéider net dräimol esou deier. Ech mengen, dat ass richtig; dat ass d'Problematik richtig analyséiert.

D'Problemer an der Drëtter Welt, an Afrika an a soss Problemlänner wäerten op kuerz oder laang eis Problemer ginn, an ech si souguer der Meinung, dass se eis Problemer scho laang sinn, well mer net schnell genuch reagéiert hunn. An net nëmme Lëtzebuerg, mä ganz Europa ass elo scho konfrontéiert zum Beispill mat enger Immigratiounswell, déi mer schweier an de Grëff kréien, well mënschlech Schicksaler vu Leit, déi hiert Liewe riskéieren, fir do fortzekommen, wou se verfollegt ginn a keng Liebensqualität hunn an och keng Chance kréien, fir der ze fannen, sinn net einfach ze jugéieren an net einfach ze behandelen.

Den Här Minister huet vu Piste geschwat, déi ee misst verfolgegen, fir Léisungen ze fannen. Fir mech wär déi éischt Pist, emol anzewierken, fir dass d'Ausbeutung an deene Länner emol agegrenzt gëtt an ophéiert.

Et kann net sinn, dass vu verschidde Länner ënnert dem Deckmantel vun der Entwécklungshëllef engersäits gemaach gëtt, wéi wann do wéilt gehollef ginn, an op där anerer Säit awer d'Aen zougemaach ginn, wann an darselwechter Regioun d'Räichtümer ausgebeut ginn, ouni dass dat beträffend Vollek eppes dovunner huet.

Et muss duerfir eis Aufgab sinn, de betrafene Leit d'Méiglechkeeten ze verschafen, hir Räichtümer endlech selwer ze géieren a kënnen gerecht ze verdeelen. Et geet net duer, dass mer hei an do present gi mat schéine Projeten, fir se der Öffentlechkeet virzustellen. D'Kooperatioun muss dat ginn, wat d'Wuert ausdréckt: gemeinsam wierken, fir dass d'Mënschen an hirem Heemecht eng Perspektiv kréien, an d'Ausbeuter, déi mussen mer versichen do erauszegräifen.

Kooperatioun ass awer och, déi natierlech Bestänn vun deene Länner ze erhalen, an duerfir hunn ech eng Fro un den Här Minister, eng Fro, déi ech schonn e puer Mol gestallt hunn an ëmmer erëm wäert stellen, bis endlech eppes geschitt. Et sinn nach Autorisatiounen ausgestallt ginn, fir an Zentralafrika an der Regioun vun de Grousse Séien 20 Milliounen ha Tropebëscher ofzeholen.

D'Regierung huet gesot, dass si géif iwwer d'Weltbank intervenéieren a versichen do anzewierken, fir dee Crime un der Ëmwelt ze verhënnern. Op där enger Säit ginn nämlech deene betrafene Länner Gelder zougestane, fir de Patrimoine vun de Reebëscher ze erhalen, an op där anerer Säit awer Autorisatiounen ausgestallt, fir massiv ofzeholen.

Dat ass skandaléis, an ech wëll vum Här Minister wëssen, wat d'Lëtzebuurger Regierung an deem Kontext ze ënnerhuele gedenkt, well et ass net nëmmen e Crime un der Natur, et gëtt e Crime un der ganzer Mënschheet, wann dat do op déi Aart a Weis do esou viru betrafte gëtt.

An d'Fro ass: Kréien déi betrafte Länner nach ëmmer Ënnerstëtzung vun der Weltbank, fir d'Tropebëscher ze erhalen? A wéi steet et mat deenen Autorisatiounen, wou gesot ginn ass, déi géifen zrëckgezu ginn? Sinn déi zrëckgezunn an, wann net, wéini gi se zrëckgezunn?

Dat ass dat, wat den zoustännegen Här Minister hei an enger Äntwert op meng Question parlementaire versprach huet, mä bis elo ass nach näischt geschitt. D'Ofholze geet hemmungslos weider an et ass kee capabel, fir do ze intervenéieren.

Här President, ofschléissend kommen ech awer och net derlaanscht, mä och schonn e puer vu menge Virriedner, hei déi skandaléis Aart a Weis vun der kathoulescher Kierch a besonnesch hirem Poopst unzuprangeren. Eng Relioun a seng Guruen, déi a Länner, wou den Aids ganz Bevölkungskreeser ausradéiert, priedegen, an déi ginn hin a priedegen, et dierfe keng Préservative benotzt ginn, misste fir Verbriechen un der Mënschheet ugeklot an agespaart ginn.

(Interruption)

Wann ech geliift?

» Une voix. - Dir sidd hei an der Chamber!

» Une autre voix. - Très bien!

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - Jo! **(Interruption)**

Jo, mä ech soen awer dat hei, wat ech fir richtig fannen.

(Interruption)

Jo, mä wat interesséiert mech Är Kierch? Ech schwätzen hei vun deene Verbriechen, déi Är Kierch do fabrizéiert.

» M. le Président. - Här Jaerling, Dir misst awer zum Schluss kommen.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - An och duerch de Verbuet vu Préservative riskéieren nach méi Kanner do op d'Welt ze kommen, wou iwwer 50% vun deenen iwwerhaapt keng Chance hunn ze iwwerliewen: Och dat ass e Verbriechen un der Mënschheet.

An ech wëll soen, mä, wann awer aus deene Kreeser och nach Leit kommen, déi den Holocaust verleugnen, ech mengen, dann dierf ee sech iwwer näischt méi wonnere. A wa mer souer gewäerde loosse,...

» M. le Président. - Merci, Här Jaerling.

» M. Aly Jaerling (Indépendant). - ...da brauche mer geschwë keng Kooperatioun méi, well da gëtt et geschwënn dohanne kee méi.

» M. le Président. - Merci, Här Jaerling. Déi nächste Riednerin ass d'Madame Err.

(Hilarité)

» Mme Lydie Err (LSAP). - Här Minister, Dir Damm an Dir Hären, léif Kolleegen, erlaabt mir als Eenzegen am zweeten Tour hei Félicitatiounen un de Minister ze gi fir seng Ried, déi an zéng Punkten opgedeelt war, an ech probéieren zënter enger Véirelstonn dat och mat menger fäerdege ze bréngen. Ech kommen awer ëmmer op méi. Well ech fannen, dass dat am Fong e gudd System ass; do behält een nach den Iwwerbléck. Mä et huet natierlech den Nodeel, dass contrairement zum Iwwerbléck, deen einfach ass ze hu beim Nolauschteren, mer keng Kopie dëst Joer kruten. An ech froe mech, ob dat eppes mat deene Schwiergekeete vum Procès-verbal vun der Chamber ze dinn hat, déi mer elo kierzlech haten?

(Interruption)

Oder awer...

» Une voix. - Wat schwätzt Der, Madame Err?

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire. - Madame Err, entschëllegt. Mir hunn dat doten an der Chamberskommissioun beschat, an ech hunn de President an d'Membere gefrot, vu dass direkt geäntwert gëtt, ob ech dann och kéint dëst Joer fräi schwätzen an net misst virliese wéi déi aner Joren. An d'Kommissioun war unanimement mat mir d'accord. Ech fäerte leider, dass Dir net dobanne waart.

» Mme Lydie Err (LSAP). - Dat ass richtig, Här Minister. Mä sécherlech war ech net net do, well et mech net interesséiert huet, mä well ech anere Missiounen hu missen nogoen. Mä kloer ass et, dass et méi spannend ass, enger Ried nozelauschteren, déi net virgelies gëtt. De Virdeel ass, dass ee se herno net direkt ënnert dem Grapp huet, fir dat eent oder dat anert erëm ze hunn, mä et ass wéi ëmmer. Et ass näischt esou gutt, dass et net fir eppes schlecht oder eppes gutt ass.

Jiddefalls meng Komplimenter zu Ärer Ried an zur Iwwersichtlechkeet vun darselwechter an och zu Ärem Buch, wat ech bis elo awer nach nëmmen duerchgeblidert hunn.

(Interruptions et hilarité)

Explikatiounen wier ech frou ze kréien zum Titel.

Liest ee bei $1+1=3$ eppes wéi: „Gedeeltent Leed ass halleft Leed“ - oder - „Gedeelte Freed ass duebel Freed“? Mä Dir kënnt mer dat jo dann herno kloerstellen.

D'Feststellung och, dass de Minister déiselwecht Auteure liest wéi ech - de Muhammad Yunus, den Éric Orsenna an den Hampâté Bâ -, an och d'Virwuert vum Louis Michel hu mech un eppes erënnert, an zwar, dass eng Ried vum selwechte Louis Michel bei eis an der Kommissioun eis derzou bruecht huet, bei enger Visite op Bréssel eng speziell Entrevue ze froe mat senge Kooperatiounsservicer, wou mir gemeinsam kollektiv erkläert kritt hunn, wat d'Avantagë vum Appui budgétaire wäeren, wat eis kollektiv derzou bruecht huet, eis laangjäähreg Reserven, déi mer dozou haten, ofzëbauen an ze froen, emol mat engem Pilotprojet ze probéieren, ob dat wierklech net och fir eis e Wee wier, dee mer kéinte goen.

Besounesch gutt, Här Minister, huet mer en afrikanesche Sproch gefall, deen Der zitéiert iergendwou, dee seet: „Wann s de net weess, wou s de higees, da kuck, wou s de hierkënn.“ - An Dir dierft dräimol roden, fir wat!

Wat d'Form ubelaangt, hat Dir Problemer, Här Minister, mat eiser Proposition de loi. Ech bedauern natierlech, dass mir par rapport zu Ärem Buch et net kënnen ophuelen, wat d'Presentatioun, d'Fuerf an d'Literatur ubelaangt. Mir hunn eis Méi ginn, awer zum Fong Saachen ze soen, déi net wäit ewech si vun deem, wat Dir haut ugekënnegt hutt.

An ech wollt lech just soen, dass contrairement zu deem, wat Dir gemengt hutt ze verstoen, dat absolut net als Provokatioun ze verstoen ass, mä als Bäitrag, deen eiser Iwwerzeegung no absolut seng Utilitéit huet.

Ech maachen lech dorop opmierksam, dass ech mat Proposition-de-loien eng perséinlech grouss Erfahrung hunn a weess, dass dat heiansdo ganz laang dauert, a wann eppes derbäi erauskënn - an heiansdo kënnt och iwwerhaapt näischt eraus -, sou dass de Moment vun der Legislaturperiod komplett inoperant ass, well contrairement zu villen huet meng Iwwerzeegung ni geännert, jee nodeem ech an der Opposition oder an der Majoritéit war.

(Interruption)

2. Dépôt d'une proposition de loi

Zum Text selwer vun der Proposition de loi, déi ech ofginn, wëll ech ganz kuerz drop agoen, well e puer Kollege mer haut gesot hunn - an ech ginn lech se direkt, Här President, fir se net ze vergiessen -,...

6020 - Proposition de loi modifiant la loi modifiée du 6 janvier 1996 sur la coopération au développement

...dass trotz deene Virstellungen a verschiddenen Zeitungen net ganz kloer schéngt ze sinn, wat doranner steet.

3. Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat (suite)

Débat (suite)

Ech hu probéiert, déi Haaptsaachen - wéi Dir - an zéng Punkten ze soen; et ginn der e puer méi. Ech fänken duerfir och net un, se hei opzezielen. Ech wollt verschiddener optiounen, fir ze weisen, dass et eng Konsolidatioun ass vun deem, wat mer bis elo hunn, an dass am Kader vun deene Konsolidatiounsbestriewungen Ännerunge sinn, déi trotzdeem punktuell heiansdo ganz wichteg sinn.

Ech géif ufänken domat fir ze soen, dass mir wëssen, dass, wann een en Text virleet, en Texte martyr proposéiert, et an där Hisiicht evident ass, dass et vill méi einfach ass, en Text ze zerrieden, dee virläit, wéi selwer e

besseren ze schreiwen. Mä dee Moment, wou ee virläit, ass et kloer, dass ee besser weiderkënn.

D'ONGE kënnen hire Bäitrag maachen. Déi ugeschwate Partner, déi aner Acteuren aus der Kooperatioun selbstverständlech och. Mä et ass en Erfahrungsbegrëff fir ze soen, dass, wann ee bis en Text huet, da geet et méi schnell weider. An ech denken och, dass, bis mir esou wäit sinn, an egal wéi den Traité vu Lissabon hoffentlech iwwersat ass, dass mer deenen Objektiv, déi dann do drastinn, kënnen Rechnung droen, fir déi vun eisem nationale Gesetz kënnen ze adaptéieren, wann et dann noutwendeg ass; menger Erfahrung no wäert dat heiten nach e Sträppchen daueren, sou dass mer déi Zäit hunn.

Eng wichteg Saach ass, dass mer probéiert hunn, an engem éischten Artikel déi Begrëffer, déi mer am Gesetz selwer gebrauchen, ze erklären an eis do klug ze maachen net nëmme bei der OCDE, mä och bei den UNO-Ännerorganisatiounen, fir dass dat, wat mer an den Terme vum Gesetz herno soen, och kloer herno ass.

Mir hunn och den Titel geännert, andeem dass mer net nëmme iwwer Coopération au développement schwätzen, mä och vun Action humanitaire, well mir därer maachen a fir vill Sue maachen, obscho se sech net eigentlech am Kader vum Kooperationsgesetz erëmfënnt.

Deen éischte wichteg Punkt, fir dann unzefänken ze zielen, ass dee vun de PICen. Dat schéngt mir en enorm wichteg Punkt ze si vun der Politik, déi d'Lëtzebuurger Kooperatioun mécht. An duerfir hu mer och déi Gesetzespropositioun hei benotzt, fir ze soen, dass de PIC eng Geleeënheet ass, fir d'Synergien an d'Kohärenz net nëmme op internationalem an op nationalem an op kommunalem Plang ze stäerken, mä och fir d'Cohérence des politiques vun eise Partnerlänner an d'Koordinatioun zwëschent deene verschiddenen Niveaue vun Entwécklungszesummenaarbecht ënnerteneen ze dreiwelen.

Deen héchste Changement ass awer sécherlech deen, dass, well PICen op fënnel Joer ginn, de Montant vun deenen Enjeue relativ héich ass, an dass mer denken - an ech mengen, ech rejoignieren do de Félix Braz, ouni dass deen datselwech gesot huet -, dass d'Diskussioun vun engem PIC eis d'Geleeënheet kéint ginn zu enger kontradiktorecher Diskussioun an der Chamber an och mat aneren Acteuren vun der Kooperatioun, well dat ass d'Häerzstück vun eiser Kooperatioun mat eise Partnerlänner.

A besounesch och doduerjer, well aus budgetären Ursaachen et logesch wier, dass Montanten, déi am Gesetz stinn, déi sollen op 140 Milliounen gehéicht ginn, wann déi deppasséiert ginn, wier et sécherlech derwäert, net nëmme aus budgetären Ursaachen eng Loi spéciale ze maachen, mä och eng Geleeënheet ze ginn, fir iwwer Politik an der Kooperatioun ze schwätzen, amplaz iwwer Rapporten an iwwer Perspektiven en termes plus généraux.

Deen zweete Punkt, deen iwwert d'Objektiver. Mir hunn d'Objektiver an eiser Proposition reformuléiert, net well mer se komplett aneschtens émgeschriwwen hätten, mä well mer den Développement humain durable als Haaptobjektiv geholl hunn an d'Lutte contre la pauvreté eigentlech als e Wee gesinn, fir dohinner ze kommen, a mir setzen dobäi, fir déi Haaptsaachen direkt an dem Haaptartikel zesummenzékären: «le tout dans un état de partenariat». Mir fannen, dass dat eng wichteg Dispositioun ass, well bis elo d'Strategien an d'Moyenen net an eisem Gesetz stinn. Mir wëssen, dass mer et schon esou maachen. Et ass also näischt Revolutionäres; et ass am Fong just, fir dat, wat mer hunn a wat säi Bewäis an der Praxis erbruecht huet, festzehalen.

Mir kommen dann zum drëtten Punkt, an zwar ze de Pays partenaires privilégiés. Dat ass den Artikel 10 am Gesetz. Mir hunn absolut keng Problemer mat deem, wat hei ugekënnegt ginn ass. Déi Kritären, no deenen déi Pays cibles, wéi se deemools genannt gi sinn, erausgesicht goufen, si grosso modo dat, wat Dir, Här Minister, hei ugekënnegt hutt. Mir setze just gären eppes derbäi, dass déi Kritären „de bonne gouvernance“ net eng Exigence sinn, fir e Partenariat privilegié mat engem Land unzefänken, mä wat mer gären hätten, dass d'Volontéit vun der bonne Gouvernance an d'Ofschaffung vun all Sorten Diskriminatiounen an engem Land musse bestoen a musse kënnen festgestallt ginn, normalerweis zum Beispill a sengem Programme de développement national.

Wat eng Neigkeet an dësem Punkt ass - déi Geleeënheet huet sech bis elo net gestallt, mä ech si sécher, dass, wa se sech

gestallt hätt, dat och esou gaange wier -, dass, wa sech, an dat ass jo demnächst de Fall, eng Diskussioun stellt, fir aus engem Land oder aus zwee, dräi mateneen definitiv erauszegoen, d'Diskussioun, ob mer an aner Länner an no wat fir enge Kritären ufänken, soll kontradiktorech gefouert gi mat allen Acteuren, déi an der Kooperatioun schaffen. Et ass evident, dass déi Décisioun, déi dann ze falen huet, vum Minister geholl gëtt, mä et wier schéin, wann all déi Leit, déi sech mat Kooperatioun ofginn, hire Pefferkär zur Diskussioun kéinte bäidroen.

En drëtten Punkt, dee wichteg ass, ass de Comité interministériel de coopération, dee besteet, a vun deem mir eis wënsche géifen, dass dee méi speziell géif mat enger „Mission de contrôle de cohérence des politiques“ beoptraagt ginn. Ee Rapport de cohérence des politiques, dee kënnt un de Rapport national vum Ministère joignéiert ginn, esou dass déi Diskussioun, déi duerno an der Chamber ka gefouert ginn, am Fong net nëmme eng ass iwwert dat, wat pur Coopération au développement ass, mä och eng iwwert déi aner Elementer, déi iwwert d'Cohérence des politiques. Och dat mengen ech rejoignéiert an enger Form dat, wat vum Félix Braz hei ugeschwat ginn ass.

De Prinzip vum Partenariat ass am éischten Artikel genannt. En ass mir wichteg genuch, fir e sonner opzezielen, mä e brauch keng Explikatioun, well dat eppes ass, wat praktizéiert gëtt, wat mer just wëlle festschreiwen.

Datselwech géllt fir d'Mission de la coopération, déi grad wéi d'Agence de développement de Rapprochement vum Terrain vun der Kooperatioun bedeuten, an ech denken, dass et och wichteg genuch ass, fir déi an engem Gesetzestext festzehalen, och fir ze soen, dass dat, wat wichteg ass bei deene Missiounen, dass si sech wierklech haaptsächlech ëm d'Coopération au développement këmmen, an net eng Zort Ambassade sinn, wou forcément nëmme Diplomate kéinten dra sinn.

Et gëtt jo Fäll wou Leit, déi hir Carrière an der Kooperatioun gemaach hunn, gläichzäitig Diplomate sinn. Ech mengen, dass dat eng gutt Kombinatioun ass, mä ech mengen, dass d'Prioritéit muss d'Connaissance vun der Kooperatioun sinn an net d'Carrière, oder net vum Diplomat. Duerfir ass et eis wichteg, dass dat doranner stoe kënnt.

D'Agence de coopération, d'exécution de la coopération steet net an eisem Gesetz. Si huet existéiert a si huet eng Konventioun, mä ech mengen, dass och dat eng Notioun ass, déi een am Gesetz kéint festhalen. D'Secteurs hu sech absolut net geännert, et hu sech der just am Laf vun de Joren nei derbäigezielt, déi net am Gesetzestext mat drop sinn, a mir hunn eis erlaabt do Detailler ze proposéieren, déi nei sinn.

Bei der Santé wëlle mer zum Beispill preziséieren, dass d'Santé reproductive domadder och gemengt ass, an ech denken, dass mer jo do keen Dissenz hunn. Mir schwätzen do net nëmme vun allem, wat sech ëm d'Gebuert an d'Gebuertekontroll, d'Familljeplanificatioun dréit, mä och wat d'Lutte géint de SIDA begräift, esou dass et kloer ass, dass mer do op enger Linn sinn.

Enseignement et formation professionnelle ass eppes, wat an Äre fënnel Joer, Här Minister, als Prioritéit definéiert ginn ass. D'Formation professionnelle gradesou wei d'Mikrofinanz an d'Activités génératrices de revenus. Och dat hätte mer gären am Text stoen. D'Principes transsectoriels hu mer de Moment net drastoen, ass eiser Meinung no wichteg, a mir proposéieren lech an eiser Proposition de Principe de non-discrimination an d'Egalitéit téschent Männer a Fraen, de Respekt vun de Mënscherechter an de Respekt vum Environnement do dranzeschreiwen.

Och d'Gemengen, déi entre-temps e wichtigen Acteur a Saache Coopération au développement sinn, verdéngen an eisen Aen eng Plaz an dësem Gesetz, besounesch alles, wat d'Dezentralisatioun ubelaangt a wat den Échange de bonnes pratiques ubelaangt. Et ass evident, dass d'Sensibilisatioun vun der Opinion publique iwwert de Wee vun de Gemengenaktivitéiten eng enorm ass, an dass een dat kann doduerjer ënnersträchen, dass ee se am Gesetz mentionnéiert. Ech denken awer och, dass een eventuell misst drun denken, an där Hisiicht do d'Gemengegesetz ze änneren, fir bei de Missiounen vun de Gemengen net nëmme hir prioritär Missiounen ze definéieren, mä och déi, déi se eventuell kënnen hunn, wa se wëllen aktiv ginn.

D'Konventioun, en nächste Punkt, zwëschent dem Stat an den Acteurs non étatiques. Do sinn natierlech net nëmme d'ONGE gemengt, mä och aner Acteuren, wéi zum Beispill de BAT, deem seng Base légale bis elo net dat Rengst ass par rap-

port zu eise Virstellungen an déi iwwert de Wee vun dësem Artikel kéint regulariséiert ginn, wat hir Forme juridique ubelaangt. D'Évaluatioun als e leschte Punkt, e wichtige Punkt, op deen ech wëll agoen. Évaluatioun ass gemaach ginn, net nëmme bei den ONGen, och net nëmme beim Ministère, mä bei der Luxdev regelméisseg. Mir denken, dass dat heiten e wichtige Punkt ass, dee wichteg genuch wier, fir am Gesetz ze figuréieren an ze preziséieren, net nëmme, dass se soll gemaach ginn, dass se soll intern sinn an eventuell och extern, an dass d'Konklusiounen vun deenen Evaluatiounen och solle kënnen diskutéiert ginn.

Ech muss mech elo ganz schnell tommelen. Mineur Changement, déi dra sinn, betreffen de Congé politique, wou Dir esou gutt wësst wéi ech, dass dat eng Prozedur ass, déi onméiglech ass mam Comité interministériel, deen nëmme all dräi Méint séttzt a wou et ëmmer ganz schwierig ass. Ech mengen, Dir kënnt dat eleng maachen, Dir oder wien och ëmmer responsabel gëtt. Ech denken och, dass et wichteg ass an engem Gesetz eng Léisung ze fanne fir de Problem, dass Agents de la coopération, Boursiers, Stagiairen net nëmme dann Agents de coopération sinn, wa si um Terrain schaffen, mä och dann, wa si um Ministère schaffen.

Den Appui budgétaire ass mentionnéiert, hunn ech och scho gesot. D'Donation globale géif ech proposéieren ofzeschaffen, well se anscheinend iwwerhaapt net méi benotzt gëtt.

Zum leschte Punkt: E Problem, dee sech gestallt huet, schonn zu mengen Zäiten, an deen nach ëmmer net geléist ass: de spezielle Statut vun den Agents de la coopération, droits et devoirs, procédure disciplinaire, révocation, etc. Dat ganz kuerz zu der Proposition de loi, déi ech déposéiert hunn.

Ech hunn en aneren Häerzswunsch, deen ech hei wollt virbréngen, an ech sinn iwwerzeegt, dass en e gudden Accueil kritt, besounesch well et eng Initiativ ass, déi vun enger Ministeschkolleegin kënnt, déi dem PPE ugehéiert - an elo hunn ech mäin Zieldel erëm -, fir lech besounesch e Projet am Kongo an d'Häerz ze leeën, wou et evident ass, dass bei deene Kricher an deene Rebelliounen, déi do stattfannen, massiv Frae violéiert ginn op eng Aart a Weis, déi insupportabel ass, dass 70% vun deene Fraen, déi do violéiert ginn, Kanner ënner 18 Joer sinn, dass déi Fraen an déi Kanner natierlech vun hire Familljen ausgeschloss sinn, dass se sozial am Fong ganz schwierig Situatiounen hunn, dass déi Kanner, déi duerch déi opgezongene Schwangerschaften op d'Welt kommen, e Statut hunn, eng Bombe a retardement duerstellen, an dass et duerfir an der Belsch eng Initiativ gëtt vun engem Projet, deen heescht: «Stop à la terreur sexuelle à l'est de la République du Congo».

Et ass d'Madame Smet, déi dee Projet initiéiert huet, an ech denken, dass mer eis alleguerter kéinten dorunner uschléissen, an och als Lëtzebuerg do eng visibel Roll géife spillen, well wat sech do ofspillt, dat mengen ech ass insupportabel, an et géif eis gutt zu Gesiicht stoen, als Lëtzebuurger Land, fir eng Hand unzepaken, do opzeraumen ze hëllefelen.

» M. le Président. - Merci, Madame Err. Domat ass d'Lescht ofgeschloss. D'Regierung huet d'Wuert.

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll a kann och net op alles hei agoen. Ech wollt uganks Merci soe fir déi breet Zoustëmmung, déi d'Kooperationspolitik fënnert. E Merci, deen ech net nëmme a mengem eegenen Numm entgéinhuelen, mä och am Numm vun deene Leit, déi mat déi Politik konzipéieren an ëmsetzen.

Ech wollt, wann Der erlaabt, just kuerz op siwe Punkten agoen.

Den éischte Punkt ass deen: Ech sinn op e puer Projeten oder e puer Projetsrichtungen interpelléiert ginn. Éischte Punkt, den Afghanistan-Projet mat de Killraim si mer amgang ze kucken. Zweetens, d'Bëscher am Kongo, well et ass vum Kongo, wou Dir geschwat hutt, Här Jaerling, ouni en ze nennen. Mir hunn dat zesumme mam Finanzministère initiéiert. Wann dat sollt an d'Stocke geroden, wäerte mir dat erëm eng kéier redynamiséieren.

Och am Kongo; d'Madame Err, géif ech bieden, mir d'Detailler ze gi vun deem Projet, dee jo och weist, dass de PPE heiansdo ka progressistes sinn, gell?

Wat d'AIDS-Bekämpfung ubelaangt, wëll ech soen, dass meng Positioun an deene leschte fënnel Joer kee Millimeter geännert huet, rezent och net geännert huet, fir dat

kloerzestellen. Ech wëll am Iwwregen drop hiweisen, dass mer ënner Lëtzebuurger Présidence do grouss Progrès gemaach hunn, och fir dat verbreedert zum Ausdrock ze bréngen ënner dem Titel „Sexual and reproductive rights and services“. Mir hunn an der Vergaangenheet massiv mat UNAIDS zesumme gemaach a mat UNFPA, do wäert sech näischt drun ännere, kee Millimeter, och an Zukunft.

(Mme Colette Flesch prend la Présidence)

Zweete Punkt: Cohérence des politiques. Et ass e bëssen e Kontrast, deen ech awer do wollt vläicht uféieren, wann ech gesinn, nottamment wat d'Klimafro ubelaangt, dass mer am Ausland, an net vun deene Mannsten, attestéiert kréien, dass d'Lëtzebuurger Kooperatioun eng vun deenen ass, déi sech particulièrement breitmécht an der Klimafro, a mer hei gesot kréien, mir missten nach méi maachen.

Här Braz, ech huelen dat eigentlech als en Encouragement un, fir mech dann nach méi verbreedert do mat eranzedrecken. Ech muss et awer allerdéngs nach eng kéier soen: Wann Dir lech direkt un den Här Lux adresséiert, wier ech dankbar, wann Der dat géift maachen, wann deen do wier. Wann Der de Verbatim noliest, gesitt Der, dass Der lech e puermol un den Här Lux direkt adresséiert hutt.

Ech wëll am Iwwregen drop hiweisen, dass de Plan national pour le développement durable den 1. Abrëll erauskënnt, wou mer massiv am Kader vun der Kooperatioun mat dru geschafft hunn. D'Kooperatioun ass och am Kyoto-Comité vertrauden. Ech weess, dass mer do kënne Progrès maachen.

Idealerweis wier et fir mech esou, dass mer déi CDM-Projekte géifen op där nämlecher Plaz maachen, wou mer och Projete maachen. Well eng Schoul, déi Dir baut, den Développement rural intégré, deen Dir maacht, wann Dir do nach e CDM-Projekt kënnt op där nämlecher Plaz maachen, mécht dat méi Effet, wéi wann Dir deen an de Kamerun maache gitt oder op eng aner Plaz, wou mir keng Lienen hunn. Mä dass méi komplizéiert wéi esou. Mir schaffen dru.

Ech sinn lech dankbar, dass Dir och an deem Zesammenhang den Développement hei zu Lëtzebuerg ugeschwat hutt, wat och beweist, dass Développement eng Fro ass, déi sech net op déi südlech Hemisphär beschränkt. Och dass wollt ech eng kéier gesot hunn.

Kopenhagen: Do proposéieren ech ganz einfach, dass dat och en Thema gëtt am Comité interministériel. Et muss ee sech am Iwwregen an Zukunft d'Fro stellen, op wat fir engem Niveau dee Comité interministériel zesumme kënnt. Dee kënnt de Moment op Beamten-Niveau zesummen. D'Fro ass, ob dat dee richtegen Niveau an Zukunft wäert sinn. Mä alles an allem hunn ech nei Force, fir mech nach verbreedert méi ëm déi Klimafro do ze këmmere.

Drëttens, wat d'Aide budgétaire ubelaangt, wëll ech deene soen, déi sech dozou ausgeschat hunn, dass déi Publikatioun vu mir a vum Marc Bichler e wëssenschaftleche Bäitrag ass zur Debatt. E Bäitrag, dee vun deenen, déi sech mat der Fro ausenaresetzen, als particulièrement transparent ugesi gëtt. An et gëtt eis gesot, dass et och gutt wier, wann aner Kooperatiounen vläicht emol eng kéier esou d'Fakte géifen op den Dësch leeën, an net ëmmer soen „Aide budgétaire, Aide budgétaire“ a soss näischt.

Mir sollen also wëssenschaftlech doriwuer diskutéieren. Ech hoffen, dass déi Kontributioun dozou kann den Ustouss ginn, well wann ech déi Publikatioun richteg liesen, dann ass d'Intentioun vun deem Think-Tank op Basis vun eiser Kontributioun, bei aner Kooperatiounen wuel zousätzlech Kontributiounen vun ähnlecher Natur ze suscitieren, an da muss mer et och praktesch diskutieren. Déi Propositioun, fir e Pilotprojekt ze maachen, läit nach um Dësch. Dir wësst, dass mer dat mam Vietnam ugeduecht hunn, undiskutiert hunn, och Réuniounen am Vietnam haten, awer zur Konklusioun komm sinn, dass dat net déi richteg Plaz wier.

Véiert Remarque, iwwert den Accord de partenariat économique an d'Kohärenz mat der Landwirtschaft. Ech wëll vläicht dobäi soen, dass ech, mengen ech, ee vun deene sinn, dee gehollef huet, de Prinzip vun der Souveraineté alimentaire no baussen ze bréngen, an dass ech och net déi Inkohärenzelementer tëschent der Landwirtschaftspolitik hei zu Lëtzebuerg an der Kooperatiounspolitik gesinn.

Et mag elo sinn, dass et eng Ausnahm gëtt, déi d'Regel bestätegt. Ech hu mech net am Detail mat där Mëllechfro ausenaresat. Dass mag elo sinn, dass dat déi Ausnahm ass,

déi d'Regel bestätegt, mais dans le tout, mengen ech, ass et awer esou, dass do Kohärenz besteet. Ech erënnere mech ganz gutt, dass mer vun Ufank un eis do probéiert hu mam Kolleg Boden ofzestëmme an dass dat eis och mat ganz weinegen Ofstrécher bis elo gelongen ass.

Am Iwwrege wëll ech drun erënnere, dass mer 2005 zu Hong Kong décidéiert hunn, d'Subsidien à l'exportation ofzeschaffen. De Problem ass awer, dass Hong Kong un Doha hänkt an dass Doha net ofgeschloss ginn ass. Dass mag elo e bësse chineesesch kléngen hei, mä am Résumé ass et awer dat do. Och fir „fair trade“-Produiten an d'Schoul an an aner öffentlech Institutionen eranzebréngen si Progrès gemaach ginn. Et ass méiglech haut. Et muss zwéngend méiglech ginn. Ech mengen, dass mer dat an der nächster Legislatur wäerten am groussen Einklang hei fäerdeg bréngen.

Meng Propositioun wäert och déi sinn, vu dass ech aller Viraussicht no nach an egal wat fir enger Configuratioun maassgeblech mat wäert bedeelegt sinn un der Definitioun vum Ordre du jour vun den Assisen, dass mer d'Relatioun mat den AKP-Staten op den Ordre du jour huelen. Ech kann lech elo scho soen, dass de Bernard Petit vun der Europäescher Kommissioun, dee jorelang maassgeblech déi mat konfiguréiert huet, sech d'accord erkläert huet, fir dee Séminaire hei zu Lëtzebuerg ze animéieren, dass mer also dee Spezialist hei hunn, dee wäert am September hei oprieden. Ech mengen, och dass géif hëllefen, déi Debatt weiderzeféieren.

Fënneftens, wat d'Lëtzebuurger Entreprises ubelaangt - den Här Henckes ass leider elo net do -, gi mer net op de Wee vun der Aide liée. Dass ass en internationale Prinzip, dee besteet an dee weider muss bestoen. Den Här Goerens huet dat mam Refus vun der utilitaristescher Entwécklungspolitik beschriwwen. Dass ass richtig esou. Ech si mat him eens doriwuer. Dass heescht net, dass d'Entreprisë keng Opportunitéiten an der Kooperatioun sollen hunn. D'Entreprises hunn déi.

Mir hu vun deem Projet vun de Killanlagen a vun de Frigoe geschwat. Wann e Besoin do ass, eng Opportunitéit, an dee vun enger Lëtzebuurger Entreprise kann zefridde gestallt ginn, soll een dat maachen. Mä wat net geet, dass ass, wann ee seet, mir maachen de Projet nëmme, wann Dir déi an déi Lëtzebuurger Entreprise huet. Esou ass de Partenariat net ze verstoen, an esou geet de Partenariat och riicht an d'Mauer.

Ech verstoppen lech och net, dass mer am Beräich Telekom op Lëtzebuurger Expertise zréckgräifen, gradesou wéi an der Mikrofinanz. Ech gesinn net an, firwat mer net sollen op déi Expertise hei zréckgräifen an do Synergien hierstellen. Mir hunn och schlecht Erfahrungen do gemaach. Mir hunn zum Beispill e Séminaire organiséiert, virun dräi Joer am Kader vun der Asian Development Bank, fir de Lëtzebuurger Entreprises do Méiglechkeeten opzemaachen. Dass war kee grouse Succès.

Sechste Punkt, de Prinzip vun der Autonomie vun den ONGen ass een, deen ech héichhalen, an deen dat, wat d'ONGen ausmécht, am beschte charakteriséiert. Dorunner solle mer festhalen. Dass heescht net, dass keng Synergië méiglech sinn, dass heescht net, dass kee Échange méiglech ass.

Zweetleschte Punkt: Madame Err, iwwer Är Proposition de loi wollt ech vläicht Folgendes soen, an ech mengen, mir hunn eis do liicht op deem engen oder anere Punkt falsch verstan. Wat de Fong ubelaangt hunn ech gesot, dass déi Ausrichtung, wéi se am Gesetz ass, nämlech déi Prinzipien, déi Dir do festleet, dass ech domat d'accord sinn, well dass d'Beschreibung vun der existenter Politik ass, mat där Maassgab, dass ech géif Lissabon gär dran erëmgesinn.

Ech hunn och en même temps an engem Niewesaz gesot, dass een iwwert d'Form kann diskutieren. Ech wëll soen, dass Dir mir hei an deem dote Fall eng Roserei attribuéiert hutt, déi ech mir net eegen nennen, well ech mech nämlech net un der Form stéieren, wéi Dir dat gemaach hutt, nämlech dass Dir déi elo hei deponéiert hutt, dass ech wëll mat lech schwätzen iwwert déi Formen, déi Dir am Gesetz virgesinn hutt, d'Formaliteiten, hätt ech misse soen, wou ech vläicht net mat hinnen alleguer d'accord sinn. Ech froe mech, ob déi Saache mussen allegueren an den Text kommen. Ech froe mech, ob de Prinzip vun Partenariat respektéiert gëtt mat deene Formaliteiten, déi Dir virschlott. Dass wollt ech soen.

Ech mengen, dass et eng Diskussiounsbasis ass, a vu dass déi nei Charakteristik vun de Propositions de loi jo déi ass, dass et en «texte martyr» ass - eppes, wat mer da verbreedert och sollen an Zukunft zur Uwendung bréngen - wäerte mer dat dann och

maachen. Ech wëll nach eng kéier zu deem Punkt ofschléissend soen, dass ech mech bis elo ni am Gesetz agéenkt gefillt hunn duerch deen existenten Text. Dass en enger Modernisatioun soll a muss ënnerworf ginn, doriwuer si mer eis säit engem Joer op d'mannst eens.

Leschte Punkt, Här President, e grondsätzleche Punkt, och wann en deelweis répétitif ass, eng Konstant vun der Lëtzebuurger Kooperatioun. Ech si frou, dass Iwwerastëmmung hei herrscht an dass all Mënsch domadder d'accord ass, dass, wa mer elo géifen déi vergiessen, déi näischt hunn, dass de Contraire vun deem ass, wat déi international Solidaritéit ausmécht.

A wann ech virun, wéi och a menger Ried op der Universitéit vun Dakar am November, opgrond vun engem afrikanesche Spréchwuert de Verglach tëschent der Ameis an dem Elefant hiergestallt hunn, tëscht deem Staarken an deem Schwaachen, da géif ech mer et net umoossen ze soen, wien dann elo den Elefant ass a wien d'Ameis ass. Deen, deen dat probéiert, kéint sech emol zolidd a schwéier iren.

Eppes ass...

» Mme Anne Brasseur (DP).- Et ass eng Seehomes.

» M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Eng Seehomes. Merci, Madame Brasseur, fir d'Lëtzebuergesch.

Eppes ass fir mech kloer: Et geet drëm, dee Schwächsten ze schützen. Et geet drëm, dee Schwächsten ze schützen hei zu Lëtzebuerg; et geet drëm, dee Schwächsten ze schützen an Afrika; et geet drëm, dee Schwächsten ze schützen an Asien; et geet drëm, dee Schwächsten ze schützen a Latäinamerika. De Präis vun Noloossen haut vum Effort ass an zéng, 20, 30 Joer méi héich ze bezuelen, e Multiple vun deem, wat mer haut mussen investéieren.

Ech si frou iwwert dee staarke Wëllen, deen do zum Ausdrock komm ass, fir op deem 1%-Zil festzehalen. „Vouloir arriver, c'est avoir fait la moitié du chemin“, seet en anert afrikanescht Spréchwuert. Mir sinn also um gudden Wee, fir net ze soen um séchere Wee.

Ech soen lech Merci.

» Mme le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zu de Motiounen. Den Här Angel freet nach d'Wuert.

» M. Marc Angel (LSAP).- Ech wollt dem Minister Merci soe fir seng prezis a kloer Äntwerten op all eis Froen. Ech wollt just eng Prezisioun nach froen. Hien huet den Appui budgétaire ugeschwat, an do huet en och vum Pilotprojekt geschwat mam Vietnam. Ech wollt froen, ob mer net vläicht besser hätten, och esou e Projet pilote mam Cap-Vert ze maachen, d'autant plus wou ech mengen, dass dat ee Partner ass, dee permanent hei ervirgestrach ginn ass, gelueft ginn ass, an ech mech och erënnere, dass ech oft gelies hunn, dass eis Regierung d'bonne Gouvernance vum Cap-Vert ëmmer ervirsträicht.

Dofir wollt ech dem Minister mat op de Wee ginn, och vläicht e Projet an deem Land, mat deem mer jo ganz besonnesch enk Relatiounen hunn, esou e Projet pilote vum Appui budgétaire ofzeschléissen.

Merci.

» Mme le Président.- Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

» M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Zur Prezisioun wollt ech soen, dass mer dat, wat mer am Vietnam envisagéiert hunn, net gemaach hunn; dass ass dat eent. Dass mer amgaange sinn ze kucken, wat mer kënnen als Pilotprojekt am Burkina Faso maachen. Mais pourquoi pas am Kader vum drëtten PIC mam Cap-Vert, wou mer amgaange sinn, eischt Orientatiounen ze kucken ze fannen, schéngt et mer esou ze sinn, dass et méiglech misst sinn, dass mer do esou e Beräich géifen identifzéieren. Dass muss ee kucken. Dass ass den Échange mat der Chamber. Ech wëll do net virgräifen.

» Une voix.- Très bien!

» Mme le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass dann awer elo d'Diskussioun ofgeschloss. Mä ier mer zu de Motiounen kommen, huet den Här Minister Krecké mer d'Wuert gefrot.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Neen, ech hunn den Här Angel gefrot fir e bloe Pabeier ze kréien.

(Hilarité générale)

Dat ass elo geschitt.

» Mme le Président.- An dat ass elo geschitt. Sou fonctionnéiert d'Chamber!

Gutt, mir kéimen dann zu de Motiounen.

Motion 1

Mir hunn zwou Motiounen an eng Resoloutioun. Gëtt dozou nach d'Wuert gefrot? Den Här Minister huet d'Wuert.

» M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire*.- Jo, ech wollt zu der éischter Motioun soen, dass dat kloer eng Motioun ass, déi an de klimapolitische Beräich erageet, an am Sënn vun der Cohérence des politiques muss déi begutacht ginn dann zesumme vum Kooperationsminister a vun deem Minister, dee fir de Klimaschutz zoustänneg ass, nämlech den Environnementsminister. Duerfir gesinn ech mech net an der Lag, hei am Numm vun der Regierung déi Motioun unzehuelen.

» Une voix.- Très bien!

» Mme le Président.- Den Här Braz freet d'Wuert.

» M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).- Dat verst mer ganz gutt, déi dote Remarque. Da proposéiere mer, dem Minister Schiltz an dem Minister Lux Zäit ze loossen, fir dat ze maachen, a proposéieren, dass mer déi Motioun haut net zum Vote stellen, mä bei der nächster öffentlecher Sëtzung, wann déi do Concertatioun stattfonnt huet, se dann zum Vote ze stellen.

» Une voix.- Très bien!

» Mme le Président.- Ass d'Chamber domadder d'accord, dass mer esou verfueren, wéi den Här Braz elo proposéiert huet?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 2

Mir kommen zu der zweeter Motioun. Déi ass, souwäit ech gesinn, vun alle Fraktiounen ënnerschriwwen a gedroen. Kënne mer do par main levée ofstëmme?

(Assentiment)

(Vote)

Wien ass derfir?

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dann ass déi Motioun à l'unanimité ugehall.

Résolution 1

Mir kommen dann zur Resoloutioun. Do huet den Här Scheuer d'Wuert gefrot.

» M. Jos Scheuer (LSAP).- Madame Presidentin, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, ech hu virun e puer Joer scho gebieden, dass d'Chamber sech och an der Kooperatiounspolitik sollt engagieren an op de Wee vun enger Coopération parlementaire goen. Am Joer 1979 huet en indischen Ekonomist den Nobelpräis kritt, den Amartya Sen, an deen huet gesot, ech faassen zesummen: Een, dee wëllt den Hunger an der Welt ausmäerzen, dee muss derfir suergen, dass an de Länner an der drëtter Welt, an der véierter Welt, do wou Hunger ass, och eng gutt Gouvernance herrscht.

Déi gutt Gouvernance hu mer och hei zu Lëtzebuerg der Regierung iwwerlooss. Ech wollt drëm bidden, dass d'Chamber sollt hiren Accord ginn, dass Lëtzebuerg och sech op de Wee vun der Coopération parlementaire begëtt.

Dir hutt eng Resoloutioun virun lech leien, déi ass vag. Déi Resoloutioun dréit deem Rechnung, wat an der Commission des Affaires étrangères diskutéiert ginn ass. An d'Chamber décidéiert näischt aneschters wéi dass se sech méi implizéiert an der Kooperatioun. D'Chamber décidéiert hei näischt aneschters wéi dass se a Concertatioun mat der Regierung an eenzelne Projeten, an ech géif gär derbäifügen an de Pays cibles derfir suergt, dass och d'Politik, déi gemaach gëtt an de Parlamenter, involvéiert gëtt an eenzelne Projeten. Dass notzt de Projeten, dass notzt deene Leit, déi op der Plaz sech fir d'Demokratie engagieren.

Ech wëll lech net opzielen, wou ech Relatiounen hat an hu mat Parlamentarier vun alle Borden, aus der Majoritéit an aus der Opposition, déi waarden drop, fir Kontakter ze kréie mat Parlamentarier. Dat kascht net onbedéngt vill. Et kascht just nëmmen Engagementer, déi een hält mat der Regierung a mat aneren Träger, ob dat Lux-Development ass oder ob dat ONGe sinn. Et léisst sech maachen.

Ech fannen, datt et der Lëtzebuerger Chamber gutt géif zu Gesiicht stoen, wa mer déi Décision de principe hei géifen huelen. Här Minister, ech hunn dee Rapport gelies, deen iwwert déi Sëtzung do gemaach ginn ass. Dat ass e positiv Rapport. Dofir verstinn ech net, firwat d'Chamber hei sollt nee soen zu enger Resolutioun, déi eis prinzipiell sollt engagéieren, fir an Zesummenaarbecht mat deem Träger vun der Kooperatioun e positivist Bild och vun der Lëtzebuerger Chamber an der Kooperatioun ofzeginn.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Den Här Goerens, den Här Fayot an de Minister hunn d'Wuert gefrot. Ech mengen, ech fänken da mam Här Goerens un.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Madame Presidentin, ganz kuerz, just fir ze rappéieren, datt meng Fraktioun dat do ka matdroen, à condition, datt d'Demande fir ze compiléieren nach Projete vun de Parlamentarier, mat deene mer an Zukunft schwätzen, vun deenen émanéiert, an net vun eis. Mir sollen net mat engem imperialistesche Geescht la bonne nouvelle aneren droe goen. Well mir hunn oft och ganz vill vun deenen ze héieren, mir sollten à l'écoute si vun deenen, prett si fir eng Assistance technique ze maachen. Méi kënne mer och net maachen. Mir kënnen Échangen eis virstellen, wann déi gefrot si vun afrikanesche Länner, och um Niveau vun de Sekretariater. Mais pour le reste, on est à l'écoute des pays, an net den Inverse.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Très bien! Merci, Här Goerens. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Madame Presidentin, ech weess, dass den Här Scheuer ganz staark implizéiert ass an déi Fro vun der Zesummenaarbecht zwëschen de Parlamentarier. Hien huet dat jo och schonn an der Kommissioun gesot. Och schonn am Büro vun der Chamber hu mer doriwwer geschwat, an Dir kënnt lech erënneren, Madame Presidentin, dass mer och am Büro vun der Chamber ons Froe gestallt hunn, wéi dat genee soll funktionéieren.

De Problem ass jo deen - dat war déi Diskussioun, déi mer haten -, dass mir hei als Chamber Sue kréien iwwert de Budget vum Stat, déi am Fond geholl net earmarked si fir d'Politique de coopération. Dat war onse Problem, dee mer ëmmer dobäi haten. Dofir hate mer dann eng Kéier eng Sitzung, wou mer mam Här Minister doriwwer geschwat hunn.

Mir hunn zréckbehalen an där Sitzung, net, dass mer näischt géife maachen, mä mir hunn zréckbehalen, dass mer géifen den Här Frieseisen an ech mengen den Här Bichler, den Direkter vun der Kooperatioun, chargéieren, fir emol ze kucken, wéi dat praktesch kéint funktionéieren.

Ech mengen, u sech ass et kee Problem fir ze soen, dass Parlamentarier sollen zesummeschaffen, mä dat Konkret och, wat den Här Scheuer am Kapp huet, dat ass jo fir ze soen: Elo hu mer zum Beispill e Parlament an engem afrikanesche Land, wou och nach Leit dovunner, déi eng sinn an der Opposition, déi aner sinn an der Majoritéit, déi hunn net vill Moyenen. Mir ginn hinne Moyenen, informatesch Moyenen oder wat dann ëmmer ass, vun onser Chamber un déi Chamber. Wéi dat genee ka funktionéieren, och am Kader vun onser Politik, wéi den Här Goerens et richtig gesot huet, wa mer ons net do als demokratesch Imperialisten opspillen an hinne wëllen déi Saache bréngen, déi mir mengen, dass fir si richtig sinn.

Dofir muss ech soen, hei bei dëser Resolutioun sinn eigentlech vill Froen, déi mer nach net geléist hunn, an dofir hunn ech e

bëssen e Problem mat där Resolutioun. Mir sinn an engem Prozess fir ze sichen, wéi mer kënnen déi Zesummenaarbecht zwëschen de Parlamentarier maachen, an ech géif op jidde Fall wënschen, dass mer emol dee Rapport géifen ofwaarden, also déi Entretienen oder déi Recherchen, déi den Här Frieseisen mam Här Bichler kéint maachen, fir iwwerhaupt do ze decidéieren.

Prinzipiell ass keen hei géint déi Zesummenaarbecht, mä mir sinn eigentlech net méi op deem Plang vun dëser Resolutioun, mir sinn eigentlech schonn e Schrëtt weider. Dofir muss ech éierlech soen, géif ech éischer wënschen, dass mer dës Resolutioun vläicht e bëssen op Äis leeën, bis mer dee Rapport kréie vum Här Bichler a vum Här Frieseisen.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Fayot. Den Här Braz huet d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech hunn allerdéngs dat doten alles llicht anescht an Erënnerung, Här Fayot.

(Interruptions diverses)

Dat war op Demande vun deene Gréngen, wou mer de Minister invitéiert hunn, fir déi Méiglechkeet emol eng Kéier ze diskutéieren. An et war an der Kommissioun keen, dee gesot huet, dass et keng gutt Iddi wier, dass d'Parlament sech soll méi aktiv...

(Interruption)

Jo, jo, loosst mech wann ech gelift dévélépéieren. Et huet keen an der Kommissioun gesot, dass et keng gutt Iddi wier, wann d'Parlamentarier sech géife méi aktiv implizéieren an d'Kooperatiounspolitik. An deem Geescht, wéi de Charles Goerens et beschriwwen huet.

Wat mer dunn zréckbehalen hunn, war, dass mer dat prinzipiell also géife gutt fannen an dass mer et net wéilte laanscht oder am Réck vun der Regierung oder géint d'Regierung maachen, dass mer selbstverständlech déi Kanäl, déi et gétt vun der Regierung, als Parlament mat wéilten notzen, dass mer absolut keng Intention hätten, eppes aneschters ze maache wéi dat, wat d'Regierung doranner mécht. Déi Basis war kloer. Dat war och de Wonsch, mengen ech, deen de Minister geäussert hat, an an deem Kader bewege mer eis och.

Dunn hu mer gesot: Wéi gi mer dann elo konkret weider? Dunn hu mer gesot, fir konkret weiderzekommen - an ech hunn net an Erënnerung, wéi den Här Fayot, dass mer iergende Rapport gefrot hätte vun engem. Mir hunn au contraire gesot, fir virunzekommen gi mer eis einfach ee praktesch Beispill. Kommt mir ginn eis ee praktesch Beispill unhand vun deem mer et duerchspillen an der Kommissioun. Mir hu gesot, mir kommen an d'Kommissioun zréck a spillen unhand vun engem praktesche Beispill selwer dat duerch, huelen e Pays cible a kucken: Wat hätte mer dann an deem Pays cible do? Wat kéinte mer an deem Pays cible do maachen? A géifen da probéieren, opgrond vun deem praktesche Beispill eis Regeln ze ginn an eng Method ze ginn, wéi mer da géife weiderfuere. Dat ass de Wonsch an d'Iddi vun der Kommissioun.

Sou. Elo kann ech mer awer net virstellen, dass d'Parlament dat géif normal fannen, wann eng Kommissioun eleng esou eppes géif beschléissen, dass eng Kommissioun eleng géif soen, majo mir fannen dat gutt, mir froe weder d'Conférence des Présidents nach d'Plénière, mä mir eelef fannen dat do esou flott, dass mer dat elo maache ginn ouni anerer ze froen. Fir mech ass et evident, dass, wann ee wëllt op deen dote Wee goen, et awer iergendwou e Moment muss ginn, wou et eng prinzipiell Zoustëmmung gétt vun der Plénière, fir op dee Wee ze goen.

Da muss hannendru bien entendu am Detail gekläert ginn, wat ee genau mécht, an dofir ass jo och déi Motioun genau aus deenen doten Argumenter esou formuléiert, wéi se formuléiert ass, fir genau dat doten net kënne virzegräifen.

Mä ier awer elo d'Commission des Affaires étrangères mat héije Beamte vum Kooperationsministère, mam Appui vum Här Frieseisen, dee perséinlech an déi Sëtzung komm war, wat jo net oft geschitt, mengen ech, muss haut awer eng Kéier kënne gesot ginn, ier Der deen doten Opwand weider bedreift an lech an Detailler eventuell verléiert, wou et vläicht kee prinzipiell Accord gouf, dofir muss also eng Kéier gesot ginn, prinzipiell si mer mat deem Wee vun där verstärkter Implikatioun d'accord, sans préjugés wat am Detail dobäi erauskéint. Mä ech mengen awer, dass d'Membere vun den Affaires étrangères gäre géife wëssen, ob déi Iddi, déi mer do diskutéiert hunn, déi mer all richtig fonnt hunn, y compris de Minister, ob mer sollen op där Iddi do weider schaffen, ouni ze préjugéieren, wat mer wou

wäerte maachen, oder ob mer haut gesot kréien, haalt domat op.

Mä ech mengen awer, et wier net schlecht, wa mer géifen haut soen, d'Iddi ass an der Rei, schafft weider op där Pist, an dann huele mer d'praktesch Beispill duerch, wéi mer dat an der Kommissioun gesot haten.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Braz. Den Här Scheuer freet nach eng Kéier d'Wuert, an dann den Här Minister.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Ech wollt dem Minister eppes dozou soen. Et leien och konkret Demanden do vum Parlamentspräsident vum Niger a vum Parlamentspräsident vum Burkina Faso.

» **Mme le Président.** - Den Här Fayot huet d'Wuert.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Also, Madame Presidentin, just fir dem Här Braz nach dat hei ze soen. Wann ech den Dispositif kucke vun där Resolutioun, dann ass dee fir mech op jidde Fall net kloer. Den éischten Tiret seet: «décide de s'engager sur la voie d'une implication plus forte de la Chambre des Députés en matière de politique de coopération». Ech mengen, dës Chamber an ons Kommissioun hu sech ganz staark, et ass och am Débat gesot ginn, an d'Politique de coopération vu Lëtzebuerg implizéiert, fannen ech, mä dofir brauche mer keng Resolutioun. Ech mengen, mir hunn an all Fraktioun Leit, déi sech ganz staark dran implizéieren.

An da solle mer ons concertéiere mat der Regierung «pour fixer au cas par cas la plus-value que la Chambre des Députés peut apporter aux projets développés dans les pays cibles et la façon d'y arriver». Bon, et ass jo just dat, wat ech gesot hunn, dass mer sollen dat probéiere konkret ze maachen, wat mer och decidéiert hunn an der Kommissioun. Dofir fannen ech wierklech, dass déi Resolutioun hei, wann den Här Braz meng Meenung wëllt doriwwer hunn, sans objet ass.

» **Mme le Président.** - Den Här Minister huet d'Wuert.

(Interruptions)

» **Une voix.** - Naja!

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Madame President, ech wëll Folgendes soen, dat ass, datt, wann ech mat mengen europäesche Kolleegen diskutéieren iwwert d'Kooperatioun, wann ech deenen erklären, wéi d'Lëtzebuerger Parlament implizéiert ass, da gétt et déi Implikatioun a kengem vun deenen anere 26 Länner. An déi Länner, wou et all Joer eng speziell Kooperatiounsdebatt gétt, sinn och extrem rar. Dat heescht, parmi les bonnes pratiques, déi beim CAD ervirgehewe ginn, sief dat am formellen oder informellen Kader, ass de Fait, datt déi Chamber hei sech massiv implizéiert, eppes ze soen huet an där Debatt an dat och seet, an och dee Konsens, dee mer hunn, notamment wat de Montant vun der Entwécklungszesummenaarbecht ubelaangt, dat ass fir mech dat Wichtigst.

Dat Zweet, dat ass, ech war och an där Kommissioun derbäi, an an där Kommissioun ass d'Diskussioun op en Enn gaang, datt den Här Frieseisen u meng Adress respektiv un d'Adress vum Här Bichler gesot huet: Ech kommen dann eng Kéier laanscht an da kucke mer, wéi mer dat konkret maachen. Och wann d'Resolutioun d'Affär vun der Chamber ass, weess ech net, ob mer eis hei sollen an en Textgemetz elengéieren, wann ech mer déi Remarque därer elaben.

(Interruption)

» **Mme le Président.** - Merci, Här Minister. Den Här Henckes huet d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech mengen, datt déi Resolutioun hei awer Sënn an Zweck mécht, well et jo justement drëm geet, fir deene Länner, déi um Wee vun der Demokratie sinn, ze hëlfe, d'autant plus datt si selwer bereet sinn an d'Demande maachen, fir mam Lëtzebuerger Parlament ze schwätzen. Wann ee wëllt konkret Saachen ënnerhuelen, da soll een dat maachen.

Ech héieren, si wier sans objet. Mä da kann een déi Resolutioun och garantéiert stëmmen...

(Hilarité)

...well deen Ablack huet se nämlech just nuren dat ze confirméieren, wat och d'Majoritéitspartei gären hätten.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Haupt huet d'Wuert.

» **M. Norbert Haupt (CSV).** - Madame Presidentin, ech sinn der Meenung, wann eng Resolutioun sans objet ass, da solle mer eis net lächerlech maachen an och nach eng Kéier hei driwwer ofstëmmen.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Norbert Haupt (CSV).** - Ech mengen dat, wat den Här Fayot hei gesot huet. Ech mengen, déi Kreditter - a wann ech den Här Braz richtig verstän hunn, geet et hei drëm fir ze kucken, ob mer déi néideg Kreditter kréien -, déi d'Chamber huet, si net gearmarked a si kënne fir Déplacement oder fir Aktivitéiten, déi d'Chamber mécht, gebraucht ginn.

Ech ginn ee Beispill, an duerfir brauche mer net hei an dem Plenum ofzestëmmen. Wann d'Finanzkommissioun decidéiert huet, datt si gäre iergendwéi mat enger anerer Kommissioun am Ausland zesumme kënt, da mécht se d'Demande un d'Conférence des Présidents an da kritt se do Feu vert...

(Interruptions)

...oder un de Büro, pardon! Si kritt entweder Feu vert oder net. Duerfir mengen ech wär dës Resolutioun hei sans objet, a mir stëmmen dann och dergéint.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Haupt. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

(Interruptions diverses)

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech wëll dem Här Fayot och nach eng Kéier äntwerten...

» **Mme le Président.** - Dem Här Braz seng Riedezäit ass nach net ofgelaf. Also, Här Braz!

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Ech wëll dem Här Fayot och nach eng Kéier äntwerten, dat muss jo dann och erlaabt sinn, et ass jo keng Einbahn.

Wa se sans objet wär, da mengen ech net, dass den Här Fayot schonn zweemol hätt missen dozou Stellung bezéien. Si ass natierlech net sans objet, an ech verstinn och éierlech gesot net genau, wat dem Här Fayot säi Problem ass, well hei geet et just dorëm, op eng ganz normal a banal Aart a Weis, wann eng Kommissioun eng Iddi huet, wou se sech drop verstännegt huet, dass et eng gutt Iddi ass, vun där se weess, dass se se eleng net kann ëmsetzen, fir déi si also déi prinzipiell Zoustëmmung vum Parlament brauch, ass et déi normalst Aart a Weis, fir dat heihinner ze bréngen, fir et prinzipiell guttzeheesche vun der Plénière, ier weidergeschafft gétt.

Hätte mer dat net esou gemaach, géife mer dat ëmgedréint maachen, da wär den Här Fayot zu Recht ee vun deenen Éischten, déi streng op d'Reglement géife verweisen a soen, et kann net sinn, dass d'Kommissioun sech verselbststännegen, an dass déi Leit, déi do schaffen, maache wat se wëllen. Do hätt e komplett Recht. Hei ass näischt anescht gefuerdert.

Ech fannen et just e bësse schued, dass déi Diskussiounen, déi mer gefuerdert hunn den 2. Februar, elo esou net méi solle wouer sinn, mä ech huelen den Här Fayot gäre beim Wuert. Ech fannen et schued, dass mir eis hei net kéinte bei engem Vote verstänneggen. Ech hätt à la rigueur léiwer, mir stëmmen net iwwert déi Resolutioun of.

Mä dann huelen ech lech beim Wuert, Här Fayot. Wann Dir hei gesot hutt, si wär duerfir net noutwendeg, well mir eis eens sinn, dass mir op deen dote Wee wëlle goen, da gëllt Äert Wuert fir mech als e Vote an ech zéien d'Resolutioun vum Vote zréck a mir maachen dat do elo.

» **Mme le Président.** - Bon, dann ass also...

(Interruptions diverses)

Dann ass also d'Resolutioun zréckgezunn a mir brauchen net doriwwer...

(Interruptions diverses)

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Här Scheuer, sidd Dir domadder averstan?

» **Mme le Président.** - Also, den Här Fayot a senger éischer Interventioun hat proposéiert, d'Resolutioun en suspens ze halen. De Minister an den Här Haupt sinn der Meenung, dass mer net brauchen doriwwer ofzestëmmen, an den Här Braz seet elo, wann den Här Fayot géif confirméieren, dass dat gemaach gétt, géif hie seng Resolutioun zréckzéien.

(Interruptions)

Kann ech considérieren, dass d'Resolutioun zrëckgezunn ass?

» **Plusieurs voix.** - Jo!

(*Interruptions*)

» **Mme le Président.** - Jo, dann ass dat esou décidéiert, an da brauche mer net méi driwwer ofzestëmmen a kommen zum nächste Punkt op eisem Ordre du jour.

» **M. Aly Jaerling** (*Indépendant*). - Ech hätt awer gär, dass déi Prozedur do an d'Reglement ageschriwwen gëtt!

(*Hilarité générale*)

» **Mme le Président.** - Ech géif den Här Jaerling bidden, dann d'Commission du Règlement vun där Proposition ze saisieren.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet 5938, Projet de loi portant réglementation des compensations et récupérations en faveur du personnel militaire de carrière, etc., etc. De Rapporteur, den Här Glesener, huet d'Wuert.

4. 5938 - Projet de loi portant réglementation des compensations et récupérations en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements et instructions militaires ainsi qu'au service de garde

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» **M. Marcel Glesener** (*CSV*), *rapporteur*. - Madame Presidentin, villmools Merci. Kolleeginnen a Kolleegen, de virleiende Projet ass ënner anerem d'Konsequenz vun der Arméiereform, déi mer de 17. Dezember 2007 hei gestëmmt hunn. Déi Reform huet eiser Arméi eng nei Determinatioun, verbonne mat neien an zousätzlechen Aufgabe ginn. Ech visieren heimat d'Applikatioun vu Friddens- an humanitäre Missiounen am Numm vun der NATO a vun der Europäescher Unioun an esou weider.

Bei esou Missiounen, Kolleeginnen a Kolleegen, bedeite geziilt Virbereedungs- moosname wéi och d'Exekutioun zousätzlech Belaaschtung fir eis Zaldoten. Eng speziell Priméregulung ass eng natierlech Folleg vun deenen zousätzleche Belaaschtungen par rapport vun eisen Zaldoten. De virleiende Projet schafft déi legal Basis vun deem Primésystem. D'maximal Héicht vun de Primé fir Offizier, Ënneroffizier a Kapréil gëtt duerch d'Gesetz festgehalen. Am Projet de loi fannt Dir déi Beträg.

Et si Beträg a Primén, déi nëmmen zur Ausbezielung komme bei engem Asaz iwwer 24 Stonnen. D'Ausbezielungsmodalitéiten an och d'Modalitéit vun der jeeweileger Héicht vun deene Primé sinn an engem Règlement grand-ducal festgehal.

Dat Règlement louch dem Projet de loi bäi, jiddweree konnt also Kenntnis dovun huelen, sou datt mir och an der Kommissioun dat Ganzt konnten examinieren. All déi Primén - dat ass wichteg ervirzehiewen - sinn net pensionabel an och net imposabel. De Statsrot war net där Meenung, hien huet awer keng Oppositioun formelle ugemellt.

Zur Erënnerung: Beim Statut unique, deen den 1. Januar 2009 a Kraaft getrueden ass, hu mer déiselwecht Regulung an Zesummenhang mat den Iwwerstonnen applizéiert, an deemzufolleg war eis Kommissioun der Meenung, datt och hei bei deemem Projet fir d'Arméi déiselwecht Moosname solle festgehal ginn. Deemzufolleg ware mer och der Meenung, net de Statsrot ze suivieren a beim Regierungstext ze bleiwen.

Dee Projet ass den 1. Oktober 2008 vum Minister Schiltz déposéiert ginn. Zur legislativer Prozedur verweisen ech op mäi schrëftleche Bericht, do steet alles dran, ech brauch dat net méi mëndlech hei ze widderhuelen.

Ech wëll just betounen, datt d'Diskussiounen ëm eng nei Priméregulung fir d'Arméi ronn 15 Joer ugedauert hunn. Et ass dem Verdedegungsminister, dem Här Schiltz, säi Mérite, no der Arméiereform och déi Primendiskussioun op e gutt Enn bruecht ze hunn.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, eis Kommissioun huet dësse Projet eestëm-

meg ugeholl, an ech bidden och d'Chamber datselwecht ze maachen. Ofschléissend ginn ech och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat war et. Wéi Der gesitt, hunn ech mech - wéi mer fréier esou schéi gesot hunn - militäresch kuerzgefaasst. Ech bidden lech also, dee Projet ze stëmmen, a soen lech Merci fir Är Opmerksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den Här Goerens.

Discussion générale

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Madame Presidentin, esou wéi mer dat vum Här Glesener gewinnt sinn, mécht e vill Rapporten iwwert d'Défense, an déi Rapporten, déi hie mécht, déi mécht e gutt. Wann ech dat nach eng Kéier ënnersträichen, dann ass et, well ech dat virdru bei eenzelne Geleeënheete versommt hunn ze soen. Duerfir wollt ech dat elo nohuelen an an engems den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet hei bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Goerens. Den Här Fayot huet d'Wuert.

» **M. Ben Fayot** (*LSAP*). - Jo, Madame Presidentin, ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Den Här Glesener ass Spezialist vu militäresche Saachen zu Lëtzebuerg.

(*Interruption*)

An déi Rapporten, déi hie mécht, déi sinn effektiv esou, dass mer net vill Wieder méi brauchen doriwwer ze verléieren, an ech ginn och domat den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

» **Mme le Président.** - Merci, Här Fayot. D'Regierung huet d'Wuert.

» **M. Jean-Louis Schiltz**, *Ministre de la Défense*. - Madame Presidentin, ech wollt mech alle Virriedner uschléissen, dem Rapporteur villmools Merci soen, deenen dräi Riedner och Merci soe fir hir exzellente Bättrig, deenen ech...

(*Hilarité*)

...honnertprozenteg bäfflichten. Ech si frou, datt mer an esou enger grousser Harmonie heimadder e Problem, deen eis 17 Joer laang begleet huet, ofschléisse kënnen.

» **M. Charles Goerens** (*DP*). - Här President, et ass ëmmer gutt, wann de Minister vun der Défense e gewëssene Sënn fir Ironie huet an dat och zum Ausdrück bréngt.

(*Hilarité*)

» **M. Jean-Louis Schiltz**, *Ministre de la Défense*. - Harmonie! Harmonie!

(*Hilarité*)

» **Mme le Président.** - Harmonie!

(*Interruption*)

Merci. Mir kommen dann elo zum Vote.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Vote par procuration. Fin du vote. De Projet de loi 5938 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par Mme Martine Stein-Mergen), Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Lucien Clement), MM. Ali Kaes (par M. Laurent Mosar), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt), Marco Schank (par M. Paul-Henri Meyers), Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Lucien Thiel), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Marc Spautz);

MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par Mme Claudia Dall'Agnol), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), M. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul

Helminger (par M. Eugène Berger), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(*Assentiment*)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen op deen nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat hunn ech net a mengem Dossier, mä dat ass d'Interpellatioun vum Här Eugène Berger iwwert d'Politique en matière d'amélioration des performances énergétiques des bâtiments d'habitation. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

5. Interpellation de M. Eugène Berger au sujet de la politique du Gouvernement en matière d'amélioration des performances énergétiques des bâtiments d'habitation

» **M. Eugène Berger** (*DP*), *interpellateur*. - Merci, Madame Presidentin. Dir Damen an Dir Hären, wann ech eng Interpellatioun iwwert déi energetesch Aspekter am Hausbau zu Lëtzebuerg haut an der Chamber maachen, da muss ech fir d'Aféierung e bësse méi wäit, méi global aushuelen. Dat passt jo och dann an de Kader vun deemem Nomëtteg, wou mer schonn e längeren Débat hatten och iwwert d'Kooperatioun.

Well wann ee vun Energie schwätzt, dann hänkt déi Fro bekanntlech ganz enk mat der Thematik vum Klima zesummen, engem Klima, dat sech verännert, enger Atmosphär, déi sech lues, awer sécher ophëtz duerch den exzessiven Energieverbrauch op eisem Planéit, eng Energie, déi haut zu groussen Deeler nach aus fossile Brennstoffe gewonne gëtt.

Deen ongehemmte Verbrauch vum Pétrol a senge Produkter ass maassgeblech responsabel fir déi CO₂-Emissiounen, déi eist Klima an de leschte Joren ëmmer méi verännern. D'Konsequenze vun dësem Changeementer hunn eis Wëssenschaftler an d'UNO-Experte virgerechent. Wa mer d'Kéier net kréien, wäerten all déi Changeementer dramatesch Ausmoossen unuelen. D'Verännerunge vum Klima duerch massiv CO₂-Ausstéiss wäerte Konsequenzen hunn op d'Ëmwelt, op d'Déieren, d'Planzen, an och d'Mënsche wäerte vun de Verännerunge vum Klima getraff sinn. A wéi esou oft riskieren dann déi Schwächst, dat heescht d'Mënschen aus den Drëtt-Welt-Länner, déi Éischt ze sinn, déi dovunner getraff sinn.

Bon, dat sinn Zeenarien, déi ganz oft da wäit ewech gewise ginn, wou ee mengt, dat géif eng Kéier a ganz, ganz wäiter Zukunft kommen, mä dat ass awer net esou de Fall, a wann een einfach nëmme ronderëm sech kuckt, gesäit een, datt schonn eng ganz Rei Saachen amgang sinn.

Mir hunn ëmmer méi extrem Wiederkapriolen, an och fir mech perséinlech ass et zum Beispill interessant feststellen, a wéi engem schnelle Rhythmus zum Beispill hei an Europa d'Gletschere schmëlzen. Wou ech virun 20 Joer als Biergsteiger hu misse Steigeisen hunn, fir virunzkommen, kann een haut mat Turnschlappen iwwer Steng spadsieren.

D'Klimaverännerunge ginn och ëmmer méi eng Fro vu Käschten. Sou hu Versécherungsgesellschaft virgerechent, datt an de vergaangene Joren extrem Klimaereignisser materiell Schied verursaacht hunn, déi d'Gesellschaft iwwer 100 Milliarde kascht hunn. Dat sinn nëmmen an där Rechnung Schied, déi elo materiell sinn, wou Haiser oder soss aner materiell Gidder zerstéiert gi sinn. Do ass emol net dran agerechent, wat dat eventuell och mëttel- oder laangfristeg vu Schied ka ginn duerch Klimaverännerunge an der Ëmwelt an an der Natur.

An honnert Wieder wéi an engem ass kloer, datt mer gefuerdert sinn, fir dës Klimaverännerunge entgéintzewierken. Dat heescht konkret, mir mussen kucken, datt mer eis CO₂-Emissiounen drastesch reduzieren, an da si mer zrëck bei der Fro vun der Energie an dat bréngt mech elo méi no un de Punkt, un de Kär vun eiser Diskussioun haut de Mëtteg.

Mir mussen also kucken, datt mer eis Energie reduzieren, an do gëtt et jo dann

haaptsächlech zwou Achsen: Entweder kucke mer op aner Energieformen, op net fossil Brennstoffe ze kommen, respektiv musse mer kucken, datt mer manner Energie verbrauchen.

D'CO₂ - an Energieproblematik ass sécher eng weltwäit, dat hunn ech elo gesot, mä mir mussen och kucken op nationalem Plang, datt mer och do eis Responsabilitéit iwwerhuelen. Mir hunn dat an engem internationalen Accord, dem Kyoto-Protokoll, gemaach, an deem mer eis engagéiert hunn, eis CO₂-Emissiounen ëm 28% ze reduzieren par rapport zu 1990.

Déi grouss Erausforderung besteet doranner, fir dës Verflüchtung konkret hei zu Lëtzebuerg ze realisieren. An ech muss soen, mir sinn awer nach wäit vun deemem Ziel ewech. Och wann den Ëmweltminister gëschter eng Pressekonferenz ginn huet a gemaach huet, wéi wa mer op dem gudden Wee wieren, dann ass dat awer an der Realitéit net de Fall.

Ech wëll hei nëmmen e Communiqué zitieren vun deene Gréngen, déi haut soen: „CO₂-Emissiounen: Upaken - net uschmieren, Här Minister!“ Wou se soen: „Er unterschlägt unverrückbare Fakten. Die Regierung hat das Kyoto-Ziel um 23% verfehlt.“ - An da soe se och nach: „Der Rückgang der CO₂-Emissionen ist nicht die Folge einer Trendwende, sondern hat eindeutig konjunkturelle Ursachen.“

An da soe se, de Minister, dee soll also: „...in einem zentralen Zukunftsthema in aller Sachlichkeit (...) Die Klimadebatte darf sich nicht an den persönlichen Ambitionen des Ministers hinsichtlich des 7. Juni orientieren.“

(*Interruptions*)

Souwäit déi Gréng, mä och..., mä och...

» **Une voix.** - Félicitatiounen!

» **M. Eugène Berger** (*DP*), *interpellateur*. - Merci, Madame Presidentin. Mä och Greenpeace seet an enger Stellung zu där Pressekonferenz vu gëschter, datt: «Les émissions de CO₂ au Luxembourg ont diminué notamment à cause des facteurs externes comme la crise économique et des prix de combustibles fossiles en hausse.»

Nëmme fir ze soen, datt also hei zu Lëtzebuerg nach net d'Welt an deem Punkt an Uerdnung ass, datt mer nach musse ganz vill Efforté maachen. An den Haaptverursacher vun CO₂ hei zu Lëtzebuerg, wéi op villen anere Plazen an der Welt, wësse mer, ass an éischer Linn den Transport, d'Ausstéiss vun dem CO₂ vun den Autoen. Mir wëssen, datt mer nach musse ganz vill Efforté maachen och hei zu Lëtzebuerg. Mir hate schonn eng Debat iwwert den Transport, haaptsächlech, datt mer och mussen an déi Richtung goen, méi öffentliche Transport ze fördern.

(*Interruption*)

Ech wäert also net op dee Sujet vum Transport agoen, mä ech wäert op dee Sujet agoen, en aneren Domän, wou e ganz grouse Spuerpotenzial do ass, en aneren Domän, wou och e ganz groussen Impakt op eis CO₂-Emissiounen an op de Portmonni vu jiddwengem Einzelnen ass: Dat ass nämlech de Beräich vum Hausbau a vum Hätzen.

D'Experten hu gerechent, datt an deemem Beräich kënnen am Duerchschnitt nach iwwer 30% un CO₂ hei zu Lëtzebuerg agespuert ginn. Wann ech elo kann op déi Zuele goen, déi ech gëschter gesinn hunn, dann hu mer am Hausbau eng Reduktioun vun 1% erreecht. An dat ass awer nach wäit ewech vun deem Potenzial, dee mer also hunn am Hausbau, fir op - 30% ze kommen.

Minus 30%, ech soen déi Ziffer, et kann e bëssen driwwer oder drënner sinn, do mussen d'Experten nach schwätzen. Mir mussen also kucken, dat Potenzial esou vill wéi méiglech auszeräien. Dat musse mer maachen, andeems mer massiv Haiser bauen, déi esou gebaut ginn, dass se an engem Standard si vun Niddregenergie- oder Passivenergiestandard. Haiser, déi eventuell keng fossil Brennstoffe méi brauchen. Mir mussen awer och kucken, datt mer massiv bestehend Bausubstanz hei zu Lëtzebuerg deementspriedend energetesch sanieren duerch eng besser Isolatioun, duerch ther-

mesch Solaranlagen, duerch den Daach verbesseren, etc., etc.

Do ass also e gewaltigen CO₂-Spuerpotenzial, a wien CO₂-Spuere seet, seet manner Energie brauchen, virun allem manner fossil Energie. Dat heescht also manner Mazout a Gas brauchen, fir ze wunnen an ze heizen. A wie manner Mazout a Gas seet, seet schlussendlech manner bezuelen, fir ze heizen an ze wunnen. Mir gesinn also, datt d'Energiefro och ëmmer ganz enk mat der Käschtfro verbonnen ass.

Hei zu Lëtzebuerg hu mer also nach net déi ideal Situatioun erreicht, datt jiddwereen an engem Haus wunnt, dat optimal energiegesch gebaut oder sanéiert ass, loin de là! Villméi wunnen déi meescht Leit hei zu Lëtzebuerg an Haiser, déi nach vill ze vill Mazout a Gas brauchen an déi doduerjer natierlech net nëmmen de Budget, mä och d'Ëmwelt staark belaauchten.

Vill Leit, vill Stéit befanne sech an enger regelrechter Energiefial, bedéngt duerch déi héich Präisser vun de Pétrolsprodukten. Sécherlech hu mer déi lescht Méint do haaptsächlech duerch eng Rezessioun eng kleng Otempaus kritt. D'Präisser sinn erofgaang. Mä mir dierfen awer net vergiessen, datt zum Beispill tëschent 2004 an 2008 de Mazout ëm 55% an d'Luucht geklomme war a souguer de Gas ëm 80% geklomme war.

Wéi gesot, déi lescht Wochen a Méint ass dat zréckgaang, mä awer déi lescht Indicateuren um Marché, wat den Uelechpräis ubelaangt, weisen erëm an d'Luucht. Mëttelfristeg muss een awer dovunner ausgoen, datt dann och de Präis vun Barrel an d'Luucht geet. Dat heescht, datt dann och all déi Energie, déi mir brauchen, fir ze hëtzen an ze wunnen, datt déi dann ebe méi deier gëtt, datt also dann och eben d'Hëtze méi deier gëtt.

Et gëtt also souwuel Ursaache vum Klimaschutz wéi och vum Portmonni, fir am Beräich vum Hausbau Akzenter ze setzen an d'Leit ze ënnerstëtzen, fir Haiser energiegesch op dee beschtméigleche Standard ze bréngen. A mir brauchen also duerfir eng Offensiv fir Albusanierung a mir brauchen och e konsequente Programm fir Haiser an Niddreg- a Passivenergiestandarden. Déi feelen awer hei zu Lëtzebuerg, an hei gi Chance verspillt an Noutwendegkeete verpasst, well d'Regierung, den Ëmweltminister keng effizient Strategie a kee gëeegent Konzept op d'Bee bruecht huet.

Dat ass domadder ugaang, datt vill wäertvoll Zäit verluer gaangen ass an deene leschte fënnef Joer. Ech wëll dorun erënnere, datt schonn eng virregt Regierung verschidden Initiative geholl hat, fir d'Leit finanziell ze ënnerstëtzen, wa si an erneierbar Energie oder an Energiespueren am Hausbau investéiert hunn.

Déi Subsidreglementer waren ausgelaf am Joer 2004, a fir neier ze erstellen, fir déi nei huet d'Regierung schlussendlech dräi Joer gebraucht, bis datt dann endlech en definitiv Reglement respektiv déi verschidden definitiv Reglementer zesummegepasst hunn. An dat war a mengen Aen net déi richteg Aart a Weis, fir d'Saachen unzepakken. Well dräi Joer ass eng laang Zäit an engem Beräich, dee voll an Expansioun war a wou da ganz vill Veronsécherung entstanen ass bei den interesséierte Leit. Ganz Secteuren am Beräich vun der Solarenergie notamment si carrément ofgemuerkst ginn, Betriber hu souguer faillite gemaach, Aarbechtsplaze si verluer gaangen.

A wann ech haut och un déi Argumenter denken, déi deemools ugefuert gi sinn, wéi déi éischt Reglementer ausgelaf waren: Do war et dann anscheinend ze deier an ze verwerflech, datt d'Bierger hei am Land kéinten e ganz kleng Benefiss maachen, andeems se an d'Ëmwelt investéiert hunn, andeems se och hire Bäitrag gemaach hu fir erneierbar Energien. An Zäiten, wou de Stat Milliarden an d'Banke pompelt, well déi da Suen an astronomeschen Zommen am Weltmonopoly verspillt hunn! Da kann ech wierklech nëmmen iwwert déi Argumenter vu fréier, datt dat géif ze vill kaschten, de Kapp rëselen.

Säit dem Dezember 2007 hu mer elo déi definitiv Reglementer, wat d'staatléche Hëlfelefen a Subsidien ubelaangt. Et muss ee feststellen, datt se wederhi ganz generéis ausgeluecht sinn. Ech wëll elo net an den Detail

vun deene Subsidien agoen, ech mengen, dat sinn "Technalities", dat ka jiddwereen nokucken an deene Broschüren oder op dem Internet. Dat ass och net elo den Objet hei vu menger Interpellatioun haut de Mëtteg. Mä wat ee ka feststellen: Obwuel déi Reglementer generéis ausgeluecht sinn, hu se praktesch null oder ganz wéineg Wierkung dobaussen um Terrain a vill ze wéineg Leit maache Gebrauch dovunner.

Laut den Aussoe vum Blanche Weber vum Mouvement écologique op hirer Séance vum 40. Anniversaire ass gesot ginn, datt am Joer 2008 ronn 70 Demanden ertgaange wiere fir Subsidien am Beräich Assainissement vum Hausbau. Wann een da bedenkt, datt all Joer am Grand-Duché dausende vun neie Wunnenge gebaut ginn, datt mer eng al Bausubstanz vun iwwer 100.000 Haiser hunn, da muss ee wëssen, datt 70 Demanden, wann et der och dëst Joer da vläicht 100 oder nach 200 wieren, net emol déi berühmten Dréps op de waarme Steen ass. Do ginn also vill Saachen net richtig ugepaakt.

Dat geet domadder un, datt d'Informatioun an d'Berodung vun de Bierger mangelhaft ass. Et geet net duer fir Broschüren a Flyeren, esou gutt se och gemaach sinn, ze verdeelen oder als Spoten op de Radioen ze maachen. Domadder eleng kënnst een net un d'Leit erun. Et muss ee vill méi proaktiv op d'Leit zougoen, andeems een dann och natierlech déi adequat Structure schafft fir eng effikass Berodung.

Well dat stellt een all Kéier fest: Wann ee mat Leit schwätzt, feelt et einfach un enger effikasser Berodung a vill Leit bestätegen engem dat mat hiren eegenen Erfahrungen, wa se wëlle konkret mat enger Planung ufänken a vun de Subsidé Gebrauch maachen an och wëllen eben an hiert Haus, mä awer och an d'Ëmwelt investéieren. Do gëtt et méi wéi ee Fall, wou wierklech d'Leit urufen an um Telefon gesot kréien: Mir mussen emol kucken, an net zréckgeruff kréien, méintelaang drop waarden a keng Äntwerte kréien. Do kréien d'Leit schnell d'Flemm.

Och herno bei der Prozedur kommen ech nach eng Kéier op déi Saach zréck, wëll ech och souguer en Témoignage vun engem dichtegen an héije Member vun dëser Chamber illustréieren, dee mer dat och haut nach eng Kéier zougedroen huet, seng eegen Experienz. Ech mengen, et ass vläicht flott, esou e Fallbeispill dann hei eng Kéier ze explizéieren aus dem Haus.

Och de Mouvement écologique seet a senger Broschür, déi e gemaach huet elo virun de Wahlen, wou se eng ganz Rei Sujete behandeln, Sait 84: „Die heutige Energieberatung ist absolut unzufrieden stellend.“ Mir brauchen also duerfir eng effikass an onofhängeg Berodungsstell am Beräich Energie, an där souwuel d'öffentlech Hand wéi déi verschidde concernéiert Acteuren a Secteure mat agebonne sinn.

Där hir Roll misst also da sinn, fir all déi interesséiert Leit schnell a fachgerecht ze informéieren, ze beroden, bei hire konkrete Projekte se ze begleeden. An esou eng Agence misst awer och op där anerer Sait kucken, datt se zum Beispill géif d'Gemenge berode respektiv de Gemengen hëlfelefen op e Wee ze kommen, fir eng gewëssen Eegendynamik ze entwéckelen, datt herno d'Gemengen à même sinn, dann och Berodung do ze maachen, datt déi dann och do kënnen Projeten um kommunale Plang an d'Rulle bréngen.

Well dat stellen ech och ëmmer nees fest, datt jo d'Bierger, an dat ass en normale Reflex, ass e gudder Reflex, wa se un d'Administratioun denken, ganz oft och fir d'éischt bei de Gemengen nofroen. Vill Gemenge si jo Member vum Klimabündnis. Do hunn d'Leit de Reflex: Jo, da ka meng Gemeng mir do Informatioun ginn, stellen awer da fest, datt dat net esou einfach ass.

An ech muss och do aus der Vergangeneheet awer e Beispill huelen um Fall vum Réidener Kanton mat de Pionéier vu Biekerech, wou mer hei och een an der Chamber hunn an e fréiere Member aus der Chamber aus dem Préizerdall, déi haten do ganz vill Positives bewierkt, andeems se eng ganz geziilt perséinlech Berodung um kommunalen a regionale Plang agefuert hunn. Dat war eng Démarche, déi mer virun 2004 haten an déi mir och voll ënnerstëtzt hunn, mä déi awer duerno keng Suité méi krut, wat ze bedauern ass.

Och wann ee kuckt bei de Betriber, haaptsächlech Kleng- a Mëttelbetriber, muss ee feststellen, datt d'Berodung einfach an deem Beräich mangelhaft ass.

Da brauche mer och onkomplizéiert a schnell administrativ Prozeduren. Wann d'Leit prett si fir ze investéieren, dann ass et wichteg, datt dat wierklech direkt eng Suite ka kréien, datt den Traitement vum Dossier

schnell virugeet, onbürokratesch virugeet, datt et ka schnell ofgewéckelt ginn.

An da kommen ech zu mengem Beispill hei. Et ass net evident. Et kéint een elo net en halleft Buch, mä awer schon e puer Säite féllen, wann een dee Parcours hei géif genau développéieren.

Do ass also eng Persoun hei aus der Chamber, déi d'lescht Joer, wéi eng éischt Pressekonzferenz war, eng vun deene villen, mä eng dann iwwert dat net Reglement, dunn huet déi Persoun festgestallt, datt se kann hiren Daach, hire Keller verbesseren energiegesch, well si hat en Energiecheck maache gelooss. Den éischten Telefon op de Ministère war am Februar 2008, also virun iwwer engem Joer. Fir d'éischt krute se gesot, si géifen nâischt kréien. Dunn huet déi Persoun awer nach eng Kéier insistéiert, an dunn hate se awer festgestallt, datt effektiv en net Reglement do wier, a wéi se déi zweete Kéier telefonéiert huet, krut se gesot, jo, si kéint awer effektiv eppes kréien.

Déi éischt Formulären, déi se geschéckt krut, waren awer nach déi falsch. Dat waren déi Formulairé vun dem Reglement virdrun. Si huet och gefrot: Kann ech d'Formulären iwwer Mail geschéckt kréien? Du krut se gesot, dat wier net méiglech. Beim Stat krit een nëmme Formulären iwwert de Postwee geschéckt. Si soll also waarde bis datt se déi Formulären da géif iwwert de Postwee geschéckt kréien.

Iergendeng Kéier sinn dunn déi richteg Formulären ukomm, sinn ausgefëllt ginn. Wochen, Méint duerno krut se du gesot, um Formuläre géif de Büro, respektiv d'Adress vum Ingénieur-conseil, déi géif dann do feelen. Alles zréckgeschéckt. Dat nees nei ausgefëllt an zréck an d'Verwaltung geschéckt. Dunn huet d'Persoun nach eng Kéier ugeruff fir ze froen, wou dann den Dossier dru wier. An dunn huet déi Madame um Telefon gesot, jo, si wier am Fong geholl nei, an déi Persoun, déi virdrun do gewiescht wier, déi wier net méi do, a si wéisst nach net esou richteg, wéi dat géif goen. Et soll een also nach eng Kéier méi spéit urufen.

Ech kéint elo déi Geschicht hei weiderféieren. Einfach nëmme fir ze soen, elo, no iwwer engem Joer, ass nach ëmmer keen Enn vum Tunnel an esou engem Dossier ze gesinn, wou eng Persoun wëllt also hiren Daach an hir Fassad nom leschte Standard à jour setzen.

Hei ass dann eng Persoun, déi sech och nach e bësselchen awer drugëtt, mä ech mengen, vill aner Leit hätten do scho laang Raute gewénkt, hätten nom éischte Rappel oder no der éischer Diskussioun mam Formuläre gesot: Klibbert mech! Da ginn ech ouni dat do eens. Da bleift d'Haus eben esou, wéi et ass.

Ech mengen, dat si ganz kloer Saachen, dat dierft net sinn. Déi Saache muss mer einfach an de Grëff kréien. Dat hei ass ee Beispill. Wann een dobausse Leit begéint, da kéint ee sécherlech nach aner där Beispiller fannen.

Och wann ee mat de Betriber schwätzt, zum Beispill iwwert déi Formulären, déi do gebraucht ginn. Spezialiséiert Betriber, déi am energetesche Beräich schaffen, soen eis, datt déi Formulairé fir auszufëlle vill ze komplizéiert an ëmständlech sinn. Hei muss mer also och dat maachen, wat mer elo unanime och an der Krisekommissioun gesot hunn. Hei muss mer kucken, datt mer d'Prozedur vereinfachen, wat jo wierklech jiddweringem um Häerz läit. Besonnesch an esou engem Domän wier dat jo och einfach ze maachen.

A wann een dann och ebe vun deenen Demandé schwätzt, vu Bürokratie, da kënnst een och net derlaanscht fir ze soen, datt och déi Délaien, fir herno d'Suen ausbezuelt ze kréien, dann natierlech och a Fonctioun esou si vun deem, wéi d'Demanden traitéiert ginn. Do sinn och dann normalerweis Situatiounen, datt een am beschte Fall emol no sechs Méint, awer minimum ganz oft ee Joer oder méi muss drop waarden, bis datt ee seng Suen dann erëm kritt. An dat si jo awer heiansdo trotzdeem Zommen, déi net nâischt sinn.

Ech mengen, et ass also kloer, datt hei de Minister gefuert ass, datt en endlech muss seng Verwaltung, seng Prozeduren uerdentlech an de Grëff kréien, well esou Prozeduren demotivéieren enorm d'Leit an da verfeele mer wierklech eist Zil.

Här President, ech hat och virdu gesot, datt de Minister misst vill méi proaktiv un déi Saach ergoen. Den Ëmweltminister. Déi ganz Regierung. Dat misst am Fong geholl en Dossier sinn, deen och déi ganz Regierung interesséiert a wou een also muss effikass Berodungsstrukturen hunn, einfach Prozeduren hunn.

Mä et muss ee sech och kloer Ziler ginn. Wou wëlle mer dann hikomme mat deene Förderprogrammer, déi mer hunn? Et misst ee sech also praktesch all Joer Quote selwer operleeën, fir ze soen, mir wëllen all Joer x Zuel vun Haiser, déi nei gebaut ginn, esou bauen, datt déi op engem niddregen energetesche Standard sinn. Oder mir mussen eis och Quote ginn, fir ze soen, an esou vill Joer wëlle mer esou vill al Haiser energetesch sanéiert hunn. Datt ee sech also éischters quantitativ Ziler setzt, awer och iergendwou an der Zäit Ziler setzt.

Mir sinn zum Beispill der Meenung, datt ee soll soen: Kommt mir ginn eis all d'Wuert, kommt mir maachen d'Prozeduren esou, mir maachen eise System esou, datt am Joer 2020, datt mer bis dohinner praktesch e Gros vun engem Albusanierungsprogramm durchgezunn hätten.

An den Ae vun der Demokratescher Partei wier et och méiglech, wann een elo schwätzt vum Beräich vun den neien Haiser, datt een zum Beispill ab 2013 kéint kucke bei allen neien Haiser déi esou ze konzipiéieren, ze bauen, net nëmmen, datt se Niddregenergiestandarden hunn, mä och, datt se eng Heizung hunn, déi net méi fossil Brennstoff brauch. Dat ass technesch méiglech. Et gëtt schon a Regiounen an anere Länner gemaach. Dat misst also och hei méiglech sinn. Do muss einfach nëmmen de politesche Wëllen do sinn.

Wann ee seet, et muss ee sech Ziler ginn, et muss ee sech Objektiv ginn, da proposéiere mir, datt an Zukunft bei all gréisser Lotissement obligatoresch mussen alternativ Energie- a Finanzierungs-konzepter vorgeschriwwen ginn. Dat sinn dann zum Beispill Konzepter, wou ee passiv Energie...

(Interruption)

Dat ass effektiv net nëmmen e Problem. Ech schwätzen elo net dee Problem un, wéi een dat kann herno strukturell ëmsetzen. Ech wëll einfach nëmmen déi Ziler, déi ee muss hunn an eisen Aen, beschreiwen. Dat ass, datt een also och an nächster Zukunft zum Beispill bei grouse Lotissementer esou Ziler soll hunn, wou een dann Haiser huet an engem Niddregenergiestandard, en Nahwärmenetz, dat gespeist gëtt och vun enger Heizung, déi keng fossil Brennstoff brauch, zum Beispill mat Pellets oder Holz-hackschnitzel, wou een dann och nach kéint d'Holz aus den no leiende Bëscher benotzen. Do hätt een also och e ganz nohaltege Projet. Och do vermësse mer konkret Initiativen.

Ech mengen, dee leschte Projet war dee vu Pëtscht am Eislek, deen ass och schon datéiert virun 2004. Dat war e Projet, dee Virreiderroll hat a wou leider net vill Nees komm ass. Do muss einfach d'Politik soen: An Zukunft wëlle mer dat generell durchzéien.

Och de Stat muss an deem Beräich vun der Sanierung mat guddem Beispill virgoen. Virun een, zwee Joer ass gesot ginn, datt de Stat géif systematesch kucke seng Bausubstanz, seng Gebaier ze sanéieren. Ech weess net, wou dee Projet drun ass. Wéi wäit si mer do?

A wier net grad elo, wou mer Konjunkturpäck diskutéieren, d'Geleeënheet gewiescht, fir nohaltege Akzenter ze setzen? Et ass elo eng laang Lëscht annoncéiert gi vun all deene Stroossen, déi mer da wäerte flécken. Mä wier hei net och d'Geleeënheet fir ze soen: Kommt mir accélérieren elo wierklech massiv dee ganze Sanierungsprogramm vun den öffentleche Gebaier! Ech mengen datt wier eppes gewiescht, wat interessant och gewiescht wier als Konjunkturpak, an do hätt ee sécherlech och ganz vill Aarbecht kreiert, haaptsächlech fir déi Kleng- a Mëttelbetriber hei zu Lëtzebuerg.

Här President, eng aner Ursaach, firwat d'Reglementer vum Ëmweltminister net gräifen, ass déi, datt et an eisen Ae keng adequat Finanzierungsmodeller gëtt respektiv proposéiert ginn. Bon, déi aktuell Förderregimer sinn zwar - ech hunn dat scho gesot, datt muss een unerkennen - generéis, mä si ginn awer wéi gesot zum gudden Deel un de Besoiné vun de Leit erlaanscht, besonnesch do wou et am néidegste wier. An ech schwätzen elo vun deene Leit, déi vläicht net esou gutt bei Geld sinn. Mä dat sinn net nëmmen déi Äermst, déi Ënnescht, mä och ganz vill Leit aus der sougenannter Mëttelschicht. Déi Subsidé sinn nach net sexy genuch respektiv bréngen net genuch, fir datt dës Leit kënnen an hir Haiser investéieren.

An et si grad oft déi Leit, déi net esou vill Suen hunn, déi an éischer, ech géif elo net soe bëllegen Haiser wunnen, mä awer an Haiser wunnen, wou awer vläicht net esou vill an der Finitiou drop opgepasst ginn ass, déi also doduerjer méi bëlleg sinn, déi also schlecht isoléiert sinn, déi vläicht net déi leschten Technologien hunn. Also grad

bei deenen Haiser wier dat meeschte Potenzial. Mä déi Subsidé si bei deene Leit net attraktiv. An déi Leit ginn dann awer op eng gewëssene Aart a Weis duebel bestrooft. Si kënnen hiert Haus net assainéiere respektiv herno hu se dann och vill méi Heizkäscht wéi an engem Haus, dat gutt sanéiert ass. An dann hu se also do net kënnen dat Spuerpotenzial realiséieren.

Ech kéint hei elo eng Rei Beispiller nennen, och mat Chifferen, fir dat ze illustréieren, firwat dat fir vill Leit net attraktiv ass. Ech hat mer hei e Beispill opgeschriwwen, ech weess net, ob et elo an den Zuele richteg ass. Jiddwereen, wann een elo wëllt säin Haus sanéieren, mécht dann den Daach nei, et profitéiert ee vun där Situatioun fir och nach eng thermesch Solaranlag anzubauen, fir eben dann eng Heizung kënnen e bësselchen derbäi ze hunn. Et mécht een och eng Isolatioun vun der Fassad. Jee, do ass ee ganz schnell op 30.000, 40.000 Euro an nach méi.

Wann een da kuckt, déi eenzel Subsiden zusemmerechent, déi een dofir ka kréien, bon da leien déi bei 10.000 bis maximal 13.000, 14.000 Euro. Wéi gesot, et misst een elo um konkrete Beispill rechnen. Ech wëll mech elo net versteiwen op déi Zuelen. Nëmme fir ze soen, datt awer eng grouss Diskrepanz do ass, wat esou een Invest kascht respektiv wat een op där anerer Sait ka vu Fördermëttelen kréien.

Et läit also op der Hand, datt awer do vill Leit soen: Et ass fir mech ze vill, wann ech nach muss 20.000 oder 25.000 Euro elo direkt op den Dësch leeën, fir an d'Isolatioun vu mengem Haus ze investéieren. Hei ass dann, wou mir als Demokratesch Partei e puer fundamental nei Approchë proposéieren.

Ech kommen domadder zum Kärstéck och vun eise Proposen haut, vu menger Interpellatioun. Dat ass déi, datt mer hei e ganz neie Wee wëlle goen, datt mer hei wierklech e regelrechte Paradigmewissel wëllen erbäiféieren. Dat si Proposen, déi mer net eréischt de leschte Méindeg an enger Pressekonzferenz proposéiert hunn, déi hate mer schonn d'lescht Joer an eisem Energiepabeier presentéiert. Deemools war dat vläicht manner opgefall, manner aktuell.

Wat soen déi Propositionen?

Zum enge soe mer, datt mer müssen déi Subsiden op alle Fall emol méi sozial staffelen. Et si jo grad déi Leit betraff, déi an deene manner gutt isoléierten Haiser oft wunnen, datt mer déi also och kënnen besser touchéieren. Subsidé sozial staffelen.

Dat eleng geet awer net duer. Mir proposéieren och aner Finanzéierungsmodeller, fir datt wierklech all Bierger en Ureiz huet, fir kënnen Energiekäschtchen ze spueren. Dat ass zum engen eng staatlech Klimabank, déi nom Prinzip vun der SNCL kéint fonctionnéieren. Leit, déi dann an d'Sanéierung vun Haus wëllen investéieren, oder och Leit, déi wëllen en Haus bauen, Niddregenergie, Passivenergie, déi kréien dann déi néideg Investitiounen, datt heescht, déi supplementär Investitiounen, déi eben energetesch Elementer kaschten, virgestreckt, e Prêt vun där Klimabank zu engem ganz gënschtege Kredit. Wann ech soen, gënschtege Kredit, dat kann och 0% eventuell heeschen. D'Leit kréien also dann hiren Invest virfinanzéiert.

Dann ass et jo esou, datt se dee Prêt müssen erëmbezuelen. Mat wat bezuele se deen erëm? Majo da vun deem Moment un, wou hiert Haus optimal energetesch assainéiert ass, spuer se jo Sue bei der Energie. A mat deem, wat se do spueren, kënnen se also dann hire Prêt zrëckbezuelen. Wann dee Prêt bis zrëckbezuelt ass - esou e Prêt, deen dauert dann och keng 20, 30 Joer; dat kéint een dann, wann och keng Zënse derbäi sinn, praktesch wann een elo zum Beispill 20.000, 25.000 Euro géif léinen, awer an e puer Joer zrëckbezuelen -, dann duerno hu se e Benefiss, well se jo all Dag da manner müsse Mazout a Gas brauchen, kënnen also all Dag do Sue spueren.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

En aneren Aspekt oder en anere Punkt bei eisen dräi Propositionen wat d'Finanzéierungsmodeller ubelaangt, no deem sozial gestaffelten, no der Klimabank, dat ass dee vun Energiespuecontracting, deen dann och en ähnleche System ass, mä deen da géif, wéi soll ech soen, iwwert de Méttelsmann, iwwert d'Betriber goen, déi eben esou Technologie maachen, déi Assainissementer maachen, déi dat da géife virfinanzéieren, woubäi eventuell si selwer kéinten op d'Klimabank zrëckgräifen. Dat kéint och esou an enger Form vu Leasing stattfannen. Mir hu schonn hei zu Lëtzebuerg Firmaen, déi wëllen op dee Wee goen. Am Ausland gétt et där och.

D'Firma installéiert déi ganz Saach, ob dat elo den Daach ass mat der thermescher Solaranlag oder Isolatioun. An de Client bezilt

da monatlech do seng Raten zrëck. Dat ass wéi eng Aart Leasing. An zu iergendengem Moment ass dee jo ausbezuelt. D'Leit hunn dann eng gutt Installatioun a si spueren da vun engem gewëssene Moment un eben och Sue fir ze hëtzen. An déi Zäit, wou se müssen de Leasing bezuelen, dat maache se mat deene Suen, déi se eben dann och scho mat der Energie spueren.

Esou e Contracting kann ee bei der Privatleit sech virstellen, mä dat kann ee sech och um Niveau vun der Gemeng virstellen. Do ginn also der Fantasie keng Grenze gelooss, fir kënnen an déi Richtung ze goen.

Dat klängt vläicht e bëssen technesch, mä wann ee sech dat a Rou eng Kéier duerch de Kapp goe léisst, gesäit een awer, datt dat relativ eng einfach Solutioun kéint sinn, fir datt een all de Bierger hei am Land kéint hëllef, hir Haiser ze sanéieren oder energispuerend ze bauen.

A mir kënnen och feststellen, datt déi Propositionen och bei anere Leit op oppen Ouere gestouss sinn. De Mouvement écologique huet och rezent gesot, datt hie sech och kéint esou eng Richtung virstellen. Ech hunn och schonn héieren, anscheinend den OGB-L hält och gemengt oder verlaude gelooss, datt dat interessant Propositione wieren.

Well bei dese Propositione kann ee jo och nëmme Gewënner hunn am Endeffekt. Dat ass natierlech de Klima, well mer manner CO₂ produzéieren. Dat ass virun allem och den eenzelne Bierger, well dee seng Heizungskäschtchen kann erfsetzen. Dat sinn dann d'Betriber, d'Kleng- an d'Mëttelbetriber haaptsächlech aus Lëtzebuerg, déi dann hei nei Aarbecht fannen, déi nei Aarbechtsplaze kënnen kreéieren. An a Krisenzäiten ass dat jo och e ganz gewichteg Argument.

An de Gewënner ass am Endeffekt och de Stat. Sief et, datt en do muss Suen zum Deel virstrecken, wann en eng Klimabank géif fonctionnéieren doen. Mä herno mat deem CO₂, dee gespuert gétt, ass jo och d'Kyoto-Bilanz vum Stat da besser. Dat heescht also, datt en dann net muss Kyoto-Strofe bezuelen oder deier Projeten oder Projeten am Ausland finanzéieren, déi dann och vill Sue kaschten, wat jo och net déi Démarche ass - dat hu mer jo och virrun an deem Débat héieren -, déi mer hei zu Lëtzebuerg wëllen. Mir wëllen eis Hausaufgaben hei bei eis doheem selwer maachen. An dat Ganz ass jo och eng perfekt Illustratioun vun deem, wat mer gemengerhand Nohaltheek nennen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir brauchen hei zu Lëtzebuerg also endlech eng regelrecht Offensiv fir Albausanéierung an och eng Offensiv fir nei Haiser mat niddregem Energieverbrauch. Domat kënnen mer CO₂ spueren, Betriber fördern a virun allem de Bierger aus der Energiefall mat hiren héije Käschtchen erausféieren.

Datt heescht also, datt mer müssen op nei Weeër goen, nei Strategien ugoen. Et geet net duer nëmme mat Pressekonzferenzen. Mir müsse kucken, datt mer eng gutt Berodung hunn. Datt mer effizient Prozeduren hunn. Datt d'Leit net vergrault ginn.

Wat mer brauchen, dat ass, datt mer d'Leit besser informéieren, datt mer adequat Strukturen hunn, eng onofhängeg Energieberodungsagence. Mir brauchen Albausanéierungskonzepter fir Gemengegebaier an öffentlech Gebaier, déi schnellstens ëmgesat ginn. Mir brauche Subsiden, déi sozial gestaffelt sinn. A virun allem brauche mer och déi nei Finanzéierungsmodeller, eng Klimabank, Energiespuecontracting, fir datt allegueren d'Bierger hei zu Lëtzebuerg an d'Albausanéierung an an Niddregenergiebaute kënnen investéieren an domadder och schlussendlech hir Heizkäschtchen kënnen laangfristeg erfsetzen.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Berger. Deen éischte Riedner ass den Här Oberweis.

Discussion générale

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir Häre Ministeren, erlaabt mer just am Ufank vu menger Interventioun, déi soss ëmmer normalerweis gedroe gétt vun engem Espirit..., scoutméisseg mäin Erstaunen auszedecken, dass d'DP hei d'Parlament benotzt, fir hiren Dossier aus dem Wahlprogramm iwwer Energie virzestellen! Ech hoffen op alle Fall, dass d'DP da méi Leit huet, wa se dat erzielt, wéi déi manner wéi 20 hei am Parlament.

(Interruption)

» M. le Président.- Den Här Berger wëllt d'Wuert hunn - sécher fir eng Fro ze stellen.

» M. Eugène Berger (DP), interpellateur.- Jo, Här President, hei am Parlament si mer do, fir datt déi eenzel politesch Fraktiounen kënnen hir Virstellungen zu verschiddene Sujeten duerbréngen. Et ass just dat, wat ech gemaach hunn. Dat hei ass eppes, ech mengen, wat Usus ass an der Chamber. A wann den Här Oberweis mengt, datt wier elo politesch Geplänkel oder Virwahlgeplänkel, da soll hien dat esou gesinn.

(Interruption)

Mir sinn der Meinung, datt mer hei seriö Propositionen dem Parlament virgedroen hunn. An d'Parlament soll iwwert déi Propositionen diskutéieren.

» M. le Président.- Dann dierft Dir weiterfueren, Här Oberweis.

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Ech huelen dat zur Kenntnis. Ech wollt just virfueren hei, andeem ech soen,...

(Interruption)

...d'Interpellatioun...

» M. Gast Gibéryen (ADR).- Här Oberweis, ech géif elo an Ärer Plaz der CSV hire Wahlprogramm virstellen.

(Interruptions diverses)

» M. Marcel Oberweis (CSV).- Ech denken net dorunner, datt ze maachen. D'Interpellatioun huet eppes Guddes gehat, well domadder...

» M. le Président.- Den Här Oberweis huet d'Wuert, wann ech gelift.

» Marcel Oberweis (CSV).- Well domadder...

(Interruptions diverses)

Jo, tipptopp, dat ass léif.

(Hilarité et interruptions)

Ech wollt dann och virfueren no deem klenge Geplänkel hei.

(Coups de cloche de la Présidence)

Also, d'Interpellatioun huet eppes Guddes awer, honorabelen Eugène Berger, well se eis Zäit an och d'Chance gétt, emol kuerz eng Kéier vun der Finanz- a Wirtschaftskris ewechzeréckelen an eis dem däregen Energieproblem an dem Klimawissel zouewinnen.

Virewech direkt: D'Politik vun der CSV gétt gedroen an ass gedroe gi bis elo vun dem vernetzten Zesummenhang tëschent dem soziale Volet, de wirtschaftlechen an den ekologesche Constraints.

Am leschte Joer ass de Präis vum Äerduelech bis op 145 Dollar de Barrel eropgaangen an huet vill Problemer mat sech bruecht, well doduerch d'Wirtschaft méi lues gedréint huet. Du si mer vun der Finanzkris geréselt ginn, déi eis dann an déi aktuell Wirtschaftskris schliddere gelooss huet mat de bekannte Suiten. Milliounen vu Mënschen hunn hir Aarbechtsplaz verluer.

A fir nach eng Schépp derbäizeleen, si mer um Ufank vun deem Joer och nach an eng Energiekris gefall. Russland huet den Äerdgaskrann zougédreint a Milliounen Mënschen, besonnesch am Südoste vun Europa, souzen an der Keelt. An nach si mer net färdig, well ëmmer nach Disputen tëschent Russland an der Ukraine lafen. A wann ee sech d'Ofhängegkeet am Beräich Energie ukuckt, da gesäit een, dass mir haut scho 50% vun eisem fossilen Energieverbrauch importéieren an am Joer 2030 bei 70% landen. An doriwwer eraus si mer mat dem Klimawissel a sengen negative Konsequenzen konfrontéiert.

Nach virun zwou Wochen op der UN-Klimakonferenz zu Kopenhagen ass bekannt ginn, dass duerch déi immens héich Dreifhausgasemissionen an deene leschten zéng Joer gefaart muss ginn, dass d'Schwell vun 2°C Erwiermung vun der Atmosphär bis 2100 iwwerschritt gétt. Dat bedeit, dass d'Biodiversitéit op eisem Planéit schwéier a permanent Schied krit. Am schlimmste wäert et d'Mënschen an der Drëtter Welt erwächen. Dovun ass haut de Mëtteg um Ufank vum Gespréich scho Rieds gewiescht.

D'Europäesch Union huet déi Geforen erkannt an e wäitsichteg Programm bis 2020 virgeluecht. Ee wichtige Punkt ass sécherlech d'Fuerderung, d'Energie ëm 20% besser ze notzen an d'Emissionen vun den Dreifhausgasen ëm 20% bis 2020 ze reduzéieren, an och den Undeel - dat ass dee bemierkenswäerte Punkt - vun den erneierbaren Energien op 20% vun Gesamtenergieverbrauch eropzehiewen.

Wa mir awer op eegene Been a séchere Been an der Energieversuergung wëlle stoen, dat heescht, eis Ofhängegkeet redu-

zéiere wëllen, da muss mir d'Energieeffizienz an de Gebaier, den Haiser, am Verkéier, an de Kleng- a Mëttelbetriber, an der Industrie an an den Dëngschtleeschungsservicer massiv eropsetzen. Mir müsse léieren, mat manner Energie auszekommen. Mir müsse méi intelligent mat der Energie ëmgoen.

An deem Zesummenhang muss een dorop hiweisen, dass mir hei am Parlament an de leschte fënnef Joer eng Rei vun europäeschen Direktiven ëmgesat hunn, duerch déi mir eis asetzen, fir dass d'Liewensressourcen an de Mënsch protegéiert ginn.

Ech kommen dann zu de siwe Punkten, déi den Interpellant, den honorabelen Eugène Berger, hei opgeworf huet.

1. Mesuren, déi de Stat geholl huet, fir d'Energieeffizienz an de Gebaier an an den Haiser ze erhéien. Am Joer 2008 hu mir eis déi Förderreglementer ginn - et ass dovu geschwat ginn -, fir den effikassen Energieverbrauch ze ënnerstëtzen. Den Energiepass ass en Element dovunner. Doriwwer eraus gétt d'Notzung vun den erneierbaren Energien zum Beispill iwwert den Asaz vun der Wärmepompe ënnerstëtzt.

Och d'Isolatioun vun eisen Haiser ass e wichtige Punkt, fir Energie anzespieren. D'Notzung vun der Sonnenenergie, fir zum Beispill waarmt Waasser bereitzustellen oder Gebaier ze hëtzen, huet vill Uklang dobause fonnt. Duerch en Abau vun nëmme 6 m² Solarkollekteren um Daach kann e Véier-Personen-Ménage säi waarmt Waasser zu 60% am Joer mat der Sonn decken an domadder eben d'Dreifhausgase reduzéieren.

D'Notzung vun der Sonnenenergie iwwer Fotovoltaik, fir elektresch Energie bereitzustellen. Eng Zuel an deem Zesummenhang léisst oplauschteren. D'Sonn schéckt während sechs Stonne genau déi Energie, déi des Äerd an engem Joer insgesamt un elektreschem Strom brauch. A sechs Stonnen! Un eis ass et also, déi Energie wirtschaftlech ze notzen. D'Technologie si schonn do.

» Une voix.- Abee jo!

» M. Marcel Oberweis (CSV).- E klengt Beispill dozou. Eng Fotovoltaikanlag vu 6 kWp, dat si ronn 38 m² iwwert dem Daach, déi bréngt 6.000 kWh am Joer. A wann een dat an de Vergläich setzt zu engem Haushalt vu véier Leit, da sinn dat 4.000, da gesi mer, dass mer deelweis kënnen Energie-Plus-Haiser bauen, also méi Energie erausginn, wéi mer der selwer verbrauchen. An op wéi vill Diecher kéinte mer eis virstellen hei am Land Fotovoltaik ze leeën: staatlecher, Gemengena Privathaiser?

A wa mer ons nach weider virstellen, dass mer geschwënn op Elektroautoen ëmsetze fir eis Mobilitéit, da kéint ech mer virstellen, dass mer souguer hei am Land dee Strom zum Deel produzéieren, dee mer huelen, fir mobil ze bleiwen.

Deen nei gegrenntene Cluster vun den Ökotechnologie müsse mer hei mat aspanen, well hei eng ganz Rei vun neien Aarbechtsplaze geschaf kënnen ginn. Duerch den Abau vun duebel verglaaste Fënsteren zum Beispill géintiwier vun eefach verglaaste Fënsteren kéint et zu enger Reduktioun vu 50 bis 70%.

Ech sinn och ganz frou, dass gëschter bekannt gemaach ginn ass, dass déi Fördersätz elo an d'Luucht gehuewe ginn. E gutt Stéck si mer do weiderkomm.

Wann ee bedenkt: Pro Joer a pro Meter carré Fënsterfläch kënnen 60 Liter Mazout agespuert ginn! A wéi vill eefach verglaaste Fënsteren hu mer nach hei am Land? Dat wär fir den Handwierksbestand oder d'Handwierksbetriber eng grouss Aufgab, och elo an der Krisenzäit.

Leider si mer an der Albausanéierung net virukomm. Nëmme 0,5 bis 0,7% vun Albau ginn am Joer sanéiert. Dat bedeit, mir bräichten 120 bis 140 Joer, bis mer déi Gesamtmenge ëmgesat hätten. Also och eng grouss Aufgab nach virun ons.

Mat dem Energiepass hu mer ons en Instrument ginn, fir den thermeschen Energieverbrauch an onsen Haiser a Gebaier ze reduzéieren. Fir déi nei Gebaier gétt en Energieverbrauch vu maximal 95 kWh pro Meter

carré am Joer verlaangt. Dat heescht, mir wëllen d'Haiser no der Wärmeklass D ausbauen.

Wann ee weider wëllt goen - an et gëtt jo Leit am Land, déi dat wëlle maachen -, da kann ee sech fir en Niddregenergiebauhaus vun der Klass B mat maximal 70 kWh pro Meter carré am Joer entscheeden, an nach méi interessant e Passivhaus Klass A, do ass de maximale Wäert nach 40 kWh pro Meter carré am Joer.

Fir ons Matbierger, déi an d'Energiespueren an d'Notzung vun den erneierbaren Energien investéieren wëllen, sinn déi Reglementer ausgeschafft ginn a leien och a Form vu Broschüre vir, fir doheem ze liesen. Leider - an et ass och gesot gi vum honorabelen Eugène Berger - maachen d'Leit dat oft net, well si sech net an dem Pabeierkrich wëlle selwer duerchliesen. Et muss also eng Berodung kommen.

2. Den zweete Punkt war dann d'Akraafttriede vun dem Energiepass. Fir d'Energieeffizienz an de Gebaier an an den Haiser ze erhéijen an domadder och d'Dreifhausgasen ze reduzéieren, ass dee Pass agefouert ginn, an dat duerch d'Ëmsetze vun enger europäescher Direktiv iwwert d'energetesch Performance vun eise Gebaier.

Dee stellt eng legal Basis duer bei der Konstruktioun vun neie Gebaier an doriwwer eraus bei der Albausanieerung. Mat dem Energiepass, an dat ass dat Faszinierendst dorunner, wann en emol ganz ëmgesat gëtt, kann een um Abléck erkennen, ob e Gebai energiespuersam oder eng Enger-geschleider ass. Dat erlaabt dann och de Vergläich ze maachen tëschent de Gebaier. De Benotzer vum Gebai weess dann och, mat wat hie bei senger Energierechnung - haut nach vill méi wichteg wéi fréier - an de kommende Jore rechne muss. Dat gëtt och en Ureiz fir d'Propriétaires, hir Bausubstanz op den Energieverbrauch ënnersichen ze looschen.

Den Energiepass, deen enthält dann och déi sougenannte Klassen: néng Stéck. Mir ginn dovun aus, dass mer dann deemnächst wäerten hunn: A, B, C, D. Doriwwer eraus sollt dann näischt am Land sinn, déi mussen mer alleguer ewechkréien.

Mat dem Energiepass, deen zéng Joer gültig ass, kritt de Propriétaire och Ureegung matgedeelt - dat ass ganz flott bei der Berodung -, wat hien a senger Bausubstanz dann ännere muss, fir den Energieverbrauch ze reduzéieren.

Elo kann ee soen, dat ass eng relativ grouss Aufgab. Sécher war et déi. Duerfir hu mer jo e bësselche missen e Réckstand huelen, bis mer déi 1.000 Betriber, Architektbüroen, Ingénieurs-conseils, Expertebüroen, déi sech bereet erkläert hunn, do matzemaachen. Bewäis méi, dobausse si ganz vill Leit, déi de Wee wëlle matgoe vum Energiespueren, an dat wäerte mer och dann nach herno gesinn.

Fir déi nei Gebaier an d'Renovationsaarbechten, déi eng Baugenehmung brauchen, ass den Energiepass schon ab dem Januar vum leschte Joer obligatoresch.

Ech hu gesot gehat, do gëtt d'Wärmeklass D virgeschriwwen, a mir hoffen dann, dass d'Architekten och ganz genau kucken, dass déi Gebaier esou gebaut ginn, dass déi Leit och dann déi Energieklass kréien.

Dierf ech och nach dorun erënneren, dass d'Moyenne vum thermeschen Energieverbrauch hei am Land bei 140 kWh pro Meter carré am Joer ass? Dat sinn 14 Liter Mazout op de Meter carré am Joer. Do ka jo all Mënsch ausrechnen, wann en 200 Meter carré Wunnfläch huet, wéi vill am Joer gebraucht gëtt.

D'Experte vun der Uni hunn ons gesot, dass mir am Land Gebaier hunn, déi nach iwwer 300 kWh pro Meter carré am Joer hunn. An Däitschland ass déi Moyenne awer scho bei 90 kWh pro Meter carré am Joer, an der Schwäiz bei 95, an Eisträich bei 132. Déi hunn awer domat, wéi si dat erkannt hunn, e gudd Programm opgeluecht gehat. Ech hu mech op der Konferenz zu Wels dovunner kënnen informéieren an iwwerzeegen.

Ma Dir gesitt, et läit hei eng ganz grouss Aufgab virun ons, an notament am Handwierk, well elo endlech den Challenge ugesat ka ginn, fir massiv an d'Energieaspuerung ze investéieren.

Den Energiepass fir d'Albausanieerung muss eréischt ab dem Januar 2010, also ganz geschwé virgeluecht ginn, well duerch déi grouss Nofro déi zitiiert Büro mat der Ausstellung iwwerfuert sinn. Mir kënnen nëmmen hoffen, dass mir keen Debakel do kréien, well därmoosse vill Leit dat d'nächst Joer mussen maachen, notament bei engem Wiessel vun engem Appartement oder beim Verkafe vum Appartement.

3. Drëtte Punkt, dat war d'Berodung. Bis viru kuerzem war d'Agence de l'énergie Lëtzebuerg fir dee Volet zoustänneg. Opgrond vun de villen Ufroen awer aus de Gemengen a vun de Privatleit ass et zu enger Trennung komm. D'Energie-Agence behält de Volet vun der Berodung fir déi gréisser Projeten op Gemengeplang a beim Stat bäi, a My Energy soll de Verbraucher beroden, wann hie sech decidéiert, duerch Investitioun a sengem Haus dann Energie anzespueren oder wann hie sech bereet erkläert, fir an déi erneierbar Energien ze investéieren. Dat heescht, si soen him och, wellech staatlech Subsidien hien erwaarde kann an eventuell wellech Gemengesubsidien hie kréien.

Dobäi hu mer nach aner Berodungsplazen hei am Land, notament d'Klimabündnis-Gemenge sinn hei involvéiert an déi verschidden Ubidder vun erneierbarem Strom. E klengt Beispill, d'Gemeng Steesel - den Här Buergermeeschter ass elo grad erausgaangen -, mä ech si ganz houfreg dorobber, mir hunn eng Energieberoderin, déi de Leit an där Richtung relativ oder gutt zur Säit steet.

Mir kënnen dovun ausgoen, dass d'Berodung do ass, awer nach vill Leit zécken, fir sech op der Plaz ze informéieren. Vläch misst een deeselwechten Engagement an deem Dossier entwéckelen - dat wëll ech awer dem Här Minister Lux, deen ech awer schätzen a senger Aufgab emol froen -, dee mer viru kuerzem an der Operatioun vun der Casse vun alen Autoen entwéckelt hunn. Dat war eng gutt Initiativ, well mer domadder och de Marché sanéiert hu vun Dreckschleideren am Verkäier.

Vläch misst een déiselwecht Verve huelen, fir de Leit ze soen, dass och si doheem kéinten hir Haiser sanéieren an domat nach eppes kéinte maachen, well nach ëmmer, wann en neien Auto fiert, verbraucht en CO₂. Wann ech awer an engem Haus sanéieren, da gëtt manner CO₂ fräigesat. Also, ech géif dorëm bidden, do kéint een eng ganz gutt Campagne lancéieren, mat de Mënschen zesummen. Ëmwelttechnologien, a mengen Aen e wichteg Instrument aus der Geschierkëscht, fir d'Wirtschaftskris ze meeschteren, stellen hei e ganz staarke Partner duer.

4. Véierte Punkt, d'Délaie fir d'Ausbezeue vun de staatleche Subsidie bei der Energieeffizienz an der Notzung vun den erneierbaren Energien. Den honorabelen Här Gibéryen huet e Fall erzielt gehat hei, deen natierlech ganz grave ass, wann et esou ass. Mä ech hat selwer a munche Fäll mat der Agence ze dinn, mat der Ëmweltverwaltung ze dinn, déi konnt een awer ëmmer erëm riichtbéien.

Ech muss awer eppes virausschécken: Wann ee mat de Leit schwätzt, déi an der Verwaltung sëtzen, déi soen engem, vill Dossiere sinn oft net komplett, an da muss oft nogefrot ginn, fir alles beieenezerafen. Dat ass bei de Betriber wéi bei de Privatleit. An da gëtt et zu engem...

(Interruption)

» M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*. - ...den Här Berger och.

» M. Marcel Oberweis (CSV). - Ma da kënnt Dir et nach eng Keier herno soen, Här Minister, wann Dir dann um Tour sidd.

» Une voix. - Net nervös sinn, Här Minister, ganz roueg!

» M. Marcel Oberweis (CSV). - Ech géif da soen, op alle Fall ass et esou, dass een iwwer déi Manéier mat enger gudder Berodung déi Mënsche kann op de Wee mathuelen, well all Mënsch, deen duerch d'Berodung op de gudden Wee matgeholl gëtt, dee spuert fir ons alleguerte CO₂-Emissiounen.

Wat een awer muss bedenken, wann natierlech dann - dat ass jo eben dann dat Trauregt derbäi -, wann dann negativ Gesprécher kommen, da kann et dozou féieren, dass duerch esou negativ Gesprécher gutt Iddien zerriert ginn, an ech mengen, dat wär net gutt, wa mer den Ëmweltschued géifen hei op esou enger Plattform wëllen zitéieren.

5. Fënnefte Punkt dann: Mesuren, déi de Stat geholl huet, fir d'Energieeffizienz an den Haiser mat soziale Kritären ze verbesseren. An deem Zesummenhang muss een

ënnersträchen, dass de Stat ënner anerem am Kader vum soziale Wunnensbau derfir suergt, dass seng Gebaier energieeffizient gebaut ginn.

Firwat? Well soss mussen d'Locataire eng héich Energierechnung bezuelen, an dat ka jo wuel net sozial sinn. Och d'Gemenge leet bei der Planung an dem Bau vu Siedlung grouss Suerg op d'Entwécklung vun Energiespuerkonzepter. An elo, grad wou d'Gemengen hir PAGen nei erstellen, mussen si Wäert drop leeën, dass dem effizienten Energieverbrauch an der Notzung vun den erneierbaren Energie Rechnung gedroe muss ginn.

Et gëtt och méi wichteg, well mer déi agesaten Energie mat héijem Nutzungsgrad asetze wëllen, dass Réseae fir den Transport vun der Wäermt an d'Haiser geplangt a gebaut ginn. Ech denken, dat ass e Volet, dee mer nach vill mussen verdéien, an et missten am Land Biomass-Blockheizkraaftwierker nach méi op de Marché kommen. Mir hu schon éischt gutt Beispill, a vun de gudden Beispill kënne mer Copy/Paste maachen. Nach besser gëtt et awer dann, wa mer déi sougenannte Plusenergie-Siedlung bauen, wou also méi Energie aus de Siedlungen erausgefóert gëtt, dezentral, wéi verbraucht ginn ass. Och do hu mer scho gutt Usätz.

6. Sechste Punkt: fir aner finanziell Weeën. En interessante Wee stellt sécherlech den Energieaspuercontracting duer. Dese Contracting ass eng kontraktuell Déngschtleeschtung tëschent engersäits enger Entreprise, kuerz den „Contractor“ genannt, an zum Beispill enger Gemeng, enger Staatsverwaltung oder enger Copropriétéit.

Fir Energie anzespuere gi vum „Contractor“ Investitiounen an de Gebaier duerchgefóert. Aus der reduzierter Energierechnung gëtt hien da bezuelt. De Propriétaire vum Gebai investéiert deemno guer näischt an dréit och kee Risiko, dee läit ganz beim „Contractor“. Et gëtt hei am Land scho gutt Usätz do, an och do géif ech mengen, soll een dat och erëm eng Keier Copy/Paste maachen.

7. Siwentens, d'Schafe vun enger Klimabank, déi et de Bierger erlaabt, Prête mat engem reduzéierten Taux ze kréien. Grad elo an enger schwieriger Zäit ass et wichteg, dass d'Banke sech och fir den nohaltege Wee an de Klimawissel opmaachen. Duerch d'Bereetstelle vu Kreditter mat engem reduzéierten Taux sollen d'Entrepreneuren an och d'Privatleit, déi an den Ëmweltschutz investéieren wëllen, ënnerstëtzt ginn.

Sécher brauche mer duerfir de Kyoto-Fonds, well ons Dreifhausgasemissiounen nach vill ze héich sinn. Awer duerch all Mesuren, déi mer am Bau huelen, reduzéieren mer d'Emissiounen an deem Secteur. Duerfir mécht et jo och Sënn, dës Investitiounen zum Deel aus dem Kyoto-Fonds ze bezuelen. Och d'SNCI kann hei dru bedeelegt ginn, notament fir d'Ënnerstëtzung vun de Kleng- a Mëttelbetriber. Ech hat dozou virun dräi Joer schon eng Question parlementaire gestallt, an do si schon éischt Erfolger ze vermellen.

Ech dierf och drop hiweisen, dass bei enger bedeitender Lëtzebuurger Bank e sougenannte „ethesche Fonds“ an d'Liewe geruff ginn ass, wou d'Bierger, déi an d'Energieeffizienz investéieren wëllen, Geld mat engem reduzéierten Taux geléint kréien. Hale mer ons virun Aen: All Tonn CO₂, déi mer haut aspueren, gëtt ons an der Zukunft net méi op der Kyoto-Säit ugerechent.

An deem vernetzten Zesummenhang gëtt de Secteur vun den Ëmwelttechnologien als e wichteg Standbeen vun der Lëtzebuurger Wirtschaft ugesinn. Mat hinne kënne mer d'Energie méi effizient notzen, ons Ëmwelt méi konsequent beschützen an der Wirtschaft eng adequat Stäip fir den Opschwung bereetstellen. Bis elo hu schon 190 Entreprisë mat ronn 14.000 Mënschen an deem Succès versprechende Secteur matgeschafft. Hei géllt folgende Sproch: „Manner verbrauchen duerch e cleveren Energiemanagement“.

Fir dass dës Iddien ëmgesat ginn, mussen de Stat, d'Gemengen, d'Betriber an d'Haushalter erkennen, dass si mat der Energie méi effikass a spuersam ëmgoe mussen, och wann déi aktuell Präisser keng Aluedung dozou sinn. Mä mir stelle fest, de Barrelpräis ass schon iwwer 50 gaangen, Tendenz an d'Luucht goend, an dat heescht, all gutt Usätz sinn hei wëllkomm.

Dat bréngt och Virdeeler fir déi Kleng- a Mëttelbetriber, d'Handwierk an den Handel. Ganz besonnesch elo, wou ons Aarbechtsplazen ewechbréchen, mécht et Sënn, Mënschen ëmzeschoulen an hinnen eng nei an dauerhaft Aarbechtsplaz an deem Beräich unzebidden. Sécherlech wäerte sech och

jonk Mënschen an de Schoulen erëm fir déi technesch Beruffer interesséieren.

E wäertvolle Schrëtt am Zesummenhang mat dem nohaltege Bauen ass sécherlech ee méi enkt Zesummeschaffe vun den Architekten, den Urbanisten, de Landschaftsexperten an den Ingenieuren. E Freideg, de 27. März, gëtt zu Berlin zum Beispill e Manifest mat dem Titel „Vernunft für die Welt“ vun all dese Berufsgruppe virgestallt. Si wëllen domat d'Perspektiven ënnersträchen an hiren Engagement fir e respektvollen Ëmgang mat den Naturressourcë vun onsem Planéit. Ech wënsche mir, dass och aner Länner an der Europäescher Unioun esou e Schrëtt maachen, well dat ass am Zesummenhang mat der Energie-Klima-Vision vun der Europäescher Unioun 2020.

Dass hei am Land scho gutt Aarbecht geleescht ginn ass, beweisen ënner anerem déi energiespuersam Bauten, wéi se am Bauhärepräis prämiéiert goufen. Net méi spéit wéi leschte Méindeg, déi zwee Häre Ministere waren derbäi, hu mer en Energiehaus prämiéiert, en Een-Liter-Haus. Et muss ee sech emol virstellen, et ass en Haus zu Knapphouscent prämiéiert ginn, op enger Kopp vun Éislek, en Een-Liter-Haus, 10 Kilowatt-Stonnen: Dat ass en Ufank. Et muss ee jo ëmmer mat Mut vum de Saache schwätzen, an da gëtt et vläch matgemaach. Dat war am Kader vun dem Fonds Novastroum.

Ech kommen zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, Här President. Wie sech haut fir seng Ëmwelt konsequent asetze wëllt, dee brauch eng gehéiereg Portioun Courage, en zolidd Wëssen a virun allem e laangen Otem an eng laangfristeg Visioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nëmmen duerch e responsabelt Verhale géintwärtig den dräi Liewensressourcen, Buedem, Waasser a Loft, ruffe mer eng nohaltege Opbrochstimmung ervir. Mir mussen d'Erausfuertung am Dossier effizienten Energieverbrauch a Klimawissel mat vill Courage ugoen. Wa mir onst Verhalen a puncto Energieverbrauch, an domat Emissiounen vun den Dreifhausgasen net ännere wëllen, dann entwéckelt sech de Klimawissel zu enger grousser Gefor fir de Mënsch an och fir d'Ëmwelt.

Nach déi lescht Woch huet den Här Nobuo Tanaka, den Direkter vun der IEA zu Paräis, hei am Land gesot: „Déi aktuell Finanzkris verhënnert net nëmmen déi néideg Investitiounen an déi energieeffizient Mesuren, mä si ënnerbënn och d'Entwécklung vun neien Technologie fir d'Notzung vun den erneierbaren Energien, well ebe keng Kreditter fir dese Beräich do sinn.“

Wann an de kommende Méint, wann d'Kris op en Enn kënnt, d'Energiepräisser erëm unzéien, da sti mer virun enger weiderer Kris. Den Här Tanaka huet och gesot - an dat erënnt e bësselchen un den 1933er New Deal vun dem President Roosevelt, deen huet och deemools den New Deal agefouert an Amerika -, mir sti virun engem „Clean Energy New Deal“, an ech mengen, dat sollte mer vläch alleguer behäerzegen.

Weiderfuere - an ech soen dat fir munch Leit, déi ëmmer esou mam Fanger op anerer weisen -, mat dem Fanger op anerer ze weisen, ass hei e falsche Schrëtt, well domat maache mir eppes falsch. Ech wëll hei de chineesesche Philosoph Laotse zitéieren, deen 300 Joer viru Christus gesot hat: „Weis ni mat deem enge Fanger op deen aneren, et kucken der véier zrëck.“ Jiddwee soll bei sech ufänken, ech mengen, da komme mer hei virun.

Bei d'Iwwerleeungen, déi haut de Mëtteg, an der Rumm vun den Energieperformancen an de Gebaier an Haiser, drop ofzilen, manner Energie ze verbrauchen, géif ech gär zum Schluss de Saz vum Mahatma Gandhi zitieren, dee gemengt huet: „Lief du einfach, fir dass och anerer einfach liewe kënnen.“ Ech mengen, dat ass op der Energiesäit gutt geméint fir ons alleguerten. Ech mengen, dat wier e Message, wann dee vun deem héijen Haus no bausen hi gedroe gëtt, da kann ech mer virstellen, dass ons Matbierger och deesen Challenge unhuelen.

Ech kommen dann zum Schluss a soe Merci fir d'Opmierksamkeit.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président. - Merci, Här Oberweis. Den nächste Riedner ass den Här Roger Negri. Den Här Negri huet d'Wuert.

» M. Roger Negri (LSAP). - Här President, Dir Häre Ministere, Dir Dammen an Dir Hären, - 5,2% sinn d'CO₂-Emissiounen zu Lëtzebuerg am Joer 2008 par rapport zu 1990 op Basis vum Kyoto-Protokoll zrëckgaang. D'CO₂-Emissiounen si fir d'éischt am Joer 2007 erëm zrëckgaang op - 1,4%. Am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech ei-

sem Ëmweltminister Lucien Lux félicitéiere fir déi gutt Aarbecht.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Den Ëmweltminister huet et domat fäerdeg bruecht, den Trend vum permanente Klamme vun den CO₂-Emissionen aus de leschte Joren ze dréien an ab dem Joer 2007 d'CO₂-Emissionen par rapport zu 1990 ze reduzéieren. Dëst huet den Ëmweltminister mat ville Mesuren duerchgesat, déi net ëmmer direkt op dat richteg Verständnis gefall sinn, mä d'Resultater weisen, dass den Ëmweltminister richteg louch, an duerfir eist Kompliment.

Och am Beräich vun de Wunnhaiser sinn d'CO₂-Emissionen am Joer 2008 ëm - 1,2% zrëckgang. Dëst ass en Ufank, do bleift nach vill ze maachen, mä ëmmerhin ass hei och den Dréi an déi richteg Richtung do.

Här President, wéi d'Interpellatioun den 18. Juli 2008 iwwert d'Performance énergétique an de Wunnhaiser vun der Demokratescher Partei ugefrot ginn ass, hat de Barrepräis säi bis elo héchste Stand an der Geschicht mat knapps ënner der 150-Dollar-Grenz pro Barrel, fir 159 Liter Pétrol, erreicht. D'Brisanz vun engem permanent steigende Präis war zu deem Moment op engem virleefegen Héichpunkt ukomm.

Opgrond vu villen Elementer, virun allem der Finanz- a Wirtschaftskris, ass de Pétrol duerno erëm gefall a gëschter, op de 24. März 2009, stoung e bei 52,95 Dollar pro Barrel. Glécklecherweis, muss ee soen, soss géifen d'Konsequenze vun der Finanz- a Wirtschaftskris eis nach méi staark treffen. Mä mir maachen eis näischt vir: D'Pétrolspräisser wäerten an absehbarer Zukunft ëmmer méi staark steigen.

Wéi mer all wëssen, ass d'Ausgoe vun der fossiler Energie op der Welt virprogramméiert. Wéini dat ass, ass müssig ze diskutéieren. Mir gesi schonn elo, mat wat fir Muechtkämpf op der Welt ëm déi lescht Reserve vum schwaarze Gold, dem Uelech an och dem Gas, gekricht a geronge gëtt. Gennant sief hei de Krich am Irak, an déi batterescht Erpressungstheatrik, déi eis all Wanter am Oste vun Europa mat der Gasversuergung virgefouert gëtt.

Wann een dann héiert - an den honorabele Kollege Marcel Oberweis huet et scho gesot -, wat den Direkteur, den Nobuo Tanaka vun der IEA, vun der International Energy Agency, also der Internationaler Energie Agentur d'lescht Woch hei zu Lëtzebuerg gesot huet, dass de Moment d'Nofo vum Pétrol bei dräi Milliounen Barrel pro Dag op der Welt läit an dass am Joer 2030 64 Milliounen Barrel pro Dag misse gefördert ginn, fir der Gesamtfo, och an de Pays émergents a virun allem a China, nozekommen, da muss et engem elle ginn.

Fir deem entgëntzwerken, setzt d'International Energy Agentur haaptsächlech op d'Energieeffizienz an op d'erneierbar Energien. Den Här Tanaka huet proposéiert deementspreechend d'Investitiounen an dese Secteure virunzuedreien an huet plädéiert fir en „Clean Energy New Deal“, sénn-gemeiss nom New Deal, mat deem d'USA an den 30er Jore vum leschte Jorhonnert aus der Wirtschafts- a Sozialkris erausfonnt hunn.

Den Direkteur Tanaka huet bei dëser Geleeënheet och eisem LSAP-Energieminister Jeannot Krecké félicitéiert fir d'Progrèsen, déi Lëtzebuerg säit der leschter Bewäertung vun der IEA vun 2004 gemaach huet an der Energieversuergung en général, an och fir d'Moosnamen, déi geholl gi sinn, ënner anerem, éischens fir d'Verbesserung vun der Energieeffizienz an de Gebaier, zweetens, der Fördereung vun erneierbaren Energien, an drëtens an der Reduzéierung vun den CO₂-Emissionen.

E wichteg Uleies vun der IEA ass eng weider verstärkt Steigerung vun der Energieeffizienz. Duerfir huet sech d'IEA och zefridde gewisen iwwert d'Afféierung vum Energiepass fir Privathaiser, dëst beim Ëmsetze vun der EU-Direktiv iwwert d'Wärmeschutzverordnung, déi mer Enn vum leschte Joer hei an der Chamber gestëmmt hunn.

Här President, ech ginn elo net op all déi Mesuren an, déi eis zwee LSAP-Minister, den Ëmweltminister Lucien Lux an den Energieminister Jeannot Krecké, geholl hunn an amgang sinn nach ze huelen. Dat hu si gemaach, an duerfir soll et och hire Mérite sinn, dëst herno selwer ze maachen.

Just e puer allgemeng Bemierkungen: Dass et bei der Asetzung vun neie Mesuren ëmmer e puer Démarrage-Problemer gëtt, soll a wäert eis net vun eisem Konzept ofbréngen, ëmmer méi performant Incentiven ze ginn, fir d'Energieeffizienz an de Gebaier ze verbesseren. D'Iddi, fir d'Kreditter an der

Energiesubsidëpolitik zousätzlech zu engem Nullzëns-Taux unzëbieden an och eng sozial Komponent mat eranzebréngen, ass grad an dëser Wirtschaftskris net vun der Hand ze weisen. Dëst wier engersäits en Usporn fir d'Leit, éischter an d'Energieeffizienz ze investéieren, a géif anerersäits de Kleng- a Mëttelbetriber och verstärkt Aarbecht beschafen an esou Aarbechtsplazen erhalten an nei schafen.

Här President, eng performant Energieeffizienz souwuel bei neien Haiser wéi Niddregenergiehaiser, an nach besser Passivenergiehaiser, mä och eng fachgerecht Renovéierung, déi alle Kritäre vun där beschméiglecher Wärmedämmung gerecht gëtt, wäert an Zukunft um Immobiliemarché beim Kaf a Verkauf vill méi eng grouss Roll spille wéi bis elo.

Souwuel d'Keefe wéi och d'Locataire wäert bei enger Immobilié méi staark op d'energetesch Qualitéit vum Objet bei hiner Décisioun oppassen. Heifir hëllef den Energiepass, fir op eng einfach Manéier, quasi mat engem Bléck, sech iwwert déi wesentlech energetesch Qualitéit vum Gebai ze informéieren.

Dëst ass aus zwee Grënn wichteg: Éischens, en Haus, wat ee spéider erëm verkafe wëllt oder muss, bréngt an Zukunft nëmme méi e gudd Präis erant, wann et och deenen néidegen Energiekritären entsprécht; an zweetens, e schlecht oder guer net isoléiert Haus kascht beim Verbrauch vu fossilen Energieträger wéi Mazout oder Gas an Zukunft ëmmer méi deier.

Hautdësdags bidden och duerfir déi baulech an technesch Méiglecheeten erheblech Energieaspuerpotenzialer, bis zur quasi kompletter Miniméierung vum Heizungswärmebedarf. Niddreg- a Passivhaiser kënnen, jee nodeem wéi wäit d'Energieeffizienz geet, bis zu 80% manner Heizenergie verbrauchen, wéi Gebaier an där bis elo traditioneller Bauweis.

All um Bau vun Haiser implizéiert Acteure mussen wëssen an deementspreechend informéiert a forméiert ginn, dass, éischens eng optimiséiert Wärmedämmung, zweetens reduzéiert Wärmebrécken, drëtens e suergfältig geplangt an och realiséiert Loftdichtungskonzept déi wierksamst an zugléich präiswäertst Moosnamen zur Heizenergieaspuerung sinn.

Wann dës Prinzipie vun Ufank un an eng integréiert Planung mat abezu ginn, beim Bau vun engem neien Haus, da sinn d'Baukäschten och net wesentlech méi deier wéi bei engem konventionell gebauten Haus. Eréischt d'Installatioun vum zousätzleche Komponente wéi Solarthermie- oder Fotovoltaikanlagen erhéijen de Präis méi substanzieel. Dat ass jo dann och e Choix, deen een am Sënn vun enger nohalteger Ëmwelt hält, an duerfir sollen a ginn dës och héich subventionéiert.

Dass d'Albausanéierung vu bestehende Gebaier duerch fachgerecht agesaten Energieeffizienztechniken duerchaus finanziell Gewënner bréngt, kann een um Ënnerschied vum Mazoutverbrauch verdäitlechen, wou den Energieverbrauch bei engem net sanéierten Haus bei 30 Liter Mazout pro Quadratmeter pro Joer läit, an dogéint bei engem optimal sanéierten Haus bei nëmme 4,5 Liter Mazout pro Meter carré läit.

Op zéng Joer héichgerechent mécht dat, bei circa 150 Meter carré Wunnfläch beim aktuelle Mazoutspräis, eng Käschterrelatioun vun 41.000 Euro zu 8.000 Euro. Wann een dat op 20 Joer ausrechnet mat steigende Mazoutspräisser, an an 20 Joer sinn dës aus heiteger Siicht bestëmmt méi deier, dann explodéiert déi Präisdifferenz vun 107.000 Euro zu 21.000 Euro.

Bei engem Gesamtverglach kann ee soen, dass eng traditionell Immobilié aus dem Baujoer 1978 circa 250 Kilowattstonne pro Meter carré pro Joer verbraucht, e Passivhaus vun haut 15 Kilowattstonne pro Meter carré pro Joer verbraucht an en Haus mat enger normaler komfortabeler Albausanéierung 45 Kilowattstonne pro Meter carré pro Joer verbraucht un Heizenergie.

Här President, zum Ofschluss wëll ech och nach op ee Punkt bei der Albausanéierung hiweisen, dee mir besonnesch elo an dese Krisenzäite wichteg schéngt. An zwar, dass déi nei Subsidëpolitik et erlaabt, komplett dissociéiert virzuege bei der Sanéierung vu sengem Haus. Et ass also méiglech, an de Genoss vum sämtlech méigleche Subsidien ze kommen, ouni alles beienee maachen ze müssen a sech domat den Invest finanziell besser opdeelen ze kënnen.

Zum Beispill - an dat ass eng Fro, déi oft gestallt gëtt - kann een d'Ersetze vun de Fënster separat vun der Renovéierung vun der Fassad maachen, och wann et sénnvoll wär, dëst zesammen ze maachen, aus tech-

nesche Considératiounen wéi Belüftungsproblemer an esou weider. Mä wann ee sech dat finanziell net zesumme leeschte kann, dann ass et wichteg, dass een emol domat ufänkt, staark isoléiert Fënsteren abauen ze loosse, an dat och separat subsidiéiert kritt. An enger zweeter Phas kann een dann d'Fassad renovéiere loosse an och hei deen entspreche Subsidie kréien.

Besonnesch a Krisenzäiten ass et wichteg, dass mir mathëllefen oppassen, dass d'Stéit sech net iwwerverscholden. Och wa mer jo sollen investéieren, esou soll ee net vergiesse, dass d'Zënsen de Moment niddreg sinn. A wann ee sech en général fir zéng oder 20 Joer méi verschëllt, muss ee virdu mat arechnen, dass d'Zënsen och erëm an d'Luucht goe kënnen, an da kann ee ganz séier an der Scholdefal leien.

Do ass et dann och net vu grousser Hëllef, dass elo en Insolvenz-Gesetz deponéiert ass, well dee perséinleche Misär, deen domat ëmmer verbonnen ass, ass och net méi ze reparéieren.

Här President, d'Veichen zu enger verbesserter Energieeffizienz bei Wunnhaiser sinn also elo vun der Regierung an déi richteg Direktioun gestallt ginn duerch eng optimal Subventionenpolitik. Mir als LSAP wäerten alles maachen, dass am Beräich vun de Wunnhaiser den Zuch a Richtung Energieeffizienz féiert.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den nächste Riedner ass den Här Kox.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, ech wollt dem Interpellant Merci soen, well déi Debatt vun haut kéint wéi geruff. Et léisst sech nämlech déi eng oder aner Ausso zur Klimafro vläicht relativéieren an op där anerer Säit och erklären. Op d'Klimafro selwer, mengen ech, brauch ech net méi anzuegen, well dat hu meng Virriedner des Laangen an des Breeden hei schonns genuch ausgefouert.

Ech muss soen, dass DÉI GRÉNG méi wéi erstaunt waren, wéi gëschter aus dem Mond vum Ëmweltminister ze héiere war, a wat haut och an der Zeitung nozeliesen ass, dass Lëtzebuerg elo d'Kéier an der Klimafro kritt hätt. Minus 4,3% CO₂ vun 2007 op 2008 a souguer minus 5,2% vis-à-vis vun 1990. „Kurskorrektur geschafft“, „Gewinn“ an „Glaubwürdigkeit“ war och nach haut nozeliesen.

Dëst op eng klimapolitesch Wäitsicht zrëckzeféieren, ass vis-à-vis vun deene ville verluerenen Aarbechtsplaze vun de leschte Méint net seriö! Dat ass keng Trendwende, et ass eng Momentopnahm vun engem staarke Réckgang vun der Wirtschaft. Dëst ass kee strukturelle Réckgang, mä ganz kloer e konjunkturelle Réckgang. Verkéiert Welt, kann een nëmme do soen.

Nach um LSAP-Kongress vu virun zwou Woche goufen DÉI GRÉNG vum LSAP-Parteipräsident dohigestallt als wär eng Tonn CO₂ fir DÉI GRÉNG méi wäert wéi eng Aarbechtsplaz. Mä wann ech déi rezent Aarbechtslosenzuele kucken, déi de Moie vum Wirtschafts- an Aarbechtsminister public gemaach goufen, da kann ech net frou sinn. Et gëtt um Bockel vun den entloosenen Aarbechter eng wäitsichteg Ëmweltpolitik verkaaft an dobäi nach als groussen Erfolleg an d'Fenster gestallt.

Déi Ëmweltpolitik nach déi Wirtschaftspolitik war net d'Politik vun deene Grëngen! Dëst huet weder mat Aarbechtsplazerhalung ze dinn nach mat enger nohalteger Ëmweltpolitik. Dëst ass e Rechspill fir kuerzfristeg iwwert d'Zil ze kommen an eng méssgléckte Regierungsbilanz ze manipuléieren.

» **Une voix.** - Très bien!

(*Interruptions diverses*)

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Ech erënnere un Kyoto.

Dëst Rechebeispill erënnert mech un eng aner Debatt aus den 90er Joren. Hu mer eis net selwer 1997 schonns eng Kéier esou Spiller virgegaukelt? Deemools waren d'Zuelen no der Ëmstellung vun der ARBED op Elektrostoll op jidde Fall excellent. Statt strukturell Moosnamen deemools schonns ënnerholl ze hunn, hu mer eis op Zuelespiller agelooss, déi eis haut nach vill Misär maachen. Haut si mer amgaangen déiselwech Feeler ze widerhuelen. Mir gaukelen eis eppes vir, ouni dass eppes Struktureles an eise Wirtschafte geännert huet.

Är eege publizéiert Zuele schwätzen eng eendeiteg Sprooch: minus 5,5% Réckgang bei der Wirtschaft ass haut an der Press nozeliesen am Joergank 2007 bis 2008.

Sécherlech sinn déi eng oder aner Ëmweltmoosnamen an der Wirtschaft duerchgefouert ginn, mä den Haaptréckgang ass op den Ofbau vun der Wirtschaftsproduktioun respektiv souguer op d'Zoumaache vu Betriber zrëckzeféieren. Dat ka jo awer net eist Zil sinn!

Och am Transport kënne mer nach laang net vun enger Trendwende schwätzen. Sécherlech sinn och do eng Rei vu Moosnamen, déi ee kann ënnerstëtzen an och positiv ka bewäerten. Fakt ass awer, dass am éischten Hallefjoer d'Präisser vum Diesel a vum Bensin esou héich ware wéi nach ni, a vill Leit deemools manner mam Auto gefuer sinn, dat kann een un den Zuelen um öffentlechen Transport nosichen.

Nozeliesen och an all den internationale Statistiken. Eleng a Frankräich ass de Konsum un Diesel a Bensin fir den Autotransport vum Juni 2007 op de Juni 2008 ëm 12,5% zrëckgang. Am zweeten Hallefjoer 2008 ass dee Réckgang duerch den Ufank vun der Wirtschaftskris deelweis a vill ze begrënnen. Besonnesch d'Transporteur hunn ënner der momentaner Wirtschaftskris ganz vill ze leiden. Sou ass zum Beispill de Verkauf vum Diesel am Dezember 2008 ëm genau 20% zrëckgang.

Kommt elo net a maacht eng Bilanzéierung vun de leschten dräi Méint! Ech si sécher, da steet net méi „Trendwende ist eingeläutet“ an der Zeitung, mä „CO₂-Ziele erreicht“. Ech wënsche mer méi eng Eierlechkeet an dëser Analys!

Fakt ass, dass d'Kyoto-Zil nach ëmmer ëm 23% verfeelt gëtt, an dass mer dës Zuel och nach duerch massiven Akaf vun Emissionsrechter am Ausland, iwwer 250 Milliounen Euro, schéinen. Déi 250 Milliounen Euro hu weder en ëmwelt- nach e wirtschaftspoliteschen Effekt hei zu Lëtzebuerg. De Réckgang vun den CO₂-Emissionen huet deemno haaptsächlech an eendeiteg eng konjunkturell Ursach.

Déi wirtschaftlech Rezessioun mat engem dramateschen Ustieg vu Kuerzaarbecht, der Drosselung vun der Produktioun a ville Betriber an dem Zoumaache vu Betriber a verännertem Konsumverhalten, dëst besonnesch am éischten Hallefjoer vum Joer 2008 duerch déi héich Uelechspräisser, huet direkt Auswirkungen op den CO₂-Ausstouss zu Lëtzebuerg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hoffen, dass déi Debatt vun haut den Owend dem Ëmweltminister erëm d'Aen opmécht an hien erëm an d'Realitéit zrëckkënn. Politik ass kee Rechspill! A wann dat och nach alles géif stëmmen, stellen ech mer awer d'Fro, firwat mer elo panikaart u ville Reglementer a Gesetzer oder och nach Prozedure mussen nobesseren.

» **Une voix.** - Très juste!

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Vun engem Aktionismus an deen aneren! Ee Seminar no deem aneren.

De Bilan, deen ech besonnesch op deem Punkt vun der Albausanéierung respektiv dem Neibau vun Niddregenergie- respektiv Passivhaiser ka maachen, ass méi wéi ernüchternd. 77 Demanden 2008 fir ze renovéieren, ass alles aneschtens wéi en Erfolleg. Eng Upassung vun de finanziellen Hëllefstellungen ass bestëmmt och wichteg an och richteg. Et ass awer och kee Muttwëll, d'Leit duerch finanziell Ureizer ze motivéieren, eppes am Ëmweltberäich ze maachen.

Mä et läit awer net nëmme bei de finanziellen Ureizer. Den Defizit läit op engem ganz anere Plang, an dat ass a bleift nach ëmmer e strukturellen Defizit. An dat sinn d'Berodungsstrukture respektiv eng flächendeckend a landeswäit Hëllefstellung a Berodung, an dëst souwuel fir d'Leit, fir de Konsument, fir d'Betriber a fir d'Industrie. An dëst zesumme mat de Gemengen oder de Gemengesyndikater, statt hir Initiativen ze torpedéieren.

Ech verstinn net, firwat et net e Matenee ka ginn, statt e Géinteneen. Ech froe mech, wat dann am Kanton Réimech oder Réiden gemaach gi wär, wann d'Gemengen net do schonns selwer aktiv gewiescht wären. De Bottom-up-Prinzip huet nach ëmmer vill erreicht. D'Initiativen, déi um klengsten Niveau ergraff ginn, hunn oft e bessert Resultat.

Statt bei deenen Aktiounen ënnerstëtzend ze wieren, ginn déi Aktiounen um Gemengenniveau als Konkurrent zu de staatleche Moosnamen ugesinn. De Rôle vun enger nationaler Energieagentur kann net d'Substitution vun de klengen regionale Strukturen sinn, mä de Rôle vun hir muss dee vun enger nationaler Hëllef- a Koordinationsstell sinn.

Ech wëll lech gären nach eng Kéier herno de Pabeier vun eiser Pressekonferenz vu Januar 2007 iwwerreechen. Eng Klimaschutzagentur no eiser Liesaart, ënnert der Form vun engem Établissement public - firwat net? -, huet d'Haaptaufgab vun enger Koordinatioun ze maachen. Niewent dëser Koordinationsroll kommen nach folgend Aufgaben derbäi: Berodung fir d'Handwierk an d'Industrie, Berodung fir d'Biergerinnen an d'Bierger zesumme mat de Gemengen an de Gemengesyndikater no bei de Leit, an natierlech de Suivi vun den Aktiounen iwwer e Monitoring, e Klimaschutzfong fir d'Moosnamen ze finanzéieren, e Fuerschungsdeel fir d'Entwécklung ze beschleunegen a weider e Modul fir d'Förderpolitiken ze steieren an ze iwwerpräieren.

Ech free mech elo schonns op eng konstruktiv Zesummenaarbecht am Sënn vun der Subsidiarität.

Niewent der Berodung ass awer och nach ëmmer e groussen Defizit bei der Ëmsetzung vun all deene Moosnamen. Hei besteet och nach ëmmer e groussen Bedarf u Weiterbildung an Hëllefstellung, besonnesch och fir a mat de Betriber. Hei hunn de Stat an d'Gemengen e wichtige Rôle ze iwwerhuelen.

Mir hätten eis gewënscht, dass de Stat schonns vill éischer mat engem Sanierungsprogramm fir staatlech Gebaier gestart wär. Esou en Aktiounsplang feelt zum Beispill ganz am Pak vun de Krisemoosnamen. Et ass schonns erstaunlech, dass mer elo schonns iwwer zéng Joer iwwer esou Sanierungsmoosnamen schwätzen an diskutéieren. Déi Pressekonferenz vum OGB-L mam Mouvement écologique datéiert schonns vun Dezember 1998. Nach ëmmer feelt d'Konzept fir eng kohärent Ëmsetzung.

Ech brauch och net op d'Wichtigkeet vun esou engem Konzept hinzewiesen an och net op d'Wichtigkeet vun esou engem Ëmsetze fir déi lokal Wirtschaft, besonnesch fir déi kleng a mëttelstänneg Betriber. D'Zuele vu Betriber an och Aarbechtsplazen, déi do agestallt sinn an deem Secteur, sinn lech jo bekannt. Haut wär mer frou, wann déi Konzepter kéinten direkt gräifen. Haut vläicht aus konjunktureller Iwwerleeung, gëschter éischer aus Energiepräis- respektiv aus Klimawerleeungen.

Wa mer haut keng Wirtschaftskris hätten, hätte mer bestëmmt eng Energiekris. Bei enger beschleunegter Wirtschaft, esou wéi mer se nach leschte Summer kann hunn, hätte mer haut sécherlech Barrepräisser vun 150 Dollar, wann net méi. Wa mer haut awer an enger Krisensituatioun op esou Konjunkturprogrammen setzen, huet dat och e längerfristegen an nohaltegen Effekt.

E gutt isoléiert Haus schützt virun neien Haussen um Energiemarché, a wa mer och nach déi reschtlech Energie aus erneierbar Energien hierstellen, kann eis déi nächst Energiehaussen egal sinn. Mir müssen also parallel zu den Effizienz- an Aspueermoosnamen d'erneierbar Energie voll a ganz ënnerstëtzen a weider ausbauen.

Haut loosse sech schonns Haiser realiséieren, et ass virdu gesot ginn, déi méi Energie produzéieren, wéi se der selwer verbrauchen, déi sougenannte Plus-Energie-Haiser. Mir müssen eis also nei Ziler setzen, besonnesch bei Neibauten, sou dass an der Zukunft all Haus op erneierbar Energie muss setzen.

Den Energiepass ass sécherlech dat richtig Instrument, mä héchstwahrscheinlech schonns erëm iwwerlieft, éier en iwwerhaupt richtig a Kraaft trëtt. D'Ausféierung vum Energiepass huet sécherlech e positiven Effekt. Mä leider hapert et och hei erëm bei der Ëmsetzung. E weidere strukturellen Defizit.

Mä nach eng Kéier zrëck zu den erneierbaren Energien. Kee Secteur verdréit esou eng Achterbahnfahrt, wéi dat de Fall vun den erneierbaren Energië während dëser

Legislaturperiod war. Sou wéi vläicht d'Wiederlag vun haut de Mëtteg: mol Sonn, awer mol vill Reen. Dat kann net richtig sinn a féiert just zur Frustratioun.

Nach gëschter op enger Table ronde an der Ackerbauschoul zu Ettelbréck hunn d'Bauere vu Kielen gekrasch, well nach ëmmer den Aspeisungspräis vun hirer Gasproduktioun net bekannt ass. Här Krecké, ech wär frou, wann Der deene Leit endlech de Präis géift ginn, fir dass se eng Planungs-sécherheet kënnen hunn.

Ech hoffe jiddefalls, dass déi neist Regierung endlech am Beräich vun den erneierbaren Energien Neel mat Käpp mécht. Bei der jëtzege Konstellatioun hunn ech d'Hoffnung opginn. Een, deen net dru gleeft, kann net de richtigen Impulsgeber méi sinn. Do hëllefden och net déi sëllege panikaarteg Konferenz 5 vir 12. Eng iwwer Energiestrategie, iwwer Ökotechnologien, iwwer Nohaltegkeet a wat net nach alles. Alles dat hätt ech mer viru fënnf Joer gewënscht. Dës Regierung war manifestement net op d'Klima- an d'Energiefro vun der Zukunft virbereet.

E Punkt wëll ech awer nach uschwätzen, dee vun der sozialer Dimensioun. Ech hu virdu schonns emol gesot, wa mer haut keng Wirtschaftskris hätten, hätte mer bestëmmt eng Energiekris. A béide Fäll sinn et awer wéi esou oft déi finanziell méi schlecht gestallten Haushälter, déi am meeschte wäerten drënner leiden. Hei müssen onbedéngt nei Weeër opgezechent ginn, fir deene Stéit besser a méi effikass ënnert d'Aerm ze gräifen. Zum Beispill duerch zënnsfräi oder och nach méi zënsgeeschteg Prête bei energetesch Sanierungen, extra Hëllefstellungen, besonnesch bei der Ëmsetzung, a viles méi.

Mä wann een dann esou Instrumenter wëllt ëmsetzen, gesäit een direkt wéi konservativ a réckstänneg a verschiddene Ministären, oder bestëmmt an engem Ministère nach ëmmer geschafft gëtt. Mäi Kolleg Camille Gira wollt nämlech zu Biekerech all deene Stéit, déi eng Akkerungsprime ufroen, eng zousätzlech Subventioun gi fir eng Energieberodung respektiv fir Begleedmoosnamen bei der Ëmsetzung vu Sanierungsmoosnamen. E sougenannte kommunale Contracting also. D'Sue fir d'Akkerungsprime gi fir qualitativ Sanierung geholl, an d'Gemeng streckt d'Käschten deelweis vir. Sou dass fir d'Leit keng finanziell Nodeeler entstinn an trotzdeem ënnert dem Stréch souwuel fir d'Ëmwelt, awer och fir déi eege Gesondheet, besonnesch vun deene Leit an deenen Haiser eppes iwwerreg bleift.

Dir kënt elo dräimol roden, ob si dat vum Postkutscheministère erlaabt hunn. Nämlech net!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu menger Ausféierung, net ouni awer nach eng Kéier meng Enttäuschung iwwert d'Aart a Weis vun der Duerstellung vun de Klimaziler op d'Käschte vun aneren auszudrücken. Mir sinn dergéint, dass um Bockel vun der Aarbechtsplaz nach eng Ëmweltpolitik schéigier gëtt. Dës Regierung huet duerch Kompetenzangel an onausgegäerte Konzepter e strukturelle Wandel verhënnert. De Bewäis fannt Der un de sëllegen Nobeserung vun de Krisegesetzter.

Dat ass net déi Klimapolitik, déi mir verrieden. Eis Klima- a Beschäftigungspolitik zielt op e Matenee vun Ekologie, Économie souwéi Éducation, net e géigesäitge Ausspülen.

Dofir: grad elo DÉI GRÉNG!

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Kox. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen.

» **Une voix.** - Si mer op enger Wahlversammlung hei?

» **Une autre voix.** - Heiansdo géif een dat mengen, wann ee kuckt, wann een dat liest, wat an der Press vu Verschiddene gesot gëtt.

(*Interruptions diverses*)

» **M. le Président.** - Den Här Mehlen huet d'Wuert.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Här President.

(*Interruptions diverses*)

» **Une voix.** - Gellift?

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Här President,...

» **M. le Président.** - Här Mehlen, wann ech gellift.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - ...ech... (*Interruptions et hilarité*)

...hu bei der leschter Debatt gesot, Här President, datt, wann et eis all Kéier géif geléngen, wa mer hei iwwert de Klimaschutz an iwwert d'Energieproblematik diskutéieren, eis Bilanz ëm 1% ze verbesseren, dann hätte mer eist Kyoto-Zil wahrscheinlech schonn erreicht.

Leider geet et e bësse méi lues, och wann den Ëmweltminister, wéi et schéngt, e Liichtbléck erbléckst huet, wou ech awer och fäerten, datt et nëmmer esou vorübergehend e bloe Fleck op engem groen Himmel ass, dee sech ganz séier erëm zoutzt. Dat heescht, datt et méi op eng momentan Situation zrëckzeféieren ass, datt déi Situation sech de Moment e bësse positiv duerstellt, an net op eng nohaltege strukturelle Verbesserung hei am Land.

Här President, d'Klimaproblematik muss mer lassgeléist kucken vun der aktueller Kris. Et ass eng laangfristeg Problematik, an ech ka mech deem nëmmer uschléissen, wat meng Virriedner hei schonn zu engem groussen Deel gesot hunn: Mir müssen eis drop stellen, datt d'fossil Energie, virun allem de Mazout, dee mer an eisen Heizunge verbrennen, oder de Bensin a Mazout, deen an den Autoe gebraucht gëtt, an deenen nächste Joren nach vill méi deier gëtt wéi e war, wéi en um Héchststand war d'lescht Joer.

Ech war viru kuerzem op enger Konferenz, wou aus wëssenschaftlecher Siicht duergeluecht ginn ass, wéisou datt dat esou ass. D'Verfügbarkheet si limitéiert an d'Förderung hält am Laf vun der Zäit of, egal wéi grouss datt deen Dépôt ass, bei deem gefördert gëtt. Dat läit un der Natur vun der Saach. Et muss ee sech dat virstelle wéi e Schwamm, wou déi éischt Halschent gutt erauskënnt a wou et duerno ëmmer méi lues geet.

D'Wëssenschaftler si sech zimlech eens, datt dee Peak bei normaler Entwécklung 2012, 2013 erreecht ass, dat heescht, trotz allen neie Fundorten an neie Förderanlagen, déi opgericht ginn, wäert d'Gesamtförderung op der Welt zrëckgoen, a si ass esou liicht duerch nâischt anescht ze ersetzen.

Dat heescht, mir mussen ganz einfach dovun ausgehen, datt d'Energie an Zukunft wesentlech méi deier gëtt aus reng maartwirtschaftlecher Siicht. Vun dohier hu mer all Ursach, net nëmmer aus kytopolitischer Siicht, aus Klimaschutzgrënn, mä och aus ganz einfachen, pragmatischen Iwwerleeungen, fir eng Energiepolitik ze maachen, déi esou mann wéi méiglech vun importierter Energie a virun allem vu fossiler Energie ofhängeg mécht.

Mir sollen haut hei diskutéieren haaptsächlech iwwert de Beräich vun de Gebaier, vun der Energieeffizienz, vum Erossetze vum Energieverbrauch am Beräich vun de Gebaier. Mir wëssen awer, datt den Aspuepotenzial just an deem Beräich relativ limitéiert ass. Den Här Ewringmann - deen eis jo hei zu Lëtzebuerg net onbekannt ass - vum Finanzwirtschaftleche Forschungsinstitut vu Köln, huet 2005 an enger Dokumentatioun opgewisen, datt bei engem gesamten CO₂-Equivalent vun 12,6 Milliounen Tonnen d'Joer d'Haushalter an d'GHD-Anlagen ouni de Stroum 1,37 Milliounen Tonne verbrauchen, dat heescht, dat si ronn 11%. Dat weist schonn, datt, och wa mer do ganz effizient schaffen, Verbesserungen ubrëngen, dee Potenzial, deen eis do zur Verfügung steet, fir eist Kyoto-Zil ze erreechen, dach awer zimlech limitéiert ass.

Den Här Ewringmann geet och dovun aus, datt een och bei enger gudder Förderung am Prinzip nëmmer 2% vum bestehende Bestand oder vun deem, wat bäikënnt, am Fong geholl nëmmer an dee méi héije Standard erakritt, sou datt dat och Mesuré sinn, déi sech iwwer laang Zäit histrecken, bis datt een effektiv do dee Stand erreecht huet, dee wëschenswäert wär.

Hie weist dann och dorop hin, datt am Haushaltsberäich virun allem d'Hëtzen an d'waarmt Waasser d'Energie verschlëngt. Dat si ronn 80% vum gesamten Energiekonsum. Do sinn nach dernieft dann déi aner 20%, déi verdeele sech op d'Kachen, op d'Belichtung an op elektresch Apparater.

Duerfir mengen ech wär et och richtig, wann ee sech drop konzentréiert, virun allem déi 80% do ze attackéieren, datt mer manner fir ze hëtze brauchen, datt mer manner brauchen, fir waarm Waasser ze produzéieren. Respektiv dat misst menger Meinung no - do gëtt net ganz vill driwwer geschat - awer haut Standard sinn an neie Gebaier, well mer wëssen, datt, fir Waasser ze hëtzen, wesentlech méi Energie gebraucht gëtt wéi fir Loft ze hëtzen, an datt enorm vill Energie doduerch d'Kanalisation fortleeft, datt mir eigentlech missten an ei-

sen neie Gebaier eng systematesch Wärmerückgewinnung beim waarme Waasser hunn, wat esou fortleeft aus eise Buedzëmmeren, vun de Wäschmaschinen, vun de Spullmaschinen an esou weider. Et ass eng enorm Energie, déi do einfach verpuffe gelooss gëtt. Menger Meinung no misst dat haut Standard ginn, an dat misst och deementsprechend da gefördert ginn.

D'Méiglechkeeten, déi mer hunn, si selbstverständlech d'Isolatioun - et ass jo och viles, wat sech dorop konzentréiert. An dem Niddregenergiestandard d'Wärmerückgewinnung - bei der Loft hu mer se. Bei de Passivhaier geet et praktesch net anescht. Déi natierlech Sonnestrahlung notzen - dat ass dann erëm en Appel un d'Architekten, fir och emol esou lues dorun ze denken, fir ëmzedeken an net nëmmer hir Virstellungen ze realiséieren.

Erneierbar Energiequellen notzen, virun allem d'Äerdwärmt. Do héiert een awer och, datt dat net ëmmer esou einfach ass, wann dat beantraagt gëtt. Oder, wat sech haut méi duerchsetzt, dat ass d'Wärmt iwwert d'Wärmepompe aus der Loft, aus der Ëmweltloft erauszéien, a virun allem dann och e Méi-effizient-Maache vu bestehenden Heizungsanlagen.

Här President, mir sinn eis driwwer eens, datt dat bei neie Gebaier vill méi einfach ass, an do kann een iwwer Virschreften - mir sinn absolut derfir -, awer och bei Investisseuren iwwer steierlech Ureizer a Bähëllef dozu bäidroen. Bei Altbauten ass et wesentlech méi schwéier. Mir wëssen dat. Et ass och méi schwéier, d'Leit ze iwwerzeegen, well et meeschtens méi deier gëtt. Duerfir ass et ze begrëissen, datt déi Bähëllef sollen nach weider eropgesat ginn. Mir sti jiddefalls voll do hannendrun.

Wann een dem Här Ewringmann seng Recommendationen kuckt, da freet e virun allem ganz héich Baustandarde fir Neibauten. Dat jiddefalls am Wunnungsberäich. Mä ech mengen, och de Stat muss an Zukunft déi héchste Standarde bei senge Gebaier asetzen. Laangfristeg ass dat ganz sécher déi beschten Investitioun an eppes, wat sech zrëckbezuelt.

Hie recommandéiert och, d'Leit solle manner isoléiert bauen, dat heescht, mir solle manner Einzelhaier bauen, well déi natierlech energetesch vill méi problematesch sinn, wéi wann dat Haiser oder Wunnenge sinn, déi sech an engem ganzen Ensemble befannen. Dat ass awer schonn erëm problematesch. Ech mengen, mir doen eis alleguer schwéier, fir de Leit wëlle virzeschreien, wéi si da solle bauen oder wéi si hir Wunnungsgestaltung ze maachen hunn.

Da leet hien e ganz groussen Wäert op d'Besteuerung vun der Energie, virun allem eng Besteuerung, déi sech um CO₂-Ausstouss vum Energieträger orientéiert. Och dat ass eiser Meinung no problematesch, well et awer um soziale Plang wéi deet. Et wär sech duerfir ze iwwerleeën, an ech fanne dat och eng gutt Uregung, datt een do, wou muss investéiert ginn, an d'Leit effektiv besonnesch a Krisenzäiten, wéi ee vu menge Virriedner virdu gesot huet, zécken, fir vill Geld an hir Wunnungen ze stiechen, well se fäerten, si géife vläicht an enger Scholdefal landen, datt een effektiv vum Stat do steierfräi Kreditter oder - pardon! - d'Zënnsfräiheet vun de Kreditter géif garantéieren, fir d'Leit dozou ze bewegen, fir et trotzdeem ze maachen, wa si mengen, si géifen dat net packen.

E ganz besonneschen Akzent muss eiser Meinung no och geluecht ginn op d'Berodung vun de Leit, vun de Bauhären, vun de Bewunner, vun den Architekten an och vun den Handwierker. Mir sinn der Meinung, datt do nach enorm vill nozehuelen ass, besonnesch wat och d'Qualifikatioun vun den Handwierker ubelaangt.

Ech war déi Deeg bei esou enger Berodung derbäi - et ass jo nâischt, et léiert een et net éier, wéi wann een an der Praxis domat ze doe kritt -, do gesäit een dach awer, wéi vill dach am Detail stécht a wéi vill Erfahrung och hei an do erfuerdert ass. Duerfir muss eiser Meinung no do nach e ganz groussen Effort gemaach ginn.

Et ass och sécher, datt de Stat - ech hunn et scho gesot - bei den öffentleche Gebaier absolut muss virgoen. Ech hat eng Question parlementaire gestallt virun enger Zäit. Wann een da gesäit, wéi vill Energie eleng an öffentleche Gebaier verschleiert gëtt, well mir do dee Standard net hunn, dee mer missten hunn, dann ass et ganz sécher, datt an deene kommenden Zäiten de Stat do enorm muss investéieren.

Här President, mir sinn eis gréisstendeels driwwer eens, wéi mer an där Problematik hei solle virgoen. Ech hunn haut och bei menge Virriedner net ganz vill Divergenze fonnt iwwert dat, wat misst geschéien. D'Di-

vergenze si méi an der Beuerteelung vun deem, wat an der Vergaangenheet geschitt ass.

Mir deelen och d'Aschätzung, datt mer vill Zäit verluer hunn. Mir sinn och der Meenung, datt zwar och besonnesch an der vieregter Regierung vill Geld investéiert ginn ass zum Beispill an d'Fotovoltaik, wou et eis e bësse fortgelaf ass, a wou ee mat deem Geld, wann een et als CO₂-Bilanz kuckt, fir dat, wat mer do effektiv erreecht hunn, mat deem Geld, wat mer do investéiert hunn als Stat, op anere Gebidder wesentlech méi en héijen Effizienzgrad hätte kënnen errechen.

Duerfir bedauere mer och e bëssen, datt een an där ganzer Aktioun e gewëssenen Aktivismus feststellt, mä datt et awer iergendwou un engem Gesamtkonzept feelt.

Mir sinn och der Meenung, datt et net gutt ass, et féiert och e bëssen zur Konfusioun dobaussen, datt dee ganzen Energieberäich, dee jo engersäits de Volet vun der sécherer Versuergung mat Energie beinhalt an op där anerer Säit méi den ëmweltpoliteschen oder klimaschutzpolitesche Volet beinhalt, datt dat an zwou verschiddeenen Hänn ass. Mir géifen et begrëissen, wann an der nächster Regierung déi zwou Voleuten an eng Hand géife kommen a vun do aus konsequent op dee richtege Wee géif higeschafft ginn.

Här President, d'Energiefro ass d'Zukunftsfro vun der Mënscheet schlechthin. Lëtzebuerg ass an engem extrem héije Mooss getraff, well mir eis Energie bal ganz musen importéieren. Eleng aus deem Bléckwénkel ass et sécherlech interessant, eisen Energieverbrauch, esou wäit wéi et nëmme geet, duerch intelligent Technik an Aspuermoosnamen erofzedrücken.

Mir sollten eis vun där aktueller Kris net oflenke loossen, au contraire, mir solle just déi aktuell Situatioun, déi sech an deenen nächste Méint ganz sécher net vereinfache wäert - au contraire! -, mir solle se notzen, fir an deem Beräich ze investéieren. Et ass eng Erausforderung. Et ass awer op där anerer Säit och eng Chance. Mir sti jiddefalls hanner alle Moosnamen, déi an déi Richtung do ginn.

An als Lescht: De Ministère muss sech jiddefalls eng ganz kloer Strategie ginn, och, fir dobaussen net nëmme ze affichéieren, datt e gewëllt ass, do finanziell ze hëllefen, mä datt een effektiv och bei de Leit dobaussen déi néideg Bewusstseinsbildung duerchgesat kritt, fir datt si och bereet sinn, mat op dee Wee ze goen.

An domadder wëll ech ofschléissen, Här President, an hoffen, datt mer mat eisem Débat haut erëm 1% an eiser Klimabilanz verbessert hunn.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Mehlen. D'Regierung huet d'Wuert. Als Éischt den Här Wirtschaftsminister an Energieminister Krecké.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Merci, Här President. Ech huelen d'Wuert direkt, och kuerz, well et geet ëm d'Performance énergétique des bâtiments d'habitation.

Et géif am Fong geholl, hat ech gemengt, haaptsächlech ëm d'Wärmeschutzveruerdung an hir Ëmsetzung goen, mä ech hu gemierkt, dass haut ganz villes ronderëm dat gedréint huet, woubäi déi Wärmeschutzveruerdung, ouni dass se elo als solches an de Mesures anti-crise steet, mä fir d'Handwierk wierklech e Boulevard ass - e Boulevard! Et hätt een nach kënnen den Titel dropsetzen - jo! -: Mesures anti-crise. Mä ech hunn elo säit Méint mam Handwierk geschwat an déi gesinn dat och esou.

Et ass e Boulevard fir déi, well hei si Saachen, wou se keng Konkurrenz brauchen ze fäerte vu China a vun iergendwou. Hei brauche se just d'Leit richteg ze beroden, wat se solle maachen, wéi se kënnen gehollef kréien, an da ginn d'Leit och mat op dee Wee.

Ech mengen, den Avantage vum Energiepass ass och deen, dass e gewëssenen Drock kënn op d'Privatleit, fir déi, déi en Haus hunn a wëlle verlounen oder verkafen, fir déi noutwendeg Mesuren ze huelen, fir dass se de Wäert vun hirem Haus an och da vun hirem Loyer kënnen oprechterhalen.

Déi nei Haiser souwisou mussen deenen neie Standarde säit dem 1. Januar 2008 entspriechen, a wéi gesot, do ass e Betätigungsfeld fir all déi Leit, déi aktiv sinn an der Konstruktioon, dat enorm ass - dat enorm ass! -, an et ass schued am Fong geholl - dat ass wouer, den Här Berger huet dat monéiert -, dass mer esou vill Zäit verluer hunn.

Et ass richteg, dass ee menger Meenung no hätt misse wéinst der Bedeitung vun deem Ganzen direkt ufänken, wéi d'Direktiv zu Bréissel decidéiert ginn ass, an déi Direktiv ass vun 2002. Ech weess net - bon, ech kann net lech de Virwurf maachen, Här Berger, Dir waart net an der Verantwortung, huelen ech un, Dir waart net an der Regierung 2002. Mä wéi ech 2004 komm sinn, bei esou engem extrem wichtege a prioritäre Sujet, hunn ech net eng Zeil,...

(*Interruption*)

...net eng Zeil vun der Ëmsetzung fonnt!

An duerfir, ech ginn lech vollkomme Recht: Mir hu schrecklech vill Zäit verluer. Mir hu schrecklech vill Zäit verluer, well, wéi ech am September emol den éischten Tirang opgemaach hunn: näischt! Weder am Ëmweltministère hu mer eppes fonnt nach bei mir, wou d'Ëmsetzung hätt misse gemaach ginn.

Ech weess net, ob de Koalitionspartner...

(*Interruption*)

Ech weess net, Här President, ob vläicht d'CSV zu deem Zäitpunkt onheemlech op der Brems souz an derfir gesuergt huet, dass dat do net gemaach ginn ass.

» Une voix. - Et ass ëmmer d'CSV, déi op der Brems séttz.

(*Hilarité*)

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Ah! Waart Dir et net?

» Une voix. - Neen!

(*Interruptions et hilarité*)

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Ah bon! Ma wie kann et dann nëmme gewiescht sinn? Wien huet déi Zäit verluer, déi esou essenziell ass, an esou engem wichtege Dossier?

(*Interruptions*)

Dir och net? Ech mengen, Här Berger, da bleiwen der net méi vill.

D'Direktiv vun 2002 - ech soen nach eng Kéier, Här President: 2002! -, extrem wichtege, hunn ech also 2004 am Hierscht virfonnt, keng Zeil vun Ëmsetzungsméiglechkeeten, an dat fir eppes, wat eng Riseprioritéit ass, dat gestinn ech gären zou.

Mir hunn am September 2005 no der Presidenschaft ugefaangen, direkt Gespréicher mat den eenzelne Gruppéierungen - Chambre des Métiers, Chambre de Commerce, OAI - an hunn am Juli 2006 de Règlement grand-ducal verabschit an der Regierung. Juli 2006!

Vis-à-vis vun deem, wat ech mer gewënscht hätt, dass et vläicht hätt kënnen - ech weess net - am Juli 2003 scho sinn, ass dat natierlech en Délai. Mä dee mussen déi Leit veräntweren, déi déi ganz Saach verschleeft hunn.

Doropshin hu mer awer net gewaart, bis de Conseil d'État am Mee 2007 säin Avis ginn huet, mä mir hu Gespréicher gefouert mam OAI, der Fédération des installateurs en équipements sanitaires, Chambre des Métiers, Groupement des syndicats professionnels an esou weider an esou weider. Méi wéi 600 Leit hunn un deene Virgespréicher - Virgespréicher, soen ech - participéiert. Mir hunn am Dezember dunn d'Publikatioun nom Avis complémentaire vum Statsrot kënnen duerchbréngen. Et ass also säit dem Dezember 2007, wou dat an Applikatioun getrueden ass op den 1. Januar 2008.

Dertëschent si Formatiounen gelaf. Eng 1.000 Leit hunn eng Formatioun iwwert den Energiepass matgemaach - ongeféier 1.000 Leit. 25 spezialiséiert Büroen - net OAI-Büroen, mä anerer - hu mer agréiert a forméiert. 200 Büroen aus dem Beräich vum OAI si forméiert ginn op d'Auswierkung vum der Wärmeschutzveruerdung.

Sécherlech, mir hunn ee Moment eng Nobesserung gemaach. Ech mengen och net, dass et eng Besserung ass, mä et war net anescht dran. Et huet ee gemierkt, dass éischters d'Leit net dorop reagéiert hunn, zweetens, de System vun de Copropriétéite mat sech bréngt, dass d'Leit sech och nëmme eng Kéier am Joer ausenanersetzen domadder, nämlech dann, wann hir Assemblée ass, an hir Assemblée, déi ass ëmmer am Fréijoer oder am Summer, an de Stéchedatum war den 1. September. Déi Meescht hate guer net verstanen, dass, wann een an engem Appartementshaus säin Appartement wëllt verlounen oder verkafen, dann dat ganz Appartementshaus muss evaluéiert ginn. Et war vläicht och net genügend an an där Form och determinéiert genuch gesot ginn, mä doropshin hu mer jo ausgesat bis den 1. Januar dann d'nächst Joer.

Mä itérativement hunn ech elo an all méigleche Campagné gesot, dass d'Leit sollen op dee Wee goen an dass se net erëm solle waarde bis zum Schluss. Fir déi eng sinn et ze vill Informatiounen no baussen, ze vill Pressekonferenzen, fir anerer sinn et der net genuch. Op alle Fall hu mer op all Mëttel, déi et gëtt, probéiert, d'Leit dorop opmierksam ze maachen, dass se net erëm eng Kéier an déi Situatioun erakommen.

Zur Erënnerung: Elo ass d'Wärmeschutzveruerdung wéi d'Bâtiments fonctionnels och duerch de Regierungsrot. Dat ass eng vill méi komplizéiert Matière gewiescht wéi déi vun den Habitatiounen, déi mer haut behandelten.

Dann zwee Wuert zu deem, wat hei gesot ginn ass. Här Berger, ech sinn dermat d'accord, dass et ganz wichtege ass, dass mer déi Wärmeschutzveruerdung och elo ëmsetzen. Mä Dir hutt vun dausende Wunnenge pro Joer geschwat, déi elo sollen ënner deem neie Standard gebaut ginn. Ech wëll lech just an Erënnerung rufen: Wann Der d'Statec-Zuele kuckt, mir bauen net méi wéi 700 Wunnenge pro Joer nei. Ech wollt dat just soen,...

(*Interruption*)

...einfach fir awer vläicht d'Zuelen an de Kontext ze bréngen.

Dann e Wuert zur Berodung. Déi Berodung huet hei Ulass ginn zu esou vill Diskussiounen zu Lëtzebuerg. An ech fänken net un nozezielen, wéi oft d'Leit hir Meenung geännert hunn. Eng Kéier ware se fir eng national Struktur: De Ministère selwer misst sech drëm bekëmmere, d'Regierung misst sech drëm bekëmmere. Da ware se fir eng dezentral Struktur; dat ass iwwerengs och beim Mouvement écologique esou gewiescht. Dat ass queesch duerch de Gaart gaangen. Eng Kéier war et d'national Struktur, eng Kéier war et d'Gemengestruktur. Bei lech war et ähnlech.

Ech muss lech éierlech soen, ech hunn Zweifele gehat herno. Wat ass dann elo dat Richtegt? Vu dass d'Leit esou oft hir Meenung geännert hunn, ware mer och - dat muss ech soen - um zweifelen.

Wat hu mer gemaach? Mir hunn aus der Energieagence zwou Agencé gemaach.

Eng, déi normal um Marché operéiert do, wou de Marché ebe verseet - an e verseet manifestement op ville Plazen - an ouni Hëllef agéiert: d'Energieagence.

Mir hunn eng Zweet derniewent geschaaft. Déi heescht „My Energy“. „My Energy“ ass do, fir d'Grundberodung ze maachen. „My Energy“ ass do, fir ze hëllefen, dass d'Leit zumindest en Usaz vun Informatioun an deem Beräich kréien.

Duerno, wann et Kräfte gëtt um Niveau vun de Gemengen, iwwerloosse mer deenen et a maache Kontrakter mat hinnen. Dat hu mer gemaach. Mir hunn esou vill Kontrakter scho mat Gemenge gemaach. Déi, déi ech elo am Kapp hunn, déi heescht STEP - Réiser, Beetebuerg, Diddeleng, Keel, Rëmeleng; et si jo keng kleng Gemengen -, wou mir e Kontrakt mat hinne gemaach hunn, dass si dat solle maachen. Mir loosse si maachen.

A wann et zu Réiden gutt gemaach gëtt, da loosse mer se maachen. A wann et zu Réimech gutt gemaach gëtt, da loosse mer lech et maachen. A wann Der gär Hëllef hätt vun „My Energy“, da gëtt si lech déi Hëllef. Da gi mir och guer net op deen Terrain. Mä dat huet awer eng Zäit gebraucht, bis een erausfonnt huet, wat jiddweree wollt.

(*Interruption*)

» M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Hei ass eise Pabeier, Här Minister, vum Dezember 2007. Hei ass d'Struktur, déi mer proposéiert hunn. Kuckt lech déi un!

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Jo, dat ass déi, déi mir wahrscheinlech elo duerchgezunn hunn.

(*Interruption*)

Majo, mä dat ass de Bewäis...

» M. François Bausch (*DÉI GRÉNG*). - Da sot net, eis Meenung hätt geännert.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Jo, dach. Fréier waart Der fir national Strukturen, elo op eemol waart Der bei aneren Dénger, Här Bausch. Mä mir hunn lech nogelauschtert. Wat reegt Der lech op? Mir hunn lech nogelauschtert a mir hunn et esou gemaach.

(*Hilarité*)

Also, wa mer dat maachen, wat Der gären hutt, da sidd Der natierlech schlecht drun. Wa mer dat net maachen, da kënn Der kriti-

séieren. Elo hânt Der awer. Elo kënn Der net kritiséieren, well mir hunn dat gemaach, wat Der gär gehat hätt.

(*Interruption*)

Dir hutt och gefrot, fir eng ganz Rei Campagnen ze maachen. Och dat hu mer gemaach à tel point, dass Der sot, et wäre schonn ze vill Campagnen.

» M. Alexandre Krieps (*DP*). - Pressekonferenzen. Dir hätt missen d'Leit besser informéieren.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Ma wësst Dir dann, dass et eng Hotline gëtt, déi scho laang fonctionnéiert, déi gratis ass? Wësst Der, dass et en neie Site gëtt bei „My Energy“, wou Der all Informatiounen kritt, Här Krieps? Ech an Ärer Plaz géif wierklech eng Kéier vläicht den Tour vum Rubi op d'Energieagence maachen an nach eng Kéier kucke goen.

(*Hilarité*)

» M. Ben Fayot (*LSAP*). - D'DP ass e Champion vu Pressekonferenzen. Also, kommt lech net bekloen.

» M. le Président. - Den Här Berger stellt lech eng Fro.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Den Här Berger? Deen huet dach schonn eng Interpellatioun ugefrot gehat. Wëllt Der nach eng Kéier interpelléieren?

» M. Eugène Berger (*DP*). - Neen.

» M. le Président. - Den Här Berger huet d'Wuert.

» M. Eugène Berger (*DP*). - Neen, et ass just, well den Här Wirtschaftsminister elo vun där Hotline geschwat huet. Ech hat virdrun dat Beispill illustréiert, wou een hätt kënnen e puer Sätze schreiwen. Nach haut huet déi Persoun op där Hotline, déi se do fonnt huet, ugeruff. Do krut se du gesot, se wären awer net zoustänneg dofir.

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Bon, Här Berger, ech behaapten net, dass alles riicht do fonctionnéiert. Dat hunn ech nach net behaapt. Mä Dir hutt ee Beispill elo hei, an domat hutt Der lech eng zéng Minutten ausenanergesat. Wann dat d'Interpellatioun iwwert dee Sujet do ass, dann deet et mer leed, da feelt awer nach e bësse Substanz.

E Wuert awer zu Äre Propositionen, vun deenen ech awer näischt méi héieren hunn. Dir hutt déi ee Moment virbruecht, wéi Der Äre Pabeier erausginn hutt fir d'Interpellatioun, an duerno kouw näischt méi dozou.

» M. Eugène Berger (*DP*). - Soll ech et nach eng Kéier widderhuelen?

» M. Jeannot Krecké, *Ministre de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports.* - Neen, neen, ëm Gottes Wëllen!

(*Hilarité*)

Ech hu se jo an der Zwëschenzäit verstanen. Dat heescht, ech hunn d'Fro verstanen, och déi Der net gestallt hutt, mä duerfir ginn ech lech dann awer eng Äntwert drop.

(*Interruption*)

Neen. Do sot eng Kéier een, dee misst bei den Dokter goen. Ech hunn net wëlles bei den Dokter ze goen.

Dir hutt vun enger Klimabank geschwat. Bon, dat kléngt alles ganz gutt. Mä wat hu mer am Moment? Mir hunn, wéi mer den Energiepass agefouert hunn, den Handwierker gesot: Dir musst och ëmmer de Leit d'Hëllefstellungen derbäiginn, wann Der en Devis gitt. Dir dierft keen Devis méi ginn, ouni dass Der dat maacht. Ech brauch awer keen an de Prisong ze stellen, wann en dat net mécht. Mä mir hu se itérativement drop opmierksam gemaach. Ech mengen och, dass déi Meescht bekäppt hunn, dass dat fir si e ganz neien Terrain ass an dass dat fir si en interessant Terrain ass.

Mir sinn also op de Wee vun Subventiounen gaang.

Mir sinn zweetens op de Wee gaangen, dass mer mat Banke verhandelt hunn - fir d'éischt véier an duerno sechs -, déi bereet waren, de Leit méi bëlleg Kreditter ze ginn, wa se dat am Kader vum Energiepass géife maachen. Wann ech richtig verstanen hunn, ass et jo dat, wat Der gâr gehat hätt.

Mir sinn also op de Marché gaangen, wou d'Leit normal ginn, a mir hu mat deene verhandelt, a mir hu gefrot, dass déi de Leit en aneren Zënssaz ginn. Wann een also elo kombinéiert, d'Subventiounen - den Här Lux wäert dovunner schwätzen - mat der Zënserofsetzung, déi mer duerchgesat hunn, plus déi Moosnamen, déi am soziale Wunnengsbau virgesi sinn, da weess ech schlussendlech net au regard vun deenen niddregen Zënssen, wou mer geschwë jo bei engem Prozent sinn, wou Der nach wëllt e grouse Sputt eraushuelen an nächster Zäit, esou wéi mer elo am Moment den Zënssaz hunn.

Elo hu mer Subventiounen op där enger Säit allgemeng. Mir hu Subventiounen fir déi sozial méi schwach. Mir hunn en erniddregten Zënssaz. Franchement, do weess ech awer net, wat een nach soll derbäimaachen. Do kann een eng Klimabank maachen, mä ech muss awer soen: Einfach vum Finanzialen hier, gesinn ech de Sënn dofir net méi an.

Wat den „Contracting“ ubelaangt, esou ass et esou, dass de Privatsektor - dat ass e fromme Wonsch - sech ganz schwéier doranner deet. Déi Eenzeg, déi am Moment do matzéien, dat sinn d'Gemengen. D'Gemengen zéien do mat. Do si mer och amgaangen e Cahier des charges mat hinnen auszeschaffen, wou et herno standardiséiert Cahiers des charges fir d'Gemenge wäert ginn. D'Gemenge schéngen éischter op dee Wee ze goe wéi de Privatsektor.

Dir sot, mir hätten eis keng Ziler ginn. Ech géif lech da bieden, den Energieeffizienzplang ze kucken, dee bis 2016 definéiert, wat eis Ziler sinn. Wann ee vu Wärmeschutzveruerdung a vu Performance énergétique schwätzt, dann ass et vun Efficacité énergétique. Da géif ech lech bieden, dohinner kucken ze goen, an da géift Der gesinn, dass mer eis Ziler ginn hunn. Souwiso hu mer en Zil vu - 20% am Joer 2020, wat d'Energieeffizienz ubelaangt, déi vun der Europäescher Unioun definéiert ginn ass. De Rescht fannt Der an eisem Energieeffizienzplang.

Ech gestinn - nach eng Kéier - gären dem Här Kox zou. Ech hunn haut nach eng Kéier Uerder ginn, dass mer onbedéngt déi Aspeisungstariffer...

(Interruption)

Jo! Do, wou Der Recht hutt, hutt Der Recht. Ech hu selwer gegrommelt, dass mer et net fäerdeg hunn. Ech hunn et nach eng Kéier gefrot. Ech gestinn dat gären an. Et ass eng Schwächt. Ech war mer es net bewosst. Ech hu geduecht, déi Gespréicher wäere gefouert ginn an et wär fäerdeg. Ech hunn elo nogefrot, an dat stëmmt: Et ass net mat hinne fäerdeg gemaach ginn. Dat geschitt elo direkt. Dat versprieche ech lech.

E lescht Wuert, ier ech u mäi Kollege Lucien Lux weiderginn: Energiestrategie. Ech hunn lech probéiert ze explizéieren: Et kann een zu all Moment eng Energiestrategie definéieren. Mir hunn eng ganz Rei Moosnamen emol ëmgesat gehat, déi jo och - dat wëll ech lech soen, Här Berger - aus enger anerer Zäit stamen, nämlech aus där vun der viregter Regierung.

D'Ëmsetzungen am Gas, am Elektreschen, an de Bâtiments fonctionnels. All déi Saachen do si vu virun 2004; déi Direktiven allequerten. Do hunn ech näischt, net eng Zeil, virfonnt. Dat hu mer alles emol ëmgesat, a mir sinn higaangen a mer hunn dann ee beoptraagt - den Här Ziesing -, e soll eis probéieren eng Energiestrategie emol ze proposéieren.

Mir hu souguer den Här Ewringmann mat bäigeholl, vu dass deen am Beräich Klima schon eng ganz Rei Iddien développéiert huet. Mir hu se och net am Tirang leie gelooss, mä mir hunn hinne gesot: Waart ee Moment of, well mir hunn eng Rei wichteg Décisiounen, déi zu Bréissel ustinn.

An déi lescht wichteg Décisiounen sinn am Dezember gefall. Mir kommen dann am Februar eraus. Ech hu kloer an daitlech gesot:

Mir maachen zwee Workshopen doriwuer. Et komme keng Décisiounen méi um Niveau vun der Regierung doranner. An dat fléisst an an dee largen Débat, dee jo scheinbar stattfënnt bei de Wahlen. Ech gesinn net, wou de Problem ass, dass jiddweree sech zu där Engergiestrategie do äussert.

Wann awer elo d'Argumenter an d'Iddien zur Energiestrategie sech résuméieren drop, dass ee seet: Et ass ze spéit komm, da mengen ech, dann hu mer d'Zil verfeelt. Da maachen ech mäi Mea culpa, well da war et onnëtz, wat ech gemaach hunn. Ech hat alt geduecht, mir kéinten en Débat driwuer féieren. Mä bon, wat soll ech nach dozou soen? Am Fong geholl näischt méi.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Den Ëmweltminister huet d'Wuert. Här Lux, wann ech gelift.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll op dräi Elementer vun där Debatt nach eng Kéier agoen, fir dat net nach ze vill am Detail ze maachen. Mir hatten oft d'Geleeënheet, an der Kommissioun och iwwert déi eenzel Beräicher mateneen ze diskutéieren.

Ech kommen net derlaanscht, ee Wuert iwwert de Klimaschutzbilan, den CO₂-Bilan ze soe vun 2008. Déi Zuelen, déi ech gëschter virgestallt hunn. E Wuert ze soen iwwert déi Prozeduren. Ech mengen, dat ass ee Punkt, dee mer wierklech um Häerz an heiansdo och um Mo läit, fir ze soen, wat mer an deene leschte Wochen dozou gemaach hunn, an och e Wuert iwwert dat neit Reglement, wat an dësen Deeg fäerdeg gemaach gëtt, nodeem mer eng laang Diskussioun nach hate mat dem Secteur, mat de Klimabündnisgemengen, fir ze kucken, wat fir eng Iddien dass een do kéint ëmsetzen.

Ech wëll zu deem éischte Punkt soen, dass et mech dach awer fuerchtbar enttäuscht huet, fir haut zweemol, eng Kéier rapportéiert an och eng Kéier nozelauschteren, wéi hei gemaach ginn ass, wéi wann déi Zuelen, déi gëschter virgeluecht gi sinn iwwert den CO₂-Bilan vun 2008, eng Zuelegaukelerei wäeren, a wéi an engem Mooss dach awer och eng perséinlech Attack géint meng Persoun gemaach ginn ass, déi ech dach relativ enttäuschend fonnt hunn, nodeem mer an dëser Legislaturperiod an deem dote wichtige Défi während véier Joer an zéng Méint et fäerdeg bruecht hunn, konstruktiv mateneen ze diskutéieren.

Ech hat d'Gefill, dass och Saachen hei behaupt ginn an och geschriwwen gi sinn, besonnesch de Mëtteg, wou ech net hei war - wat ech nach méi enttäuschend fonnt hunn, dass een dat mécht, wann een och net d'Geleeënheet huet, fir dorobber kënnen ze äntwerten -, dass Saachen einfach behaupt ginn, déi aus der Zeitung erausgeholl ginn, an Elementer, déi een am Laf vun enger Pressekonferenz, déi eng Stonn gedauert huet, domadder einfach ënnerschloe ginn a gemaach gëtt wéi wann ech net selwer op eng Rei vu Saachen higewisen hätt, fir ze differenzéieren, fir kloerzemaachen, wéi ech dee Bilan do aschätzen.

Ech muss soen, dann ass et och politesch fir déi nächst Joren net ze gewinnen, wann den Ëmweltminister ëmmer kritiséiert gëtt, wann d'Emissiounen an d'Luucht ginn, an e gëtt och nach kritiséiert, wann d'Emissiounen erfoginn. Ech mengen, dann ass et definitiv net ze gewinnen. Ech soen nach eng Kéier hei, an da wäert ech am Detail nach eng Kéier ganz kloer soen, wat déi Analys ass, déi mer maachen.

Ech wëll hei nach eng Kéier ganz daitlech soen, dass ech all deene Biergerinnen a Bierger, déi an deene leschte Joren, an deene leschte Méint matgeholfen hunn, fir zu engem positive Bilan 2008 ze kommen, Merci soen. Ech mengen, dass a wäiten Deeler vun dësem Land erkannt ginn ass, souwuel an den Entreprisë wéi virun allem an de Gemengen wéi awer och an de Stéit doheem, dass ee mathëlleft konkret un deem Klimaschutzziel ze schaffen.

A wann ech op déi Zuele vu gëschter nach eng Kéier zrëckkommen, fir kloerzemaachen, wat ech do gesot hunn, denken ech, dass déi Entwécklung, déi een...

(Interruption)

» **M. le Président.** - Den Här Bausch freet d'Wuert.

(Interruption)

Dir kritt Parole après ministre.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech hunn nach masseg Riedezäit.

» **M. le Président.** - Dir kritt Parole après ministre, wann Der wëllt.

(Interruptions)

D'Diskussioun ass domadder ofgeschloss. Dir schwätzt duerno.

(Interruption)

Et mécht jo keng Differenz.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Dat steet net esou am Reglement, Här Scheuer.

» **M. le Président.** - Neen, neen, ech kennen d'Reglement.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Da kuckt dat eng Kéier no. Frot emol Är Greffieren niewent lech.

» **M. le Président.** - Brauch ech net.

(Hilarité)

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Da wäert Der emol gesinn, datt Der dat braucht!

» **M. le Président.** - Maachen ech net.

(Interruptions)

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Hunn ech d'Wuert erëm zrëck?

» **Plusieurs voix.** - Jo.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech wëll also deene soen, bei deenen ech gemengt hunn, dass déi Zuelen... Ech hat uegoholl, dass all déi, déi sech dem Défi vum Klimaschutz verschreiwen, sech géife freeën iwwert d'Reduktioun vun den Emissiounen am Joer 2008. Mä et schéngt een hei den Nerv vun engem gewëssene Fonds de commerce getraff ze hunn.

(Hilarité)

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Et schéngt een hei ze këddelen un deem sakrosankte Monopol vun der Wouerecht, deen eenzel Leit an deem Beräich vun der Ëmwelt an dem Klimaschutz hunn, fir dach awer op eng Rei vu Punkten ze kommen.

Ech wëll soen, dass déi Entwécklung vun der Reduktioun vun den Emissiounen net eng Entwécklung ass, déi sech eleng ofspilt am Joer 2008 a scho guer net eng, déi sech ofspilt an deene leschten zwee, dräi Méint innerhalb vun der Wirtschaftskris. Dofir wëll ech dat Argument wäit zrëckgeheien, wann hei gemaach gëtt, wéi wann déi Zuelen do eleng Zuele wäeren, déi domat ze dinn hätten, dass mer an deene leschten dräi, véier Méint, mä virun allem an deene leschten zwee Méint vum Joer 2008 an eng Wirtschaftskris leider geschliddert sinn.

Ech wëll och virun allem deene Grénge soen, dass ech selwer gëschter an der Pressekonferenz gesot hunn, dass an deem Réckgank vu 5,5% vun der Industrie natierlech och Elementer, zum Schluss vum Joer am leschten Trimester, sinn an esou virun, déi mat der wirtschaftlecher Situatioun ze dinn hunn. Also, mir braucht Der net ze soen, dass ech roueg an transparent an deene leschte fënnef Joer all Zuelen dohinnergeluecht hunn.

(Interruption)

An déi Zuele vun 2008 sinn no deeneselwechte Kritären, no deeneselwechte Miesslate vun der Ëmweltverwaltung gerechent ginn, wéi all déi Jore virun.

Ech wollt zweetens soen, dass ech an där Pressekonferenz, bei all Geleeënheet gesot hunn, dass natierlech eng Reduktioun vu - 5% largement nach wäit ewech ass vun deem Zil, wat mer 1997 ënnerschriwwen hu mat deene - 28%. Dass also nach e laange Wee ze maachen ass, mä dass awer d'Basiss geluecht ass, fir an där zweeter Kyoto-Period bis 2020 déi - 20%, déi mer ënnerschriwwen hunn am Dezember 2008 um Conseil européen, fäerdeg ze bréngen.

An dann d'Fro, Här Kox, déi mech virun allem interesséiert huet. Ech hu gëschter an der Pressekonferenz virun allem eppes gesot. Et ass déi éischte Kéier, wou mer...

(Interruptions)

Gitt Der lech eens?

» **Une voix.** - Jo, jo.

(Interruptions)

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech wollt dem Här Kox eppes soen an...

Ech hu gëschter virun allem, wann ech soen, eng Trendwend, e Liichtbléck, e Wee an déi richteg Richtung, dann ass dat virun

allem, well een an deenen Zuele vun 2008 gesäit, dass déi éischte Kéier mat enger Reduktioun vu 4,9% déi national Flotte, dat heescht déi national Transportemissiounen zrëckgaange sinn. An dat huet näischt mat der Wirtschaftskris ze dinn, dat ass kee konjunkturell Element, dat ass eenzeg an eleng e strukturell Element, dat dozou bäidréit.

Dat ass de wesentlechen Erfolleg vun den Zuele vun 2008, dass mer fir d'éischte Kéier, an dofir stinn ech och dozou, wann ech gesot hunn, dat ass en éischte Gewënn vu Kredibilitéit vun deem Land, dass mer net, wéi an der Phas vun den 90er Joren, eng Reduktioun vun den Emissiounen haten, well d'Stollindustrie ëmgewandelt huet op den Tout-électrique, an dass mer elo eng Reduktioun hätten eleng duerch d'Erofgoe vum Tanktourismus, deen nëmme 1,2% zrëckgaangen ass, mä dass mer eng national geschafene, eng mat de politeschen Efforté vun der Regierung an den Efforté vun de Leit dobausse geschafene Trendwend hunn.

An déi Trendwend huet sech net an absolute Chifferen ze maachen, mä si huet sech a strukturelle Chifferen ze maachen. Wann ech lech soen, dass am Joer 2005 fir e Kilometer, deen hei vun engem Auto zu Lëtzebuerg gefuer ginn ass, 168 Gramm Emissiounen produzéiert gi sinn, sinn der am Joer 2009 an deenen éischten zwee Méint 155,61 gefuer ginn. Dat ass kee konjunkturell Element, dat ass e strukturell Element.

A wann ech lech soen, dass am Joer 2005 déi Autoen, déi manner wéi 120 Gramm de gefuerene Kilometer produzéieren, an d'Potential an d'Segment louche bei 9,2% vum gesamte Fuerpark, da sinn et der elo am Joer 2009 an deenen éischten zwee Méint 21,9%. Dat ass keng Fro vun absolute Chifferen, dat ass eng Fro vu struktureller Verännerung, wesentlecher struktureller Verännerung an den Emissiounen, déi am individuellen Transportberäich dobausse gemaach ginn.

Dofir sinn déi Zuele vun 2008 am Wesentlechen an der Reduktioun ze kommentéieren, dass een éischters seet, et ass weiderhin e laange Wee ze maache bis op - 28%; dat soen ech bei all Pressekonferenz a bei all Ried, déi ech ze halen hunn. Et ass zweetens evident, dass bei deene 5,5% Reduktioun an dem Industrieberäich zum Schluss vum Joer an deene leschten zwee, dräi Méint en Element do ass. Mä och dat ass gëschter esou festgestallt ginn.

An dann ass et drëtzens, an ech mengen, dat ass dat, wou mer positiv ze bemierken hunn, e strukturell Element, well déi éischte Kéier wesentleche Zuele sech amgaange sinn ze veränneren. Well net nëmme um Niveau vun deenen Autoen, déi mer schadstoffaarm Autoen nennen, ginn déi also vun 9% op 22% an d'Luucht. Wann dat net eng strukturell Verännerung ass, da froen ech mech, wat eng strukturell Verännerung ass.

Mä ëmgedrëint ginn och déi Autoen, déi zum Beispill iwwer 200 Gramm ginn an esou virun - ech soen dat elo aus dem Kapp eraus - vun ëm déi 20% op 12% erof. Dat heescht, mir hunn zwou Entwécklungen, eng Entwécklung bei deene schadstoffaarmen, an och bei deenen, déi méi Schadstoff produzéieren, déi an déi richteg Richtung ginn.

An ech mengen dach awer mat enger gewëssener Bescheidenheet kënnen ze soen, dass déi Moosnamen, déi mer an deene leschte Jore geholl hu bei der Ëmsetzung vun der ökologescher orientierter Auto-steier, eppes, wat jo an alle Länner gefuerdert gëtt, och vun deene Grénge gefuerdert gëtt, an och an eenzelne Länner ëmgesat ginn ass, dass mer bei der Aféierung vum Kyoto-Cent, wou mer déi éischte Kéier de Verursaacherprinzip op de Bennis geluecht hunn an déi Suen dem Klimaschutz-Fong zougefouert hunn, an dass mer drëtzens duerch awer eng generéis Subventiounspolitik, souwuel bei den Autoen direkt bei der CAR-e-Prime an och bei der CAR-e-Plus-Prime an esou virun, alles gemaach hunn, fir op dat do strukturell Element ze kommen.

An et däreft een awer dann zum Schluss vun enger Legislaturperiod dach awer wuel och feststellen, dass eng Politik réusséiert huet. A wann déi Zuelen, déi ech hei soen, net weisen, dass déi Politik réusséiert huet, da muss ech soen, da verstinn ech d'Welt net méi.

Dass et weiderhi fir Lëtzebuerg um Niveau vun eise generellen Emissiounen virun allem eng Fro ass vun deem sougenanntenen Tanktourismus, vum Spritexport, dat wësse mer.

Mä wat hu mer um Ufank vun dëser Legislaturperiod gesot? Mir hu gesot, et geet eis an dëser Legislaturperiod emol dorëm, fir déi Entwécklung do, déi während Joren eng

Augmentatioun kann huet vun zweestellen Zuelen an esou virun, fir déi emol ofzebremsen. A wann ech d'Zuele kucke vun der Entwécklung vum Sprittourismus, da kann ech nëmme feststellen, dass mer dat fäerdeg bruecht hunn duerch eng Rei vun Entwécklungen, duerch konjunkturell Entwécklungen, duerch strukturell Entwécklung fäerdeg bruecht hunn, dass sech dat effektiv och gemaach huet.

An dann, ech mengen, dass, wann ech um Niveau vun den Zuelen déi Arguementer nach eng Kéier gesot hunn, déi ech gëscht widderholl hunn, da mengen ech, dass een als Ëmweltminister wuel d'äerf déi Zuelen dohinnerleeën. Ech hunn am Ufank, wou d'Zuelen an d'Luucht gaange sinn, d'Emissionen an d'Luucht gaange sinn, vun deeneselwechte keen Applaus kritt. Ech mengen, et hat een dann och kee verdéngt, wa se an d'Luucht ginn.

A wa se mam Tanktourismus ze dinn hunn, da muss ech soen, et gëtt och fir deen Ëmweltminister do eng grouss Ohnmacht an der Lëtzebuurger Klimaschutzpolitik, well en zum gréissten Deel ofhängeg war a bleift vun der Fro vum Tanktourismus. An dass an der Fro vum Tanktourismus et net eleng den Ëmweltminister ass, em deen et geet, mä dass et do em eng ganz Regierung geet, dass et em budgetär Recetté geet, déi mer kennen, dat ass gewosst.

Mä wann eng Kéier um Niveau vun den nationalen Emissionen mir et fäerdeg bréngen, fir strukturell Verännerungen ze maachen, dann d'äerf et erlaabt sinn, fir dat no bausen ze soen. An ech mengen och, dass et wesentlech ass, och et positiv ze kommentéieren, fir den Engagement vun de Leit och héichzhalen. Wa mer deenen ëmmer nëmmen entgéintriede mat schlechten Nouvelen, hinne soen, bei allen Efforté ginn d'Emissionen ëmmer weider an d'Luucht, ech mengen, dass iergendwou dann eng Kéier den Engagement och verluer geet vun deem Eenzelnen, fir dorun ze gleewen, dass Lëtzebuerg et fäerdeg bréngt, seng Emissionen generell ze reduzéieren an dass Lëtzebuerg et fäerdeg bréngt, seng national Potenzialer och kënnen ze maachen.

Dass mer um Niveau vun den Haiser zum Beispill - dat lescht Potenzial - eng Reduktioun hu vu - 1,2%, mengt Der, dat géif mech freeën, dass et nëmmen 1,2% sinn?

Ech hätt och léiwer do - 5% stoen, wa mer et fäerdeg bruecht hätten. Ech kommen op eenzel Grënn, firwat dass dat esou ass, zréck, mä och déi - 1,2% si besser wéi alles dat, wat mer an deene leschten zéng Joer erlieft hunn, well et ëmmer e Plus, e Plus, e Plus an e Plus war. Trotzdeem dass d'Demographie an d'Luucht gaangen ass a méi gebaut ginn ass, hu mer am Joer 2008 e Minus dostoan, a mir mussen eis druginn, weider druginn - dat ass mä Plädoyer - Dag fir Dag a Stonn fir Stonn, fir déi Ziler, déi mer eis gesat hu vu - 28%, déi extrem ambitiéis waren, tenant compte vun deem, wat an deene Joren duerno geschitt ass, dat wësse mir haut, mä awer mengen ech, de Versuch maachen, dat och ze errechen.

Wat den zweete Klimapaquet ubelaangt, hunn ech hei ëmmer gesot, dass et fir Lëtzebuerg - an ech mengen, dee Virwurf do, deen hu mer oft diskutéiert - net gutt ass, dozestoen als e Land, wat et just fäerdeg bréngt, iwwert de Wee vun Portmonni Emissionsrechter an d'Welt akafen ze goen, mä dass mer et mussen fäerdeg bréngen, et hei ze maachen. Mir hunn dofir nëmmen dräi Potenzialer: Dat ass d'Industrie, déi hunn e relativ ambitiéis Allocationsplang d'lescht Joer kritt a kräischen haut nach doriwwer; dat ass zweetens um Niveau vum individuellen Transport national, an do si mer op - 5%; an dat ass um Niveau vun den Haiser, do geet et net duer, do mussen mer vill Efforté maachen, fir an déi Richtung weiderzagoen.

Ech wëll dann zweetens an der Fro vun der Beuerteilung vun deem, wat gemaach ginn ass, och dem Kolleg Eugène Berger awer déi eng oder déi aner Bemierkung maachen an aller Rou. Awer trotzdeem, wann ech mir et esou einfach géif maache wéi de Kommenter iwwert d'Resultat vun den Emissionen an deene leschte fënnf Joer, wann ech mir et esou einfach géif maachen, wéi et sech hei gemaach ginn ass, da géif ech lech, Här Berger, an der Chamber an der Öffentlechkeet soen, dass d'Emissionen zu Lëtzebuerg an der Period 1999 bis 2004, an där Period, wou Dir an der Regierung dofir d'Responsabilitéit mam Här Charles Goerens gedroen hutt - lauschtert gutt no, well ech hunn d'Zuel selwer bal net gegleef - , em 41% an där Regierungsperiod an d'Luucht gaange sinn...

(Interruption)

Ëm 41%! An an dëser Legislaturperiod wäerte se em 6% zréckgoen. Dat wär, wann een et vereinfacht géif maachen, de Bilan vun Ärer Klimaschutzpolitik: + 41!

» **M. Eugène Berger (DP)**. - Ech mengen, wann och nach den Här Lux den öffentliche Transport hätt kënnen gratis maachen, da wär seng Bilanz nach vill besser, wann dat och...

» **Plusieurs voix**. - Oh!

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Also, et muss ee schonn déif an d'Klamottekëscht siche goen, fir dat doten Argument ze fannen als Äntwert op + 41% Emissionensteigerung an enger Regierungsperiod, wou Dir d'Responsabilitéit gedroen hutt.

Dat muss ech lech soen, den Här Krecké huet virdrun - Här Berger, lauschtert nach dat heiten no -, den Här Krecké huet virdu gesot - wéi nennt een dat? -, et gëtt d'Politik vun eidele Stull, an dat hei ass d'Politik vum eidele Tirang: Dat war esou bei der Wärmeschutzveruerdung.

Ech sinn am August 2004 Ëmweltminister ginn, an d'Kyoto-Period, déi ass ugaangen den 1. Januar 2005. Am August 2004, wéi ech déi Responsabilitéit iwwerholl hunn an den Tirang am Ministère opgemaach hunn, wou drop stoung «Kyoto», do war weder d'Kyoto-Direktiv ëmgesat - net emol ëmgesat! Dat hu mer hei gemaach ënnert der strenger Fuchtel vum Kommissiounspräsident Negri. Do hu mer et fäerdeg bruecht, fir am Dezember 2004 emol am Schnellverfahren ze kucken, dass mer d'Kyoto-Direktiv iwwerhapt emol géifen ëmsetzen. Zweetens war kee Klimaschutzfond geschaf zu Lëtzebuerg - kee Klimaschutzfond! - a gouf et natierlech och net een Euro, deen op d'Säit geluecht war an engem Fond, fir déi Politik do ze maachen, a véiertens war net eng...

» **M. Eugène Berger (DP)**. - Ech wëll duerno Stellung dozou huelen, well do si Verdréiungen, déi mussen riichtgestallt ginn.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Ech weess jo net, wat Der kéint dozou soen, dass d'Kyoto-Direktiv...

(Interruption)

» **M. Eugène Berger (DP)**. - ...den Dossier vun 93 opgeschafft...

(Interruption)

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Mä... Also, ech stelle just fest, dass d'Kyoto-Direktiv, déi ass hei ëmgesat ginn am Dezember 2004. Do ware mer schonn hannendran...

» **M. Eugène Berger (DP)**. - Wien hat deen éischten Allocationsplang opgestallt?

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - ...an do ware mer schonn hannendran.

» **M. Eugène Berger (DP)**. - Wien hat deen éischten Allocationsplang opgestallt?

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - ...an ech kann lech just soen, de Klimafond am Tirang...

» **M. Eugène Berger (DP)**. - Dee louch am Tirang, Dir hutt en net fonnt.

(Interruption)

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - De Klimaschutzfond, deen existéiert säit dem 1. Januar 2005. Deen éischten Euro ass hei op d'Säit geluecht ginn, nodeem mer 1997 ënnerschriften hu fir - 28%, an de Klimaschutzfond op d'Säit geluecht ginn um Ufank 2005, a mir hunn déi éischt Tonn Emissionsrechter am Joer 2005 akaaft, fir eiser Zilsetzung vu - 28% iwwerhapt gerecht ze ginn. Politik vum eidele Tirang, well dat doten...

(Interruptions diverses)

» **M. le Président**. - Den Här Berger stellt gär eng Fro, Här Minister. Här Berger, da stellt Är Fro.

» **M. Eugène Berger (DP)**. - Här Präsident, mir kënnen elo hei en Débat féieren, wat mir alles virun 99 oder 99 an deem Tirang fonnt hunn, zum Beispill d'Habitat-Direktiv, déi vun 1992 dolouch. Ech kéint dann eng Rei aner Saache soe vun all deenen Dossierer, déi mir hu missen opschaffen. Dat wär eventuell eng Ursach gewiescht, firwat dann déi nei Aarbecht, déi derbäikomm ass, net direkt konnt gemaach ginn.

Mä dat ass och net wouer! Mir hunn direkt schonn 2000 eng éischt Strategie iwwert d'CO₂-Bekämpfung hei zu Lëtzebuerg gemaach. Mir hu Reglementer geholl. 2004 louch den éischten Allocationsplang fäer-

deg am Tirang. Wann den Här Lux en net konnt fannen, dann hätt e sollen éischter den Tirang opmaachen.

(Hilarité)

Dat kann ech net esou stoe loossen. Ech kéint op all eenzelne Punkt agoen, mä dat ass elo net de Sujet hei vum Débat.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Ech hunn hei...

» **M. le Président**. - Dat war keng Fro.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Ech hunn hei nëmmen ee Fakt nom anere genannt, an ech kann lech och soen, dass, wat den Allocationsplang ubelaangt, deen éischte Schweess, deen ech an dem Ministère hat, dat war, fir den Allocationsplang zu Bréissel ze verhandelen.

» Dir wësst selwer, dass dat am September, Oktober an November extrem schwierige Verhandlungen waren, fir iwwerhapt en Allocationsplang duerchzekeréien A wann Der sot, mir hunn...

(Interruption)

A wann Der sot, mir hunn 2000 en éischten Aktiounsplang virgeluecht, da wëll ech lech eng aner Zuel soen. Dir huet lech muer emol Zäit an Dir liest deen Aktiounsplang, deen Der 2000 gemaach hutt, emol nach eng Kéier no. Vun all deene Moosnamen, déi do drastinn, ass eng eenzeg ëmgesat ginn. Eng eenzeg! Ech soen lech och, wat fir eng. An ech soen lech och, wat se de Lëtzebuurger Stat wäert kaschten.

Deen eenzege Succès, deen Dir an där Period hat, dat war d'Förderung vun der Fotovoltaik. Dat ass e Punkt. Här Kox, lauschtert gutt no! Ech soe just dem Lëtzebuurger Land, dass deen eenzege Succès dee war um Niveau vun der Fotovoltaik. Fir dee Succès hu mer 0,3% Stromproduktioun iwwer Fotovoltaik realiséiert. Dat war e positiv Zeechen. Mä ech hunn haut norechne gelooss.

» **M. Eugène Berger (DP)**. - D'Mentalitéiten och. An de Käpp vun de Leit hu mer och eppes verännert. D'Rechnung ass net esou einfach ze maachen.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Ech wëll just soen, dass déi 0,3% Fotovoltaik-Strom am Rumm vun der gesamter nationaler Stromproduktioun de Lëtzebuurger Stat bis d'Joer 2021 - lauschtert gutt no! - insgesamt 240 Milliounen Euro wäert kaschten.

(Interruption)

240 Milliounen Euro fir 0,3% Stromproduktioun iwwer Fotovoltaik!

Ech hunn näischt géint déi 0,3%, mä ech soen lech, dass dat wierklech keng grouss Réussite ass vum Asetze vun öffentliche Gelder, fir derfir ze suergen, dass déi besser investéiert ginn, fir dass mer Klimaschutzziler géife kréien, amplaz vu + 41%, wéi um Enn vun där doter Period.

En zweete Kommentar wëll ech maachen zur Fro vun de Prozeduren. Et ass wierklech um Niveau vum deem, wat haut eigentlech eise Sujet war, nämlech ze kucken: Wéi si mer um Niveau vun der energetescher Haisersanierung weiderkomm?

Ech wëll fir d'éischt fir een, deen net hei ass, soen, dass de Bauteminister Claude Wiseler extrem vill Investitiounen amgang ass ze maachen an amgang ass ëmzesetzen, fir d'energetesch Sanierung vun den öffentliche Gebaier weiderzedreiwen. Ech kann haut kee Chiffer hei soen, dat misst hie kënnen maachen. Mä et si Milliounen aus deem Fond investéiert ginn, fir d'energetesch Sanierung vun eelere Gebaier besser ze maachen.

Am Krisepaquet hu mer souguer och d'Eisebunn derzou kritt, fir bei enger ganzer Rei vu Gebaier, Garen an esou virun d'energetesch Sanierung virzehuelen a weiderzedreiwen, fir dass mer an dësem Joer virun allem och op deem Punkt, wat e richtege Punkt ass, dee gesot gëtt, et fäerdeg bréngen e weiderzedreiwen.

Um Niveau vun der Haisersanierung bei de Leit doheem kann ee mat 77 Demanden, déi gemaach gi si säit 2005 - mir hunn iwwer 300 nei Niddregenergiehaiser, déi realiséiert ginn, well mer dat 2005 fir d'éischte Kéier agefouert hunn; virdu gouf et Subsidé fir Neibauten; dunn hu mer et och gemaach fir bestehend Haiser -, definitiv net zefridde sinn. Dat weist sech och an deem Chiffer vu - 1,2% um Niveau vun der genereller Revisioun an deem Potenzial, dass dat net duergeet.

Elo kann ee laang driwwer diskutéieren, wat dorunner schold ass. Sécherlech sinn ech

och der Meenung, dass een nei Initiativen och an deenen nächste Jore muss huelen, fir ze kucken: Wéi bréngen mer dat fäerdeg?

Et ass sécherlech eng Hemmschwell virun engem gesamten Invest, deen awer nach staark ass. Et ass och eng Hemmschwell do vis-à-vis vun deene Konditiounen, déi domadder verbonne sinn, zum Beispill den Energiecheck, dee muss gemaach ginn. Mä et ass awer normal, dass de Stat - an ech weess, dass mer eis do schwéierdinn an de bürokrateschen Hürden, souwuel am Check wéi herno och - derfir suert, do, wou e Suen investéiert, dass en awer och fir d'éischt den Inventar vum bestehenden Haus mécht, fir herno kënnen ze kucken: Mä si mer dann och zu engem energetesche Resultat komm, wat et verdéngt, dass öffentlech Gelder derfir agesat ginn?

Ech mengen, dass et awer par rapport zum Respekt vun den Deniers publics dat Normalst vun der Welt ass, dass mer dat musse maachen. Dass dat Zäit anhëlt, dass dat och heiansdo schwierig ass an der Ëmsetzung, ass evident.

Ech sinn awer frou, wéi ech gëscht an der Pressekonferenz ënner anerem och gesot hunn, dass ech dat Resultat do net onbedéngt fir gutt fannen - déi 77 kann een net fir gutt befannen -, dass mer déi Responsabel vun der Energieagence haut matdeele gelooss hunn, dass an der Tëschenzäit an deene leschte Wochen 280 Energiechecke gefrot sinn oder amgaange sinn ëmgesat ze gi fir d'Sanéierung vu bestehenden eelere Gebaier.

Dat ass also schonn en éischt Zeechen, wat an déi richteg Richtung geet. Dat dauert jo souwisou eng Zäit, bis mer dat ëmgesat kréien.

Ech soen och - an den Här Berger weess, dass déi Froen do schonn ënner senger Responsabilitéit an och während menger Responsabilitéit net ëmmer einfach sinn -, dass een och am Ausbezuere vun de Subventiounen heiansdo mat der Fauscht op den Dësch muss schloen, fir Saachen an d'Wee ze kréien.

Wann ech de Lucien Thiel gesinn dosetzen, President vun der Krisekommissioun, dee sech vill mat Prozeduren ëmginn huet an deene leschte Wochen, da gëtt et och nach eng ganz Rei vun anere Prozeduren beim Stat, iwwert déi een emol kéint eng Kéier e puer Säite schreiwen - déi hei gehéiere wéi e puer aner och nach derzou -, fir ze kucken, dass mer do géife besser ginn.

Wann ech déi Zuele kucken, déi mer am Moment feststellen hunn, sinn am Regime 2005 bis 2008 7.300 Dossierer traitéiert ginn - 7.300, dat sinn der net weéneg; dat ass och positiv -, déi alleguerten am Rumm vun deenen dote Subventiounsregimer gelaf sinn.

Vun deene 7.300 Dossierer sinn der op den Dag vun haut 5.100 ausbezuelt. 1.050 Dossierer waren net komplett. Do ass also d'Verwaltung amgaangen, fir deenen Dossierer nozagoen, fir se komplett ze kréien. Well et ass net nëmmen eng Fro beim Stat vun der Ëmweltverwaltung an dem Ëmsetzen do, mä et ass och nach e Contrôle financier hannendrun, deen och à la lettre a genau - an dat ass och legitim, well et deem seng Aufgab ass - nokuckt, dass och wierklech all Pièce do ass, dass all Pièce en Original ass, dass déi Nimm mat de Matriculen iwwereneestëmme an esou virun an esou fort. A wann do e Problem ass, gëtt net ausbezuelt, an dann dauert et erëm méi laang.

» **M. le Président**. - Här Minister, wann ech gelift!

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement**. - Ech kommen zum Schluss.

1.000 aner Dossierer si bewosst zréckgehal gi vun der Verwaltung, well mer an deem neie Reglement, wat mer gëscht virgestallt hunn an an der Urgence elo och wäerte schnell ëmsetzen, d'Fristen, déi ausgelaf waren, well d'Leit méi laang gebraucht hu vun hirer Baugenehmung bis zur Realiséierung, verlängeren. Domadder kommen déi 1.000 do elo an dee Genoss, well mer an deem neie Reglement nei Friste kréien, déi dat erlaben.

Um Niveau vum Personal, wëll ech och soen, dass mer awer en entscheidenden

Effort gemaach hunn, well mer Ufank 2008 ongeféier sechs Leit haten, déi op deenen Dossieren do geschafft hunn an der Verwaltung, an dass mer elo am Schnëtt tëschent 14 an 18 Leit op dem Ausbezuere vun deene Subventionen hunn, wat mech optimisteschem mécht, dass mer dat relativ schnell kënnen ëmsetzen.

Mir hunn, Här President - an da kommen ech zum Schluss -, an deem neie Reglement virun allem net nëmmen d'Tauxen erhéicht vun de Subventionen. Mir hunn op där anerer Säit derfir gesuergt, dass ni-went de Personnes privées och d'Personnalités morales derbäikommen, dass also Promoteuren et gesamt fir e Lotissement kënnen maachen, dass d'A.s.b.l.en derbäikommen. Mir hunn eng ganz Rei vu bürokrateschen Hürden erausgeholl.

Ech erwaarde mer awer an ech erhoffe mer, dass mer et fäerdeg bréngen, fir hei net nëmmen eppes ze maachen, fir d'Klimaschutzziler ze erreechen, dass mer och eppes maachen, fir dem Portmonni vun de Leit ze hëllefen, well d'Aidë kënnen bis zu 25.000 Euro goen an der Augmentatioun, déi mer elo decidéiert hunn, mä dass mer virun allem an dëse schwielege konjunkturellen Zäiten och eppes kënnen maache fir d'Aarbechtsplazen dobaussen.

Meng Konklusioun ass: Mir hunn an dëse leschte fënnef Joer an der Klimaschutzpolitik bäi Wäitem net alles falsch gemaach. Mir hunn och munches richteg gemaach. Eenzel Entwécklungen an den Zuele ginn eis Recht op deem Wee do weiderzuegoen. Dofir hu vill Leit dobausse gehollef, fir dat ze maachen. Mä ech si mer als Alleréischten hei am Land bewosst, dass d'Efforten an deenen nächste Joren net därefer reduzéiert ginn, mä am Géigendeel, dass mer op deem ageschrattene Wee do musse weidergoen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Den Här Bausch freet d'Wuert. Wann en d'Zäit an Usproch hält, déi déi gréng Fraktioun Rescht huet, dann huet e 17 Minuten zegutt. Ech wëll awer drop hiweisen, dass mer dann eng Debatt no der Debatt hunn; wat relativ aussergewéinlech ass.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Neen, Här President...

» **M. le Président.** - Also, Dir hutt 17 Minuten. Parole après ministre.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech si frou, dass Der d'Reglement nach eng Kéier nogelies hutt, dass Der erausfonnt hutt...

» **M. le Président.** - Neen. Do steet näischt am Reglement. Esou ass de Gebrauch bis elo am Haus gewiescht.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, et steet näischt do. Et steet just do, en Temps général huet een zegutt. Deen ass esou vill, an dee kann ee besprochen. Dat war iwwregens an deem Haus hei nach ëmmer esou, an ech si frou, dass Der dat festgestallt hutt.

» **M. le Président.** - Dat war nach ni esou.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, wann Der erlaabt,...

» **M. le Président.** - Selbstverständlech.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - ...wëll ech mech awer elo zum Thema wenden, an zwar e bëssen op déi Saachen agoen, déi den Ëmweltminister gesot huet, wou e gemengt huet hei misse feststellen, mir hätten en zu Onrecht an e schlecht Liicht gestallt. Hien huet dunn hei gesot, mir hätten eis baséiert op Presseerklärungen, op Presseartikelen. Schlussendlech géif dat, wat hien an enger Stonn Pressekonferenz géif soen, an de Presseartikele respektiv um Radio oder op der Télee net ëmmer esou erëmgespigelt ginn, wéi dat, wat hie gesot hätt.

Ech ginn elo emol dovun aus, dass de Minister ganz genau noliest, wat seng eege Beamten iwwer hie schreien op der Homepage vun Le Gouvernement respektiv vu sengem eegene Ministère. Ech gi jo net dovun aus, dass e seng Beamten elo hei am Sall an de Réck fällt a mécht wéi wann en net wéisst, wat se iwwer hien a seng Pressekonferenz geschriwwen hätten.

Här President, ech hunn deen Extrait vum Internet, vum Gouvernement, vum Ëmweltministère hei erausgezunn an ech hunn dat alles vérifiéiert, ob de Minister dat dann esou duergestallt huet, wéi en dat elo hei duergestallt huet, wat e gemengt hätt mat deene Reduktioune vu 5,2% vun CO₂-Emissiounen par rapport zu 1990.

Abee, Här President, ech si gär bereet, lech Kopien all heibannen ze maachen an och der Press. Do steet keng Zeil dovunner vun där Duerstellung, déi de Minister hei gemaach huet. Hie seet hei ganz kloer, e gëtt och zitéiert hei op senger eegener Homepage, kann ee jo soen: «Aujourd'hui, dix ans plus tard, force est de constater selon le Ministère de l'Environnement que l'année 2008 marque un tournant avec un net décrochage des émissions de gaz à effet de serre de 5,2% par rapport à l'année 1990.»

An da geet et weider mat enger ganzer Erklärung. Do steet keng Zeil dran, wirklech emol kee Buschtaf dran, Här Minister, dass dat an iergendengem Sënn och eppes kéint ze dinn hu mam Konjunkturabroch vun deene leschte Méint.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Däerf ech lech eng Fro stellen?

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Selbstverständlech dierft Der eng Fro stellen.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech mengen, egal, wat Der elo zitéiert, an dat, wat Der jo elo gesot hutt, dee Saz, deen ass jo richteg. Dee war jo net falsch.



Chambre des Députés

L U X E M B O U R G

Chamber TV

weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biver an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nospelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Jo, deen ass och richteg an eisem Communiqué.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Dee war jo net falsch, deen Der elo gesot hutt. Akzeptéiert Der vu mir, dass gëschter an der Pressekonferenz vu mir gesot ginn ass, dass déi - 5% nach e wäite Wee duerstelle par rapport zu deene - 28%, déi mer ënnerschriwwen hunn 1997?

An erlaabt Der mir, dass ech gëschter op der Pressekonferenz nach esou eng Kéier op Nofro vun engem Journalist gesot hunn, dass natierlech an där Reduktioun vu - 5,5% bei der Industrie och Elementer an deene leschten zwee Méint kënnen dra sinn, déi mam konjunkturellen Abroch ze dinn hunn? An deene leschten zwee Méint, net par rapport zu deenen zéng éischte Méint, wou mer net an enger Wirtschaftskris waren. Dass an deene leschten zwee Méint esou Elementer dra sinn?

Egal, wat dann zitéiert gëtt, mengen ech, hunn ech gëschter op der Pressekonferenz, wéi bei all aneren Aussoen, dat dote gesot, well ech der Meenung sinn, dass déi - 5,2% effektiv en Tournant duerstellen, wa mer et fäerdeg bréngen, eis Effortë weiderzedreien, an dass een dat soll zréckbehalen.

Wann d'Emissionen am Joer 2008 ëm 5% an d'Luucht gaange wären, wat wär dann haut d'Diskussioun gewiescht? Si si Gott sei Dank ëm 5% zréckgaangen. Kënne mer net emol eng Kéier feststellen, dass dat e positiv Resultat ass an et och als dat kommentéieren?

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, kuckt, dat ass jo genau dat, wat de Problem ass. De Minister seet elo, hien hätt op eng Fro vun enger Journalistin gesot, dat kéint eventuell och sinn, dass et eppes mat der Konjunktur ze dinn huet. Mir behaapte ganz kloer, dass de Gros vun deene 5,2%, déi hei reduzéiert gi si par rapport zu 1990, duerch de Konjunkturabroch ze verzechnen ass. Well wann Der Är eege Chifferen och ënnendrénger kuckt - ech kommen awer och nach dorobber kuerz ze schwätzen, op Är 1,6%, déi den Transport routier betreffen -, souguer do ass wärscheinlech och mat Sécherheet nach en Element Konjunktur dran, mä mat Sécherheet och en Element dran, eventuell dann, dat reell mam normalen individuelle Stroosverkéier ze dinn huet.

Mä de Punkt ass deen, wann Dir dat esou duerstellt, wéi Der et hei durgestallt hutt a wéi Der et och gëschter mat Sécherheet op der Pressekonferenz durgestallt hutt, ouni Nuancen, dann ass et relativ kloer, da schreift Dir op Äre Fändel, dass duerch Är Mesuren, déi Dir déi lescht Jore getraff hutt, 5,2% Reduktioun gemaach gi wär.

Or, et ass awer esou, dass mat Sécherheet e ganz gudden Deel hei reng konjunkturell ass, a soubal d'Konjunktur erëm unzitt, well dat jo net eng Reduktioun vun den CO₂-Emissionen un der Source ass, déi erëm eng Kéier wäerte kompenséiert ginn.

Wann een dann natierlech esou Signaler gëtt, da gëtt ee ganz falsch Signaler no baussen. Da gëtt een d'Impressioun no baussen, wéi wa mer eigentlech vill méi wäit komm wären a vill méi erreicht hätten duerch den Effort, dee mer selwer gemaach hunn, wéi et wierklech de Fall ass. An dat ass dat, wat mer contestéieren a wou mer der Meenung sinn, wou Der dernieft leit.

Ech muss och soen, wann ech dann déi 1,6%, wat den Transport ubelaangt, dat hat

ech lech iwwregens och an der Krisekommissioun scho gesot, da fannen ech et relativ abenteuerlech, fir emol einfach esou ze behaupten, dass dat duerch de Fait, dass de Verkaf vun Autoen, déi manner wéi 125 Gramm CO₂ géife verbrauchen, tëschent 2005 an 2009 vun 9% op 21% eropgaange wär, dass dat duerch deen Effekt wär. Well dat ass iwwerhaupt net an der Praxis feststellbar.

Ech soen lech nämlech, et ass duerchweegs méiglech, dass ech mer, wann ech virdrun en Auto hat, deen 150 Gramm CO₂ verbraucht huet a mer duerno ee kafen, deen ënner 120 Gramm CO₂ läit, dass ech mengen da mä Gewëssen am Rengen ze hunn a soen, ma da kann ech méi fueren, an dat ech à la limite souguer méi emettéieren, wéi virdu mat engem Auto vun 150 Gramm.

Duerfir ass et eng relativ abenteuerlech Feststellung, fir einfach de Corollaire ze maachen, ze soen, wa mir elo esou vill Autoe verkaaft hunn, déi ënner 120 Gramm leien, dass dat och automatesch heescht, wann eng Reduktioun kënn am Transport routier, dass dat zréckzeféieren ass dorobber.

» **M. le Président.** - Nach eng Kéier de Minister, Här Bausch.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Selbstverständlech. Wann Der mer d'Zäit erëm ofzielt, sinn ech gär bereet, dem Minister nach Zäit ze loossen.

(Hilarité)

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Et gëtt bal keen, mat deem ech léiwer diskutéieren a streiden, wéi mam Bausche Fränz. Ech wëll just soen, Dir sot - 1,6%.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Mä dat steet an Ärem Text.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Neen, ech wëll lech just soen, dass Der déi falsch Zuel kommentéiert. - 1,6% ass de Réckgang beim Export vun Spirit. Den internen, nationalen, de résidenten Transport-Spirit an esou virun ass zréckgang ëm 4,9%, an ech hunn lech virdu gesot, dass pro gefuerene Kilometer och d'Zuel vun de Gramm vun 100 iwwer 66 zréckgaangen ass op 155, an dass den Undeel - dann haalt dat dach emol eng Kéier fest! - vun deenen Autoen ënner 120 Gramm vun 9% op 22%...

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Jo, dat hunn ech jo elo zitéiert.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - ...an deene leschten... An d'Reduktioun ass net 1,6%, mä si ass 4,9%, an ech denke schon, dass en Element dran ass, dee grâce vun deene Moosnamen, déi mer geholl hunn, och dozou gefouert huet, dass mer dat do gemaach hunn.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Also nach eng Kéier, och bei deene 4,9%, et ass net moosbar. Dir kënn dat net einfach esou feststellen a soen, dass Der op Basis eleng vun de méi verkaaftenen Autoen, déi manner wéi 120 Gramm CO₂ verbrauchen, automatesch kënn feststellen, dass dat, wann ech eng Reduktioun kréie vun CO₂-Verbrauch am Stroosverkéier, dorop zréckzeféieren ass.

Ech muss och soen, ech sinn iwwerrascht, well et géifen aner Argumenter ginn, déi dat vill besser géifen erklären, an déi ech och fannen, déi lech besser géifen zu Gesiicht stoen. Dir wësst jo och, dass den öffentle-

chen Transport staark zougeholl huet an deene leschte Joren.

Ech ka mer duerchweegs éischer erklären, well dat ass méi eng plausibel Erklärung, wann ech jo esou vill Prozent méi am Zuch an am Bus setzen hunn zum Beispill, do ass et jo evident, do huet een e Changement de mode de transport gemaach, ewech vu sengem Auto an den Zuch respektiv de Bus. Do kann ech ganz sécher feststellen, dass den CO₂-Verbrauch duerch de Fait, dass méi Zuch a méi Bus gefuer gëtt, erfogsat gëtt.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech hu mech net getraut, och nach dat doten ze soen, well dann hätt Der gesot, ech géif mech och nach als Transportminister wëllen an de Mëttelpunkt stelle fir déi gutt Politik, déi mer an deene leschte fënnf Joer an der Attraktivitéit vun öffentlechen Transport gemaach hunn. Merci fir dat Kompliment!

(Interruptions diverses)

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, éischters am Contraire ze deem, wat de Minister am Ufank gesot huet, si mir net der Meenung, dass d'Welt schwaarz-wäiss ass, an dass och weder hien nach den Här Krecké nach soss iergendeen alles schlecht mécht, a just mir géifen alles gutt maachen.

Dat ass net eis Meenung, war nach ni eis Meenung, mä et muss een awer bei den Tatsaache bleiwen.

(Interruptions)

Fait ass nach ëmmer, dass Der dat durgestallt hutt, déi gesamt Reduktioun un CO₂, op eng Aart a Weis, wou Der dee konjunkturellen Aspekt komplett erauslooss hutt, fir natierlech no bausse wëllen ze vermëttelen, dass duerch Är vill Mesuren, déi Dir getraff hätt, den CO₂ erfogsat ginn ass.

An elo muss ech lech eent soen, an dat ass de spréngende Punkt: Eis ass eigentlech zimlech egal, ob Dir wëllt domadder lech profiléieren oder net profiléieren. Wat eis interesséiert, dat ass, dass mer keng falsch Signaler un d'Leit dobausse ginn an dass mer de Leit net ze verstoe ginn, well dat wär immens geféierlech...

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Dorobber passen ech elo fënnf Joer op!

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech si jo gär bereet, op dem Här Minister seng Froen ze äntwerten, mä e soll elo emol e bëssen e Glas Waasser drénken an...

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Jo, ech hunn der schon e puer gedronk.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Duerno kann e mer selbstverständlech nach zéng Fro stellen,...

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Neen, neen.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - ...ech beäntworte se em gär alleguer.

Ech sinn der Meenung, wéi gesot, dass no bausse gesinn et wichteg ass, dass mer keng falsch Signaler setzen an dass mer net duerch de Fait, dass mer eis wëllen an e gutt Liicht stellen, e falscht Signal ginn an dann d'Leit ierféieren. Dat wär geféierlech, virun allem fir déi Zäit, déi duerno kënn.

Well mir wëssen alleguerten, dass mer an deenen nächste Joren an där doter Problematik ganz vill wäerte misse mat de Leit diskutéieren. Mir wäerte ganz vill vun de Leit missen ofverlaangen, well déi Kris, déi Energie- a Klimakris, déi ass mindestens esou schlëmm, wann net méi schlëmm wéi dat, wat mer am Moment amgaenge sinn ze liewen an der Wirtschaftskris. Duerfir ass et falsch, Signaler ze ginn, déi einfach net der Realitéit entsprechen.

Ech muss lech och soen, ech gi gär zou, dass Der natierlech en vue vun der... Dir sidd jo um Schluss vun der Legislaturperiod. Ob Der nach eng Kéier douewe sätzt, dat decidéieren d'Leit de 7. Juni. Wéi mir alleguerten heibannen, ech mengen, dass steet op engem anere Blat. Mä et ass awer logesch, ob Der nach wëllt do setzen oder net méi wëllt do setzen, et ass normal, wann ee fënnf Joer geschaff huet, dass een e Bilan wëllt zéien. Ech hunn och guer kee Problem domadder, dass Der natierlech déi Saache wëllt eraussträchen, déi Der wierklech gemaach hutt.

Mä wat mir gären hätten, dat ass net, dass Der Saachen eraussträcht, déi Der net gemaach hutt respektiv dass Der Saachen, Zuelen esou duerstellt, dass se wierklech am

Kontext net stëmmen. A wéi gesot nach eng Kéier, de Fait, dass Der et an Ärem eegene Communiqué esou durgestallt hutt, wéi mir et och eigentlech kommentéiert hunn, haut op der Tribün natierlech, well Der e bësschen nervös gi sidd en vue vun der Diskussioun, déi öffentlech doduerch entstanen ass, eng ganz aner Duerstellung ginn hutt, dat seet am Fong alles aus iwwert dat, wat Der wollt maachen.

Ech muss lech just soen, mir hu jo och - dat ass jo och keng Iwwerraschung - eng ähnlech Diskussioun bei eisen däitschen Nopere. Do leeft se zwar e bëssen anescht wéi bei eis, mä vun der Problematik hier ass et dat nämlech. Ech hunn elo haut nach en Artikel erausgeholl bei Spiegel.de, dee kommentéiert déi formidabel Aktioun, déi elo an Däitschland gemaach gëtt, fir déi berühmten Abwrackprämie dann awer ze verlängere bis an de September. Ech weess, dass déi Abwrackprämie an Däitschland eppes anescht ass wéi déi, déi mir hei ginn, well natierlech mir mindestens e Seuil gesat hunn. Dat heescht, dass ee sech vun deene Suen net e Porsche Cayenne kaafen.

Mä nach bleibt awer, an dat wësst Der och, dass déi Mesuren do all, wat hir Effizienz ubelaangt an der Praxis, ausser dass mer kuerzfristeg an der Konjunktur natierlech zu Lëtzebuerg Garagiste gehollef hunn, dass se hir Autoe gutt lass gi sinn, effektiv extrem contestéiert sinn, wat den Umweltpolitischen Aspekt ubelaangt. Eigentlech verlaange mir duerfir méi, dass Der lech sollt konzentrieren op dat, op wat ee sech misst konzentrieren, nämlech fir Verkéier ze éviéieren. Duerfir soll een och dat an de Vierdergrond stellen.

Et si vill Leit, déi effektiv do Effortë gemaach hunn, an effektiv soen ech deenen och alleguerte Merci, déi déi gemaach hunn. Mä ech soen net blauäugeg alle méigleche Leit Merci, déi elo vun enger Prime profitéiert hunn, déi se kritt hunn, fir sech en neien Auto ze kafen, wou mer jo alleguerte wëssen, dass awer - an dat wësst Dir jo selwer am beschten - déi grousszüeg Primen, déi elo agefouert gi sinn, och ze dinn hu mam chaoteschen Aféiere vun Ärer Autosteier virun e puer Joer, wou Der relativ an d'Labrante gerode waart a wou Der lech gesot hutt: Ech muss eppes maache bis de 7. Juni, fir mech zréckzefafen dobaussen. Dat ass jo och e bëssen den Hannergrond, firwat déi Diskussioun haut elo esou leeft, wéi se leeft, an net, wéi se soll lafen.

Am „Spiegel“ gëtt als Konklusioun gezu par rapport zu der Situatioun an Däitschland, mä déi kann een och op Lëtzebuerg an deem heite Kontext bezéien, wou da geschwat gëtt, dass d'Regierung géif hoffen, dass déi Blo, déi Neuwagenblase, déi do opgepompelt gëtt, eréischt am September géif platzen, nämlech no de Bundestagswahlen.

Ech mengen, et muss een awer soen, et gëtt een d'Gefill net lass, wann een déi Duerstellungen do kuckt, wéi se gemaach gi sinn an deene leschten Deeg, dass dat och ganz staark hei matgespillt huet an Ärem Élan, wéi Der déi Zuelen no baussen durgestallt hutt.

Dat ännert näischt dorun, dass mir selbstverständlech och frou sinn doruwwer, dass d'Leit Autoe kafen, déi manner CO₂ ausstoussen, dass ass jiddwerengem säi Wunsch. Mä et dierf een net dobaussen d'Gefill vermëttelen, wéi dass mer doduerjer géifen de Klima retten. De Klima rette mer doduerjer, andeem mer viles iwwerdenken, ënner anerem d'Mobilitéit generell iwwerdenken, andeem mer no bausse Signaler senden, hauptsächlech vun der Politik aus, déi éierlech sinn an de Leit éierlech soen, dass an Zukunft an der Mobilitéit een en anert Verhale muss un den Dag leeën. Dat bedeit un alleréischer Stell och, manner mam Auto ze fueren zum Beispill - net, dass kee méi en Auto soll hunn.

Déi Signaler soll ee ginn, och souguer, wann de 7. Juni Wahle sinn, an och souguer dann, wann de Minister Loscht huet, fir säi Bilan ze zéien a selbstverständlech och do d'Recht soll hunn, déi Mesuren, déi hie geholl huet, erauszestrichen, déi positiv sinn. Mä e soll se esou duerstellen, dass se Kapp a Fouss hunn an dass se d'Leit net dobaussen ierféieren.

Méi a manner wollte mir net. Wann Der dat maacht, kritt Der eise Luef; maacht Der dat net, da kritt Der mat eis Sträit.

Merci.

» **Une voix.** - Kritt Der eng Lektoun, Här Minister?

(*Interruption*)

» **M. le Président.** - Merci, Här Bausch. Ech hunn elo zweemol Parole après ministre. Den Här Berger an den Här Kox hu Parole après ministre gefrot.

» **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ech wollt och nach kuerz reagieren op dat, wat vir drun den Ëmweltminister gesot huet.

Mir wëssen, datt mer wierklech e gudden Ëmweltminister hunn, vläicht dee beschten, deen d'Land jee hat, deen alles déi lescht fënnef Joer ugepaakt huet. En huet sech och ganz vill beschäftegt vir drun a sengem Discours mat deem, wat alles 1999 oder vill-méi 2004 net am Tirang louch. Ech wëll do awer dann e puer Saachen trotzdem richtegstellen hei op der Tribün.

Effektiv, 1997 ass déi deemoleg Regierung en Engagement agaangen, fir d'Reduktiounen op - 28% par rapport zu 1990 erofzefieren. Ech muss soen, 1999, wéi ech zesumme mam Charles Goerens an dee Ministère komm sinn, louch dee Moment och näischt am Tirang dozou a mir hunn du bei null ugefaang.

(*Interruption*)

Well Dir dat vir drun esou duergestallt hutt. Ech expliziere mech dann elo.

Mir hunn also do bei null ugefaang a mir hunn dunn eng éischt Strategie opgestallt. Mir hunn déi éischt Debatte gefouert. Sécherlech war dat eng éischt Strategie. Mä wann een haut kuckt, all déi Elementer, déi an där Strategie do drastoungen, dat sinn am Fong alles Saachen, déi haut awer lues a lues amgaange si sech ze realisieren. Mir hunn déi richteg Weeër opgewisen. Et brauch natierlech seng Zäit, fir dat ëmzesetzen.

Mir hunn awer och schonn deemools e Reglement geholl, ufanks 2000 hu mer dat ausgeschafft. E Reglement, wou et net nëmmen em d'Fotovoltaik gaangen ass, mä do ass et och em den Hausbau gaang, em d'Ënnerstëtzung vu Passivhaiser, vun Nid-dregenergiehaiser.

Och nach e klengt Wuert awer zur Fotovoltaik, wann dat eisen eenzege Bilan gewiescht soll sinn. Ech muss soen, deemools an där Zäit, an do ware jo och sécherlech Membere vun der LSAP derbäi, ass ganz vill diskutiert ginn, wat dann déi richteg Piste wieren. An deemools hunn d'Experten all gesot, vum Mouvement écologique bis alleguerten d'Organisationen, hei zu Lëtzebuerg misst ee massiv an d'Fotovoltaik goen. Dat war deemools Stand der Dinge. Mir hunn dat gemaach.

Och wann dat - dat ass jo de Problem -, da gëtt gesot, dat bréngt dem Klimaschutz null, well et net an eis national CO₂-Bilanz erage-rechent gëtt. Dach, global gesinn, onofhängeg vun enger lëtzebuergescher CO₂-Rechemodell-Bilanz bréngt eng Fotovoltaikanlag och eppes dem Klimaschutz.

An dann, wann dat esou vill soll kaschten, ech hunn dat scho vir drun gesot, da muss een eben dat a Relatioun setze mat villen anere Saachen, wat déi kaschten. Ech hu vir drun gesot, wa mer haut Milliarden an d'Banke pompelen, wou do d'Sue praktesch an de Bulli gehäit ginn, am Dreck hänken, da fannen ech, dann ass et vill méi sénnvoll, fir d'Leit an eng Richtung ze motivieren, datt se sech fir de Klimaschutz interessieren an datt se dann och doranner investieren.

Deemools, dat ass awer een Effet gewiescht, datt ganz vill Leit iwwerhaupt emol sech bewosst gi sinn, datt et eng Problematik ginn ass an datt een do kann dran investieren.

Mir hunn also an deem Reglement deemools eng ganz Rei Saachen drageschriwwen, déi net nëmme Fotovoltaik waren, an dat Reglement hutt Der och 2004 virfonnt. Mir hunn awer net nëmmen dat Reglement geholl. Mir hunn och nach eng Rei aner

Saache gemaach. Mir hunn Energieberodung um Gemengeplang ënnerstëtzt. Ech hat vir drun dat Beispill geholl aus dem Réidener Kanton. Och dat louch nach fäerdeg am Tirang, an et waren am Tirang Propositionen fir dat auszeweiten op aner Gemengen am Land; et ass ni eppes duerno geschitt.

Mir haten am Ëmweltfong - den Ëmweltminister brauch elo net méi nozerechnen - all Joer Milliounen vun Euro, wou mer de Gemenge gehollef hunn, fir konkret Projeten ëmzesetzen. Ech kéint do x Schoulen nennen, déi doduerjer vum Ëmweltfong bezuelt gi sinn. Ech kéint och nach eng Kéier dee Projet rappeléiere vu Pétscht. Ech kann also dat net einfach esou stoe loossen, wéi wann do null am Tirang gewiescht wier, wéi wann een do bei null ugefaang hätt.

Et ass kloer, datt een natierlech ëmmer kann zréck wulle goen a soen: Wat ass deemools geschitt? Wat ass viru 15, viru 20, viru 30 Joer geschitt? Dat sinn al Kamellen. Mir haten haut hei eng Debatt fir de Bilan ze maache vun dëser Regierung iwwert déi lescht fënnef Joer. Dat war den Objet haut, an de Fait ass, datt mer awer haut, fënnef Joer méi spéit, keen immense Succès hu bei der Albausanéierung, an datt do wierklech Problemer sinn, datt mer dat mussen upaken. An da geet et net duer, datt ee mat Zuele spillt.

Dir hutt vir drun gesot, mir hunn awer elo - mir hate vu 77 Demanden d'lescht Joer geschwat - 200 Demanden vun Energiechecken.

» **Une voix.** - 280.

» **M. Eugène Berger (DP).** - 280 fir Energiechecken. Dat heescht nach guer näischt. Dat heescht, dat si Leit, déi maachen elo dann en Check. Dat heescht nach guer net, datt se herno konkret eppes wäerten an hirem Haus maachen. Sou kann een da mat den Zuele spillen a Saachen duerstellen, déi awer net realiséiert ginn. Mir hunn dofir nach net 280 oder 290 oder 300 Demanden, fir elo konkret Assainsementer ze maachen.

Ech hätt léiwer gehat, mir hätten haut driwwer diskutiert, wéi mer nei Weeër sichen, fir an Zukunft dat kënne besser ze maachen, wéi just bëlle Polemik iwwer Saachen aus dem leschte Jorhonnert.

Merci.

» **M. le Président.** - Den Här Kox huet d'Wuert.

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Ech hunn u sech nëmme fir zwou Minutten. Ech wëll den Artikel 42 du fait personnel évoquieren. No all deenen Erklärungen vu mengem Fraktiounskolleeg François Bausch an no den Explicatiounen vum Här Minister, wollt ech de Minister bidden, dat, wat e vir drun gesot huet vis-à-vis vu menger Persoun, vläicht zréckzehuelen, nämlech de Ligener. Ech hätt sécherlech net an där Form de Communiqué oder meng Ried esou gehalten, wann dat esou gëschter och eriwwerkomm wär. Duerfir meng Fro un lech, ob Der dat zréckhuelt.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Brouhaha*)

» **Une voix.** - Ech weess net: A wéi engem Film si mer hei?

» **M. le Président.** - Ech hunn...

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Hunn ech Ligener gesot?

» **M. le Président.** - Neen, d'Diskussion...

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wëll just soen, mir hunn e Reglement, an dat Reglement - et deet mer leed - gesäit vir, dass mer eng Interpellatioun hunn an dass bei där Interpellatioun de Member vun der Regierung als Leschte schwätzt, an dann ass d'Interpellatioun...

» **Plusieurs voix.** - Neen!

(*Interruptions diverses*)

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Dach, dat steet...

(*Interruptions diverses*)

Neen, Här Bausch, hei steet am Artikel 80 ganz kloer iwwert d'Interpellatiounen, dass de Minister als Leschte schwätzt an dann ass d'Sitzung eriwwer. Et deet mer leed!

» **M. le Président.** - Jo, ech soen lech...

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Also, mir kënnen natierlech esou virumaachen, ech hunn awer kee Problem, ech sinn esou laang hei

wéi Der wëllt.

» **M. le Président.** - Et deet mer leed, ech war befaasst mat der Riedezäit vun deene Gréngen, déi hir Riedezäit net genotzt hunn. Dat war dat Éischt. Déi ass du genotzt ginn. Dat Zweet war, ech hunn zweemol Parole après ministre gefrot kritt, an dat ass...

(*Interruption*)

...net limitéiert op...

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ganz richtig!

» **M. le Président.** - ...iergendeng Prozedur oder op iergendeng Debatt. Dat hunn ech net gesinn.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Da fuere mer esou virun! Jo.

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech sinn erstaunt, datt den Här Fayot d'Parlament wëllt beschneiden a senge Rechter.

(*Interruptions diverses*)

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här Bausch, dat, wat den Här Minister gesot huet, huet lech schwéier um Mo geleeën, dass Der nach eng Véierelstonn hutt missen doriwwer schwätzen, nodeem dass Äre Kolleg dann...

(*Brouhaha et coups de cloche de la Présidence*)

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Ech sinn erstaunt, datt Dir den Débat an deem Parlament wëllt beschneiden. Doriwwer sinn ech erstaunt.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Ech hunn lech ganz opmierksam nogelauschert, Här Bausch, an ech hu fonnt, dass Der ganz laang Zäit gebraucht hutt, fir Äre Punkt ze maachen.

» **M. le Président.** - Här Ëmweltminister, wann ech gelift! Wann ech gelift!

» **M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** -

Ech hunn dat awer net esou emfonnt, Här Fayot. Ech hunn do ganz aner Impressiounen wéi Dir.

» **M. Lucien Lux, Ministre de l'Environnement.** - Ech mengen, fir dass mer elo net nach Zäit verléieren, fir ze diskutieren, ob mer nach sollen diskutieren, wéilt ech soen, dass den Toun, nodeem ech geschwat hunn a meng Erklärungen ofginn hunn iwwert déi Zuelen, den Toun vum Här Bausch och schonn en anere war a vill méi differenziert dat kommentiert huet, wéi an deem Communiqué vun de Mëtteg an och an deene Rieden, déi vum Här Braz an och vum Här Kox gehale gi sinn.

Ech mengen awer, dass déi zwee hir Riede gehalen hunn op der Basis vun eleng Zeitungartikelen an dass dat net dat erëmgëtt, differenziert erëmgëtt, wat ech während enger Stonn gëschter kommentiert hunn zu deenen Zuelen.

A sollt ech dem Här Kox, deen ech schätzen, iergendwéi eppes ënnerschoben hunn, wou e mengt, dass dat ze wäit gaangen ass an deem wat seng Meenung war, dann huelen ech dat gären zréck. Wann dat e soll heurtiert hunn, huelen ech dat gären zréck,...

(*Interruptions*)

...fir dass mer hei an engem konstruktive Geescht heemginn, well mir wäerten an deenen nächste Joren dee Geescht brauchen, fir déi Politik do op deem do Gebitt gemeinsam weiderzedreien.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci. Domadder hat also e Minister d'Schlusswuert.

» **Plusieurs voix.** - Aha!

» **M. le Président.** - Mir sinn dann och um Schluss vun der Sitzung ukomm. En Donneschdeg kënnt d'Chamber nees um hallwer dräi zesummen.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(*Fin de la séance publique à 21.15 heures*)

Sommaire des séances publiques N^{os} 37 et 38

Communications	page 424
Octroi du titre honorifique de sa fonction à un ancien député	page 424
6016 - Proposition de loi visant - à renforcer le pouvoir budgétaire de la Chambre des Députés - à promouvoir la modernisation de la gestion publique et portant modification de la loi modifiée du 8 juin 1999 a) sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État b) portant modification de la loi du 10 mars 1969 portant institution d'une Inspection générale des Finances c) portant modification de la loi modifiée du 16 août 1966 portant organisation des cadres de la trésorerie de l'État, de la caisse générale de l'État et du service de contrôle de la comptabilité des communes et de certains établissements publics (telle qu'elle a été modifiée)	page 424
Ordre du jour	pages 424-425
Dépôt d'une résolution par M. Charles Goerens	page 245
Question avec débat N°43 de M. Marco Schank au sujet des problèmes de la circulation lors de la période hivernale	pages 425-426
Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de la future stratégie de la compagnie aérienne nationale ainsi que le dépistage d'un partenaire stratégique pour ladite compagnie	pages 426-428
Question urgente N°3242 de M. Xavier Bettel relative aux chèques-services - demandeurs d'asile	page 428
5874 - Projet de loi sur l'assistance, la protection et la sécurité des victimes de la traite des êtres humains et modifiant le Nouveau Code de procédure civile	pages 428-433
5912 - Projet de loi portant création du Centre des Technologies de l'Information de l'État	pages 433-435
5927 - Projet de loi portant création de l'établissement public «Centre Hospitalier du Nord»	pages 435-439
Déclaration de M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire, sur la politique de coopération et d'action humanitaire suivie d'un débat	pages 439-450 pages 450-453
Dépôt d'une proposition de loi	page 450
5938 - Projet de loi portant réglementation des compensations et récupérations en faveur du personnel militaire de carrière pour sa participation aux entraînements et instructions militaires ainsi qu'au service de garde	page 453
Interpellation de M. Eugène Berger au sujet de la politique du Gouvernement en matière d'amélioration des performances énergétiques des bâtiments d'habitation	pages 453-464

Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet	Question N°	Auteur	Objet
2598	Ben Fayot	Escaliers à l'intérieur des casernes Vauban	3238	Claudia Dall'Agnol	Déménagement du Lycée Technique pour Professions de Santé
3054	Patrick Santer	Cheminées à éthanol	3239	Gast Gibéryen	Création d'une piste de motocross dans le sud du pays
3078	Camille Gira	Travaux d'assainissement aux alentours de l'aire de Berchem	3240	Marc Spautz	Statut du travailleur handicapé
3139	Aly Jaerling	Plan d'action Technologies de la Santé	3243	Xavier Bettel	Bommeleer - Enquête de l'IGP
3147	Claude Adam et Henri Kox	Musées régionaux	3244	Colette Flesch	Fermeture de l'usine Villeroy & Boch
3148	Claude Adam	Formation continue des enseignants	3245	Marcel Oberweis	Création de zones horticoles
3164	Marc Spautz	Avenir de la société Cargolux	3246	Aly Jaerling	Aide financière pour permis de conduire pour demandeurs d'emploi
3168	Anne Brasseur	Étude de l'Unesco sur les langues en péril	3247	Marcel Oberweis	Consommation d'alcool chez les jeunes
3171	Aly Jaerling	Musée de l'industrie à Esch/Belval	3248	Gilles Roth	Modalités des concours réglant l'accès à la fonction d'instituteur de l'enseignement fondamental
3177	Marco Schank	Avenir de PME sur les friches industrielles de Wiltz	3250	Claude Meisch	Centre de stockage de déchets radioactifs en France
3184	Gilles Roth	Paiement du crédit d'impôt pour salariés	3253	Aly Jaerling	Tuberculose
3188	Fernand Etgen	Zone d'activité «Fridhaff»	3256	Fernand Etgen	Zone d'activité sur le territoire du canton Vianden
3189	Norbert Hauptert	Nouveau stade national de football	3260	Jean Huss	Efficacité du médicament Tamiflu
3190	Ali Kaes	RN27 entre Michelau et Erpeldange	3262	Roland Schreiner	Guichet d'information et de vente des CFL à Differdange
3192	Aly Jaerling	Étude de l'Unesco sur les langues	3263	Marcel Oberweis	Progression de la tuberculose
3197	Marcel Oberweis et Marc Spautz	Mise en valeur du patrimoine industriel du bassin minier	3265	Claude Meisch	Entreprises de dépannage
3198	Xavier Bettel	Utilisation de l'autopilote sur certains types d'avions lors du décollage ou de l'atterrissage	3268	Françoise Hetto-Gaasch	Parking à l'hôpital St Louis à Ettelbruck
